n°9B/2024








# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 13.12.2024

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°9B / 2024 - Parution: mars 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 05

**7. BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2024 ET BUDGET INITIAL DE L'EXERCICE 2025** 07
Discussion et approbation du budget rectifié de l'exercice 2024 et du budget initial de l'exercice 2025

**8. URBANISME** 67
Approbation du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant deux sites : centre logistique ferroviaire (CFL) et zone d'activités économiques nationale (Wolser H) [DOSSIER 5] et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) – parties écrite et plan de repérage, concernant le centre logistique de l'infrastructure ferroviaire (CFL) [DOSSIER 5] comportant :
1. PAG – décision relative aux parties écrite et graphique
2. PAP QE – décision relative à la partie écrite et au plan de repérage

**9. COMMISSIONS CONSULTATIVES** 67
Approbation des changements au sein de la composition de commissions consultatives

**10. PERSONNEL** 68
10.1. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (maison des jeunes)
10.2. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A2, administratif et suppression d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif (communication et relations presse)

**11. « VIRWËRF VUN ENGER GEWERKSCHAFT ZUR PERSONALPOLITIK VUN DER GEMENG DIDDELENG »** 69
Point porté à l'ordre du jour par la fraction Déi Lénk

**12. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 75

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 14 et 15 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini (à l'exception des points numéros 11 à 15 de l'ordre du jour), Marc Meyer, Yves Steffen ; Mesdames Rosella Spagnuolo, Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Délégations :** Monsieur Claude Martini, conseiller communal, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour les points numéros 11 à 15 de l'ordre du jour. Madame Semiray Ahmedova, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Yves Steffen, conseiller communal, pour les points numéros 14 et 15 de l'ordre du jour.

Le budget rectifié de l'exercice 2024 et le projet de budget de l'exercice 2025 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 6 décembre 2024, la présente réunion est réservée aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2024 et du budget initial de l'exercice 2025.

Comme l'ordre du jour de la séance du 6 décembre 2024 n'a pas pu être évacué, les décisions ont été reportées à l'ordre du jour de la présente séance du conseil communal.

## 7 – BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2024 ET PROJET DE BUDGET DE L'EXERCICE 2025

Au courant des discussions, la fraction politique « Déi Gréng » soumet deux amendements au projet de budget de 2025 :

(1) Démocratie participative – projet citoyens : il est proposé d'augmenter le budget alloué de 100'000,- € à 200'000,-€ pour permettre la réalisation de plus de projets soumis. Après discussion et au vu des explications fournies par le collège des bourgmestre et échevins, notamment le fait qu'un crédit supplémentaire de 10'000,- € permettra de réaliser un projet supplémentaire, le conseil communal marque unanimement son accord pour augmenter le crédit inscrit à l'article 3/141/615241/99004 – Démocratie participative – Projets citoyens de l'exercice budgétaire 2025 à 110'000,- € ;

(2) Subside « Pass Interrail Jeune » pour les jeunes âgés de 18 ans : constatant qu'aucun crédit budgétaire n'est réservé au projet de budget 2025 pour ce subside, il est proposé de réserver un montant de 72'000,- € pour l'attribution de tels subsides. Après discussion et au vu des explications fournies par le collège des bourgmestre et échevins, plus précisément que le montant proposé ne tient pas compte de la proposition reçue de la commission des actions sociales, le conseil communal rejette, avec 10 voix contre et 9, la proposition d'amendement de la fraction « Déi Gréng ». Finalement, après délibération, le conseil communal approuve le budget rectifié de l'exercice 2024 avec 10 voix contre 6 et 3 abstentions et le budget initial de l'exercice 2025 avec 10 voix contre 9 voix.

## 8 – URBANISME

Unanimement, le conseil communal approuve le projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange – parties écrite et graphique, concernant deux sites : centre logistique ferroviaire (CFL) et zone d'activités économiques nationale (Wolser H) et du projet de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE) afférent.

## 9 – COMMISSIONS CONSULTATIVES

Les changements suivants au sein de la composition du Groupe de travail « Promotion centre commercial » sont approuvés avec les voix de tous les conseillers communaux : Monsieur Gledis Kryeziu, délégué FCAD, est nommé membre ; Monsieur Alphonse Wirtz, délégué FCAD, est nommé membre ; Madame Nathalie Meyer-Hottua, déléguée FCAD, quitte le Groupe de travail.

## 10 – PERSONNEL

10.1. Le conseil communal marque unanimement son accord à la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, carrière de l'éducateur diplômé pour la maison des jeunes, sachant que ce poste supplémentaire est proposé et subventionné par le Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ;

10.2. Avec 15 voix et 4 abstentions est décidé de créer un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A2, administratif et de procéder en même temps de supprimer un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif au service Communication et Relations presse.

**11 – POINT PORTÉ À L'ORDRE DU JOUR PAR LA FRACTION « DÉI LÉNK » : « VIRWËRF VUN ENGER GEWERKSCHAFT ZUR PERSONALPOLITIK VUN DER GEMENG DIDDELENG »**

En date du 9 décembre 2024, la Fédération Générale de la Fonction Communale a publié un communiqué de presse sur son site internet au sujet des affaires disciplinaires à l'encontre de deux agents de la Ville de Dudelange. Les conseillers communaux échangent leurs opinions au sujet du communiqué et de l'affaire séance tenante.

**12 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : « Déi Gréng » – difficultés d'accès à une partie des trottoirs, notamment pour les poussettes et les personnes à mobilité réduite (PMR) ; « Déi Gréng » – deuxième édition du Solar Challenge pour inciter communes, citoyens et entreprises à accroître la production d'énergie solaire ; « Déi Gréng » – Subside « Pass Interrail Jeune » pour les jeunes âgés de 18 ans. Il est répondu aux questions par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.



# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 13. DEZEMBER 2024

## 7. BUDGET

**Diskussioun an Approbatioun vum Budget rectifié vum Geschäftsjoer 2024 a vum Budget initial vum Geschäftsjoer 2025**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moen an häerzlech wëllkomm, och d'Vertrieder vun der Press, häerzlech wëllkomm. Den Ordre du jour vun hei haut, respektiv de Plat de résistance vum Gemengerot, dat ass jo dann d'Suite vun den Diskussiounen, respektiv der Presentatioun vum Budget, wou hei elo d'Conseilleren aus dem Gemengerot vun der Majoritéit an der Oppositioun wäerte kënne Stellung zum Budget huelen. Da wäert no där Ronn de Schäfferot och Stellung dozou huelen, éier mer dann op de Vott iwwergi vum Budget rectifié 2024 a vum Budget initial 2025.

A wann deen Deel fäerdeg ass, da fuere mer mam normalen Ordre du jour weider, dee mer de leschte Freideg net ganz konnten evakuéieren, respektiv et ass nach e Punkt jo dobäikomm vun déi Lénk um Ordre du jour, deen dann och nach hei de besteeënden Ordre du jour komplettéiert, soudass mer e gutt gefëllte Freiden hunn. Souwéi et traditiounsgeméiss och hei an den Diskussiounen ass, kann d'Stellungnam zu de Budgete lassgoen. An normalerweis, dat ass och eng Traditioun, ass et déi gréissten Oppositiounspartei, déi dann och ufänkt. An déi huet schonn ausgestreckt, Madamm Kayser, Dir hutt d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Gudde Moien, léif Kolleeginnen a Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Jo, mir schwätzen haut iwwer de Budget 2024 an de Budget 2025. Als alleréischt soe mir dem Pascal Poull an der ganzer Ekipp vum Service Comptabilitéit fir hir Mammutaarbecht villmools Merci. Merci, dass Dir eis nees net nëmmen e Budgetsdokument mat villen Detailer a Kommentare preparéiert hutt, mee och e grousse Merci, dass eis Froen an de Finanzkommissiounssëtzunge vum Här Poull ëmmer zefriddestellend beäntwert ginn. Mee och, dass eeben och dës Interventiounen an de Finanzkommissiounssëtzungen och am Rapport festgehale bleiwen, dat ass net selbstverständlech. Dat ass net an all Rapport vun all Kommissioun esou. An dofir soe mer och en extrae Merci.

D'lescht Joer hat ech meng Interventioun vum Budget ënnert dem Motto gestallt: „Die fetten Jahre sind vorbei", haut kënnt Dir soen, mir sinn nach emol mat engem bloen A dovu komm. Mee roseg gesäit et net aus. Jo, mir sinn 2024 mat engem bloen A dovu komm, duerch eng däitlech Hausse vun der Dotatioun vum Staat, beim Fonds de dotation globale du commerce (FDGC) vun 12,8% a beim Impôt commercial engem Plus vun 13,4% ass de Budget rectifié net grad esou katastrophal ausgefall, wéi d'Opstellung am Budget initial virgesinn hat. Do hat et ausgesinn, wéi wa mer am Ordinaire just e Boni vun 1,02 Milliounen Euro géingen eriwwer kréien. Deen ass awer elo op 15,5 Milliounen Euro geklomm.

A well de Kont 2023 och besser ausgefall ass, wéi mer dat ufanks geduecht hunn, nämlech 10,9 Milliounen Euro amplaz 2,04 Milliounen Euro , hu mer am Rectifié e Boni général am Ordinaire vu 26,5 Milliounen Euro. Mä freeë mer eis net ze vill fréi, well am Extraordinaire ass am Rectifié de Mali awer par rapport zum Initial vun 2,7 Milliounen Euro op 19,2 Milliounen Euro eropgaangen. Dat heescht, dass mer oft hu missen nei Kreditter stëmmen. Dat heescht, dass bei ville Projete mir zolidd hu missen nostëmmen. Derbäi kënnt awer och, dass mer awer och vill Subside vum Staat nach net kritt hunn, entweeder well mer de Projet nach net fäerdeg hunn oder well de Staat hannendran ass mam Bezuelen. Dat ass net gutt an dat bedauere mer.

Mir hunn och ausstoend a schonn ageplangte Projeten no hanne verréckelt, aus wéi engen Ursaachen och ëmmer. Och dat ass net kloer an net gutt. Wéi gesot, dank enger Hausse vun der Dotatioun vum Staat schléisse mer de Budget rectifié 2024 mat engem Boni définitif vu 7,3 Milliounen Euro of. Mee dat ass awer keng Ursaach fir ze jubelen. Mir hunn zwar just dëst Joer en Emprunt an zwee Deeler vu 35 Milliounen Euro opgeholl, amplaz déi ugeduechten 43 Milliounen Euro, mee eis Scholdelaascht ass enorm. Bis 2021 sinn eis Scholden erofgaangen a mir ware bei 12,23 Milliounen Euro ukomm. Stellt Iech dat emol vir: 12,23 Milliounen Euro. Mir hate bis dohinner och all Joer en zolitte Boni consolidé. Déi gëlle Jore ware souzesoen 2018, do hate mer 21,7 Milliounen Euro am Boni consolidé. 2019 nach 31,1 Milliounen Euro, 2020 souguer nach 21,9 Milliounen Euro am Boni consolidé.

An dunn ass et erofgaang: 2021 nach just 12,4 Milliounen Euro an 2022 just 2 Milliounen Euro. Ab 2021 koume mer an eng finanziell Schiflag. 2021 hu mer 4 Milliounen Euro aus de Reserve geholl an 10 Milliounen Euro Scholde gemaach. An esou ass et weidergaangen. 2023 hu mer misste 40 Milliounen Euro Schold maachen. 2024 - wéi gesot - 35 Milliounen Euro Schold.
2025 si 25 Milliounen Euro Schold am Budget ageschriwwen. Dat ass manner wéi mer an de Plan-pluriannuelle virgesinn haten, mee mir sinn awer elo sage und schreibe bei enger Scholdelaascht vun 90 Milliounen Euro ukomm. Rappel: 2021 hate mer 12 Milliounen Euro Schold. Enn 2025 riskéiere mer hei op 110 Milliounen Euro Scholden ze sinn. Dëst Joer musse



mer scho 6 Milliounen Euro Annuitéite bezuelen. Dat heescht, wat mer musse wéinst den Empprunten zeréckbezuelen. D'nächst Joer souguer 8,2 Milliounen Euro. Wat heescht dat, 8,2 Milliounen Euro Annuitéiten? Ma dat heescht, dass mer dës 8,2 Milliounen Euro, déi mer duerch d'Dotatioune vum Staat haaptsächlech kritt hunn, dass déi eis net méi zur Verfügung stinn, fir ze investéieren. Déi feelen eis. Dës Schold begleet eis déi d'nächst 20 Joer. An ech widderhuele mech: Dës Schold bezuelen eis Kanner zeréck, eis Kandskanner. 2044, wann déi verschidde Prêten auslafen, hunn ech 84 Joer, meng Kanner sinn iwwer 50 Joer al a meng Enkelin huet der 22.

Dofir, mir huelen d'Suen, fir ze investéieren - Jo. Mir investéieren an d'Zukunft vun eise Kanner, vun eisen Enkelen - Jo. Mir baue Schoulen, Crèchen, Stroossen, Rückhaltebecken, Sportsinfrastrukturen. Mir schafe Logement, abordabel sozial Wunnengen. En Déierenasyl hu mer och nach an der Planung. An och eis Gemengenateliere kréien en Neibau - Jo. Mir als CSV hu vill Projete matgestëmmt. Mee wéi konnt et dann zu esou enger Schiflag kommen, dass mer vun enger Schold vun 12 Milliounen Euro op eng Schold vun 110 Milliounen Euro 2025 konnten eropgoen? Jo - et gouf Covid. Et gouf den Ukrainkrich. Et gouf eng Logementskris. Eng Energiekris. D'Zënse ginn erop. Alles ass méi deier ginn. D'Material gëtt knapp. Gas a Stroum klammen. Jo - dat ass richteg. Mee eng Deierecht vun 10 bis 20% bei de Baute wär normal. Mee mir mussen hei oft en Devis remanié nostëmme bei verschidde Projete vun 30, 40 an och 50%. Da kann een och net seriö plangen, wann een net weess, wéi héich déi Deierecht wäert ginn.

Ech widderhuelen et all Joer: Kommt mir setzen eis emol alleguer zesummen a kucken elo mol genau, wou déi Projeten, déi mer scho votéiert hunn, wou mer do mat Präis leien, wéi eng Deierecht kënnt op eis zou? Wat musse mer fir eis ugefaange Projeten aplangen?
De Schäfferot wëllt dat awer net maachen. Mir mussen all Joer hei bei der Opzielung vun de Projeten, bei der Virstellung am Plan pluriannuel financier am Fréijoer eng Detektivaarbecht starten, fir erauszefannen, mat wéi enger Hausse eis votéiert Projeten an de PPF ageschriwwe ginn. Dat fanne mer net gutt. Dat ass net kollegial. Dat ass net fair. Dat ass net korrekt.

Dir sot, Dir wëllt net en cours de route hypotheetesch Haussen an de Raum geheien. Jo, mee déi hypotheetesch Haussë gesi mer awer am PPF. Firwat net dann och erklären? Firwat zum Beispill d'Gemengenatelieren - bei der Phas 1 hate mer 25 Milliounen Euro virgesinn an déi hu mer och gestëmmt - firwat leien déi am leschte PPF scho bei 29 Milliounen Euro? D'Mise en conformité vun der Schoul Brill: Mir hate 6,42 Milliounen Euro de Projet votéiert, am PPF stinn awer elo scho 7,85 Milliounen Euro an et ass nach net fäerdeg. Mir wëssen, et ass net einfach, de Budget anzehalen. Mee Är Aufgab als Schäfferot ass et, derfir ze suergen, esou enorm Depassementer opzefänken. Wéi geet dat? Ech soen et och allkéiers, et muss ee méi Rigueur hunn, et muss ee méi Kontroll un den Dag leeën a méi Saachen hannerfroen.

En intelligent ausgeschaffte Bordereau méi akribesch, méi detailléiert auszeschaffen, dat ass dat den éischte Punkt. Da muss een d'Projeten, sief et am Avantprojet sommaire, akribesch kontrolléieren, den Avantprojet detailléiert och kontrolléieren, an dann duerno och Schrëtt fir Schrëtt dru bleiwen. En Tëschebilan froen. Hannerfroen. An der Schäfferotserklärung hutt Der geschriwwen: „Une gestion avisée des dépenses communales nous guidera". Majo, da kommt mer maachen dat och. Ech soen och net nach eng Kéier d'Beispill vum Hall polyvalent, vun den Toiletten, wou mer an engem Remanié fir eng Toilette, déi nach ëmmer genau déi selwecht ass, op eng Kéier vu 47.000 Euro op 137.000 Euro Hausse virgeluecht kritt hunn. Dat war eng Hausse vun 300%. An op eis Nofro, wéi ass dat da méiglech, heescht et, Jo, d'Holz ass alles méi deier ginn, vum Bau u sech, mee d'Toiletten, et sinn nach ëmmer déi selwecht Toiletten. Jo, da seet den Architekt, hie wéisst et och net, de Schäfferot seet och, hie wäisst et och net, a mir wénken dat dann duerch. Dat kann et net sinn. Déi Zäite si eriwwer, wou mer kënne soen, dat ass Peanuts.

An engem anere Punkt an der Schäfferotserklärung steet: „L'envergure et l'impact des frais de fonctionnement sur le budget seront pris en considération dans la planification de tout nouveau projet". Dat gëtt awer hei net gemaach. Obwuel mir als CSV dat och schonn ëmmer erëm gefrot hunn. Vläicht kënnt Dir elo, wou de Strutzbierg Hall sportif mat der Schwämm fäerdeg ass, eis emol soen: Wat kascht eis den Ënnerhalt vun dësem flotte Projet all Joer? U Gas, Waasser, Elektresch, Pellets, Consommatioun vu Waasser an der Piscine, Assainissement, Ekipement? Zum Beispill gesinn ech am Budget, de Posten „Nettoyage, Produits de nettoyage", deen ass fir dëst Joer, wou de Site jo just zwee Méint op ass, mat 20.000 Euro festgesat an 2025 mat deem selwechte Montant. Dat ass jo och net korrekt recherchéiert. Dat ass jo och net korrekt ausgerechent. Dann, do ass och ee Punkt, wou ech och eng Fro derzou hunn, zum „Traitements et Salaires". Do steet, et sinn null Euro agedroen. Beim Centre sportif René Hartmann, do gesäit een awer, dee Posten „Traitements et Salaires", dee steet do dran an do ass och eng gewëssen Hausse. Ass dat, dass kee méi richteg affektéiert ginn ass op de Strutzbierg? Dat war jo och eng Demande, déi mer haten, dass zum Beispill d'Portieren an d'Botzpersonal sollen an enger Ekipp schaffen oder wou kënnt dat hier?

Mir wëssen, de Bau an d'Installation primaire ass eng Saach, mee déi ginn och subventionéiert vum Staat. Mee den Ënnerhalt iwwert déi nächst Joren, dat ass

eng fix Depense, déi mer elo all Joer mussen an de Budget asetzen. An do wär et interessant, och emol ze wëssen, wat denkt Dir do, wat musse mer dann do asetzen? Sécher ass dat net eng ganz kloer Geschicht, well jo awer och d'Evolutioun vun de Präisser vum Gas a vum Waasser ass, well mer dat net wëssen. Mee zum Beispill steet d'Consommatioun do um Strutzbierg, mat 35.000 Euro 2024 am Budget an 2025 just mat 50.000 Euro, just eng kleng Hausse vu 15.000 Euro, woubäi mer jo elo nëmmen zwee Méint um Lafe sinn an d'nächst Joer zwielef Méint um Lafe sinn. Dat kléngt mer net ganz logesch. Sot eis, dem Gemengerot, an awer och den Diddelenger dobausse roueg, wat déi flotte Strutzbierg-Schwämm-Sportshal-Projet kascht. Jo, mir stinn natierlech hannert dësem Projet. Mee wann een de Leit dobausse mol opzielt, wat esou en Invest u Folgekäschten all Joer bedeit, da kann een de Leit och erklären, dass vläicht fir aner Projeten, déi och flott wären, keng Sue méi do sinn.

Zu de Subsiden, déi mer vum Staat kréien, wollte mer och eng Remark maachen. D'Subside vum Staat, déi si gedeckelt. Jo, an oft och net méi der Präisentwécklung vun de leschte Joren ugepasst. Eis Regierung ass awer amgaang, mam Syvicol ze kucken, a mam Ministère de l'Intérieur an engem Aarbechtsgrupp, fir d'Aiden „en capital en matière des équipements collectifs de base notamment pour la construction des écoles fondamentales" unzepassen. Dat ass jo emol eng gutt Initiativ. Hoffe mer, dass déi geplangten Hausse och den haitege Gegebenheete Rechnung droen an esou séier wéi méiglech a Kraaft trieden. En attendant ass awer eisen Appell deen: Wa mer wëssen, dass de Subsid fir e Projet gedeckelt ass bei eisem Projet, ma da kommt, mir probéieren, esou no wéi méiglech un e Gesamtpräis ze kommen, wou 70% Subsid och 70% vum Präis sinn. Dat ass net einfach. Dat si mer eis eens. Awer mir vermëssen en Effort, fir méi an déi Richtung ze goen.

D'CSV ass sech bewosst, dass mir als Gemeng eis Invester mussen tätegen. Och den Interieur appelléiert a senger Circulaire d'Investissementer op engem héijen Niveau ze halen. Jo, d'Gemenge sinn e wichtegen Optraggeber fir eis Wirtschaft. D'Gemenge musse fir hir Bierger suergen. Mee, ech zitéieren nees d'Schäfferotserklärung: „L'endettement sera limité aux projets d'envergure" an „Il convient de répondre aux besoins des générations présentes sans oublier ni hypothequer les perspectives des générations futures".

An en aneren Zitat aus der Schäfferotserklärung: „Une politique du personnel prudente nous guidera". Jo - mir brauche Servicer, déi gutt fonctionéieren, déi e gudde Service fir eise Bierger ubidden. Jo - mir hu festgehal, eng kommunal Maison Relais an eng kommunal Crèche ze féieren. Dat kascht Personal. Mee mir wëssen awer och, all Posten, dee mir schafen, dee schafe mir fir 40 Joer. A momentan ass et esou, dass 55,7% vun eisen Dépenses ordinaires, dat si Personalfraisen. Dat sinn 80,3 Milliounen Euro fir de Budget 2025. 80,3 Milliounen Euro. Duerch d'Participatioun vum Staat, um SEA, un de Musekschoulen, un dem Apprentissage reduzéiert dat sech zwar. Mee, wéi gesot, loosst iech awer mol eng Kéier déi Zomm duerch de Kapp goen.

D'CSV huet schonn e puermol no engem Organigramm gefrot. Ufank 2025 huet mer versprach, dass mer dee virgestallt kréien. Ech denken, et ass dann och nees d'Geleeënheet, fir nach emol op en Neits ze iwwerleeën, ob een net nach méi Synergië kann ënnert de Servicer schafen, eng Optimisatioun an och vläicht eng Erliichterung vun den Aarbechten duerch méi Digitalisatioun kann een och undenken.

Eist Personal ass eist wäertvollt Gut. Et effikass an effizient anzesetzen, dat ass de Rôle vum Patron. Natierlech am Austausch, am Dialog mat den Employéen. Virun e puer Joer huet en Audit eis Pisten opgewisen. Ech si gespaant bei der Diskussioun iwwert den Organigramm ze héieren, ob mer all déi Piste konnten ëmsetzen a vläicht souguer nach verbesseren.

2025. Jo, och dëst Joer kéime mer vum Staat, dem FCDF an dem ICC 98 Milliounen Euro an un Impôts fonciers kommen nach 1,1 Milliounen Euro eran, soudass mer 99 Milliounen Euro zur Verfügung hunn. Derbäi kommen nach Taxen, Loyeren, Subsiden, also hu mer eng global Recette am Ordinaire vun 151,6 Milliounen Euro. Bei den Depensë leie mer bei 147,7 Milliounen Euro. Wéi gesot, och hei 40,5% netto si Personalfraisen. De Boni ordinaire kënne mer aschreiwe mat 7,45 Milliounen Euro.

Am Extraordinaire si manner Invester ageschriwwe wéi déi Jore virdrun, „nëmmen" - ech soen nëmmen ënner Anführungszeechen - 56,8 Milliounen". An dovunner just 8,4 Milliounen Euro fir nei Projeten. Dat fanne mer gutt. Dat heescht, mir musse lo mol kucken, dass mer all déi Projeten, déi mer ugefaangen hunn a reportéiert hunn, emol fäerdeg maachen. An och hei fäerte mer awer trotzdeem, dass mer mat Depassementer musse rechnen. Mee et ass gutt, dass mer net blannemännerches nach 100.000 Projeten ufänken, dass mer eis elo mol besënnen op dat wat mer hunn an och emol vläicht kucken, wéi mer d'Enner zesummekréien. D'Schwämm, d'Sportshal, d'Strutzbierg, do ass den Dekont nach net do. D'Gemengenateliere sinn nach net fäerdeg. Déierenasyl, sozial Logementer, alles ass nach net fäerdeg a gouf deelweis no hanne geluecht. A mir kruten och nach kee Subsid vum Staat bei deene verschiddene Projeten.

An, wéi gesot, eisen Appell nach eng Kéier, léiwe Schäfferot, kontrolléiert akribesch all Rechnung. Ech weess, Dir kënnt d'Wuert net méi héieren. Mee ech soen et awer nach eng Kéier. Haalt d'Käschten am A! Remarkabel ass awer och, wa mer de Budget kucken, en Ëmdenken an der Finanzéierung vum CGDIS. Ech mengen et gesäit een, oder et kënnt mir mol esou vir, dass ee gesäit, dass de Finanzminister wéi och den Interieursminister déi lescht Joren och Buergermeeschter waren. An ech denken, si hunn och do e bësse gekuckt gehat, wou de Schung och dréckt a vläicht och, wou et méiglech ass, de Gemengen e bësse méi Sputt ze ginn an de Finanzen. Eis Diddelenger Dotatioun fir de CGDIS war déi lescht Joren enorm geklommen. 2024 bis op 1,278 Milliounen Euro. Elo gouf awer en anert Finanzéierungsmëttel fir de CGDIS fonnt a mir bezu-

elen 2025 „just" - entre guillemets - 346.200 Euro. Dat ass en Aspuere vun 900.000 Euro. Déi Suen hu mer méi fir aner Projeten ze maachen.

Interessant ass och, an der Circulaire, wann een d'Explikatioune liest, dass entre autres, et sinn dräi Mesuren, déi drëtt ass, dass de Conseil d'Administration CGDIS averstane war, dass „la réintroduction de la garantie de la proportionnalité des contributions par rapport aux recettes des communes". Dat war initialement virgesinn, mee dat huet sech ënnerwee ënnert der leschter Regierung verluer. Mee Gott sei Dank ass awer elo fir eis Gemengefinanzen elo dës Proportionalitéit nees fest verankert. Merci dem CGDIS, Merci dem Här Gloden an dem Här Roth.

D'Zukunft vun Diddeleng. Mat Zefriddenheet hu mer héieren, dass eng Etude Dudelange 2035 „Stratégie de développement des structures éducatives et sportives" ageschriwwen ass. Iwwregens war dat och schonn 2023 mat 100.000 Euro am Budget festgehalen. Mee wéi gesot, elo wäerte mer jo dann Neel mat Käpp maachen a kucken, dass mer do awer dëse Projet och virgestallt kréien. Mir haten dat als CSV schonn déi lescht Joren ëmmer nees gefrot. Mir brauchen eng eng Analys, e Gesamtkonzept, eng Strategie, eng Guideline, wéi mer eis solle weiderentwéckelen, wéi eis Quartiere sech weiderentwéckelen. Wéi eng PAPe ginn ëmmer méi konkreet? Wéi eng si geplangt? Wou ginn d'Kanner an d'Schoul, an d'Maison Relais? Wéi eng Schoul muss prioritär an Ugrëff geholl ginn? Wou muss renovéiert ginn? Wou muss nei gebaut ginn?

Dee leschte Concept global Diddeleng 2025 „Sport et Education", dee krute mer 2019 virgestallt. Nieft der Planung vun de Quartiersschoule gouf och ee Planning vun der Finanzéierung gemaach an och iwwert d'Mobilitéit ass rieds gaang. Interessant ass, dass deemools haaptsächlech Sport a Schoul op de Leescht geholl ginn ass. D'Maison Relaise waren am Fong net prioritär an deem Planning. Do huet sech och vill geännert. Mir wëssen, hautzedaags si 70% vun eise Schoulkanner an der Maison Relais. Wat natierlech e komplett neien, en aneren Challenge ass. Um Strategiepabeier Concept global 2025 si mer awer nach net ganz derduerch. Mir hunn nach net all Punkt ofgehaakt. Well do kann een nach noliesen, dass bei de „Besoins de réinvestissement à court terme" verschidde Projeten dra stinn, déi mer och bis haut nach net ofgehaakt hunn. Zum Beispill d'Kapazitéit vun der Schoul Deich, d'Schoul am Quartier Italien, d'Schoul Balzeng hu mer an Ugrëff geholl. Mee och Butschebuerg an den Deich stoungen och schonn 2019, wéi dee Pabeier elaboréiert gouf, do schonn dran. Och d'Bildungshaus NeiSchmelz stoung deemools schonn am Dokument.

Et ass wichteg, dat awer elo an Ugrëff ze huelen, elo eng Analys ze maachen an dann e Konzept iwwert déi nächst zéng Joer auszeschaffen. Mir als CSV si bereet, en eng Hand mat unzepaken an och eisen Input ze ginn, well mir soen ëmmer: All Invest an eng Schoul ass en Invest an Zukunft an dat ënnerstëtze mer. Da komme mer un déi konkreet Pläng. Jo, d'Schoul Balzeng, déi steet elo dran. Do geet et elo lass mat den Ofrappaarbechten. Mir hunn do nach misse verschidden Aarbechten am Virfeld maachen. A wat eis um Mo läit, dat ass, dass déi Balzenger Schoul eis awer en Totalinvest vu 40 Milliounen Euro bréngt. Dat ass immens vill Geld. En plus war am Ufank eng Schoul vu 40 Milliounen Euro geplangt fir 325 Kanner. De Projet gouf reduzéiert op 216 Kanner. Mee d'Zomm bleift nach déi selwecht. Dat sinn 185.185 Euro pro Stull, pro Kand.

D'Fro ass jo och: Wou ginn dann déi aner 110 Kanner an d'Schoul, déi mer nach an dësem Projet virgesinn haten? Déi musse mer jo och nach iergendwou hi schécken. Well dat ass jo eng Héichrechnung, wéi vill Kanner an nächster Zäit an déi Géigend wunne kommen. Da brauche mer Plaz fir déi. Da musse mer se an d'Schoul Ribeschpont zum Beispill setzen. Dann ass dat och schonn nees e Projet, dee mer mussen op de Leescht huelen, wat mer och elo musse plangen. Eng nei Balzenger Schoul? Jo. Mat enger Maison Relais? Jo. Mee zu deem Präis? D'CSV huet hir Bedenken, ob mer dat kënne stemmen.

Well och wann ugeduecht ass, dass de Ministère seng Subsidepolitik iwwerschafft, denken ech, dass mer awer op engem décke Batz Rechnunge sëtze wäerte bleiwen. Ech erënneren och just drun, dass d'Schoul Lenkeschléi 23 Milliounen Euro kascht huet. Da plënneren déi Kanner vu Balzeng an de Brill. 36 Kanner waren an der Maison Relais. Elo hu mer do eng Hausse op 80 Kanner gemaach. De Container gëtt amenagéiert, wat awer och en Invest ass vun 190.000 Euro, wat sécher ee gudden Invest ass. Mir hunn eis awer gefrot, ob déi Reserv vun Still, déi ugeduecht ass, ass dat, well mer vläicht den Agrement vum Wolkeschdall net sécher an der Täsch hunn oder ass dat just ugeduecht, dass Kanner aus der Schoul Brill dohinner ginn? Eng Fro, wou mer vläicht nach eng Äntwert kënne kréien.

Brill, d'Mise en conformité. Ech hu virdru gesot, et gëtt méi ugeduecht. 7,8 Milliounen Euro hate mer heifir gestëmmt. Mee, ech weess net ob Dir et alleguerte matkritt hutt, sou easy peasy lafen déi Aarbechten, déi Mise en conformité, awer net. Déi Rëss an der Dall, déi muss gestäipt ginn. D'Toilettë sténken nach ëmmer, virun allem um éischte Stack. D'Lavaboen, déi bestallt gouf, dat war näischt. Wa Kanner mat Acrylfaarf molen, dat bleift am Lavabo, dat kann een net ewechmaachen. D'Bänken am Gank, schéi geduecht, awer keng Oflag fir d'Schong. 19 Kanner mussen am fënnefte Schouljoer an e klenge Sall gedruddelt ginn. An de Säll mat enger Schréi knallt déi interaktiv Tafel ëmmer an de Plaffong, do si scho Lächer dran. D'Branddiere mussen zou sinn, laut neie Reglementer. Wa kleng Kanner op d'Toilett ginn, kréien se d'Dier net op an esou weider. Vill Problemer an deem renovéierte Gebai. Dat ass schued.

Haaptsächlech awer de Problem mat de Rëss am Plaffong, dee scho muss gestäipt ginn. Dat werft awer Froen op. Geet dat op d'Fraise vun der Firma? Geet dat op d'Garantie décennale? Ech hoffen et. Ech hoffen, dass de Schäfferot net dann eng Hausse duerchwénkt, déi awer am Fong misst de Corps de métier iwwerhuelen. De Problem vun den Toiletten, wou et nach ëmmer eekleg richt, dee kënnt haaptsächlech vun de Pissoiren, wou e Problem mat enger Klapp ass.

Mir hunn awer elo am Budget e Poste stoen, fir och Urinoiren ze ersetzen an der Butschebuerger Schoul: 50.000 Euro. Woubäi mer eis froen, éischtens emol wéinst der Hygiène, Dir hutt elo héieren, dat ass net esou evident, dass do d'Waasser uerdentlech ofleeft.
An zweetens froe mer eis awer op, ob dat nach zäitgeméiss ass. Mir wëllen op de Wee goe vu genderneutralen Toiletten. Firwat ass net ugeduecht, iwwerall Unisex-Toiletten a keng Urinoiren ze setzen? En plus ass et méi propper, wann och d'Jongen am Sëtze Pippi maachen.
Frou si mer awer och iwwer eng laangjäreg Fuerderung vun der CSV, dass déi warscheinlech awer ëmgesat gëtt. Mir hunn héieren, et gëtt eng Equipe multidisciplinaire an de Maison Relaisen agesat, mat enger Infirmière an engem Pédagogue curatif, wou ech mer awer guer net ka virstellen, wat dat soll sinn. Mee vläicht kréie mer do nach eng Kéier méi detailléiert Explikatiounen. Dass déi zesummeschaffe mat eisem Responsable à l'inclusion ass eng gutt Saach. An, an do war ech natierlech ganz frou, et huet geheescht, mer kréie vläicht e Psychomotoriker och fir d'Maison Relais. Dat wär eng richteg Beräicherung, eng Hëllef fir d'Kanner mat dëse Besoinen an och fir d'Elteren. Awer, mir hunn eis awer och Gedanke gemaach, wéi ass dann duerno d'Zesummenaarbecht mat eisem schoulmedezinesche Service? Hoffentlech ass deen Echange awer garantéiert. Well eise schoulmedezinesche Service, dat ass esou eng Plus-value, dat kënnt Der Iech net virstellen, wann ee kuckt wéi komplizéiert an ongerecht et an anere Gemengen ofleeft. Eis Leit maachen eng gutt a kompetent Aarbecht, eng medezinesch Aarbecht, eng preventiv Aarbecht, awer och eng sozial Aarbecht. Mir hoffen, dass et net zum Ofbau vun der Schoulmedezin kënnt.

Wat feelt awer an der Opzielung, wat awer och schonn an der Schäfferotserklärung stoung? De Pedibus. E richtege Pedibus, dee säin Numm och verdéngt, mat verantwortlecher Begleedung. Net just e Panno opstellen an hoffen, dass et klappt. Aner Gemenge ronderëm eis kréien dat hin. Da kommt, mer informéieren eis, wéi si hir Begleeder rekrutéieren, wéi deenen hire Kontrakt ausgesäit. Mir mussen d'Rad jo net neier fannen, mee kommt, mir maachen hei och mol eng Kéier Neel mer d'Käpp a mir kucken, dass mer och e Pedibus op Diddeleng kréien.

E ganz décke Posten am Budget ass de Memoire d'honoraires fir Consultances diététiques vun de Maison Relaisen. Dee geet enorm an d'Luucht vun 10.800 Euro op 25.000 Euro. Dat huet näischt mat der Restauratioun ze dinn, well déi steet extra do an déi klëmmt och diametral an d'Luucht, mee do hate mer d'Explikatioun kritt, et ass alles méi deier ginn an et si méi Kanner, déi an der Restauratioun deelhuelen. 1,96 Milliounen Euro waren d'déi lescht Joer hu virgesinn, elo klamme mer op 2,26 Milliounen Euro. An trotzdeem, d'Iessen ass fir vill Kanner net flott an der Kantin. Mir Erwuessener, mir hu Virstellungen an och e Wëssen, wéi e Mëttegiesse fir Kanner soll ausgesinn, gestalt ginn an zesummegesat ginn. Mee d'Iesse soll d'Kanner uspriechen. Et soll hinnen e Freed maachen. D'Iesse soll eppes Angeneemmes sinn, eppes Conviviales sinn an dat ass wichteg.

Nieft dem Kannergemengerot, deen och ëmmer monéiert, dass d'Iessen an hiren Aen net kannergerecht ass, ass et och ewell eng nei Initiativ, déi sech gegrënnt huet: „Support à l'initiative des parents d'élèves qui souhaite ouvrir le débat concernant l'offre des cantines, des maisons Relais à Dudelange". Eis Fro ass, ob déi scho Kontakt opgeholl hu mat dem Schäfferot? Wéi gesäit déi Zesummenaarbecht aus? Dat sinn Elteren, déi sech Suerge maachen, dass hir Kanner näischt fannen oder net genuch iessen an der Mëttegstonn, an et wier sécher gutt, do e konstruktiven Input ze kréie vun den Elteren an och e flotten Echange ze hunn.

Crèche. Eng nei Crèche A Bëlleg ass geplangt. Dat ass eng ganz gutt Iddi. Mir stinn nach ëmmer hannert dem Projet vu kommunale Crèchen. Well, wann ech aus menger Erfarung ka schwätzen, déi eenzeg Crèchen hei zu Diddeleng, wou nëmme lëtzebuergesch geschwat gëtt, dat sinn eis kommunal Crèchen an dofir begréisse mer dee Projet absolut. An et ass och en immense Besoin do, d'Leit stinn oft op de Waardelëschten, op de Crèchen. D'Mamme kënnen net schaffen hunn, well se eebe keng Crècheplaz fir hir Kanner hunn. Dat ass ganz wichteg an dat ass och ganz gutt. Deen Invest vun deenen 3 Milliounen Euro ass sécher e gudden Invest. Déi Crèche baue mer am Quartier A Bëlleg, oder bedeelege mer eis am Quartier A Bëlleg, wann do den Ausbau huet, fir do eng Crèche opzeriichten. Et ass awer och vläicht gutt, eng Kéier ze iwwerleeën, wéi et hei ausgesäit zu Diddeleng mam Bedarf u Betribscrèchen. Ech denken do drun, zum Beispill eventuell eng Crèche, och eng kommunal Crèche oder eng Private Partnership Crèche opzeriichten an der Zone industrielle, zum Beispill no beim Staatslabo, bei Helper, beim Aldi, beim Lidl. Och do schaffe Leit, déi Kanner hunn, och do kéint ee vläicht envisagéiere mat de Betriber zesummen ze kucken, ob mer do net zesummen op de Wee géinge goen, fir vläicht eng Betribscrèche dohinner opzeriichten. Ee Punkt ass mer net ganz kloer. Säit 1985 am Budget, do steet Transport des enfants vun de Maisons Relais entre les sites, dat ass en neie Poste vu 35.000 Euro, virdru war deen op Null. Vläicht kënne mer do nach Erklärunge kréien, firwat dat esou ass.

Dann nach e puer eenzel Froen och am Kannergemengerot, de Posten op der Säit 74, do steet, d'Indemnitéit fir d'Encadranten, dee geet enorm an d'Luucht, vu 7.726 Euro op 13.127 Euro. Dat ass bal dat Duebelt. Do ass awer, mengen ech, d'Fro berechtegt, firwat ass dat esou? Ech muss awer och emol eng Kéier eppes Positives soen, eppes wat ech all déi Joren ëmmer nogefrot hunn, dat ass déi Indemnité au secrétaire de la commission scolaire ewechfält. Dat waren 5.899 Euro, déi eise gudden Erni Ferrari ëmmer zegutt hat, an déi sinn awer elo och gestrach ginn. Dat freet eis. Do gesinn Dir, mir kucke wierklech ganz akribesch de Budget an och gutt Saache fanne mer awer och eraus an dat fanne mer och. Dat wëll ech awer och hei emol erwänen, dass dat net einfach duerchgewénkt gëtt, awer och, dass do emol gekuckt gëtt, wat ee kann e bëssen aspueren.

Da kommen ech op d'Musekschoul ze schwätzen. Do ass och eng Fro. 131 Coursë vun deenen 2851 goufen

2023 nom 15. November net méi ersat. D'„Participation communale aux élèves qui abandonnent les cours" hunn ech néierens fonnt. Dofir ass meng Fro, dat war jo dee Posten, wou mer rieds hate mam Direkter vun der Musekschoul, dee mir hu misse bezuelen. Wéi vill mécht dat aus? A wou fanne mer dee Posten erëm?

Beim Personal fält op, dass mer bei den Apprentien, dass mer do eng Hausse hunn, vun 28 op 30 Apprentien, wat mer natierlech begréissen. Do steet och dran eng nouvelle formation SEA. D'Fro ass: Wéi vill Leit maachen déi Formatioun?

Dann, wat mer net erëmfonnt hunn, dat ass d'Indemnitéit vum City Manager. Déi hu mer néierens erëmfonnt.

Eng aner Fro ass de Prix du citoyen d'honneur, 20.000 Euro. D'Fro ass: Brauche mer dat? „Honoraires et consultance externe d'expertise", dat ass e Punkt, deen ech elo schonn hei froen, well dat awer och nach e Punkt ass, och dee mer vläicht de Mëtten nach aginn. „Honoraires et consultance externe d'expertise", do ass de Budget vu 50.000 Euro op 60.000 Euro eropgaangen. D'Fro ass: Wou fanne mer dann déi Consultance erëm, déi mer wéinst där Enquête am Service informatique gemaach hunn? Well d'Consultance fir de Bâtiment, déi ass extra, dat sinn net déi 50.000 oder 60.000 Euro. Dat ass en Extraposten. An ech hunn och nach eng Kéier verglach, well jo deen Audit scho méi laang hier ass, also well dee scho viru e puer Joer gemaach ginn ass, och 2023 steet dee Postel non-horaire et consultance externe nëmme mat 50.000 Euro dran an 2024 mat 60.000 Euro.

Dann hunn ech nach zwou Froen, ech weess net, ob ech se schonn eng Kéier gestallt hunn, mee ech weess guer net méi wat d'Äntwert war. Wat ass eng „Subvention d'intérêts au personnel communal"? 135.000 Euro. Wie kritt dat? Wéi kann een dat ufroen? Wéi ass dat ugeduecht? An déi aner Fro och an deem Kader ass: „Supplément de pension alloués aux ouvriers communaux retraités", dat sinn 383.857 Euro. Wie kritt dat? Fir wien ass dat? Wéi gëtt dat bezuelt? Wien huet do ee Rescht dorobber?

Bon, Dir wësst, mir haten de leschte Freideg rieds iwwer déi „Chaires à dotation", déi mer als Gemeng matfinanzéieren op der Uni Lëtzebuerg. Mir waren absolut net amused, dass mer do 200.000 Euro all Joer asetze mussen. A mir fannen do, dass dat net de Rôle ass vun der Gemeng, fir dës Chaires finanziell ze ënnerstëtzen. Politesch, moralesch selbstverständlech. Awer, och hei huet sech dunn eng Fro ergi vum Centre de documentation. Do steet och just en normale Subsid souwuel am Budget 2024 wéi och 2025 vu 50.000 Euro. Mee ech fannen awer net erëm deen extraordinaire Coup de pouce, dee mer hu musse ginn dëst Joer, fir dass de Centre de documentation awer seng Rechnunge konnt bezuelen. Ech kann net soen, wou steet, vläicht kréie mer do nach eng Explikatioun.

Dann och Saachen, déi mer net ganz kloer waren, de „Loyers et charges bâtiments communaux suivant relevé des baux à long terme" an och „Loyers et charges locaux de commerce suivant relevé des baux à long terme". Dat ass bei der Recette, do wär et vläicht och flott, wa mer do mol erëm eng Kéier de Relevé vun deene „Baux à long terme" kéinte kréien. Dat hate mer mol eng Kéier kritt. Ech mengen, et si vill nei Memberen hei am Gemengerot, déi dat vläicht nach net haten. Vläicht do en Appell, eis dat zoukommen ze loossen.

An dann ass mer awer eng Differenz opgefall. „Loyers et charges, location, promotion du commerce", 125.000 Euro Recette. Da steet drënner sous-location sechs Commercen. Bei den Depensen ënnert deem selwechte Poste gi mer 225.000 Euro aus. Dat heescht, eng Plus vun 100.000 Euro bezilt d'Gemeng. An do steet awer eng Location vu siwe Fonds de commerce, bei der Recette sti sechs Commercen. D'Fro, wat ass elo do richteg? Wou nach weider net vill dra steet, dat ass iwwer NeiSchmelz. Wat eis freet, dat ass awer, dass e Forum citoyen soll 2025 ofgehale ginn. Et sti 5.000 Euro am Budget. Am Initial 2024 stoungen 10.000 Euro dran. Dee Forum gouf net ofgehalen. Dofir waren am Rectifié null Euro. Mee elo si mer frou, dass awer erëm 5.000 Euro dra stinn. Et ass jo och net schrecklech vill virugaangen tëschent 2023 a 2024, mee elo ass de Moment awer komm, fir och d'Bierger nees mat anzebezéien.

Dann eppes, wat iwwerhaapt mat kengem Wuert erwäänt ass, dat ass eist Spidol. D'Südspidol geet 2023 op. Spéitstens, soen se. Si haten esouguer vun 2030 rieds. Ech wär frou, wa mer och haut nach eng Kéier mol géingen e Rapport kréien aus dem CHEM-Verwaltungsrot. Wat gëtt do beschwat? Wat gëtt do decidéiert? Wéi steet et ëm eise Site Diddeleng? Mir maachen eis Suergen. Sot elo net, et gëtt keen neie Moment, well mir maachen eis wierklech Suergen. Well Nidderkuer, déi hu vill nei Projeten u Land gezunn. D'Clinique du dos, ganz nei, e Centre médical du sport. Déi denken an Zukunft, déi plangen an Zukunft. Wéi ass et hei zu Diddeleng? Mir hunn nach eng Poliklinik, déi awer elo an de Schoulvakanzen zou ass. Méindes bis freides ass d'Poliklinik just vu moies aacht bis mëttes véier Auer op. Wat besser wéi näischt ass, wat awer net optimal ass. Eis Gériatrie aiguë, eis Rééducation gériatrique an eis Post-stroke Unit si gutt beluecht,  Jo, mee wéi geet et virun? Mir hunn ëmmer ugeduecht, eventuell e Gesondheetszenter mat där neier ageplangter an accordéierter Apdikt op NeiSchmelz ze setzen. Mat enger Poliklinik, firwat net och mat engem Labo, mat enger Radiologie, mat engem Dokteschhaus? Wéi gesäit de Schäfferot d'Zukunft vun deem Projet? Wa mer eppes maachen, fir d'Médecine primaire hei zu Diddeleng ze halen, da musse mer elo plangen.

Dann, vill Poste stinn am Budget, wou eis e Bilan feelt, wou vill Saachen ugeleiert gi sinn. Bilan Conseil communal vun deene Jonken. Wéi vill Sitzungen hat se nach? Mir sinn nach ni invitéiert ginn, fir un esou enger Sitzung deelzehuelen. Par contre, beim Kannergemengerot gi mer zweemol pro Joer invitéiert. De Bilan vu BabyPlus, dee krute mer virgestallt. Mee zum Beispill de Service Jeunesse et Famille, do krute mer net d'Chiffere gezielt, wéi vill Leit do consultéieren, wéi dat leeft. Do ass och e bësse komesch, dass am Budget initial 2024 10.000 Euro dra stinn, herno 9.000 am Rectifié a souguer nëmme 6.000 Euro am Budget 2025. Awer

„Traitements et salaires" fir dee selwechte Service gi vun 112.000 Euro op 120.000 Euro an d'Luucht. Do bräichte mer awer och vläicht Explikatiounen.

Aner Plan-d'action-localen, do bräichte mer och vläicht emol eng Opklärung, wat ass mat deene Sue geschitt oder wat ass do richteg geplangt? Plan d'action locale du soutien du bénévolat, de Bilan vun der Participation du projet interculturel Conseil de l'Europe, Bilan Service Senior Plus, 1.500 Euro. Keng Anung, wéi vill Leit do kontaktéiert ginn. Och zu de Subsiden, do ware mer frou, ze héiere vun de Veräiner, dass eng Re-evaluatioun vun de Besoinen, en Austausch mat de Veräiner a mam Ministère geplangt ass. Vläicht kënnt et jo dann och zu engem Austausch mat dem Gemengerot, fir en transparente Verdeelungsschlëssel vun de Subsiden zesummen duerchzehuelen. Jo, op eis Nofro krut mer d'Dossiere vun de Veräiner geschéckt, wat si ugefrot hunn, mee mir kruten awer net de Bewäertungsschlëssel bäigeluecht. Vläicht ass do nach eng Méiglechkeet, dass mer d'nächst Joer do e bësse méi transparent opgekläert ginn.

Mir hunn eise Budget, mir musse plangen an investéieren. Mir mussen awer och eis Käschte méi streng am Grëff halen. Eis Schold däerf net weider explodéieren. Dat ass keen einfachen Exercice. Mee och mir als Gemengerot si prett matzediskutéieren: Wat brauche mer am néidegsten? Wat huet Prioritéit? Wat ass eng gutt Iddi mee ass e Luxus? Wat kënne mer no hanne verschiben, fir wann hoffentlech d'Zäite vläicht nees méi roseg sinn, souwuel international wéi national, wéi wirtschaftlech a wéi finanziell? Och ass eisen Appell nees, dass Der mat eis sollt schwätzen. Huet eis mat an d'Boot, sot eis, wann e Projet finanziell aus dem Rudder geréit. Mee virun allem geréiert en bon père de famille eis Suen. Mir maachen ee Konzept global bis 2035 fir eis Schoulen, Maison Relaisen a Sportsinfrastrukturen. Mee wéi gesäit et aus mam kommunale Konzept fir NeiSchmelz? Och do komme vill Invester op eis duer. Och do gëllt et eng gescheit Planung opzeweisen an ofzeweien têschent nécessaire, utile an nice to have. Wéini ass ugeduecht, och dëse Projet unzegoen?

Voilà, ech schléisse meng Ausféierunge mat engem e bëssen humoristesche Punkt. Ganz interessant ass, wann ee kuckt, déi verschidde Servicer, „Documentation et abonnements pour journaux et périodiques". De Centre de santé scolaire, dee gëtt zum Beispill 500 Euro aus, de Centre culturel op der Schmelz 4.500 Euro. A mir hunn awer ee ganz fläissege Service, dat ass de Service des eaux, déi hunn en „Abonnement pour journaux" vun 8.000 Euro. Also, dat sinn déi beliesenst Services an eiser Stad. D'Fro ass just, ob déi Saachen och kontrolléiert ginn a firwat esou ee Service esou en héije Posten „Abonnements pour journaux" brauch. Mee bon, dat sief dohinner gestallt. Dat kann ee vläicht nach eng Kéier e bësse méi genau kontrolléieren. A wéi gesot, ech verweisen zum Schluss op d'Schäfferotserklärung vun dësem Schäfferot. Dee wichtegste Saz ass: „L'endettement sera limité au projet de grande envergure. Une politique du personnel prudente, une gestion avisée des dépenses communales nous guideront. Il convient de répondre aux besoins des générations présentes sans oublier ni hypothéquer les perspectives des générations futures". Dat ënnerschreiwe mer an ech hoffen, dass de Schäfferot och an dësem Sënn d'Politik hei zu Diddeleng esou mécht, dass mer effektiv d'Enner iergendwann eng Kéier besser zesumme kréien. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, d'Madamm Ahmedova huet d'Wuert.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt natierlech e grousse Merci un den Här Poull an der ganzer Ekipp vun der Comptabilitéit, mee natierlech och un all deene anere Servicer, déi et iwwerhaapt erméiglecht hunn, dëse Budget esou opzestelle wien ass. Merci och un de Schäfferot, deen eis d'lescht Woch dat Ganzt natierlech zimmlech digest a komplett erklärt huet. Et ass ëmmer erëm spannend, sech déi 230 Säite vum Budget unzekucken a sech duerchzeliesen. Ech wäert haut am Numm vun déi Gréng virun allem e puer allgemeng Remarken zu der Finanzsituatioun maachen an op verschidde Ressorten, déi ech betreien, och agoen. Mir hunn eis Riednerzäit vu 40 plus 10 Minutten a ganz genau zwee opgedeelt, dat heescht, jidderee vun eis wäert 25 Minutten hunn, well mir der Meenung sinn, datt eng Zesummenaarbecht, wou jidderee seng Theemen a Gedanken abrénge kann, méi wichteg a gerecht ass, wéi eng hierarchesch Approche. Den Här Steffen wäert dann e puer Minutten oder Stonnen op seng Ressorten a weider Punkten agoen.

De Budget ass e weesentlecht Dokument, wat eis Prioritéiten, eis Visioun an eist Engagement vis-à-vis vun der Gesellschaft a vun der Gemeng reflektéiert. Als Oppositioun ass et eis wichteg, d'Ausgaben ze kontrolléieren a konstruktiv Verbesserungsvirschléi ze maachen, wat mer och net nëmmen am Budget maachen, mee och a sämtlech anere Projeten. De Budget ass en strateegescht Instrument, fir den Ufuerderunge vun den Awunner gerecht ze ginn an eis Zukunft esou virzebréngen, virzeplangen. Finanziell Stabilitéit ass eminent wichteg an dobäi klëmmt d'Gemengeschold all Joers konstant erop. Dofir muss een oppassen, fir ganz verantwortlech mat den Ausgabe virzegoen. Mee fir den Equiliber ze halen, muss een och mëttel- a laangfristeg sech eng Visioun ginn a méi Planbarkeet kréien. A leider vermësse mir déi heiansdo op verschidde Projeten. D'Entwécklung vum Diddeleng muss fir eis nohalteg sinn an eng héich Liewensqualitéit ze garantéieren. D'Investitioun an d'Zukunft bedeit lokal Aarbechtsplazen ze schafen, eng divers Palett u

Servicer an Divertissementer unzebidden. A virun allem fir all déi, déi hei wunne wëllen, bezuelbar Logementer zur Verfügung ze stellen an iwwerhaapt Logementer och ze bauen.

Eisen Emprunt läit mëttlerweil bei 90 Milliounen Euro. Mee mir mussen och d'Investissementer an déi allgemeng ëffentlech Infrastrukturen, wéi Schoulen, Stroossen, Waasserversuergung, Kläranlagen, Offallgestioun héichhalen. Virun allem elo, wou verschiddene Secteuren, wéi de Bausecteur - fir keen ze nennen - eng Kris erlieft wéi nach ni. Genau do muss déi ëffentlech Hand déi noutwendeg Investissementer héichhalen, fir e Stëllstand ze vermeiden. Wann ech kuerz de Bilan maachen: D'Dépenses ordinaires, déi votéiert goufen, d'lescht Joer waren dat 135 Milliounen Euro, d'Dépenses rectifiées waren 132 Milliounen Euro. Dat heescht, mir hunn hei en Delta vun 1%. An dat wëlle mir wierklech ausféierlech begréissen, well dat fir eis u sech heescht, datt déi Ausgabe ganz equilibréiert a verantwortlech verwalt goufen.

Bei den Dépenses extraordinaires à voter ware mir bei 81 Milliounen Euro an de Budget rectifiée bei 63 Milliounen Euro. Par contre hu mir hei dann en Delta vun 20 Milliounen Euro. Dat heescht, hei hate mir eng Marge an ech muss dat elo esou soen, mee als Logementsmilitantin denken ech, wann ech d'Zuelen esou gesinn, hätt ee vläicht kéinten awer e bësse méi an de Logement investéieren. Domadder kommen ech zu mengem Kärthema. Logement war a bleift, suerge kann, Nummer 1 um lokalen Niveau, awer och um nationalen Niveau. Et ass eng Erausfuerderung, déi jorelaang kee richteg wollt upaken an zimmlech alles dem private Marché iwwerlooss gouf, dat heescht, dem private Promoteur. An d'Situatioun huet sech vu Joer zu Joer verschlechtert. Wann ech einfach fir mech kucken, a mengem Ëmkrees, virun 30 Joer konnt eng Famill mat zweemol wierklech Mindestloun, sech nach en Appartement kafen. An déi lescht Zäit hat ech och Kolleegen, déi mol héich Staatsbeamte waren, déi sech knapps e Studio konnte leeschten. Dat erkläert déi Situatioun, an déi mer gerode sinn.

Ech wëll awer net alles schwaarz molen, wierklech, ganz am Contraire. Et deet sech schonns tatsächlech eppes. Mir gesinn, datt den Investissement vun der ëffentlecher Hand an d'abordabel Wunnengen awer tendenziell permanent eropgeet. Projeten an der Rue de la Fontaine hei zu Diddeleng, Rue Nic Bodry, Rue des Champs, Rue des Prés si wichteg Bausteng fir eis Logementspolitik. Mee, wëssend, datt 18% vun der Bevëlkerung riskéiert, an d'Aarmut ze falen, bleiwe mir der Meenung, datt d'Gemeng kann a soll vill méi proaktiv agéieren a vill méi Wunnenge selwer kafen, fir déi kënnen zu abordabele Präisser ze verlounen oder weiderzeverkafen. Mir sinn a multiple Krisen, d'Tauxe si relativ héich. Mee, fir déi, déi de Moien den RTL gelauschtert hunn, do ass gesot ginn, datt mer geschwë wäerte vun 3,25% op 3% erofgoen. Drécke mer mol d'Daumen, dat ass e schéine Chrëschtkaddo, wann dat bis geschitt. Dat ass déi eng Situatioun.

An déi aner Situatioun, op déi aner Manéier ass et awer trotzdeem, datt natierlech d'Präisser, d'Wunnengspräisser, d'Terrainspräisser um Marché erofgaange sinn. An et ass awer elo d'Occasioun, fir drop ze sprangen an déi néideg Investissementer ze maachen. D'lescht Joer hat Dir op dëser Plaz och gesot, datt verschidde Promoteuren un Iech eruntrieden, meeschtens kleng Promoteuren, fir datt d'Gemeng Projete soll vläicht och am Vefa opkafen. Wier et méiglech – dat ass einfach eng Demande op dëser Plaz - wier et méiglech, datt mer déi Projeten da vläicht an enger Bautekommissioun kéinte gesinn, fir ze kucke wat u sech richteg ugefrot gouf oder proposéiert gouf? Mir hunn de PAL, de Plan d'action locale, presentéiert kritt. Dëst soll eis eng Visioun op laang Siicht fir d'Entwécklung vum Wunnraum ubidden. Mee bis elo hu mir keng zefriddestellend Strategie an eng Strategie à long terme gesinn. Dat ass och e Punkt, dee mer hei an deem Theemeberäich bemängelen. Et gëtt einfach keng kloer Zukunftsvisioun. An hei schwätzen ech natierlech net vun NeiSchmelz, mee éischter vun deem ganzen Tissu urbain existant.

Weider Léisunge kéinten déi verschidde Wunnformen ubidden, déi méi Diversitéit a méi Offer an oft méi bëlleg Käschten ubidden. Hei gesinn ech de ProLiving Projet zum Beispill, Wunngemeinschaften, Wunnkooperativen oder intergenerationell Wunnengen. Dat sinn alles Méiglechkeeten, déi mer kéinten an engem Aarbechtsgrupp weider erfuerschen, fir ze kucken, wat mer hei kéinte maachen. Souguer als Pilotprojet. An da wiere mer och Virreider hei zu Lëtzebuerg. Verstitt mech wierklech net falsch. Mir begréissen op dëser Plaz all d'Efforten, déi elo scho gemaach ginn. Et sinn och net manner wéi 7 Milliounen Euro, déi hei an de Logement wäerte fléissen. Mir kéinten eis Problematik nach méi prioriséieren, virun allem wëssend, datt dank dem Pacte Logement 2.0 mir bis zu 75% Subventioune kéinte vum Staat kréien. Et ass mir bewosst, datt fir de Bau een och Terraine brauch, déi mer net hunn. An hei hate mir vun der Grondsteierreform eng Kéier geschwat. Déi ass net ugepaakt gi vu kenger Regierung bis elo. Vläicht feelt et einfach u Courage. Mee dat wier e wichtegen Outil, fir Bauland ze mobiliséieren. Bauland, dat an den Hänn vun e happy few läit, och hei zu Diddeleng. An dat seet den Observatoire de l'Habitat.

D'Motion, déi vun déi Lénk deposéiert gouf, fir d'Grondsteier ze erhéijen, gouf vun der Majoritéit net matgedroen. Dëst hätt awer net nëmme gehollef, Bauland ze mobiliséieren, mee och d'Recettë vun der Gemeng ze erhéijen. An net dovunner ze schwätzen, datt de reelle Präis vun der Grondsteier net méi dee Wäert entsprécht, wat deemools definéiert gouf. Ech wäert net an den Detail ergoen, mee d'Gemeng hätt och weider Outilen, wéi zum Beispill selwer eng Spekulatiounssteier anzeféieren. Et ass eis och opgefall, datt ënner dem Artikel 650 „Acquisition de terrains" 500.000 Euro virgesi sinn. Mir hunn d'lescht Joer en Terrain kaaft, wou mer bei engem Präis vun 280.000 Euro den Ar louchen. E Projet, wat natierlech fir ganz vill Diskussiounen hei am Gemengerot gesuergt huet a wou mir e Präis bezuelt hunn, dee ganz wäit iwwert deem Präis läit, dee vum Observatoire de l'Habitat ugebuede gëtt. Sou gesinn, an ech wëll dat wierklech net an d'Lächerlecht zéien, kéinte mir eis mat 500.000 Euro mol keng zwee Ar leeschten. Hoffentlech natierlech kann een de

Budget, wann esou eng gutt Opportunitéit sech géing ubidden, ganz séier erëm remaniéieren an an d'Luucht setzen.

Ech kommen dann elo zum Deel vun der Renovatioun vu besteeënde Gebaier. Mir hunn zënter Joren en exzellente Service écologique, deen eng super Aarbecht leescht, alles am Interêt vun der nohalteger Entwécklung. Wat mir hei am Ament vermëssen, ass e Sanéierungskonzept fir Gemengegebaier, respektiv ëffentlech Gebaier. D'Iddi hannendrun ass, datt d'Gebaier eenzel opgeholl ginn, mat den Aarbechten opgezielt ginn, déi um energeetesche Plang ze realiséiere sinn an eng Priorisatioun vun deene gemaach gëtt, an dat Ganzt op e puer Joer gesinn. Sou hätte mir Planbarkeet an eng Zukunftsvisioun, wat d'Renovatioun ugeet.

Mir brauchen och de lénge Budget fir innovativ Projeten an den Ëmwelt- a Klimaberäicher, wéi zum Beispill d'Grënnung vun Energiekooperativen, déi d'energeetesch Transitioun fir jiddereen zougänglech kéinte maachen. E konkret Beispill hei ass zum Beispill déi grouss Fotovoltaiksanlag um Centre sportif Hartmann, wat och ee ganz groussen Invest war. Ass hei virgesinn, datt d'Bierger sech kënnen do mat bedeelegen, mat akafen, wéi zum Beispill um Centre culturel? Dat ass einfach eng Fro. Eis ass et och opgefall, datt de Service écologique leider just aacht Demanden hat fir dëst Joer, wat Energieberodung ugeet. Dir wësst, ech kommen aus deem Beräich. An dofir kucken ech déi Zuelen ëmmer ganz genau no. An et deet mer ëmmer esou leed, datt mer esou wéineg Berodungen hunn. Dat heescht, dëst Joer aacht, d'lescht Joer hate mer der zwielef. Wat kann een doraus schléissen? Also fir mech - et ass jo keng Etüd gemaach ginn - mä ech mengen, et ass éischter e bësselchen e Manque de communication, fir op déi eng Manéier, datt ee soll vun de fossillen Energien einfach ewechkommen an op déi aner Manéier, datt een och Subventioune kritt, wann een energeetesch eppes mécht oder erneierbar Energiesinstallatiounen a sengem Haus installéiert.

Alle Jahre wieder, widderhuelen ech dat an ech soen dat scho säi zéng Joer souguer, éier ech hei am Gemengerot souz, datt ee ka bei enger Baugeneemegung einfach déi néideg Informatioune matdeelen. Well egal ob ee wëllt eng Fotovoltaik installéieren - mee ech mengen déi meescht sinn awer do schonn informéiert - bis zum Fënsterwiessel an engem Haus brauch een eng Autorisation de bâtir. An aleng dee Moment kéint dann de Service einfach e Flyer dobäi leeën a soen, hei, ruff d'Klimaagence mol un oder d'Gréngt Haus, fir méi no, an da kriss de gesot, ob s de vläicht eligibel bass, fir Subventiounen ze kréien. An dann, op deem Wee kéinte mir och vläicht d'Berodungen erëm an d'Luucht kréien. Mir hunn elo eng super Klimapakt-Certificatioun. Wéi eng zousätzlech Certificatioune striewe mir hei weider un, also, déi komplementar kéinte sinn? Ech schwätzen elo vu Loftqualitéit, Economie circulaire, vläicht Economie circulaire an eisen Industriegebitter, a verschidde Klimaopassungen, Ech kéint weiderfueren, mee dat wiere schonn e puer Pisten.

An de leschte Jore war op dëser Plaz och gesot ginn, dass mir e „Plan de résilience de la sobriété énergétique" wäerte presentéiert kréien. An hei meng Fro: Ech hunn nach kee Plan gesinn an ech wollt froen, wou si mer hei drun an ob mer dat kéinten iergendwéi eng Kéier presentéiert kréien, vläicht am Gemengerot, vu datt ech selwer net an der Ëmweltkommissioun sëtzen. Wann ech mech richteg erënneren, hunn ech och d'lescht Joer am Kader vun der Budgetsdebatt scho proposéiert, ëffentlech Tri-Poubellen ze installéieren. Op der Gemeng selwer funktionéiert dat scho ganz gutt. Doheem kann een de Tri och exzellent maachen, Pabeier, Glas, Kompost asw. Mee firwat gëtt am ëffentleche Raum alles nach an eng eenzeg Poubelle ewechgeworf? Mir mussen d'Leit encouragéieren, méi verantwortlech ze handelen, zemools a puncto Offallmanagement. Ënnert wéi engem Punkt - hunn ech mech hei gefrot - kéint een dëst thematiséieren?

Ee ganz positive Punkt ass awer hei ze bemierken, nämlech d'„Subsides aux associations locales dans le cadre d'un projet Zero Waste, Green Events" si mir hei vun 12.000 Euro op 15.000 Euro eropgaangen. Mir géingen och gär wëssen, wéi vill Veräiner de Label Green Event mëttlerweil hunn. Fir de Label ze kréien ass et jo esou, datt ee muss ronn 80 Krittären erfëllen. Keen Offall, Bio-Iessen, gratis Krunnewaasser asw. an dat Ganzt gëtt am Kader vum Klimapakt och ugerechent. Beetebuerg huet dëst Joer zum Beispill ganzer zéng Green Events organiséiert. An ech wier frou vun Iech ze héieren, datt mir Diddelenger op d'mannst zéng Green Events haten.

Zu der nohalteger Entwécklung gehéiert och d'Verbesserung vun de Gréngflächen an de Stied an hei hate mir konkreet de Projet vum Tidy Forest virgeschloen a virgestallt. Mir sinn och deemools mat konkreete Propose komm, wou een esou kleng Bëscher kéint einfach hi planzen, zum Beispill an der Käler Strooss a verschidde Baulücken. Mee leider ass d'Majoritéit dëse Proposen net nogaangen. An de Sujet ass a kenger Kommissioun ugeschwat ginn. Déi Tidy Forests sinn awer eiser Meenung no e wichtegt pädagogescht Element, dat eis Klimaresilienz stäerkt an eis Biodiversitéit an de Stied fërdert. Am Budget 2024, a wann ech mech net ieren, souguer am Budget 2023 waren ëmmer 5.000 Euro virgesinn, mä et ass bis elo nach näischt geschitt. Mir sinn awer frou ze gesinn, datt fir d'nächst Joer, also 2025, erëm 5.000 Euro virgesi sinn. Eng Fro einfach: Gi 5.000 Euro och duer, fir esou e klenge Bësch unzeplanzen? A wou si mir do drun?

Domadder kommen ech zu engem ganz aneren Sujeten, nämlech „Participation citoyenne". Mir sinn immens frou an houfreg, e participative Budget ze hunn an net ze vergiessen, datt mir och an dësem Beräich Virreider sinn. De participative Budget fërdert d'sozial Gerechtegkeet an en Engagement vun eise Bierger. An op dësem Wee baue mir eng dynamesch Gesellschaft op, déi méi mat wierkt, mat gestalt a wou Besoinen um Terrain berécksiichtegt ginn. Dëst Joer hat dës Initiativ da ganz schéi Succès an et goufen, wann ech mech net ieren, méi wéi 60 Projeten agereecht. Elo kënnt e ganz wichtege Punkt am Fong fir eis. Fir dësen Elan weider ze fërderen an als Reaktioun zu der klenger Unzuel vun zeréckbehalene Projeten, an opgrond vun de Realisatiounskäschten, déi ëmmer méi héich ginn

an ëmmer méi klammen, wëlle mir de Budget, deen hei zur Verfügung steet, erhéijen duerch en Amendement, deen den Här Steffen amgaangen ass, Iech auszedeelen. A mir géingen eis wënschen, datt de Budget vun 100.000 Euro op 200.000 Euro eropgesat gëtt, fir datt nach méi Projeten an nach méi Bierger d'Gléck hunn, hire Projet sech realiséieren ze gesinn. Vu datt et déi éischt Kéier ass, datt ech en Amendement deposéieren, wollt ech elo gären op dëser Plaz wëssen, ob Dir nach weider Informatioune brauch oder dat, wat mer elo deposéiert hunn, duergeet?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et steet Iech ëmmer fräi, souwäit wéi Dir wëllt op dat Amendement anzegoen. Wann Dir nach do wëllt Erklärunge ginn, da kënnt Dir dat maachen, mä ech mengen, mir hunn awer verstanen, Dir waart do ganz kloer. Ausser wann een et net verstanen hätt, da soll déi Persoun sech mellen, mä ech mengen, dat war awer kloer. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter. Ech mengen och. Also, eis geet et drëms, dat Ganzt natierlech nach méi ze fërderen an nach méi Initiativen an deem Beräich kënnen ëmzesetzen. Eis PAPen, ech kommen dann zum Urbanismus, musse méi klimaresilient ginn, eis Gréngfläche schützen an neier schafen, natierlech Ressourcen erhalen, lokal Ekosystemer restauréieren, manner versigelen a beim Bau vun ëffentleche Projeten de Life cycle betruechten, dat wären dann d'Käschte fir d'Liewensdauer, d'Produktioun an den Ufall vun de Materialien, an de Footprint fir eis lokal Produktioun berücksichtegen. Mir mussen déi Resilienz géint de Klimawandel an d'Gemengeplanung integréieren. Klimarisiken, wéi Iwwerschwemmungen, Bëschbränn, Stierm musse wierklech betruecht ginn a mir mussen esou an d'Zukunft investéieren, och wann et eis eppes kascht.

Ganz am Sënn vun der Klimaresilienz war och de Klimapaktdag, wou Sujete wéi Canicule a Staarkreen thematiséiert goufen. Dat begréisse mer wierklech ausféierlech. Mir hoffen, datt awer dës wichteg Theemae wäerten an eisen Urbanismus an an eis Entwécklung mat afléissen. Hei wier eng Fro: Wéi geet et elo weider? Wéi eng Projeten, oder wéi konkreet kënne mer dat Ganzt an d'PAPe mat abauen?

Begréisse wëlle mer awer och op dëser Plaz de Projet, deen de Park Le'h mat de Bewegungsmelder fir e Couloir à mobilité douce wäert beliichten. Mir hoffen, datt dës Approche an Zukunft och op weidere Plaze kann ausgebaut ginn. Mir fuerdere scho méi laang, manner onnéideg Luuchte brennen ze loossen, engersäits wéinst der Biodiversitéit an anerersäits awer och fir Energie ze spueren. An hei ginn et och konkreet Projeten a Frankräich, mä souguer am Norde vun eisem Land, wou ee kann d'Luuchten ausloossen. Déi Circulaire, déi mer och vum Ministère kruten, erlaabt et, temporär d'Stroossebeliichtung auszemaachen. Duerch esou Moossname verbessere mir och d'Liewensqualitéit vun de Matbierger, dat däerf een net vergiessen.
An esou Projete sollen och initiéiert ginn a participativ mat de Bierger, Geschäftsleit, Entreprisen, Industrien an aner Acteuren ausdiskutéiert ginn. Dëst ass eng konkreet Fuerderung vun eis, de Sujet zum Beispill an enger Mobilitéits- oder Ëmweltkommissioun unzeschwätzen.

Ganz kuerz zu der Kultur an dem Vivre ensemble. Also, Diddeleng ass mëttlerweil ee Stammuert vum Vivre ensemble ginn. Mir hunn déi Fête des cultures, wou ee ganz gutt iessen an drénke kann, Musek lauschteren an danzen, déi ganz Welt entdecken, alles dat op enger Plaz. Esou Eventer droen zu der sozialer Kohäsioun bäi a promovéieren d'Toleranz a stäerken d'Gefill vun der Appartenance an enger Gemeinschaft. Just nach ganz kuerz zu engem positiven Event, souzesoen, zu dem Budget. Dacks musse mir wärend dem Joer d'Käschten opstellen an upassen - dat sinn déi sougenannten Devis-remaniéen - an zum Vott stellen, wat mir och oft bedaueren,well dee Moment fille mir eis an den Eck gedréckt, well, fir dat et weidergeet, musse mer dat och meeschtens matdroen. Dat soll op kee Fall wierklech op kee Fall e Reproche un déi zoustänneg Servicer sinn. Mee éischter kann ee sech déi Fro stellen, ob net politesch Decisiounen, den Defizit un Anticipatiounen oder Genauegkeet bei den Ausgabeschätzungen de Grond fir dës Situatioun sinn.

Hei besteet d'Noutwendegkeet vun enger besserer Gestioun, fir konstant Upassungen ze maachen. E sougenannte Käschte-Monitoring, wier eng Pist, fir eis Käschten am A ze halen. Zum Beispill, an ech wëll net an den Detail goen, mee d'lescht Woch hate mir déi Hal Lokomotive. Et war en Devis remanié vun 1,2 Milliounen Euro, déi mer missten hei matstëmmen. Hei stellt sech wierklech legitim déi Fro, ob een net hätt kéinten en cours de route d'Handbrems zéien, wou ee gemierkt huet, datt eng Brauerei an eng Gastronomie vill méi deier géinge kaschten, wéi dat wat ursprénglech geplangt war. Et ass keng Urgenz gewiescht fir dëse Projet, dofir hu mer och eis enthalen, mä dat ass zum Beispill e Beispill, wou eng politesch Decisioun kann awer matzäiten e Budget ofbremsen a kucken, wou d'Prioritéit läit. Mir schéint et, datt kuerzfristeg Iwwerleeungen awer trotzdeem ëmmer erëm eis Decisioune beaflossen. Léisunge kéinte sinn, datt ee Projeten direkt bei hirer Konzeptioun besser evoluéiert duerch detailléiert Studien.

Ech hat just nach e puer Froen. „Etudes sur la vision de développement commerciale de la ville de Dudelange à l'horizon 2040" schéngt e ganz interessante Projet ze sinn. Op der Säit 184 am Budget rectifié. Mir wollte froen, wou dës Etude ënnerwee ass an ob mer se kéinte presentéiert kréien. Zum Sujet „Égalité des chances, Subventions de l'État pour les projet Mois du respect", op der Säit 19. Hei ware mir fir dëst Joer bei 25.000 Euro an am nächste Joer si mer op Null. Do froen ech mech, firwat mer keng Subventioune méi fir dëse Projet vum Staat géinge kréien. Déi drëtt Fro wier „Création d'un fonds de réserve spéciale, Pacte logement à partir de 2015". Wou si mir do drun? Ass dat ofgeschloss? Wou fënnt een d'Resultater? Ass et ëffentlech zougänglech? Am Budget waren 165.000 Euro virgesinn. Dat wat mer ausginn hunn, waren 135.000 Euro. An elo fir d'nächst Joer gesi mer erëm 165.000 Euro vir. Wat steet do um Ordre du jour?

A wierklech als Schlusswuert wëll ech eppes soen. Eis alleguerte läit d'Wuel vun eiser Gemeng um Häerz. Wa mir eng zolidd Zesummenaarbecht fleegen, Projete besser anticipéieren a méi effizient plangen, kënne mir eng zukunftsorientéiert Gesellschaft opbauen, déi net nëmmen den Erwaardunge vun eise Matbierger entsprécht, mee och e Modell fir nohalteg Entwécklung a sozialen Zesummenhalt ka sinn. Merci fir d'Nolauschteren.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova, den Här Zuang huet d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (CSV): Villmools Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. An engem ëmmer nach ekonomesch ugespaanten Ëmfeld, och wann et positiv Unzeeche gëtt, déi grouss Reprise a Bau an Industrie léisst dach weiderhin op sech waarden, bleift den Investissementsvolume vun der Gemeng Diddeleng mat 56,8 Milliounen Euro trotzdeem ganz héich. Dës Majoritéit huet sech virgeholl, weider un der Entwécklung vun der Stad Diddeleng, déi vill Potenzial huet, ze schaffen. Virausschauend a virsiichtegt Handelen ass ugesot.

Vun dëse 56,8 Milliounen Euro fléisse ronn 85% a Projeten, déi 2025 weiderlafen, respektiv déi ofgeschloss ginn an déi reschtlech 14,8% fléissen an Neibaute vu Schoul, Maison Relais, Sport, Urbanismus, Logement a Stroossebau. Wéi déi lescht Jore wäert ech erëm Stellung erëm huelen zu Schoul, Maison Relais, Soziales a Logement. An d'Schoul a Maison Relais gëtt och 2025 fir an zum Wuel vun eise Kanner vill investéiert. Et louch der Gemengeféierung säit ëmmer ganz uewen, a qualitativ gutt a genuch Schoul- a Betreiungsstrukturen ze investéieren, an deene sech gutt schaffe léisst. Net fir näischt melle sech vill Enseignanten an educatiivt Personal op vakant Plazen. Diddeleng huet eng gutt Renommée.

Fir de Bau vun der Schoul Maison Relais Balzeng, dee fir 2026 virgesinn ass, lafen déi éischt Virbereedungsaarbechten dëst Joer un. Engersäits gëtt d'Schoul Balzeng un d'Fernwärmenetz ugebonnen. Dëse Projet gouf jo d'lescht Woch virgestallt. Och gëtt eng Reewaasserachs duerch d'Rue Robert Schuman a Richtung Hellenger Strooss gebaut. Da soll Enn des Joers dat aalt Gebai erofgerappt ginn. 2025 fléissen esou summa summarum schonn 2,3 Milliounen Euro an dës dräi Aarbechten. Vu dass d'Mise en conformité vum Brill, déi fir 2025 nach eng Kéier eng Tranche vun 2,165 Milliounen Euro am Budget steet, am Summer ofgeschloss gi wäert, kënnen d'Schoulklasse vu Balzeng eriwwer an de Modularblock am Briller Schoulhaff plënneren. Mir hu fir d'Maison Relais vum MENJE en Agrement fir 80 Plazen accordéiert kritt. Bis elo waren et der grad emol 36 an nach war d'Notzung vun eenzelne Raimlechkeeten net ëmmer evident fir d'Schoul à Maison Relais. D'Aarbechtsbedingunge wäerten sech also ab September verbesseren, vu dass d'Schoul a Maison Relais jeeweils ee Stack am Modularblock zur Verfügung wäerten hunn. D'Transporter wäerten ewechfalen. Och kënne weider eng gutt 40 Kanner méi opgeholl ginn, wat eis Waardeläscht weiderhi schrumpfe léisst.

Et stinn 190.000 Euro am Budget fir den Equipement a de Mobilier fir deen Deel vu Maison Relais, dee mer awer vum MENJE subventionéiert kréien. Niewent der neier Schoul Maison Relais Balzeng stinn nach weider gréisser Projeten an den nächste Joren un, zum Beispill den Ausbau an d'Mise en conformité vun der Schoul Deich. Dofir stinn 150.000 Euro Frais d'études et de faisabilité am Budget. A schliisslech weider 100.000 Euro fir de Complexe scolaire NeiSchmelz, wou d'Sanéierungsaarbechte jo op Héichtoure lafen a wou déi éischt Haiser 2028 solle stoen. Hei gëtt elo Gas ginn. Mir wësse jo wéi laang et dauert, vum Planning iwwert de Bau, bis dat Ganzt fäerdeg ass, verginn awer bestëmmt nach gutt sechs bis aacht Joer.

Fir d'Ëmsetzung vum Projet Schoulhaff Wolkeschdall, e ganz flotte Projet, dee mer jo och d'leschtWoch virgestallt kruten, si 550.000 Euro virgesinn. Et gëtt awer net nëmmen an Neies investéiert, mee et fléisse jo all Joer grouss Zommen, souwuel am Ordinaire wéi am Extraordinaire an den Ënnerhalt vum Bestand, wéi zum Beispill 120.000 Euro fir d'Erneierung vum Daach vum Turnsall vun der Schoul Brill. Och ginn et Problemer mam Daach vun der Schoul Wolkeschdall, deen och fir 70.000 Euro erneiert muss ginn. Iwwer 400.000 Euro fléissen an den Entretien a Reparaturen un de Schoulgebaier, grad wéi och den Entretien a Reparature vun techneschen Installatiounen an de Gebaier a fir d'Schoulhäff. Dozou kommen nach 178.000 Euro fir Contrats de maintenance. Et geet och weider mat dem konsequenten Ekipppement vun neiem informatesche Material, respektiv ersetze vun deem Besteeënden, wëssend wéi schnell d'Evolutioun an der Informatik ass, sief et bei der Hardware, sief et bei der Software. Fir 2025 stinn net manner wéi 135.000 Euro am Budget. Dozou kommen nach déi 95.000 Euro fir Educdesign, di eng Consultance a Begleedung vun de Schoulen, wat déi pädagogesch technologesch Innovatioun vun de Schoulen ugeet, grad wéi den Internetportail vun de Schoule maachen.

Ech ginn dann iwwer zum SEA. Dëse Service wiisst permanent an aktuell schaffe summa summarum 263 Leit am a fir de Service. Deementspriechend wuessen natierlech och d'Fonctionnementskäschten. 20,225 Milliounen Euro, en Zouwuess vun 2,5 Milliounen Euro par rapport zu 2024, stinn am Ordinaire. D'Personalkäschte mat 16,7 Milliounen Euro maachen natierlech de Gros aus. D'Gemeng mécht enorm Efforten, fir weider Betreiungsplazen ze schafen. Heiansdo brauch et net en enormen Invest, wéi zum Beispill déi liicht Ëmbauaarbechten an Ëmstrukturéierungen an der Gaffelt zum Beispill. Dës hunn e Plus am Agrement vun

136 op 210 Plaze bruet, wouvun der 190, also e Plus vu 64 elo mol besat ginn. Dann hate mer héieren, dass ab der Rentrée 2025 jo eventuell nach déi 40 Plaze méi kommen an der Maison Relais Balzeng. Dat ass vläicht och eng Méiglechkeet fir hei, wéi gesot, d'Liste d'attente ze kierzen. Mee leider kënnt een net ëmmer laanscht en Neibau wéi zu Butschebuerg. Un den Etüde vun der neier Maison Relais zu Butschebuerg gëtt äifreg geschafft. Dofir stinn 200.000 Euro am Extraordinaire. Wann een dann och an d'Extensioun Deich an de Complexe scolaire NeiSchmelz denkt, wou d'Etüden och lafen, da kann ee sech virstellen, wéi grouss de Service SEA an e puer Joer wäert ginn.

Jo, méi Kanner, méi Betreier, dat schléit natierlech och op de Budget vun der Restauratioun mat 2,265 Milliounen Euro, also e Plus vu gutt 300.000 Euro par rapport zum Joer 2024. No 21 Joer Eurest hu mer elo no der Soumissioun vun dësem Joer fir déi nächst Joer en anere Prestataire, an zwar Sodexo, eng Firma, déi och an der Vergaangenheet oft mat soumissionéiert hat. Ech sinn och emol gespaant, ob et deem neie Prestataire geléngt, d'Kanner anescht ze begeeschteren, an ech sinn och gespaant, wat mer am nächste Kannergemengerot - normalerweis wier dee jo muar gewiescht - no deenen dräi Méint, wou Sodexo elo kacht, ze héiere kréien.

E Wuert zum Logement. D'Gemeng beméit sech ëm den abordabele Logement an hat sech en éiergäizege Programm fir dës Legislaturperiod ginn. An net fir näischt. D'allgemeng Situatioun am Logement ass net gutt. D'Präisser vu Wunnengen am Bestand sinn 2024 zwar liicht erofgaangen. An awer sinn d'Tauxen, fir ze léinen, obschonn dës och erofgaange sinn, net méi spéit wéi gëschter - d'Madamm Ahmedova huet et scho gesot - hu mer et héieren, dass d'Europäesch Zentralbank nach eng Kéier den Taux ëm 25 Punkten no ënnen, also eng Besserung vu 25 Punkten, annoncéiert huet. An awer sinn d'Tauxen nach ze héich an et gëtt vill Leit, déi kee Prêt vun hirer Bank accordéiert kréien. Wann d'Tauxen elo erëm erofginn, da wäerten awer op där anerer Säit d'Präisser fir de Logement erëm unzéien. Dat gëtt also dat Wiesselspill, wat mer schonn alles kennen. Also dat gëtt bestëmmt elo net dee grousse Rush. Da sinn d'lescht Joer och ganz wéineg Wunnenge gebaut ginn, wat den Drock op d'Locatiounen natierlech erhéicht huet. Doduerch sinn d'Loyerspräisser kräfteg geklommen. Ëmmer méi Leit maachen eng Demande un de Fonds de logement, d'AIS an un d'Gemengen. Mëttlerweil ass eise Service Logement op 322 Demanden.

Nei ass am Gesetz vum 7. August 2023, dass all Mënsch eng Demande ka maachen, Leit aus anere Gemengen, Leit aus dem Ausland, déi bei eis am Land schaffen, oder awer och Leit, déi d'Gemeng als Bailleur social wielen. Dat bedeit, dass do immens vill Aarbecht op eise Service zoukënnt, fir dës Demanden à jour ze halen, déi aktuell Wunneng kontrolléieren ze goen, fir den Dossier ze finaliséieren an esou weider. E Bléck op eis Projeten: De Bau vu véier Haiser an zwou Bifamilialle mat Logement intégré an der Rue Nic Bodry geet gutt virun. Mëttlerweil sinn d'Dallen um Rez-de-chaussée. 3,635 Milliounen Euro stinn 2025 am Budget fir dëse Projet. Och beim Vefa-Projet mat véier Unitéiten an der Rue des Champs huet de Bau ugefaangen. 1,4 Milliounen Euro stinn am Budget. Ech hat et schonn d'leschte Joer gesot, dass de Wee iwwert eng Vefa ganz interessant ass, dass mer als Gemeng vill méi schnell virukommen, well mer kee Statiker, kee Bureau d'étude brauchen a virun allem keng Soumissioune maache mussen. Also, dass alles an allem méi schnell a méi bëlleg ass.
Fir gemengeneege Projete geet dat net esou zügeg. Mir sinn do um Niveau vun den Etüden, souwuel fir d'Route Luxembourg, wou mëttlerweil feststeet, dass dräi Unitéite wäerte gebaut ginn, fir d'Haus 36 Rue de la Fontaine, e Projet, dee jo mam INPA muss gemaach ginn a wou den Architektbüro drop sëtzt, fir d'Haus an der Rue de la Paix wou de Kader a Verzuch geroden ass, sinn 835.000 Euro am Budget virgesinn. Hei wäerte just déi néidegst Aarbechte gemaach ginn. An dann natierlech och Frais d'études fir de Projet Eecherdaller Schoul a fir de PAP A Bëlleg. 2025 wäerte mer jo da bestëmmt méi iwwert deen een oder anere Projet am Gemengerot héieren.

Nach e Wuert zum Sozialen. D'Lutte géint d'Aarmut an d'Ënnerstëtzung vu Bierger a schwierege Situatiounen si säit jeehier eng Prioritéit vum Schäfferot. Ouni d'Sozialtransferte vu Staat a Gemeng, wéi Revis, Chômage, Allocation de vie chère an esou weider, géing et ville Leit vill méi schlecht goen. Eis Gemeng accordéiert eng Partie finanziell Aidë fir Leit am Besoin, entre autres d'„Allocation compensatoire pour taxes communales". Ech wéilt ganz kuerz drop agoen op d'Allocation de vie chère. Bis haut sinn 897 Demanden eragaangen. Wou mer virun zwee Joer eng Erhéijung vu 45% op 50% op de Montant, deen de Fonds gerechent huet, a 25% op der Prime d'énergie gestëmmt haten. Dir hat et warscheinlech matkritt, dass d'Allocation de vie chère ab 2025 ëm 10% erhéicht gëtt an d'Prime d'énergie souguer verdräifacht gëtt.

Och gëtt eng Prime d'énergie réduite agefouert fir Stéit, déi 25% bis 30% iwwert dem Seuil limite vun der Allocation de vie chère leien. Positiv ass, dass de Fong all de Concernéierten déi zwou Prestatiounen automatesch wäert zoukomme loossen, vu dass an der Vergaangenheet 30% vun de Beneficiairë vun der Allocation d'inclusion keng Demande gemaach haten. Och d'Gemenge kréie fortan automatesch d'Donnéeë vun de Beneficiairë geschéckt, soudass d'Leit keng extra Demande méi fir d'Allocation d'compensatoire pour taxes communales ze maache brauchen. Et war schwéier fir eng Estimatioun u Méiausgabe fir dës Mesuren ze maachen. Am Budget stinn 1,5 Milliounen Euro, also 500.000 Euro méi wéi 2024, wëssend dass mer op dësem Budgetsartikel net limitativ sinn. Voilà. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Zuang, d'Madamm Thoma huet d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Änlech wéi déi Gréng hu mir eis och d'Riednerzäit opgedeelt an zwar op genau eent. Et ass och méi einfach. Mir wëllen och ufänke mat engem grousse Merci un de Pascal Poul a seng Ekipp, well wat ee sech méi eraschafft, wat ee gesäit wéi komplex awer de Budget vun enger Gemeng wéi Diddeleng ass. An ech ka mer virstellen, dass Enn dës Joers ëmmer extreem vill Stress ass, wann nach muss hei an do verhandelt a verréckelt ginn, bis dass dann dee ganze Buttek endlech steet. Genausou wëlle mer och Merci soe fir déi gutt Dokumentatioun, déi mer ëmmer als Resümmee niewelaanscht kréien, well och dat hëlleft awer sech e graffen Iwwerbléck relativ séier ze schafen. Wann de Budget plus ou moins opgeet, dann ass dat natierlech och dank eisem Receveur an all de Servicer, déi och musse kucken, hire jeeweilege Budget och selwer anzehalen.

An ech mengen, si alleguerten hu sech déi kleng Paus gutt verdéngt, déi jo dann hoffentlech ganz geschwë virun der Dier steet. An zurzäit geet de Budget vun der Gemeng jo zum Gléck nach ëmmer op an eis finanziell Situatioun ass net dramatesch. Als déi Lénk si mir ganz averstane mat der antizyklescher Politik, déi d'Majoritéit weiderféiert, a mir soen, säit mer hei vertruede sinn, dass d'Invester mussen héichgehale ginn. Och dëst Joer gi keng Invester a Prunkbauten oder „nice to have" gemaach, mee an Infrastrukturen, déi mer als Stad brauchen, fir kënne gesond ze wuessen an d'Liewensqualitéit hei zu Diddeleng héich ze halen. Néideg Investissementer, déi haut net gemaach ginn, fir ze spueren, wäerten eis an zéng Joer just nach méi deier ginn. Dass hei net iwwerdriwwe gëtt, erkenne mer och dorun, dass d'Dépenses extraordinaires dëst Joer ënnert deene vun 2024 leien, also net „höher, weiter, schneller", mee dat wat néideg ass.

An trotzdeem gesinn natierlech och mir, dass d'Verschëldung vun der Stad klëmmt. Iwwer Joren ewech si mer ganz oft dolaanscht komm, fir en Emprunt mussen opzehuelen. Säit 2022 ass dat net méi de Fall. Fir eis ass dat net per se dramatesch. En Emprunt fir eng Schoul ze bauen, ass keng Schold, mee en Invest fir d'Zukunft. Mir sinn awer och net naiv a sinn eis bewosst, dass deen Emprunt och nees eng Kéier muss zeréckbezuelt ginn. Wéi soen se ëmmer sou schéin am Radio: „Sue léinen, kascht och Suen". Am Moment leien eis Annuitéiten nach bei 5,4% vun den ordinaire Recetten, wat an eisen Aen nach akzeptabel. Mee och wann den Inneministère eréischt bei 15% Alarm schléit, sou wäit sollte mer et awer vläicht net onbedéngt komme loossen. An egal, wéi een den Diagramm vun der Évolution de la dette och wëllt duerstellen, ech mengen, do géinge souguer d'Membere vum Kannergemengerot erkennen, dass mer deen Trend net éiweg kënne viruféieren. Ech wëll awer och kengem heibannen ënnerstellen, dass en do anerer Meenung ass. Ech mengen, dass mer eis all bewosst sinn, dass déi ekonomesch Situatioun nun emol an de leschte Joren déi war, déi se war an dass mer eis awer och elo nees mussen erauskrabbelen an eis Verschëldung am A behalen.



Eng vun den éischte Saachen, déi ech am Virfeld vu menger éischter Budgetsdiskussioun d'lescht Joer mat op de Wee krut, war, vergläicht d'Dépense initiale an d'Dépense réalisée, virun allem am Extraordinaire. An do si mer bei 98%. Volltreffer! Wann de Realisé ze héich ass, dann heescht dat, dass de Budget net agehale gouf, also alles ze deier war. Wann en ze niddreg ass, da gouf net vill geschafft. Bei 98% ass also alles perfekt. Net grad, well dat ass jo eng Moyenne. Wann ee sech de Budget am Detail ukuckt, gesäit een, dass awer eng Rei Projete reportéiert goufen. Domat soen ech elo explizitt net, dass näischt geschafft gouf. Mee fir esou ee Report kann et och gutt Grënn ginn. Heiansdo sinn einfach ze vill Projete beieneen. Heiansdo ass iergendwou iergendeen a Verzuch geroden, dat ka jo ëmmer emol virkommen. An et muss emol net onbedéngt an der Hand vun der Gemeng leien. Et däerf allerdéngs net ze vill reportéiert ginn, well sech soss iergendwann ze vill usammelt a mer et och net méi gestemmt kréien, weder finanziell nach organisatoresch.

Wann awer eng Rei Projete net realiséiert goufen, dann heescht dat am Umkehrschluss, dass anerer e gutt Stéck méi deier goufen, wéi initial erwaart. Ech hunn eng kleng Statistik opgestallt an tëschent Januar an Dezember dëst Joer hu mer eeelefte Devisë gestëmmt a sechs Devis-remaniéen. Dat heescht, op all zweeten Devis kënnt en Devis remanié, also eng Präishausse. Am Ganzen hu mer eng Hausse vun 10,4 Milliounen Euro nogestëmmt. Bei engem Total vun Dépenses extraordinaires vu ronn 60 Milliounen Euro ass dat schonn e gudde Batz. Ech muss dobäi soen, dass de Gros dovun unanime gestëmmt gouf, well mer Verständnis haten an et net anescht gaangen ass. Ech hunn et hei och scho gesot, jee no Projet ass en Devis, deen 2020 opgestallt gouf, scho sechs Méint drop iwwerholl opgrond vun der Präisexplosioun, déi dee Moment einfach stattfonnt huet.

Verschidden Haussë konnte mer awer manner novollzéien. Wéi zum Beispill déi lescht Woch, den Devis remanié zum Hall Locomotive, dee 67% iwwert dem gestëmmten Devis louch an net just op Präishaussen, mee och op politesch Decisiounen, fir dem Exploitant am Nachhinein entgéint ze kommen, zeréckzeféiere war. Am Endeffekt ass de Projet flott ginn. Mee dat däerf awer net entschëllegen, dass nom Vott vun engem Devis Decisioune geholl ginn, fir hei an do ze ännere an de Gemengerot duerno viru vollendet Tatsaache gestallt gëtt. Wann Inflatioun a Präishaussen an deene leschte Joren novollzéibar waren, sou däerf et awer net zu engem Automatismus kommen, dass mer bei all Projet herno en Devis remanie stëmmen. Mir hu scho

gefrot, dass vun Ufank u Reserve virgesi ginn an dann awer muss probéiert ginn, och deen demokratesch gestëmmten Devis anzehalen. A virun allem hu mer scho méi wéi eng Kéier gefrot, dass déi grouss Projeten och an enger Finanzkommissioun sollen diskutéiert ginn. An anere Gemengen ass dat gang und gebe. Wann ech Kolleegen aus anere Gemengen erzielen, dass bei eis d'Finanzkommissioun just zweemol am Joer zesummekënnt, am Virfeld vum Pluriannuel an am Virfeld vum Budget, da gleewen déi dat net. Heiansdo kréie mer e Projet an engem technesche Gemengerot presentéiert, mä mir géingen Iech wierklech bieden an Zukunft reegelméisseg Reunioune vun der Finanzkommissioun virzegesinn, wou Projet d'envergure kënne vun engem finanzielle Standpunkt och diskutéiert ginn.

Ech menge mech ze erënneren, dass den Här Buergermeeschter och schonn eng Ouverture an déi Richtung gemaach hat, mä bis elo ass et awer nach net dozou komm. Dobäi wier dat e weidere Schratt a Richtung vu méi Transparenz. Mir hunn awer ee strukturelle Problem. An zwar ass eise Boni ordinaire relativ niddereg. Am Budget initial vun 2024 loung e souguer just bei enger Millioun Euro. Am Realisé war en duerno méi héich. An am Initial 2025 ass en och nees doriwwer, mä am Verglach mat anere Gemenge vun eiser Gréisst ass en awer net immens héich. Et ass awer dee Boni ordinaire, deen eis den néidege Spillraum gëtt fir iwwert d'Joer ze kommen. Och wann de Budget a senger Globalitéit hei opgeet, hu mer eis gefrot, ob et net heiansdo awer vläicht punktuell Schwieregkeete gëtt, ob mer vläicht souguer heiansdo kuerzfristeg punktuell Liquiditéitsproblemer kéinte kréien.

En Nodeel vun Diddeleng ass mat Sécherheet an där Hisiicht den Impôt commercial, dat huet den Här Buergermeeschter jo och gesot. Déi Industrie, déi op eisem Terrain ugesidelt ass, mécht net déi déckste Benefisser. Vläicht besteet jo d'Chance, am Kader vun NeiSchmelz och nei Betriber unzezéien, déi eis do zumindest e bësse kënnen entlaaschten. Zumindest bleift eisen Hiewesaz um Maximum, domat si mer solidaresch mat den Nopeschgemengen a loossen d'Betriber hire gerechten Undeel u Steieren dann trotzdeem awer bezuelen, ouni eng Spiral no ënnen ze provozéieren. Mä ofgesinn dovu musse mer eisen Ordinaire am Bléck behalen. Wat mer kënne feststellen, ass, dass d'Masse salariale bei ronn 55% brutto vun den Dépenses ordinaires an domat absolut an der Norm läit.

Als déi Lénk begréisse mer och, dass d'Majoritéit weiderhin op e staarken ëffentleche Service setzt an unerkennt, dass dat nëmme mat guddem Personal fonctionéiert. Mir hunn awer reegelméisseg Diskussiounen, well an eisen Ae ze oft Employéen agestallt ginn, ouni iwwerhaapt no Fonctionnairen ze sichen. Domat gëtt eng Ausnam, déi als solch am Gesetz virgesinn ass, scho bal zur Reegel gemaach. Wann een eng Fonctionnairesplaz ausschreift an doropshi kee passende Kandidat fënnt, dann hu mir näischt dogéint, fir déi Plaz ëmzewandelen. Mee reegelméisseg ass dat awer net de Fall an et gëtt einfach direkt gesot, dass ee kee Fonctionnaire wäert fannen an dowéinst gëtt guer net mol gesicht. Dat ass sech d'Liewen einfach gemaach. An et stéiert eis net nëmmen, well domat de Statut vum Fonctionnaire riskéiert ënnerhillegt ze ginn, mee och well dat elo scho reell Konsequenzen huet. Wann et hei am Land ee Pensiounssystem gëtt, dee Problemer huet, dann ass et d'Pensiounskees vun de Gemengefonctionnairen an dat läit eebe grad dorun, dass ëmmer manner Fonctionnairen agestallt ginn. An dat huet e reellen Impakt op eise Budget. Ech erënneren drun, dass d'lescht Joer d'Part patronale vun der Gemeng fir d'Fonctionnairen huet misse vun 20,3 op 28% gehuewe ginn. Genau aus deene genannte Grënn. Hei ass also nach Potenzial, fir dass mir och eis Responsabilitéit als Gemeng iwwerhuelen.

Här Buergermeeschter, als déi Lénk begréisse mer, dass Dir dëse Budget ënner d'Prioritéite vu sozialer Kohäsioun a Resilienz gesat hutt. Well genau dat och an eisen Aen déi grouss Erausfuerderunge sinn, virun deene mer stinn. Bei sozialer Kohäsioun denke mer ënner anerem un déi opkommend rassistesch Tendenzen an der Gesellschaft an d'Schéier tëschent aarm a räich, déi ëmmer weider auserneen drifft. Mir begréissen dowéinst ausdrécklech souwuel d'Ënnerschreiwe vum Pacte du Vivre ensemble, wéi och d'Kreatioun vum neie Léierstull „Histoire et Migration" an Zesummenaarbecht mat der Uni an dem Centre doc. Genausou begréisse mer, dass d'Gemeng sech zu 50% bei der Allocation de vie chère an zu 25% bei der Prime énergétique bedeelegt. Grad an dësen Zäite kréien ëmmer méi Leit Schwieregkeeten d'Enner beieneen ze halen. A wa mer zwar der Meenung sinn, dass dee Problem misst méi strukturell an op nationalem Niveau ugepaakt ginn, sou erkenne mer awer un, dass zumindest d'Gemeng probéiert, hiert ze maachen.

Mir sinn och frou, dass d'Taxe fir d'Menagen net schonn nees erhéicht ginn, virun allem well déi lescht Erhéijung jo eréischt dräi Joer zeréckläit. An trotzdeem kënne mer net ganz mat der Taxepolitik zefridde sinn, well se eiser Meenung no einfach net differenzéiert genuch ass. Mir stinn hannert dem Prinzip vum Pollueur payeur. Deen, dee vill verdreckt oder vill Ressourcë verbraucht, dee soll och dofir bezuelen. Dat mécht net nëmmen vum ekologeschen, mee och vum soziale Gesiichtspunkt Sënn. Well mer aus villen Etüden, virun allem vun Oxfam - fir just déi ze nennen - wëssen, dass déi Leit, déi vill Suen hunn, och responsabel si fir en héijen $CO_2$-Foussofdrock an en héije Ressourcëverbrauch. Et kéint ee mengen, de Géigendeel wier wouer, well déi Leit jo d'Méiglechkeet hu sech eng Fotovoltaikanlag an eng Wärmepompel ze installéieren, hiert Haus gutt ze isoléieren a sech en Elektroauto ze kafen. Mee et sinn och si, déi sech leeschte kënnen, vill ze verbëtzen, eng privat Schwämm oder eng Sauna doheem ze hunn a méi eng grouss Wunnfläch zur Verfügung hunn. Ech wëll elo net all déi Leit an den Eck stellen an hinnen e schlecht Gewësse maachen. Ech wëll just weisen, dass d'Taxepolitik e gudde Moyen ass, fir souwuel sozial an ekologesch Krittären, Klima an Aarmut, sozial Kohäsioun a Resilienz ënnert een Hutt ze bréngen.

Den Här Spina huet d'lescht Woch alt nees gesot, de Waasserpräis misst käschtendeckend sinn. Dobäi hate mer déi Diskussioun jo scho reegelméisseg am Gemengerot, virun allem och ënnert menge Virgänger. Jo, de Käschtendeckungsprinzip muss global agehale

ginn, mä dat verhënnert awer net d'Aféiere vun enger differenzéierter Tax, déi op sozialen an ëmweltpoliteschen Aspekter berout. Waasser ass déi wichtegst Ressource, déi mer hunn a se ass net onendlech. Dat heescht, mir musse gutt drop oppassen. Den Accès zu Waasser ass och e Mënscherecht. Bon, Nestlé gesäit dat e bëssen anescht, mä ech mengen, dass mir eis hei awer kënnen eens sinn. Mir brauchen et all an däerfen et gläichzäiteg net verschwenden. An där Logik versti mer net, firwat mer nach ëmmer enger Koppel mat privater Schwamm de selwechte Kubikmeterpräis verrechnen, wéi enger Famille monoparental mat dräi Kanner, déi den absolutte Minimum vläicht u Waasser verbraucht. Et gëtt Berechnungen, wéi vill Liter Waasser ee plus ou moins brauch als absolutte Minimum an dat sinn zirka 50 Liter op de Kapp pro Dag. Wa mer géinge soen, de minimale Verbrauch, dee stelle mer gratis zur Verfügung a wat de Verbrauch méi an d'Luucht geet, klëmmt och de Präis, soudass d'Verschwendung bestrooft gëtt, da géingen déi Leit belount ginn, déi hire Waasserpräis reflektéieren. An déi aner géingen dofir suergen, dass de Käschtendeckungsprinzip agehale gëtt.

Sozial Kohäsioun, Ressourcëschutz a Resilienz zesumme geduecht. Sou stelle mer eis eng progressiv Taxepolitik vun der Gemeng vir. De gestaffelte Waasserpräis, dee mer säit mëttlerweil 25 Joer, also sou laang gëtt et déi Lénk, fuerderen, wier en Ufank. Am Fong bräichte mer och e gestaffelten Energiepräis. Grad d'Energiepräisser maachen de Leit am Moment immens vill Suergen. Mir hunn dat och am Rapport d'activité vum Office Social gesinn an et wäert d'nächst Joer kaum besser ginn, wann och nach de staatlechen Deckel ewechfält. Leider huet d'Gemeng an deem Theema am Moment keng wierklech Decisiounskraaft, dat wësse mer. Mä vläicht kréie mer eng Kéier d'Geleeënheet, fir och d'Energieproduktioun an d'Distributioun nees an d'ëffentlech Hand ze integréieren. Zumindest kann d'Gemeng sech awer eng Strategie ginn, fir selwer propper an erneierbar Energie ze produzéieren. Mir sinn dowéinst frou, dass d'Hartnäckegkeet vu mengem Virgänger, dem Jos Thill, sech ausbezuelt huet a mëttlerweil d'office Fotovoltaikanlagen op Gemengegebaier mat ageplangt ginn. Am Joer 2024 ass dat awer och dat Mindest, wat mer maache kënnen, fir der Klimakris entgéintzewierken.

D'Gemeng hëlt eng Rei Initiativen an Ëmwelt- a Klimaschutz. De Projet Stadtbegrünung, mee och d'Etüden zum Héichwaasser an zur Upassung un d'Klimakris, déi jo dann d'nächst Joer sollen ëmgesat ginn, sinn hei begréissenswäert. Trotzdeem hu mer awer d'Gefill, dass et nach ëmmer un enger globaler Strategie feelt, virun allem fir déi néideg Energietransitioun ëmzesetzen. Am Joer 2024 ass den Zuch eigentlech fort, fir als Schäfferot vun der véiertgréisster Gemeng am Land nach e Bändche virun enger Elektroborn duerchzeschneiden. Et mengt een, mir hätten elo grad emol entdeckt, dass Autoen och kënnen elektresch ugedriwwe ginn.

Här Buergermeeschter, déi Lénk komme schlecht laanscht eng Budgetsried ouni iwwert d'Logementspolitik ze schwätzen. Et ass a bleift déi gréisste Suerg vun de Leit. Dat gesi mer hei zu Diddeleng am Rapport d'activité vum Office social, mee och nach ganz rezent national am Politmonitor. An de leschte Joren huet de Schäfferot hei gewëssen Efforte gemaach. An dat hu mer och ëmmer erëm begréisst. Leider fanne mer am Budget fir dat nächst Joer keng Positioun fir en neie Projet erëm. Dobäi hate mer eis Hoffnung gemaach, well den Office social jo extra 700.000 Euro un d'Gemeng rembourséiert huet, fir zukünfteg Investissementer an den abordabele Wunnengsbau ze finanzéieren. Laut Budget tauchen déi Suen awer elo nëmme beim Projet an der Rue de Commerce op, dee 2024 jo ofgeschloss gëtt. Mir wëssen, dass de Moment e puer Projeten ënnerwee sinn an dass eis Servicer sech och net kënnen an honnert deelen. Mee déi Projete si jo alleguer elo am Bau oder quasi ofgeschloss, soudass mer eis zumindest gewënscht hätten, dass e Kredit géing virgesi ginn, fir falls sech eng Opportunitéit géing am Laf vum Joer bidden, fir e Vefa oder en Terrain opzekafen.

A senger Äntwert op eis Fro zur Strategie puncto Logementskris huet de Schäfferot jo selwer confirméiert, dass och d'Gemeng muss hir Responsabilitéit droen an dass ee wichtegt Instrument an deem Kader d'Gesetz relativ zu den Aides à la pierre ass, wouduerch de Staat de Gemenge kann e Subsid vu bis zu 75% ausstellen, wa se abordabele Wunnraum schafen. Mir wëssen, dass déi 75% e maximale Plaffong sinn. Mee mir hunn awer och am Fall vum Projet an der Rue Nic Bodry gesinn, dass bei enger gudder Planung dee Seuil awer definitiv kann erreecht ginn. Domat ass et jo net eriwwer, well déi Logemente jo duerno och verlount ginn an de Loyer, och wann en natierlech abordabel ass, nees eng weider Recette fir d'Gemeng schaaft. A schlussendlech musse mer eis einfach bewosst sinn, dass et eis indirekt méi deier gëtt, wa mer net an de soziale Wunnengsbau investéieren, well da méi Leit um fräie Marché musse lounen, déi sech dat awer am Fong net leeschte kënnen. A mir hinnen dann, jee nodeem, iwwert den Office social mussen ënnert d'Äerm gräifen.

Ech weess, dass dat Iech bewosst ass. A wéi gesot, an de leschte Joren hutt Der gewëssen Efforten an dësem Dossier gemaach. Mä mir géingen eis trotzdeem do nach méi eng kloer Strategie wënschen. Dat ass jo och schonn haut vun de grénge Kolleegen ugeschwat ginn. À propos Strategie hu mer eis gefrot, wat et mat där Etude globale Logements sociaux op sech huet. Do hate mer 2023 50.000 Euro virgesinn, fir dëst Joer an déi ginn elo op 2025 rapportéiert. Dat géing eis interesséieren. Mir hunn als Diddelenger awer net nëmmen de Problem, dass et eis un abordabelem Wunnraum feelt, genau esou feelt et eis u Bauland. Ganzer 9,5 Hektar gëlle bei eis um Territoire als Bauland a kéinte muer bebaut ginn, wann de Proprietär net géing blockéieren. Een eenzege Proprietär hei zu Diddeleng huet 82 Ar. Do ass net den Terrain mat sengem eegenen Haus, wann en dann hei wunnt, abegraff. 82 Ar un eidelem Bauland, dat einfach do läit an einfach do leie gelooss gëtt. Dat geet dach net, net méi an dësen Zäiten, wou esou vill Leit an ze klengen, insaluberen oder net adaptéierte Wunnenge mussen eens ginn.

Den Här Buergermeeschter huet jo a senger Budgetspresentatioun bedauert, dass zu Diddeleng, ech zitéieren „wéineg Proprietäre vill Terrainen hunn". Leider huet en dat net am Kontext vun der Wunnengskris, mä vun der Wirtschaft gesot, well den Ekonomiesministère géing déi national Industriezone gär vergréisseren. Bon, mir als déi Lénk géingen déi wéineg Proprietäre mat vill Terrain gären incitéieren, déi Terrainen ze bebauen oder engem ze verkafen, dee se da géint bebauen. Mee do profitéiert d'Gemeng an eisen Ae net genuch vun den Instrumenter, déi eis zur Verfügung stinn.

Den Impôt foncier op eidelem Bauland klëmmt just lues, an dat och just op eisen Drock hin. Wann 2023 eis Motion ugeholl gi wier, fir eng ambitiéis Erhéijung vum Hiewesaz vum Impôt foncier, dann hätte mer dëst Joer zumindest 112.000 Euro méi zur Verfügung gehat, fir an den abordabele Wunnraum ze investéieren. Dat ass net d'Welt, mä et wier zumindest en Zeeche gewiescht fir déi puer Proprietären, dass se sollten driwwer nodenken, zumindest en Deel vun hiren Terrainen ze viabiliséieren. De Schäfferot seet ëmmer, dass mer eng strukturell Reform vun der Grondsteier brauchen, an dass de Problem vum Leerstand muss national ugaange ginn. An domat si mir och d'accord. Mee wat maache mer dann, wa mer eng riets-liberal Regierung do sëtzen hunn, där hir Prioritéit et jo offensichtlech net ass, Groussgrondbesëtzer méi staark ze besteieren?

Ech hu virdru gesot, dass d'Aarmutsbekämpfung an eisen Aen eng strukturell an national Aufgab ass. An trotzdeem ënnerstëtze mer den Effort vun der Gemeng, sech un der Allocation de vie chère ze bedeelegen. Genau esou misst et och hei sinn. Wann d'Regierung net handelt, da kënne mir net an de Gemengen awer och einfach d'Hänn an d'Schouss leeën a waarden. A wann Dir net wëllt un eng iwwerliefte Grondsteier fréckele goen, dat verstinn ech och, dat ass guer kee Problem. Da kommt, mir maachen et richteg a féieren eng lokal Mobiliséierungssteier an. Domat géinge mer weisen, dass déi Problematik ëmmer nach aktuell ass. Esou eng Mobiliséierungssteier kéint jo och progressiv a sozial gerecht gestalt ginn, soudass se eréischt bei deene Proprietäre wierkt, déi e puer Terrainen hunn an net just en Terrain fir d'Enkelkanner reservéieren.

A wann dann, widder Erwaardung, d'Regierung sollt wakereg ginn op deem Sujet, ma tant mieux. Schlëmmstefalls schafe mer déi Tax dann nees no e puer Joer of. Dann ass jo och näischt geschitt. Zumindest hu mer dann all eis Instrumenter genotzt, fir déi Ongerechtegkeet punkto Baulandbesëtz hei an der Stad unzegoen. Här Buergermeeschter, Diddeleng ass eng Stad, an där et sech gutt liewe léisst, zumindest wann ee sech bis eng Wunneng leeschte konnt. Mä mir wëllen dat awer och guer net kleng rieden. Mir hunn eng regional Musekschoul, ganz vill an erfollegräich Sportveräiner, gutt Infrastrukturen. Wat eis Offer u kulturellen Aktivitéiten ugeet, mécht warscheinlech keen eis eppes vir. Mir si frou, dass ëmmer vill an de Sport an an d'Kultur investéiert gouf, well dat wichteg ass fir eist Zesummeliewen a fir eis physesch a mental Gesondheet.

Am Kontext vu Kultur an Evenementer hätte mer just zwou Froen. Zum engen hu mer gesinn, dass schonn eisen neit Fest fir 10.000 Euro am Budget steet „Summer Events wéi am Süden". Kënnt Dir eis vläicht kuerz soen, wat et domadder op sech huet, wann ech gelift. An dann ass deen ominéise Prix du citoyen d'honneur mat 20.000 Euro budgetiséiert. Wärend der Diskussioun zur Schäfferotserklärung hat ech scho gefrot, wat et domadder op sech huet. Dat war dee Moment, mengen ech, nach net ganz kloer. Kënnt Der eis do vläicht elo méi soen? Soll deen Éierebierger elo all Joer gewielt ginn? An 20.000 Euro, dat si scho vill Suen. Dat schéngt jo méi wéi just eng kleng Receptioun ze sinn. Ëmmerhin ass de Budget duebel sou héich wéi d'Sportleréierung dëst Joer kascht huet. Ass dat ee monetariséierte Präis? A wéi gëtt deen Éierebierger oder déi Éierebiergerin gewielt? Wéi mer an eiser Sektioun driwwer geschwat hunn, do si schonn déi ganz komeschst Iddien opgetaucht. Do wiere mer frou, ze héieren, wat Dir Iech genau do drënner virstellt.

Diddeleng ass och eng divers a multikulturell Staat, an där probéiert gëtt, d'Biergerparticipatioun seriö ze huelen. Säit e puer Joer hu mer dee partizipative Budget, wat jo och eng laang Fuerderung vun eis als déi Lénk war. A well mer ganz iwwerzeegt vun deem Instrument sinn, ënnerstëtze mer och ganz gären d'Amendement vun deene gréng Kolleegen. Mir maachen och vill fir d'Zesummeliewen tëschent Lëtzebuerger an aneren Nationalitéiten hei an Diddeleng ze vereinfachen. Mir hunn de Café des Langues, eis Sproochecours an eis Flyere ginn a vill verschiddene Sproochen divulgéiert. An da maache mer heiansdo dee komplette Géigendeel an et happert u ganz selbstverständleche Saachen. Reuniounen, wou et ganz kloer ass, dass vill Leit do sinn, déi keen oder wéineg Lëtzebuergesch verstinn, ginn trotzdeem konsequent op Lëtzebuergesch ouni Iwwersetzung ofgehalen. Ech hat d'Diplomiwwerreechung vun de Sproochecoursen schonn eng Kéier hei als Beispill genannt.

Mee bei Biergerversammlungen ass et oft genau dat selwecht. Bei Projeten, wou mer begleet ginn, ob dat Projete vun der Biergerpartizipatioun sinn, wou mer vun der Uni begleet ginn oder de Projet Balzeng, dee jo ganz participativ funktionéiert a vun Experte begleet gëtt, do gëtt et op méi Sprooche kommunizéiert, respektiv eng Iwwersetzung steet zur Verfügung. Mä wann d'Gemeng eppes aleng organiséiert, schéngt net do dru geduecht ze ginn. Dat rezentst Beispill ass d'Biergerversammlung zu den Tiny Houses oder och d'Informatiounsversammlung zu den Tennisterrainen um Stade Kennedy. Do gouf reng nëmme Lëtzebuergesch geschwat. Meng Nopesch op menger rietser Säit freet dat vläicht, mee an enger Stad wéi Diddeleng, mat 116 Nationalitéiten, kann et dat jo awer net sinn. Do misst wéinstens eng Iwwersetzung op Franséisch garantéiert sinn. Wann da kee kënnt, deen eng Iwwersetzung benéidegt, dann ass dat eeben esou.

Mä wa mir als Gemeng eis Participatioun an Zesummeliewe wëllen op de Fändel schreiwen, dann däerfe Sproochen an eiser multikultureller Stad net esou einfach an esou séier zu enger Barrière ginn. Och an de Kommissiounen ass et iwwregens méiglech, dass Mat-

bierger deelhuelen, déi kee Lëtzebuergesch verstinn. Wann se däerfe wielen, da musse mer hinnen och erméiglechen, dass se aktiv matschaffen an diskutéieren. An zwar net nëmmen an der Commission du Vivre ensemble, mä an all de Kommissiounen. Soss däerfe mer eis net wonneren, dass den Taux vun den Aschreiwungen op d'Wielerlëschte esou geréng ass, wa mer eise Matbierger net weisen, dass eis hir Meenung interesséiert an net nëmmen hire Vott.

Éier ech zu mengem leschte grousse Punkt kommen, wollt ech e puer kuerz Remarken a Froen an de Raum geheien. Et wäert Iech kaum wonneren, dass mer net kënnen domadder d'Accord sinn, dass alt nees 150.000 Euro virgesi sinn, fir Renovatiounen un der Martinskierch. Eis Kierch ass e schéint Gebai a mir si frou, dass et gutt an der Rei gehale gëtt. Virun allem nodeem mer jo de leschte Mount gesinn hunn, wéi de Kierchefong mat der Kapell Saint Eloi ëmgaangen ass. Mä mir si prinzipiell fir eng konsequent Trennung vu Kierch a Staat an an där Logik si mer net domadder averstanen, dass de Steierzueler finanziell muss fir e Gebai opkommen, dat mir net kënne fräi notzen, wärend de Kierchefong eigentlech labber selwer déi néideg finanziell Mëttel hätt fir se ze ënnerhalen.

Ech hunn och net d'Zäit fir grouss op den Enseignement anzegoen. Selbstverständlech ënnerstëtze mer den Invest an eis Schoulen a Maison Relaisen. Et ass allerdéngs nach ëmmer esou, dass mer e grousse Mangel u Crèchen hunn, dat ass och schonn de Moie gesot ginn. Et kënnt elo eng Kreesch A Bëlleg dobäi, dat ass eng gutt Saach, mä et kënnt jo och en neie Quartier dobäi. Vun NeiSchmelz, mol guer net ze schwätzen, well déi Crèche, déi wäert warscheinlech och grad mol duergoen, fir eeben all déi nei Leit kënnen ze bedéngen, déi dohinner wunne kommen. Mä den aktuelle Mangel wäert warscheinlech och an Zukunft nach bestoen.
Eis ass bewosst, dass dat ëmmer e ganz konsequenten Invest an e grousse Pak u Sue bedeit. Mee iergendwa musse mer dat awer ugoen, well am Moment hu wierklech vill, vill Familljen hir Schwieregkeete fir eng Plaz ze fannen.

Zur Mobilitéit och just zwee Gedanken. Zum enge si mer frou, dass de privaten Exploitant vum Parking am Duerf endlech säi gewënschte Benefice mécht, soudass mir deen net méi musse finanzéieren. Dir wësst, dass mir do vun Ufank un dogéint waren an et ëmmer nach eigentlech allerhand fannen, dass mir als Gemeng engem privaten Exploitant säi Benefice musse mat ëffentleche Gelder garantéieren. Zum TICE gouf gesot, dass mer elo nach fir ee Joer eng provisoresch Konventioun hunn, déi weiderleeft, bis dass d'Verhandlungen ofgeschloss sinn. Hu mer do richteg verstanen, dass do all d'Konditioune wéi bis elo nach dat Joer viru lafen, also dass och de Citybus nach ee Joer ënnert dem TICE leeft? Do ass nämlech just ganz wéineg Schwankung eigentlech am Budget a mir sinn dovunner ausgaangen, dass wa mer deen elo missen eleng finanzéieren, dass déi Schwankung méi grouss wier. Vu dass eis Gemeng jo mëttlerweil zwee Vertrieder an de Verhandlungen huet, hoffe mer dann och, dass se dat bescht wäerte fir eis Bierger erausschloen, soudass d'Offer, d'Qualitéit an d'Aarbechtskonditioune vun eisem ëffentlechen Transport och an Zukunft ofgeséchert sinn.

Dee leschte grousse Punkt, dee mer gäre géingen uschwätzen, an do si mer haut bestëmmt net déi eenzeg, dat ass d'Transparenz. Well do happert et awer ëmmer nach e bëssen. De Fait, dass mer eis géinge wënschen, dass grouss Projete reegelméisseg an de Finanzkommissioune géinge presentéiert ginn, hat ech schonn am Ufank ernimmt. Mä et ass eis esou wichteg, dass ech et elo nach eng Kéier wollt soen. Och géinge mer eis wënschen, an Zukunft als Gemengerot konsequent op d'Biergerversammlungen invitéiert ze ginn. Och wa mer de Projet am Fong scho kennen. Well als Vertrieder vun de Bierger dobaussen interesséiert eis jo och hiren Input. Dat lescht Beispill wier de Projet vun der Butschebuerger Strooss. Jo, dee Projet hate mer scho virgestallt kritt an trotzdeem wiere mer gären op d'Biergerversammlung invitéiert ginn. Dann hätte mer och d'Diskussioune matkritt. Well anscheinend eng ganz Rei Awunner awer net ganz zefridde si mat deem Projet. Jee nodeem kënnen op esou Versammlunge jo och emol Verbesserungsvirschléi opkommen a wann dat bedeit, dass e Projet e bësse méi deier gëtt, ma da wësse mer zumindest, wou dat hierkënnt.

Wa mer vun Transparenz schwätzen, komme ech awer och net dolaanscht nach, ech verspriechen, eng leschte Kéier op de Vefa an der Rue des Champs ze schwätzen ze kommen. Dee war Ufank des Joers an enger Course mat zwee anere Vefa-Projeten a vun deenen dräi Projete wollt d'Gemeng ee kafen. An et kann einfach net sinn, dass mir dann am Abrëll eng Deliberatioun vum Schäfferot virgeluecht kréien, aus där erausgeet, dass am Januar decidéiert gouf, wéi ee Projet soll opkaaft ginn, obwuel schonn am Dezember virdrun, wärend de Budgetsriede ganz kloer vun dësem konkrete Projet geschwat gouf. A wa mer dann nofroen, wéi et méiglech ass, dass d'Fraktioun vun der LSAP scho wosst, wéi e Projet géing gewielt ginn, éier de Schäfferot offiziell seng Decisioun op anscheinend ganz neutrale Krittäre baséiert huet, da kréie mer als Äntwert, dass ee sech net méi doru kéint erënneren.

Gutt, dass eis Reuniounen hei opgeholl an transkribéiert ginn, well da kann een dat nämlech schwaarz op wäiss noliesen, dass am Dezember gesot gouf, ech zitéieren: „Finalement stinn och 2 Milliounen Euro fir de Projet VEFA Vente en état futur d'achèvement an der Rue des Champs" Punkt. Do hat ee Wuert gefeet. De Fait, dass elo anscheinend kee sech méi dorun erënnere kann, dat mécht eis awer am stutzegsten, well mer eis esou ganz ouni Erklärung musse froen, wat soss nach fir ontransparent Decisioune geholl ginn a wéi oft d'Vertrieder vun der Majoritéit Informatiounen hunn, déi eis als Oppositioun einfach net zur Verfügung stinn.

Last but not least musse mer nach eng Kéier op de Sommet économique local zeréckkommen. Mir bedauere wierklech weiderhin, dass de Gemengerot net méi konkreet an den Austausch mam Minister an de wirtschaftleche Vertrieder op eisem Territoire mat agebonne gëtt. Mir sinn eis bewosst, dass de Gemengerot net de Schäfferot ass an dass mer déi Rollen net solle vermëschen. An trotzdeem menge mer, dass

do d'Méiglechkeet gewiescht wier, fir d'Membere vum Gemengerot do méi anzebauen, soudass mer och eis politesch Decisiounen hei kënnen en toute connaissance de cause huelen. Déi wirtschaftlech Situatioun vun Diddeleng a senge Betriber huet jo e groussen Impakt op ganz vill Decisiounen, déi mer hei mussen huelen an doduerch och op de Budget. Zumindest gouf et jo eng kleng Ouverture fir eis an Zukunft am Kader vun deem Sommet op d'Visite d'entreprise ze invitéieren. Dat ass ëmmerhi besser wéi näischt a mir freeën eis da scho fir 2026 dobäi kënnen ze sinn. Mir hunn awer net vergiess, wéi am Kader vun där Debatt d'Majoritéit eis als ganz Oppositioun virgehäit huet, mir kéinten e Huis clos net anhalen. Mir géingen déi sensibel Donnéeën un eis Parteigremien, un eis Gewerkschafte weiderzielen.

Dat war schonn e staarkt Stéck an et gouf zu Recht vun de Kolleegen hei aus der Oppositioun och esou kritiséiert. Et ass allerdéngs, an ech kommen net derlaanscht, eng gewëssen Ironie, dass genau déi selwecht Spriecherin, déi eis dee Virworf virun zwee Méint gemaach huet, net méi spéit wéi d'lescht Woch op eng flagrant Aart a Weis de Huis clos net respektéiert huet. Déi eng Personaldecisioun, déi méi spéit um Ordre du jour stoung an iwwregens nach ëmmer net geholl gouf, schonn am Viraus hei genannt huet. Wann dat engem Vertrieder hei vun der Oppositioun geschitt wär, da wier et awer lassgaangen. Vläicht kënne mer eis eens ginn, dass mir als Oppositioun net manner vertrauenswürdeg si wéi d'Majoritéit, soudass mer an Zukunft e bësse méi kënnen agebonne ginn a méi Transparenz ka walte gelooss ginn.

Här Buergermeeschter, Dir hutt et vläicht erausheéieren, mir wäerten dëse Budget aus all deenen Iwwerleeungen net kënne matstëmmen. Ech hunn awer nach eng lescht Remark, déi méi d'Form wéi den Inhalt betrëfft. D'Presentatioun vum Budget ass e schwieregen Exercice. An ech däerf dat soen, well ech dëst Joer jo eréischt fir d'zweet dobäi war an dat erlieft hunn. Wärend bal dräi Stonne krute mer e Rapport d'activité vum ganze Schäfferot. Dräi Stonnen, wou mer als Oppositioun musse konzentréiert nolauschteren an Notten huelen a probéieren, déi relevant politesch Informatiounen zum Budget erauszefilteren. Mir verstinn, dass d'Budgetspresentatioun de politeschen Highlight fir jiddereen ass. D'Majoritéit ka soen, wat se alles gutt mécht an d'Oppositioun kann hirer Meenung fräie Laf loossen. Mee dräi Stonnen Diktat, dat ass schonn hefteg.

Ech hu mech dowéinst e bëssen informéiert, wéi eng Budgetsdiskussioun op anere Plazen ofleeft. Zu Esch schwätzt just de Buergermeeschter wärend enger gudder Stonn. An der Stad, do maache se dat ganz seriö. Do ernennen se nämlech e Rapporter, wéi se dat och an der Chamber maachen. Néierens schéngt eng Presentatioun sou laang ze dauere wéi bei eis. Dat ass awer net eise Problem. Wat se nach all vereent, dat ass, dass no der Budgetspresentatioun de ganze Gemengerot an déi ganz Chamber, also och d'Oppositioun, déi politesch Prioritéite schrëftlech kréien. Also entweeder d'Ried oder de Rapport vum Rapporter hunn se herno schrëftlech virleien. Net just déi blank Zuelen, mee déi politesch Prioritéiten.

Vläicht wär dat eng Pist, op déi een, zumindest deelweis, kéint an nächster Zäit agoen. Dat géing eis - mengen ech - alleguerten d'Liewen awer e bësse vereinfachen. Ech kann Iech versécheren, dass zumindest ech selwer am Laf vun deenen dräi Stonnen de leschte Freideg, iergendwann de Bësch vu lauter Beem net méi gesinn hunn. A falls ech also haut Froe gestallt hunn oder Saachen opgeworf hunn, déi eigentlech d'lescht Woch scho beäntwert goufen, da wësst Der, dass et net schlechte Wëlle war, mee dass et net esou einfach ass. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma, den Här Meyer huet d'Wuert.

MARC MEYER (DP): Beim Liese vun de Budgetspropositiounen, déi ganz detailléiert a propper sinn - e grousse Merci duerfir – si mir e puer Punkten opgefall, déi mir ganz gutt gefall hunn. Punkte, déi och an eisem Walprogramm erëmzefanne sinn, déi Diddeleng no vir wäerte bréngen a bei deenen et mech freet, datt d'nächst Joer, respektiv an den nächste Jore mat hirer Ëmsetzung ugefaange ka ginn. Mir begréissen et zum Beispill enorm, dass eng gréisser Investitioun fir Fotovoltaikspannoen usteet, déi geduecht si fir um Daach vum Centre sportif René Hartmann installéiert ze ginn. Esou, wéi et och bei eis am Walprogramm stoung, wéi ech dat jo och am Gemengerot scho gesot hunn, si mir dofir, dass eis Gemeng an erneierbar Energien investéiert, mam Zil, Eegeversuerger ze ginn oder fir dass eis Gemeng wéinstens dee gréissten Deel u Stroum, deen si brauch, selwer hierstelle kann.

E grousse Problem, deen net nëmmen hei zu Diddeleng herrscht, ass, dass vill Leit op der Sich no enger Wunneng sinn an deelweis verzweifelen un de Präisser, déi obschonn se an de leschte Méint laut Statistik e bëssen erofgaange sinn, nach ëmmer zimmlech héich sinn. Dat selwecht zielt fir d'Scholdzënsen, déi och nach ëmmer däitlech iwwer 4% leien, wat den Taux variable ugeet. Déi kleng Offer u Wunnengen um Marché, déi ënnert anerem doraus resultéiert, dass - obschonn zënter laangem Wunnengen hei zu Lëtzebuerg feelen an de leschte Joren an dëst trotz diverse Beméiungen, déi säitens der Politik geholl goufen - weider net gebaut gouf an doduerch nach manner Haiser, Appartementer a Studioen disponibel sinn. Mir ënnerstëtzen de Bau wéi och d'Kafe vu Gebailechkeeten, fir abordabele Wunnraum ze schafen. Jidderee soll en Daach iwwert dem Kapp hunn, soll kënnen am Dréchene sëtzen, dofir si mir frou, dass dëst am Budget net vergiess gouf.

De Schoulhaff, wéi och d'Spillplazen, sinn déi Plazen, wou d'Kanner sech austobe kënnen a Frëndschafte fir d'Liewe entstinn, e Grond, wisou et wichteg ass, dass duerno gekuckt gëtt a se reegelméisseg erneiert an de Besoine vun de Kanner ugepasst ginn. Dëst ass e weidere Punkt, bei deem et eis freet, dass et am Budget verankert ass.

Sport ass wichteg fir d'Gesondheet, fir Krankheete virzebeugen a verbënnt d'Leit mateneen. Ech kenne keng Gemeng hei am Land, wou den Zesummenhalt tëschent de Bierger esou grouss ass wéi hei an eiser Sportstad

Diddeleng. Dofir muss ëmmer erëm dofir gesuergt ginn, dass eis Sportler déi Infrastrukture kréien, déi si brauchen, fir hire Sport ideal kënnen auszeüben. E Projet, deen, wéi Dir wësst, mee besonnesch um Häerz läit, ass d'Hal, déi an der Enceinte vum Kennedy Terrain soll gebaut ginn, vun där virun allem den CAD an den Tennis profitéiere wäerten. De Montant, dee fir 2025 am Budget virgesinn ass, weist jo dann och, dass et mat dësem Chantier elo endlech lassgeet. Ma, fir kënne Projeten unzegoen, respektiv ëmzesetzen, muss een natierlech och déi finanziell Mëttel hunn. An dofir géing ech dann als éischt gären emol e puer Wierder iwwert d'Recettë verléieren. Sécher hätte mir all gären, dass eis Keessen nëmmen esou géife sprudde-len. Mee leider geet et net ëmmer esou, wéi een sech dat wënscht. Positiv ass awer mol, dass eis ordinaire Recetten, wann een elo de Budget rectifié vu 2024 mat der Propositioun fir 2025 vergläicht, e liichte Plus ze verzeechnen hunn. An da fält direkt op, dass de Plus vu Recetten net esou grouss ass wéi de Plus vun Depensen.

Dës Weidere muss ee sech och d'Fro stellen, wéi reell déi divers Recettë sinn. Hei bezéien ech mech zum Beispill op déi divers Subsiden, déi vum Staat bezuelt solle ginn a vun deenen der nach e puer sehnsüchteg erwaart ginn. Si sinn oft u Konditioune gebonnen. Et gëlt ze wëssen, dass zum Beispill d'Subsiden, déi fir de Bau vun enger Maison Relais bezuelt gi vum Staat, méi kleng kënnen ausfalen, wa beim Bau eventuell divers Ännerunge virgeholl ginn an doduerch eng oder méi Konditiounen, déi vum Staat virgesi sinn, fir Subsiden ze kréien, net méi erfëllt ginn. Op anere Plazen an dësem Budget sti Subsiden, wou ech mech froen ob déi Zuelen iwwerhaapt richteg sinn. Huele mir zum Beispill d'Subside fir Green Events. Bei de Subside vum Staat fir d'Organiséiere vu Green Events gesäit de Budget fir den Exercice 2025 5.000 Euro vir. Wéi ass et dëst méiglech, wann den Ëmweltministère dëst Joer am Juli decidéiert huet, dass all Associatioun just nach eemoleg vun engem Subsid de base vun 1.500 Euro profitéiere kann? By the way, d'Gemengen, en termes propres, sinn hei net separat ernimmt. Et gëtt eebe just vun Organisateure, respektiv Associatioune geschwat. Mee Dir kënnt mir sécherlech soen, ob et fir d'Gemengen heizou eng Derogatioun gëtt.

Mir ass och opgefall, dass all Montant, dee mat Gas ze dinn huet, quasi explodéiert. An heizou hätt ech och nach déi eng oder aner Fro. Bei de Locatiounstaxe vun de Compteure vum Gas naturel ass mir zum Beispill opgefall, dass d'Compteure vum zweete Segment an d'Compteure G25 a G40 getrennt ginn, obschonn dat d'lescht an d'virlescht Joer net de Fall war. Kënnt Dir mir soen, wéisou dëst esou gemaach gouf? A virun allem, wat ass de Grond, wéisou de Montant elo vu 37,79 Euro pro Mount op 63,48 Euro pro Mount eropgeet? Beim Benotzertarif vum Reseau vum Gas naturel fält op, dass d'Recettë viraussiichtlech vun 3,1 Milliounen Euro op 4,5 Milliounen Euro klammen. Net falsch verstoen, ech hu scho gesinn, dass an der Tabell vun den „Taxes liées à l'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel" déi Bäiträg eropginn. D'Fro ass éischter ob dës zolidd Augmentatioun fir méi Recetten ze kréien, elo just op kommunaler Basis festgeluecht



gëtt. An ech denke jo och net, dass d'Augmentatioun eppes mam Ophiewe vum Energiepräisdeckel ze dinn huet. Wann ech mech net ieren, dierft dëst nämlech kee groussen Impakt hunn. De Präis vum Gas ass nämlech mëttlerweil erëm quasi identesch mam Präis vu virun 2022, also virum Ukrainkrich. An ech mengen den Deckel ass och weider net fir d'Gemeng do grouss gülteg gewiescht.

Mir si selbstverständlech dofir, dass all Bierger beschtméiglechst informéiert soll ginn an all Informatiounen zur Verfügung gestallt kritt, déi hie brauch. Bei der Positioun vun de „Frais de marketing et de publicité" sinn erëm 120.000 Euro geplangt. Dëse Bäitrag kann een dach bestëmmt ouni gréisser Schwieregkeeten ëm e gudden Drëttel no ënne revidéieren, bedenkt een, datt bei verschiddenen Texter d'Iwwersetzung mëttlerweil iwwer e QR-Code gelies kéint ginn, a verschidde Broschüre vun der Unzuel vun den Ausgaben hier reduzéiert kéinte ginn. Dëst wier dach bestëmmt eng Iwwerleeung wäert a dee Montant hätte mir dann och erëm, fir als Sportstad Diddeleng, déi mir sinn, d'Frais de réception vun de Sportskommissiounen net mussen no ënnen ze drécken, fir nëmmen déi ze nennen. Fir eis Internetvideoen op Facebook plange mir weider 80.000 Euro mat an. Dëst ass eng Augmentatioun vun 30.000 Euro am Verglach mam Rectifié vun 2024. An dobäi si jo mol keng Walen d'nächst Joer. Zwinker, zwinker!

Wéi gewosst ass, steet d'DP fir Digitalisatioun a mir sinn och dofir, dass eis Gemeng um neiste Stand vun der Technik soll sinn. Wann ech dann awer gesinn, dass d'Locatioun vun de Logiciellen am Secteur non public vu 675.000 Euro op 1,1 Millioun Euro klëmmt, an als Erklärung just do steet, dass d'Präisser e bësse klammen an e puer Lizenze méi kaf ginn, geet mir dat awer net esou richteg duer. Duerch d'Funktioun, déi ech berufflech ausüben, hunn ech och gesinn, dass d'Präisser fir d'Lizenze geklomme sinn, awer bei wäitem net an deem doten Ausmooss. Hei schwätze mir jo vu bal enger Verduebelung. Dat selwecht fält bei de Maintenancekontrakter op, déi sech och vu 65.000 Euro esouguer méi wéi verduebelen an dëst och viraussichtlech 150.000 Euro. Och mam Argument, dass hei eng Erweiderung vun der Informatik virgeholl gouf, stellt ee sech awer d'Fro ob et do net méi eng gënschteg Alternativ gëtt.

Wéi scho gesot hunn ech matkritt, datt d'Informatik ausgebaut gëtt. Mir sinn, wat dëse Posten ugeet, jo scho vun 159.595 Euro am Joer 2023 op 570.000 Euro am Joer 2024 geklommen. 500.000 Euro si fir

d'nächst Joer virgesinn. Wéi gesäit d'Saach elo nom nächste Joer aus? Hu mir eis Informatik da genuch ausgebaut a kënnen erëm, wat d'Ausgaben op dëser Positioun ugeet zur Normalitéit, spréch wéi et am Joer 2023 war, kommen? Oder ass déi hallef Millioun Euro och elo zukünfteg déi nei Normalitéit? Wuelverstanen hu mir, wat dat informatescht Material fir d'Schoulen ugeet, och nach 135.000 Euro separat ageplangt. Mir schwätze jo hei vun de Primärschoulen, wou d'Kanner keen Ecran virun d'Nues gestallt kréien an et och keng Tabletsklasse ginn, wéi dat a munche Lycéeën de Fall ass. Dofir froen ech mech ob dëse Montant da just geduecht ass fir dat normaalt Remplacement vun de Computeren, déi dem Léierpersonal zur Verfügung gestallt ginn, a falls Jo, wéi laang esou e Computer ze halen huet, éier en ersat gëtt, respektiv ersat muss ginn.

Et gouf eis jo wärend der Budgetspresentatioun d'lescht Woch matgedeelt, datt mir zwee nei Camione brauchen, déi net geschenkt sinn. Esou wäit alles gutt. Ronn 900.000 Euro fir zwee Camione fannen ech dann awer net schlecht. D'Fro ass: Sinn hei, also fir op dës Zomm ze kommen, am Virfeld da wéinstens mindestens dräi verschidden Devisen ugefrot ginn, fir eventuell och emol ze kucken, ob net nach méi gënschteg Modeller an der selwechter Qualitéitsklass um Maart sinn? E puer Suen aspueren ass eis sécherlech ni falsch, wann een op der richteger Plaz spuert. Ob d'Spuere bei de Vakanzaktivitéite vun eise Kanner, déi scho mussen an der Maison Relais hocken, déi richteg Plaz ass, bezweiwelen ech awer staark. Hei gi mir nämlech vun 150.000 Euro op 122.000 Euro erof. Ze wëssen ass, dass d'Vakanzaktivitéiten, déi vun der Diddelenger Gemeng organiséiert ginn, gratis sinn. D'Madamm Di Bartolomeo-Ries huet dozou betount, dass et e Grond ass wisou vill Leit hir Kanner umellen, eeben dass et gratis ass, an dës Kanner am Endeffekt do awer leider net optauchen. Leider muss een op d'Virumeldunge goen, wann et drëms geet, genuch Personal fir d'Betreiung vun de Kanner anzestellen. D'Personal, dat kascht.

Sinn sech heizou scho Gedanke gemaach ginn, fir ze kucken, fir dësen Effekt anzedämmen? Zum Beispill, dass e klenge Beitrag, nenne mir et Kautioun, am Viraus vun den Eltere muss bezuelt ginn, déi si dann herno erëm rembourséiert kënne kréien, virausgesat, hir Kanner haten, soe mir emol zu 70% vun deenen Aktivitéiten, fir déi si hir Elteren ugemellt hunn, deelgeholl. Op deem Wee kéint een nämlech vermeiden, dass d'Personal muss fir d'Betreiung vu Kanner bezuelt ginn, déi guer net optauchen an esou Käschte spueren. Mir schwätzen hei jo net vun Eenzelfäll, well soss hätt d'Madamm Di Bartolomeo-Ries d'Problematik jo och guer net erwäänt. D'Fro, déi sech hei mengersäits dann och stellt ass, ob schonn esou eng Mesure oder eppes Änleches geplangt ass, oder wat ass de Grond wéisou mir ronn 30.000 Euro hei aspuere wëllen? Beim Poste vum Entretien an de Reparatioune an de periodesche Kontrolle vum techneschen Equipement an esou weider klamme mir, nodeems mir scho vu ronn 17.000 Euro am Joer 2023 op 29.000 Euro am Joer 2024 geklomme sinn, elo op 40.000 Euro. Hei froen ech mech, ob dann den Zoustand vun dësen Equipementer esou schlecht ass an et doduerch resultéiert, dass ëmmer méi futti geet a gefléckt muss ginn? Falls deem esou ass, hu mir net besser, direkt wéinstens zum Deel dat Equipement ze ersetzen?

Beim reegelméissegen Entretien an der Maintenance vun den techneschen Installatiounen am Centre culturel hu mir 24.000 Euro ausginn, obscho mir der 100.000 geplangt haten. 2023 hate mer der just 36.000 Euro ausginn. Fir d'nächst Joer plange mir 105.000 Euro. Meng Fro ass hei, ob mir dann do gréisser Problemer erwaarden oder wat ass de Grond heifir? D'Ausgabe fir de Poste vum Vël'OK klammen, nodeems se scho vun 61.000 Euro am Joer 2023 op 90.000 Euro fir 2024 eropgaange sinn, elo vun 89.000 Euro am Rectifié op 97.000 Euro. Selbstverständlech si mir dofir, dass méi op déi duuss Mobilitéit ëmgeklomme gëtt. Mee wat genau gëtt hei gemaach? Nach weider Vëloe kaf, well de Besoin besteet? Oder ginn der einfach ze vill futti gemaach an dëse Surplus u Gelder ass geduecht, fir dat auszegläichen?

Wann ech mech richteg erënneren, gouf d'lescht Joer gesot, dass mir méi stabil Vëloe géinge kafen. Ass dëse Kaf schonn ofgeschloss? Oder ass de Budget vum Joer 2024 eventuell net duergaangen dofir? Ech géing bei dëser Geleeënheet dann och nach profitéieren, fir ze froen, ob et mat den Abonnementer gutt weidergeet? Wéi vill Abonnementer hu mir an ass d'Zuel vun den Abonnementer vun 2023 op 2024 geklommen? Oder ass den Interessi vum Bierger beim Projet Vël'OK méi kleng ginn? Dës Weidere wier et interessant d'Unzuel u Vëloe gewuer ze ginn, un deenen e Schued gemaach gouf.

Bei der Offallgestioun, beim Punkt vun der Gestioun vun der Kollekt vun alem Pabeier an alem Glas, klëmmt de Montant vun 10.000 Euro, dee mir fir d'Joer 2024 ausginn hunn, op 80.000 Euro. Och 2024 ware scho 86.000 Euro initial gefrot ginn. Sidd Dir effektiv der Meenung, dass dësen héije Betrag am Joer 2025 dann elo wierklech gebraucht gëtt?

Beim Punkt vum Elektresch fir de Centre sportif René Hartmann klëmmt de Montant vun 160.000 Euro am Rectifié vun 2024 op 170.000 Euro fir 2025, wat d'Elektresch ugeet. Jo, de Präisdeckel verschwënnt deelweis. Ma mir ginn 1,4 Milliounen Euro fir eng Fotovoltaikanlag um Daach vun dësem Gebai aus. Wat jo, wéi scho gesot, eng super Saach ass. Bei der Ausschreiwung hu mir dach bestëmmt dru geduecht, dass d'Anlag virum Summer soll fäerdeg installéiert ginn. Dëst géing jo op alle Fall Sënn erginn. Falls deem dann esou ass an hei mat der néideger Viraussiicht un d'Saach ugaange ginn ass, misst de Montant, dee fir Stroum op dësem Poste virgesinn ass, jo awer falen oder net. Dës Fotovoltaikanlag ass jo awer geduecht fir den Eegegebrauch vun deem Gebai ze decken oder leien ech do falsch? Mat deem, dat ee kritt, wann een aktuell an de Circuit aspeist, mécht ee jo net grad déi déck Mënz.

Am Total fale fir den Exercice 2025 ronn 11,6 Milliounen Euro Ausgabe fir d'Syndikater un. Mir wëssen, dass dës Syndikater gutt opgestallt sinn an dass si

wichteg a sënnvoll Aarbechte verriichten. Ech denken, dass et trotzdeem gëllt, dëse Montant am A ze behalen an ëmmer erëm sollt ëmgekuckt ginn, ob et net fir déi eng oder aner Saach méi käschtegënschteg Méiglechkeete ginn. Eis Nopeschgemeng Beetebuerg ass zum Beispill kee Member vum TICE. Dëst net, well si net gäre mam Bus fueren, mee well den TICE hinnen einfach ze deier ass. Mir ass dann och opgefall, dass d'Ausgabe fir de Minettkompost zimmlech gläich bleiwen, genau bei 350.000 Euro. Am Kader vum Minettkompost soll sech déi Diddelenger Gemeng awer ab 2025 mat engem Montant vun 113.298,98 Euro un de Frais d'épuration bedeelegen. De Gesamtmontant fir d'nächst Joer läit jo hei bei 1,4 Milliounen Euro a gouf proportional zum Tonnage vum Joer 2023 aus den diverse Gemengen, déi Member an dësem Syndikat sinn, opgedeelt. Ausgaben heifir sinn dann och fir déi duerno kommend Joren anzeplangen. Also, ech weess elo net ob ech dat iwwersinn hunn am Budget, mee ech hunn et op alle Fall net fonnt.

D'Sécherheet fir eis Kanner a Foussgänger muss grousgeschriwwe ginn. Reegelméisseg gëtt gekuckt, fir d'Zeebrasträife eppes besser ze beliichten an d'Vitess op de Stroossen ze reduzéieren. Viru Kuerzem krute mir an enger flotter Presentatioun hei am Gemengerot gewisen, wéi et zukünfteg virun der Butschebuerger Schoul wäert ausgesinn a wat do gemaach gëtt, fir d'Vitess vum Verkéier ze reduzéieren.
Ma mir haten och schonn emol iwwer änlech Projete virun der Gaffelter Schoul rieds. Ech weess elo net, ob ech eventuell Ausgaben heifir am Budget iwwersinn hunn.

Ech profitéieren einfach emol vun der Geleeënheet fir nozefroen, wéini geduecht ass, dës an den Ugrëff ze huelen. Op dëser Plaz gëtt nämlech enorm vill gerannt an och emol gären duerch Rout gebriedert, wat eng reell Gefor fir eis Kanner duerstellt. Wéi jo schonn emol eng Kéier gesot, hätt d'Ponts et Chaussées jo och kee Problem domat, wann hei op der Plaz géing eng Zon 30 kreéiert ginn. Dëst aus dem Grond, well do eeben nach ëmmer eng Schoul stoung. Gutt, dass virun der Gaffelter Schoul reegelméisseg Gemengebeamte stinn, fir d'Raser e bëssen anzeschüchteren. Esou, dass se wéinstens zu den Zäiten, wou d'Kanner an d'Schoul ginn, net ze vill op de Gas trëppelen. Ech profitéieren dann och op dëser Plaz, fir de Beamten, a mengem Numm an am Numm vun den Elteren, deenen hir Kanner an d'Gaffelter Schoul ginn, e Merci auszeschwätzen. D'lescht Woch gouf och gesot, datt mir Suen op d'Philippinnen iwwerweisen, fir do divers Projete géint d'Aarmut ze ënnerstëtzen. Meng Fro heizou ass, ob dat iwwert de Poste vun der Coopération au Développement et Aide humanitaire internationale leeft, dee mat 30.000 Euro am Budget steet? An ech wëll elo hei net soen, dass ech et schlecht fannen, Leit an Nout ze hëllefen, well dat ass nämlech absolut net de Fall.

Ma wier dat hei net eng Ausgab, déi éischter vum Staat misst iwwerholl ginn? Dee Moment hätte mir dann nämlech e puer Euro weider, fir eis nach méi ëm d'Aarmut an eiser Gemeng ze këmmeren, wuelwëssend, dass op dësem Plang scho ganz vill gutt Aarbecht verriicht gëtt. Ma an deem Kader ass sécher awer ëmmer all Plus u Gelder wëllkomm. D'Ausgabe fir d'Salaire sinn am Budget net ze iwwersinn. Ech weess, dass dëst e sensibelt Theema ass. An dach denken ech, dass een et muss uschwätzen. Virun engem Joer hate mir ronn 720 Leit hei bei der Gemeng schaffen. Esou gouf dat deemools matgedeelt. Déi ongeféier 200 Persounen u Schoulpersonal sinn hei emol guer net mat agerechent. D'lescht Woch gouf eis vermëttelt, dass mir mëttlerweil bal 785 Leit hei schaffen hunn. Eist Personal mécht eng gutt a wichteg Aarbecht. Do si mer eis jo heibannen ëmmer eens. An dach musse mir oppassen, dass eis d'Ausgabe vun de Salairen net iwwert de Kapp wuessen. 35 bis 40 Leit si bei der Diddelenger Gemeng zum Beispill eleng dofir engagéiert, fir eis Stad propper ze halen. Misst een hei net éischter méi dofir suergen, dass d'Leit manner Dreck op de Buedem geheien? Eventuell déi Municipalagenten, déi souwisou dagdeeglech an Diddeleng ënnerwee sinn, drop hi weisen, dass si méi en oppent An op dës Saach geheien, fir sécherzestellen, dass déi verschidde Knaschterten, déi jo da scheinbar net drun interesséiert sinn, dee richtege Geste ze maachen an hiren Dreck an d'Poubelle ze schmäissen, net méi ongestrooft dovu kommen. Dass mir eis richteg verstinn, dofir betounen ech dat nach emol, hei soll kee seng Plaz streidreg gemaach kréien. Mir mussen awer zukünfteg - denken ech - méi genau kucken ob mir gewëllt sinn, nach weider Personal anzestellen. An hei schwätzen ech net vum Remplacement vu Leit, déi an d'Pensioun ginn oder esou. Ech schwätzen hei vun enger weiderer Erhéijung vum Effektif.

Wéi d'lescht Woch hei bei der Presentatioun vum Budget gesot gouf, feiert Diddeleng gären a vill. An ech géing léien, wann ech mech net heizou géing zielen. Hei zu Diddeleng ass all zweeten Dag e kulturellen Event an Diddeleng wier all Joer kulturell Haaptstad. Esou d'Wierder, déi hei gefall sinn. E groussen Deel vun de Kënschtler, déi hei opgetruede sinn, waren national Kënschtler, déi mir als Diddelenger Gemeng jo gären ënnerstëtzen. Ma och hei musse mer oppassen, dass et net drëms geet, wéi och wärend der Budgetspresentatioun gesot gouf, dass dës Zuelen all Joers getoppt ginn. An dach gesäit et esou aus, obschonn d'Ausgabe fir Loisirs, Culture a Culte dëst Joer ganz liicht zeréckginn, wéi wa mir dat ëmmer erëm géinge probéieren. An dëst ganz egal ob mir eis grad a finanzielle Krisenzäite befannen oder net. Mir feiere gären, mir feiere vill. An dach musse mir oppassen, dass et net ze vill gëtt. Net dass eist Feiere just nach eng Prinzippiesaach gëtt an eis geschwënn zu den Oueren erauskënnt. Net vergiessen, d'Feiere kascht och vill.

Wat och kascht, dat ass e Prêt respektiv d'Scholden. Zum Theema Gemengeschold koum jo de 6. Mäerz dëst Joer en Artikel eraus, wou doraus ervirgaange war, dass d'Gemeng Mamer déi Gemeng vun deenen 100 hei am Land war, déi am Joer 2023 déi meeschte Scholden opzeweisen hat. Eppes woumat ee sech net onbedéngt rühme muss. Si stoungen deemools mat 80,5 Milliounen Euro Schold do. Eng Zomm, déi mir am Rectifié vu 2024 scho geknackt hunn an d'nächst Joer mat de geplangte bal 110 Milliounen Euro u Schold labber hannert eis wäerte loossen. D'Gemeng plangt

jo, e weidere Prêt fir 25 Milliounen Euro opzehuelen. Gutt, dass mir als Diddelenger Gemeng dëst Joer weesentlech méi Sue vum Staat kritt hunn, wéi dat initial geplangt war. Dëst gesäit een am Rectifié vun 2024, wou mir schlussendlech amplaz vun 83,5 Milliounen Euro, 93 Milliounen Euro kréie wäerten. Dëse Plus vu Recettë fir eis Gemeng resultéiert duerch de Plus u Gewerbesteier, déi de Staat anzéie konnt. An heiduerch hu mir den ursprünglech geplangte Prêt vun 43 Milliounen Euro jo net ganz an Usproch huele missen, ma just 25 Milliounen Euro. Soss wieren dës Suen och nach weider op deen immense Scholdebierg drop geschloe ginn.

D'Annuitéit vum Remboursement vun de Prêten, déi am Joer 2022 nach bei knapp iwwer 1% loung, klëmmt fir d'nächst Joer op bal 8,25%. Bei den Annuitéiten am Rapport mat de Recettes ordinaires sti mir fir 2025 mat 5,44% do. Sécher leie mir nach e Stéckelche vun der Grenz vun 20% ewech an et ass och gewosst, dass bei 15% eréischt d'rout Luuchte beim Interieur uginn. An dach gesäit een, dass mir ëmmer méi no drukommen. Dass an eng Stad investéiert muss ginn, fir dass se lieweg bleift, dat wësse mir hei bannen alleguerten an dat steet och guer net zur Debatt. Mee bevir eis Scholdekurv am Joer 2022/2023 lues awer sécher ugefaang huet ze explodéieren, Klammer op: Dëst och an der Kurv vun der Schold pro Bierger wuelwëssend, dass jo awer ëmmer méi Leit op Diddeleng wunne komm sinn. Klammer zou, esou gouf och do virdrun nach ëmmer an eis Stad investéiert.

D'Phas 1 vum Shared Space huet jo zum Beispill esou ëm den Dréi vun 2016 ugefaangen, richteg lass ze goen. Zu deem Zäitpunkt hate mir just 19 Milliounen Euro u Schold. De „just" ass hei zwëschent Gänseféisercher ze soen. Well an deem Artikel, deen ech virdrun erwäänt hat, stoung och dran, dass 17 Gemengen hei am Land 2023 iwwerhaapt keng Schold bei de Banken haten, fir dat emol ze erwänen. Dës 19 Milliounen Euro u Schold vun 2016 ware bis zum Exercice 2021 och nach bis op ronn 12 Milliounen Euro erofgaangen. An elo ass hei am Budget jo och nach net ageplangt, dass déi divers Projeten, déi momentan dobäi si realiséiert ze ginn, respektiv déi mat deenen deemnächst ugefaange wäert ginn, méi deier ginn, wéi dat initial geplangt war. An eiser Sitzung sti jo reegelméisseg Budgetserhéijungen um Ordre du jour vu Projeten, déi aus diverse Grënn méi deier ginn an ech fäerten, dass deen Effekt och net verschwanne wäert. Mir mussen also kucke fir d'Gläichgewiicht tëschent den Investissementer, déi mir tätege wëllen, an déi deels och sécher néideg sinn, op der enger Säit an op der anerer Säit dem Level vun eise Scholden, deen net däerf ausser Kontroll geroden, erëmzefannen.

Jo, déi ordinaire Recettë gi momentan och nach ëmmer an d'Luucht, awer och net an deem gläichen Ausmooss, wéi dat bei den Ausgaben de Fall ass. Wat sech jo och doran zeréckspigelt, dass de Boni hei vun 2019 u quasi permanent erofgeet a fir d'Joer 2025 bal just nach en Drëttel vun deem ass, wat e 2019 war. Leider steet et ëm d'Wirtschaft an eisen Nopeschlänner momentan net ganz gutt. Lëtzebuerg gouf bis elo nach um wirtschaftleche Plang vun esou schlechten Zuelen, wéi dëst an de Länner ronderëm eis de Fall ass, verschount. Mir wëssen awer, dass wann et schlecht ëm eis grouss Nopere steet, dat och fréier oder spéider Auswierkungen op eist Land wäert hunn. Och mir als Diddelenger Gemeng missten also, wat de finanzielle Kader ugeet, kucken, dass mir fir de Fall, dass eemol méi düster Zäite kommen, eventuell e puer Reserven uleeën. Jo, mir hoffen alleguer, dass mir laanscht méi schlecht Zäite kommen. Jo, mir kucke positiv an Zukunft. An dach ass dëst net auszeschléissen an et ass bestëmmt net verkéiert, sech fir de Fall vun Eventualitéiten, spréch, wann eent oder méi Jore kommen, wou zum Beispill de Staat eis Gemengen an dorënner natierlech dann och Diddeleng finanziell net méi esou ënnerstëtze kann, wéi dat momentan de Fall ass, ze preparéieren.

Vill Scholde bréngen dann natierlech och mat sech, dass ee vill Scholdzënse bezuele muss. An hat ech d'lescht Joer ëm dës Zäit bei dësem Poste scho grouss A gemaach, esou hunn ech misse feststellen, dass dat am Verglach zu deem, wat op eis duerkënnt, nach guer näischt war. Hoffe mir, dass d'Bankzënsen net erëm klamme wäerten, mee schéi weider falen, well soss ass och dee klenge Rescht u Boni, deen eis nach bleift, geschwë futsch. Jo, et ass schued, dass de Budget net a Stécker gestëmmt gëtt, mee just a senger Gesamtheet. Géinge mir Punkt fir Punkt ofstëmmen, géing ech mat Sécherheet eng ganz Partie Budgetspositiounen elo hei matstëmmen. Well, wéi schonn am Ufank vu menger Ried gesot, sinn eng ganz Partie Positiounen am Budget vermierkt, bei deenen ech mech elo scho freeën, fir wann de Moment da kënnt, un hirer Ëmsetzung deelzehuelen. Awer wéi elo grad opgezielt, ginn et och eng ganz Partie Froen oder Onkloerheeten, fir et emol esou ze betitelen, wouraus sech schléisst, dass ech de Budget rectifié fir den Exercice 2024 wéi och de Budget fir d'Joer 2025 net ka mat droen. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Meyer, den Här Goergen huet d'Wuert.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, als éischt wëll ech dem Schäfferot an awer och all eise Leit aus de Gemengeservicer, déi doru bedeelegt waren, Merci soe fir d'Opstelle vun dësem Budget. Wéi aus der Dokumentatioun ervirgeet, sinn d'Previsioune fir d'nächst Joer dach éischter optimistesch. Den FDGC, also de Fonds de dotation globale des communes, seet eng Hausse vun 12,8% am Budget rectifié a 17,2% am initiale Budget 2025 viraus. Den ICC, den Impôt commercial communal, wou d'Zuelen och eng Progressioun vun 13,4% respektiv 17% virausgesinn. Dëst sinn zwar positiv Nouvellen, wuelwëssend, datt déi ekonomesch Situatioun no deene ville Krisen awer nach ëmmer ugespaant ass. Doduerch datt de Verwaltungsrot vum CGDIS betreffend de Finanzement an d'Participatioun vun de Gemengen d'Moossnamen ugepasst huet, wäerten d'Gemengen e positiven Impakt spieren, mat enger Baisse vun 69,4%. Heizou wëll ech bemierken, an Dir verstitt, dass dat mir ganz wichteg ass, dass de CGDIS weiderhin all déi Moyene

muss kréien, déi en och brauch, fir weiderhin an d'zivil Sécherheet vun eise Bierger ze investéieren. Dat bedeit, datt mir am Budget 2025 nach just 346.200 Euro mussen aplangen am Géigesaz zum 2024 Rectifié, wou mer nach hu musse 1.233.100 Euro bezuelen.

Bei der Opstellung vun dësem Budget ass gekuckt ginn, fir ee Gläichgewiicht ze fannen, fir déi lafend Projete weider kënnen auszeféieren, wat am extraordinaire Budget 8,4 Milliounen Euro ausmécht, an awer och an nei Projete virzegesinn. Hei wëll ech awer bemierken, datt déi nei Projeten, Projete sinn, déi och duerch de Wuesstem vun eiser Staat noutwendeg sinn. Dëst si keng Nice-to-have-Projeten. Ech stelle fest, datt de Schäfferot en bon père de famille mat den ëffentleche Geld ëmgeet. D'Sécherheet, d'Gesondheet, de Sport an d'Famill, dat sinn Theemen, déi mir um Häerz leien a fir déi ech mech wëll asetzen. Ech hunn et och schonn d'lescht Joer bemierkt, datt wann et ëm d'Sécherheet vun de Bierger geet, et e falscht Signal ass ze spueren. D'Sécherheet ass nun eemol e Posten, deem mir eis eppes kaschte musse loossen, deen enorm wichteg ass, fir datt eis Bierger sech sécher an eiser Stad spieren.

Dofir si mer amgaangen ënner anerem un engem Plan local de sécurité ze schaffen, dee mer am Laf vum nächste Joer virstellen. Ouni deem virzegräifen, kann ech awer hei scho soen, datt laut Analys vun der Police Diddeleng zu deene séchere Gemengen zielt wat awer net wëllt heeschen, datt mir hei zu Diddeleng op enger Insel liewen an et guer keng Kriminalitéit géing ginn. Dofir schaffe mir drun, déi Schwaachstellen an eiser Stad festzestellen, fir duerno déi néideg adequat Moossname kënnen ze ergräifen, fir datt d'Diddeleng weiderhin eng sécher Stad bleift an datt all Diddelenger sech an eiser Stad wuel a sécher fillt. Nom éischte Bilan vum Inneminister zum Projet vun enger Police locale ass och d'Stad Diddeleng bereet fir esou eng Unitéit unzefroen. Zousätzlech Policebeamte kënnen ni schueden. Mir sinn awer just bereet matzemaachen, wa mer d'Garantie kréien, dass den Effektif vu Polizisten zu Diddeleng klëmmt an net déi Beamten, déi elo schonn do sinn, duerno just mat engem bloe Brassard op Patrull ginn.

Am Laf vum Joer hu mer och Upassungen am PAG gemaach fir den Terrain, wou de CGDIS plangt, e regionalen Asazzenter an enger CDA-Gemeng opzeriichten. Eleng um Territoire vun der Stad Diddeleng goufen et 2023 2583 Asätz, wat ongeféier siwen Asätz den Dag ausmécht. An ech schwätzen hei nëmme vum Territoire vun der Stad Diddeleng. Wéi mer all wëssen, sinn nei Gebailechkeete batter néideg, well d'Situatioun vum aktuelle Site ass mat engem Gebai, dat an den 90er Jore gebaut gouf, net méi un déi haiteg Erausfuerderunge vun engem moderne Rettungsdéngscht ugepasst. Mëttlerweil schaffen 20 Beruffspompjeeën an deem Gebai. Mee wat nach vill méi wichteg ass, ass datt mer mat enger neier moderner Infrastruktur den Engagement vun 137 Benevollen a 35 Jungendpompjeeën déi Unerkennung kënnen zoukomme loossen, déi si verdéngt hunn. Jo, d'Prozedure sinn einfach schrecklech laang an ermiddend. An esou richteg dru gleewe fält engem bal schwéier. Ech weess awer, dass mer e



grousse Schrack virukomm sinn, well vill Etüden endlech ofgeschloss sinn an dass de Bauhär CGDIS prett ass an déi éischt Kreditter ufanks 2025 a sengem Verwaltungsrot wäert stëmmen.

En anere Sujet sinn d'Familien. Hei bidde mer net nëmmen Aktivitéite fir d'Familien un, mä mer ënnerstëtzen d'Familien och am Alldag, andeems mer net nëmmen eis Servicer, mee och Betreiungsstrukturen ubidden, déi awer mëttlerweil un hir Grenze stoussen. Dofir sinn am extraordinaire Budget dräi Milliounen Euro virgesinn, fir am neie Quartier A Bëlleg eng nei Crèche ze plangen. Dës Crèche soll zwee Stäck kréien, mat enger Kapazitéit fir 52 Kanner. Hei kréie mer zwar kee Subsid fir de Bau, mä de Staat iwwerhëlt d'Käschte vum Personal. De Familljendag war och dëst Joer erëm e grousse Succès, eng Organisatioun, déi mir mat der Journée commerciale an der Nuit des Sports zesummen organiséiert hunn. Dofir wëll ech vun dëser Plaz dem Service des Sports, dem Service Fêtes et Manifestations wéi och dem Geschäftsverband Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Et ass eng Organisatioun mat engem moderate Budget, déi vill Diddelenger an och iwwert d'Grenze vun eiser Stad Leit unzitt. Eis Geschäftswelt kann nëmmen dovunner profitéieren. Aktuell mussen eis Matbierger auswäerts goen, fir vum Eltereforum ze profitéieren. Den Eltereforum huet Interessi gewise fir eng Antenn zu Diddeleng opzemaachen. Hei peekt d'Gemeng natierlech eng Hand mat un, fir en adequat Lokal ze sichen.

E wichtegt Thema ass awer och eis Gesondheet. Do kënne mer och als Gemeng e groussen Deel dozou bäidroen. Net méi spéit wéi am Gemengerot vum 4. Oktober ass d'Gemeng mat der Fondation Cancer ee Partenariat agaang, fir um Projet Commune sans tabac deelzehuelen. Mat dësem Projet gëtt sech d'Zil gesat, datt d'Kanner an déi Jugendlech vun haut an engem fëmmfräien Ëmfeld kënnen opwuessen. De Projet huet dat ambitiéist Zil, datt bis 2024 manner wéi 5% vun eiser Bevëlkerung fëmmen. Ënner anerem ass och gekuckt ginn, fir eng Léisung ze fannen, fir dass manner Megoten op de Buedem geheit ginn, wou mer dann natierlech och d'Theema Knascht uginn.

D'Gemeng Diddeleng mécht scho vill am Gesondheetsberäich fir hir Matbierger. Sief et bei de Kanner, wou de Service médico-scolaire eng exemplaresch Aarbecht leescht, respektiv bei Gesond Diddeleng mat hirer Gesondheetsbeoptraagten, wou vill Aktivitéiten am Beräich vun der Preventioun organiséiert ginn. E weidere Käschtepunkt ass och den Entretien vun eise Borne-à-vieën, déi flächendeckend duerch d'Diddeleng verdeelt

sinn. Hei kënne mer eis net erlaben, datt déi deen Dag, wou en Defibrillator gebraucht gëtt, net fonctionéieren. Dofir ass et wichteg, an engem gesonden Equiliber an d'Gesondheet ze investéieren. Betreffend dem CHEM ass et richteg, datt kierzlech Projeten um Site Nidderkuer ëmgesat goufen. De Moment lafen awer och Diskussiounen, fir de Site Diddeleng opzewäerten. Wéi an der Schäfferotserklärung ugekënnegt, si mer och mat den Aarbechte vum Plan local de santé amgaangen. An do komme mer geschwënn an d'Ennphas fir e virzestellen. Bewegung ass och e Sujet aus dem Plang, dee verschidden Theeme betreffend d'Gesondheet ofdecke soll. Do ass et wichteg, déi eenzel Beräicher ze koordinéieren an da sinn ech och scho beim Sport. D'Astelle vun engem Sportkoordinator, wou de Sportsministère de Kader stellt an d'Gemengen ënnerstëtzt, kann ech nëmme begréissen. Et ass eng Plus-value fir de Service des sports. Awer och eise Sportveräiner kënne mer mat engem Sportkoordinator entgéintkommen an de Benevolat stäerken.

E weideren Invest ass de Projet vun enger neier Indoor-Hal beim Stade John F. Kennedy. Hei kritt den CAD ewéi och den Tennis Club d'Méiglechkeet, sech am Wanter optimal op hir Kompetitioune virzebereeden. Ech wëll och de Paddle-Tennis ernimmen, eng Sportaart, déi schonn an de 60er Joren zu Acapulco entstanen ass an an den 80er Joren de Wee an Europa fonnt huet a mëttlerweil och hei ukomm ass. Zënter 2022 ass dëse Sport dann och an der Tennisfederatioun registréiert. Mir als Gemeng hunn och net laang gewaart an hu beim Stade John F. Kennedy e Paddle-Terrain installéiert. Vu dass dës Sportaart hir Originnen an éischter waarme Länner hat, hu mir festgestallt, datt eisen Terrain ënnert de Lëtzebuerger Wiederverhältnisser séier leit. Well awer och d'Leit hei zu Diddeleng Interessi un dëser Sportaart weisen, sinn ech frou, datt den neie Projet en zweete Paddle-Terrain virgesäit, déi dann och iwwerdaacht sinn.

E weidert wichtegt Investissement ass d'Renovatioun vum Stade Jos Nosbaum, deen awer jo schonn e puer Joer am Bockel huet. D'Veräiner, déi enorm vill Zäit an d'Jugendaarbecht investéieren an déi och vun der Präisdeierecht net verschount bliwwe sinn, musse mer weider ënnerstëtzen, fir de Benevolat an eiser Stad oprechtzeerhalen. Eis Veräiner ginn zu Diddeleng substanziell ënnerstëtzt. Mir hu quasi an alle Beräicher Top-Infrastrukturen a mir stinn hinnen ëmmer zur Säit wa si eppes vun eis brauchen. Mee den Zäitpunkt ass awer elo komm, wou mer esou wéi ugekënnegt eis mat hinnen un den Dësch sëtze mussen a kucken, wou mer eventuell geziilt de Veräiner, déi sech virun allem an der Betreiung vu Kanner a Jonker Dag fir Dag enorm engagéieren an deem Beräich besser, vläicht mat engem ugepasste Subsid, ënnerstëtze kënnen. Och dat passt erëm zu enger Stad, déi mat Gesond Diddeleng sech ënner anerem d'Beweegung vu Kanner a Jonker op de Fändel schreift. Dat fënnt natierlech meng 100%eg Ënnerstëtzung. Ech weess, ech widderhuele mech, mee ech kann net oft genuch soen, wéi wichteg d'Ënnerstëtzung vum Benevolat fir eis Staat ass.

A well och dëse Budget fir mech equilibréiert ass an un déi aktuell Situatioun ugepasst, wäert ech dëse Budget 2025 matstëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Goergen, da gi mer nees eriwwer bei d'Oppositioun. Här Gangler, Dir hutt d'Wuert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, a Merci dem Pascal Poull fir seng Erklärungen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zanter véier Joer drécken ech bei dësem Exercice meng Bedenken zur Entwécklung vun der Finanzsituatioun vun eiser Gemeng aus. Fir mech ass et beonrouegend, wa mer plangen, dass engersäits d'Dotatioune vum Staat solle relevant an d'Luucht goen, wa mer 2025 mat engem Bonus vun 8 Milliounen Euro sollen ofschléissen, dass mer vum Staat nach bal 14 Milliounen Euro u Subsiden zegutt hunn, dass am Klimapakt d'Goldzertifizéierung eis zousätzlech Montanten aspillt, wa mer dann anerersäits 2025 alt erëm eng Kéier Emprunte vu maximal 25 Milliounen Euro musse stëmmen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen an d'Enner beieneen ze kréien.

An zéng Joer hu sech d'Dotatioune vum Staat verdräifacht vun 31 op 96 Milliounen Euro. Mee eis Gemengeschold ass aachtmol méi héich ginn, vu 14 op 109 Milliounen Euro. Obschonn eis Bevëlkerung an zéng Joer ëm 10% eropgaang ass, geet d'Pro-Kapp-Verschëldung ëm bal 700% erop. An all Jore probéiert den Här Buergermeeschter, eis ze berouegen an ze soen, dass dat nach alles net esou dramatesch wier, wann de Ratio vun der Gemengeverschëldung op 5,44% eropgaange wier, wann déi virtuell rout Luucht am Ministère eréischt géing bei 15% ugoen. Da gëtt eis an der Circulaire vum Inneministère geroden, d'Investissementer dans la mesure du possible héichzehalen, fir d'Ekonomie dréinen ze loossen. Et ass jo richteg, dass muss weider investéiert ginn, mä a wat fir engem Mooss? Wou steiere mer hin, wa mer eis konstant weider verschëlden an d'Annuitéit vun den Emprunte schonn e beängschtegenden Niveau ugeholl hunn?


Mir hu festgehalen, dass mer bis op Weideres eis Reserven net wëllen untaaschten. An dat ass och gutt esou. Ech wëll jo net eng Kéier op de Punkt kommen, wou mer d'Paie vun eise 785 Leit Personal net kënne bezuelen. An der Schäfferotserklärung steet ze liesen: „Au niveau logistique, la commune épaulera davantage les associations désireuses d'organiser des événements green events". An deem Volet „Zero waste green events" hat eis Gemeng dëst Joer d'selwecht wéi 2023 zwou Manifestatiounen ënner dem Label an huet vum Staat Subsiden dofir kritt. Am Kont 2023 stinn 3.354 Euro um Budget, am Rectifié 2024 awer nëmme méi 1.000 Euro. Wisou, wann nach ëmmer zwou Manifestatiounen ënnert deem Label gelaf sinn? Fir 2025 sinn do erëm 5.000 Euro agesat. Wat fir Manifestatioune plangt eis Gemeng dann nach, fir de Montant vun hire Subside vum Staat ze héijen?

Eng änlech Iwwerleeung fir d'Veräiner: Vun iwwer 222 ageschriwwene Veräiner krut 2023 just ee Veräin, e Scoutsveräin, dee Label a krut vun der Gemeng 375 Euro. Déi stinn awer net am Budget am Kont vun

2023. Am Rectifié 2024 stinn 1.000 Euro Subside vun der Gemeng an och do huet dee besote Scoutsveräin 382 Euro kritt. Da froen ech mech, u wien déi aner 600 Euro gaange sinn? Am Initial 2005 stinn dann awer 10.000 Euro am Budget. Eise Schäfferot ass also zouversiichtlech, dass d'Veräiner méi staark wëlle mat op dee Wee goen. Da wier ech awer interesséiert, ze wëssen, wat d'Gemeng konkreet plangt, fir op dee Chiffer ze kommen? Wat soll als Relance gemaach ginn, fir zousätzlech Veräiner ze motivéieren, fir op dat Fënneffacht vu Green-Event-Subsiden ze kommen? An dee selwechte Kontext passen och meng Froen zum Cup-System, deem System vun de Mehrwegbechere fir grouss Manifestatiounen. Ech fannen, dee ganze Volet ass net ganz transparent an et ass net da einfach, alles am Budget nozesichen, schonn nëmmen, well dee Begrëff e puermol richteg als „Gobelet" dra steet an e puermol falsch als „Goblet". Et fënnt een d'Ausgabe fir déi Becheren an der Rubrik vum Plan vert. 48.747 Euro am Kont 2023, 75.000 am Rectifié 2024 a 55.000 am Initial 2025.

Dann tauchen se an der Rubrik „Renforcement temporaire par du personnel externe" op. 15.223 Euro fir 2023. 15.000 am Rectifié 2024 an och am Initial 2025. An da gesäit een an där selwechter Rubrik, dass déi Becheren net vun der Gemeng kaaft gi sinn, mee geleast ginn. 2023 fir 24.193 Euro, 2024 fir 60.000 Euro an 2025 fir 70.000 Euro. Am Total kaschten eis déi Becheren 2023 88.173 Euro, 2024 96.000 Euro an 2025 130.000 Euro. An da kënnt an der Rubrik 38160 nach eng gréisser Ausgab vun 120.000 Euro derbäi. Betitelt: „Leasing d'un système de vaisselle consigne pour grandes manifestations". Meng Fro: Ass dat eng Wäsch- a Spullmaschinn fir dee Cup-System oder en neie Spullweenchen? Op der anerer Säit ginn d'Becheren dann un d'Veräiner weider verlount. Wat eng uerdentlech Recette abréngt vu 4.864 Euro am Budget 2023, 5.000 Euro fir 2024 an nach eng Kéier am Initial 2025.

A senger Presentatioun sot de Schäffe Manderscheid e Chiffer vun, mengen ech, 80.000 Euro, déi d'Ausgabe fir d'Becheren 2025 eropginn. Ech konnt dee Chiffer leider net nosichen, well - an dat fannen ech ganz schued - de Video vum leschte Gemengerot ëmmer nach net publik gemaach gouf. De Schäffe Manderscheid sot, dass déi Becheren op de grousse Manifestatiounen net all erëmkommen. Do schéngt eppes drun ze sinn. Ech kennen een hei um Dësch, deen huet der schonn zwee doheem. Anscheinend war och e bësse Chaos op der Fête la musique beim Erëmgi vun de Becheren. Mä ech stëlle mer awer do konkreet d'Fro, wisou d'Gemeng doduerch e Verloscht soll hunn. Et ass jo e Pandsystem. A wann esou vill Bechere mussen nei kaaft ginn, well se net vun de Fester erëmkommen, ofgesi vun deenen, déi natierlech ersat ginn, well se net méi gutt sinn, wisou kascht dat eis esou deier? Eigentlech muss jo all Veräin op sengem Fest zwee Euro Pand froen, an déi och der Gemeng zeréckbezuelen, wann e seng Këscht net voll erëm gëtt nom Fest. Wann esou immens vill Becheren net méi erëmkommen, da muss dat villt net ageléiste Pand sech jo och an de Keese vun de Veräiner erëmfannen. An dat recuperéiert d'Gemeng dach duerno.



An der Gestion des Déchets steet de Posten „Frais pour la collecte de vieux papier et de vieux verre". Am Kont 2023 eng Depense vun 31.706 Euro, am Rectifié 2024 goung dee Chiffer op 10.000 Euro erof. An am Initial 2025 geet en op 80.000 Euro erop. Firwat déi Fluktuatiounen? A firwat hu mir iwwerhaapt zousätzlech Depensë fir Glas a Pabeier anzesammelen? Wuelwëssend, dass déi Fraise jo souwisou an eisen ordinairen Ausgaben enthale sinn. De Camion ass jo amortiséiert an d'Personal gëtt och bezuelt. Wéisou entstinn do esou héich zousätzlech Zommen an Ausgaben?

Nodeems mer am Gemengerot vum 11.11. jo d'Tiny Houses op den Instanzewee geschéckt hunn an domat alternativ Wunnformen erméiglechen, wollt ech mech elo nach zu engem aneren Tiny Project ëmfroen, an zwar dem Projet Tiny Forests. Dat schreift sech och an d'Schäfferotserklärung an: „La plantation de différentes espèces d'arbres pour la protection de la biodiversité et la création de forêts intraurbaines".
Am Rectifié vun 2024 sti 5.000 Euro, am Initial an 2025 och nach eng Kéier 5.000 Euro. Meng Fro: Wat ass mat deene 5.000 Euro vun 2024 realiséiert ginn? Wou steet dee klenge Bësch, deen 2024 ugeluecht ginn ass? Bëscher an der Uertschaft si jo och ganz gutt fir d'Gesondheet an an deem Zesummenhang wollt ech froen, wat et mam Plan local de santé op sech huet? Den Här Goergen huet et just ernimmt. Den Här Buergermeeschter sot, dass och den Aarbechtsgrupp Gesondheet Diddeleng impliziéiert ass. Mee do hunn ech awer selwer nach näischt dovun héieren.

An der Rubrik 4790 steet dofir e substanzielle Chiffer fir „Frais d'études et assistance externe pour la mise en place" vun 68.000 Euro. Wann d'Etüd schonns esou deier ass, da muss dat wat hannendru kënnt jo net grad bëlleg sinn. Trotzdeem stinn an der Rubrik 2263 nëmme 5.000 Euro an den uerdentlechen Ausgabe fir 2025. Ausserdeem, zu wat ginn am Beräich Santé déi Frais de réception vu 5.000 Euro fir 2025 aus där Rubrik gebraucht? Fëmmen ass net gutt fir d'Gesondheet an dofir sammelt eis Gemeng d'Zigarettestëmp a recycléiert se. Wann d'Leit dann och matmaachen an se do hi geheien, wou et richteg ass. Déi 30.000 Euro Frais de réception, sinn dat déi, déi d'Gemeng bezuele muss fir de Recyclage?

Meng lescht Remark geet - alle Jahre wieder - an dëser Adventszäit, a Richtung Porkierch Saint Martin. Mir hunn am November d'Feierlechkeeten zum Centenaire vum Brudder Notker Becker senge Fresken agelaut an ech hat scho virun engem Joer bemierkt,



dass een op verschidde Plaze vun der Fassad muss d'Reeninfiltratiounen am A behalen. Doropshi war mol de Kullang gebotzt ginn. Mir wëlle jo net, dass se eng Kéier „rotzfaul" gëtt, wéi d'Eligius-Kapell... Fir 2024 sti keng Subside vun INPA an och keng Etüden zur Restauratioun vun der Fassad méi am Budget. Just eng Ausgab vun der Gemeng fir „Divers travaux de rénovation" vun der Porkierch 150.000 Euro. A vläicht kënne mer schonn d'Informatioune kréien, wat genee mat deene Sue geplangt ass. An domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech freeë mech, dass ech et alt erëm eng Kéier fäerdegbruecht hunn, meng Zäit vun zéng Minutten anzehalen, a wënschen eis wéi all Joer schéi besënnlech Feierdeeg am Krees vun eise Famillen.

DAN BIANCALANA (LSAP BUERGERMEESCHTER): Punktlandung. Merci, Här Gangler. Merci, Här Wagner. Ech géif d'Wuert weider ginn un deen nächste Riedner vun der Oppositioun. Här Steffen an dann d'Madamm Spagnuolo.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech hu jo da méi wéi zéng Minutten a laut deem wat d'Madamm Ahmedova gesot huet, géing ech dann ufänken, och mat engem Merci fir d'Wuert, Här Buergemeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ufänke wéilt ech och mat engem grousse Merci un den Här Poull a säi Service fir déi vill a gutt Aarbecht iwwert d'Joer, an awer och speziell fir déi leschst Zäit, fir d'Opbereedung vun der Dokumentatioun an d'Zoukommeloossen dovun, scho virun der Finanzkommissioun. E Merci dann awer och un all déi Leit, déi elo op der Gemeng déi lescht Wochen a Méint hu misse kucken, d'Schrauf bäizezéien, mat de Consignen, déi si vum Schäfferot kruten, fir op der enger oder anerer Plaz nach e puer Euro ze spueren. Et erkennt een d'Efforten an et war sécherlech keen einfachen Exercice.

Wa mir kucke wéi d'Servicer eis dat lescht Joer d'Devis-remaniéen erkläre komm sinn, mierkt een, dass dëst alles Leit sinn, déi sech vill Gedanke maachen an net liichtfankeg mam Geld ëmginn. Hätte mir dës Leit net, géing et warscheinlech méi schlëmm ëm eis Gemengefinanze stoen. Och wa mir net ëmmer mat all de politeschen Entscheedunge vum Schäfferot op enger Linn sinn, sou gesi mer op ville Plazen e spuersamen Ëmgang mam Gemengebudget.

De Bléck op d'Zuelen ass ëmmer ganz interessant. Ech ginn net op se all an, dat géing meng Riednerzäit sprengen. Schéin ze gesinn ass et natierlech, dass déi ordinaire Recettë souwuel am Rectifié 2024 wéi am Initial 2025 klammen. Souwuel den ICC, d'Gewerbesteier wéi och den FDGC, de Fonds de Dotation globale vun de Gemengen, stinn an der Circulaire vum Ministère mat engem Plus vu ronn 13% am Rectifié an engem Plus vu ronn 17% am initiale Budget vu 2025. Och an eis Kaarte spillt, dass et mat der Inflatioun 2024/2025 besser ausgesäit ewéi dat virausgesot war, an dass d'Zënsen op den Emprunten um Fale sinn. Dass elo den Energiedeckel 2025 verschwënnt, bedauere mer och. Do hätte mir et als déi Gréng gutt fonnt, wann d'Regierung deen Deckel nach ee Joer bäibehalen hätt, well d'Joer drop d'Energiepräisser fale wäerten an een heimat virun allem bei der energeetescher Transitioun fir dëst Joer dat komplett falscht Zeeche setzt. De Bléck op de Budget initial 2025, deen haut nieft dem Rectifié 2024 zum Vott steet ass fir eis natierlech ganz interessant, well een an deem Dokument an och an de Riede vun der leschter Woch déi grouss Akzenter erausheiert, déi de Schäfferot gedenkt am Kalennerjoer 2025 ze setzen.

Kuckt een allerdéngs wat d'Joer 2024 alles reportéiert ginn ass, respektiv wéi vill Devis-remaniéen ëmmer nees gestëmmt gi sinn, hoffe mir, dass sech am Joer 2025 den Trend och an der Ausféierung vun den initialen Devisë wäert ofzeechnen, dass d'Baumaterialie weider liicht méi gënschteg ginn a genuch Reserven an den Devise virgesi sinn, fir eventuell Depassementer auszebigelen. Jo, op den Emprunt vun 43 Milliounen Euro gëtt dëst Joer net ganz zeréckgegraff an et ginn 8 Milliounen Euro manner gezunn, wéi virgesi. Weider kann herno gesot ginn, dass vun den autoriséierte 15 Milliounen Euro aus dem Gemengerot vum 6. Dezember herno net alles gebraucht ginn ass a bis den definitiven Ofschloss vum Budget 2024 Enn Mäerz. Dës fléissen da mat eriwwer an den Exercice 2025. Gutt ass och, dass den Emprunt do firdrun eréischt am Hierscht gezu ginn ass an dass eng besser Zënssituatioun wéi Ufank des Joers war.

Och eng wichteg Prezisioun am Kader vum Buergermeeschter senger Ried vu leschter Woch, dass een net sécher ass, ob een dee virgesinne Emprunt vum Budget 25 zéie muss. Alles gutt deemno, géing ee soen, eng konsequent Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärung a Moderniséierung vun Diddeleng a kee Stëllstand. Dat waren d'Wierder d'lescht Woch. Si sinn net falsch an awer wéilt ech zumindest nuancéieren. Vergläicht een de Montant autorisé vun 2024 mat dem Budget rectifié vun 2024, dann erkennt een, dass sech mat ronn 81,7 Milliounen Euro autoriséierten Depenses extraordinaires, 18 Milliounen Euro manner am Rectifié stinn. Dat sinn 22% manner. Esou ganz konsequent schéngt d'Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärung dann net virukomm ze sinn, wéi initial geplangt, steet dach oft an der Legend vum Budget e Report op 2025 respektiv 2026.

Beim Projet-phare vun der Schäfferotserklärung, d'Realisatioun vun der véierter Phas vum Shared Space an domat och der Neigestaltung vun der Gemengeplaz, waart Dir bestëmmt net onfrou, doriwwer kënnen d'Sortie de secours ze huelen, dass d'Verleeë vun der Route de Thionville duerch Ponts et Chaussées zäitlech

net machbar wier mat der Phas véier. Dëst wier warscheinlech och schwiereg ginn, finanziell esou ëmzesetzen, wéi een et sech et géing wënschen. An et hätt een et grad finanziell wuel och méi schwéier gepackt. Mat Bléck op d'Entwécklung vun der Gemengeschold vun 2014 stelle mir fest, datt d'Gemengeschold ab 2022 liicht unzitt fir dann ab 2023 mat engem Tempo unzezéien, wéi Diddeleng et bis dohin nach net kannt huet. Begrënnunge leien an de Präisdeierechten duerch de Postpandemie-Kontext, de russeschen Ugréffskrich an de Konsequenzen, wou dës Polykrisen op de makroekonomesche Kontext haten. Dat erkläert villes an et ass verständlech, dass et elo net einfach ass. Net fir d'Diddelenger Gemeng, de Bausecteur, d'Commercen, fir keen. Esou sti mir Gréng weider hannert deem, dass antizyklesch Investitioune gutt sinn.

Mir sinn dowéinst och net per se géint d'Ophuele vu Schold, wann et fir nohalteg Projeten ass. Projeten, déi Diddeleng längerfristeg weiderbréngen a weider dofir suergen, dass d'Leit gären hei liewen. Dat gesi mir erfëllt, vu dass déi grouss Projeten am Déifbau, der Kanalisatioun, de Leitungen, awer och de Schoul- a Betreiungsstrukturen, wéi de Sportsinfrastrukturen, zegutt kommen. 6 Milliounen Euro Annuitéiten am Rectifié 2024 bis zu 8,25 am Initial vu 25. Dobäi bleiwe mir bei 4,06 bis 5,44% am Rapport zu den Annuitéiten, zu de Recettes ordinaires. Hei spillt et sécher an d'Kaarten, dass d'Recettes ordinaires eropginn. Ma virsiichteg sollt ee weider bleiwen, och wann d'rout Luucht eréischt bei 15% ugeet.

An der Zäit vun der Kris huet den ëffentleche Secteur d'Responsabilitéit d'Aktivitéit ze schafen, fir dass d'Kris kann iwwerwonne ginn. Kuckt een d'Awunnerzuel sou war de Wuesstum kontinuéierlech säit 2014, wou ee knapps ënner 20.000 Awunner loung. An elo, eelef Joer drop wouhi wäert bei 22.350 erauskommen, e Plus vun 2.350 Leit, dëse kontinuéierleche Wuesstum stellt eigentlech gutt Viraussetzunge fir d'Previsibilitéit. En ass nämlech weder rasant nach exponentiell, en ass genau esou, dass et gesond fir eng Stad an der Gréisst vun Diddeleng ass. Mir stellen awer fest, dass am Moment vill vun eise Schoulhäff a Schoulgebaier awer och eng jäert Sportsinfrastrukturen ustinn, notamment d'Terraine musse grondsanéiert ginn an op den neitste Stand bruecht ginn.

Nodeems d'lescht Woch och dee Strategiepabeier Schoul a Sport 2025 genannt ginn ass, mat der Annonce, dass un engem neie Strategiepabeier geschafft gëtt, déi bis 2035 geet, huet et mech gefreet, dass de Switch aus der kuerzfristeger Planung an dësem Beräich an eng mëttelfristeg Planung geet. E Strategiepabeier vun 2019 bis 2025 ass effektiv éischter eng kuerzfristeg Planung, wann ee kuckt, wéi laang gréisser Projete brauchen. 2019 konnt jo och nach keen d'Pandemie an de Krich virausgesinn an nawell kann ee sech d'Fro stellen, firwat esou Strategiepabeieren net méi laang ugeluecht sinn a wéi grouss d'Zäitfënster vun der Planung virun 2019 waren.

Hätt ee mat enger Strategie beispillsweis kënne verhënneren, dass d'Lenkeschléi op der grénger Wiss notoresch ze kleng gebaut gi wier an d'Verkéiers- a Beliwwerungsreglement net schonn e puermol hätt misste komplett nei geduecht ginn. Géinge mir dann net grad hannendru lafe bei de Renovatioune vun de Bestandsgebaier, den Häff an eeben den Terrainen? Keng Angscht, et ass net, dass mir mengen et wier guer näischt geschitt bei Sport an Educatioun. De SEA-Beräich ass an de leschte Joren enorm bewuess an d'Gemenge sti mat de Consigne vum Educatiounsministère viru groussen Erausfuerderungen. Och beim Sport ass et natierlech gutt, dass nom Centre Hartmann am November 2015 elo de Strutzbierg fäerdeg ginn ass. Quasi zäitgläich gesi mir am Budget direkt e puer Posten, déi ustinn, fir Jos Nosbaum, wou un den Tribünen a Vestiäre säit 2016 gedoktert gëtt an all Joer méi oder manner héich fënnefstelleg Investitioune getätegt gi sinn, fir dann 2025 endlech richteg lass ze leeën. Beim Stade Aloyse Meyer hu mir 2024 missen den Terrain nei maachen, Jo, missten, well deen net méi zoumutbar war fir drop ze spillen. Beim Stade John F. Kennedy sti mir och nach ëmmer hannert dem Projet. A mir fannen et och wichteg, dass dësen Terrain endlech dee laang erwaarten Ëmbau kritt, deen ee säit Joerzéngte verdéngt huet. Gleeft mir, ech hu genuch Zäit vu Mëtt de 90er Joren un do verbruecht, fir ze wëssen, dass hei scho vill éischter hätt kënnen oder missten eppes grondleeënd Neies gebaut ginn.

Wou war bei all deem d'Strategie an der Vergaangenheet? A wéi laangfristeg gouf gekuckt? Ech weess, Dir kënnt de Virgänger an de Virgänger vun de Virgänger schlecht d'Schold ginn. Ma wieren et net Är Parteikolleegen, géingt Dir mat Sécherheet argumentéieren, d'Scholde géinge klammen an et kéim elo alles beieneen, well déi virdrun net genuch wäitsiichteg geplangt a renovéiert hätten an dann elo eeben an enger Situatioun sinn, wou alles mateneen usteet an an eisen Aen och längst iwwerfälleg ass. Mir sinn op alle Fall frou, dass dann elo eng mëttelfristeg Planung presentéiert gëtt, déi bis 2035 geet. Interessant wier et an eisen Aen awer och laangfristeg als Gemengerot ee Plang presentéiert ze kréien, deen op 20 bis 25 Joer projezéiert a virgesäit wat usteet puncto Renovatioun an Neibau. Op deem Plang géing een dann och gesinn, wéini rezent Realisatiounen eng Grondsanéierung brauchen. An eis Prête gi jo ëmmerhin och esou laang.

De Wee vun der Sportsinfrastruktur op de Vëlo ass net wäit. Dofir fueren ech hei virun. Frou si mir iwwert déi kontinuéierlech Ausgabe punkto Vël'OK, och dat konsequent Abanne vu Vëlo Diddeleng, d'Agoen op d'Doléancë vun hinnen, déi direkt Zouso op d'Demande vun hinnen, eng finanziell Kollaboratioun mam Haus vum Vëlo ze garantéieren an ze erméiglechen, dass Vëlo-Repair-Caféen am VeWa kënne stattfannen. An och déi rezent presentéiert Projeten, fir sécher am Vëlo iwwert d'Haaptachsen ze kommen, déi weider Participatioun um Vëlosummer freet eis. A mir wëssen, dass dat kee selbstverständlechen Exercice ass. Gespaant suivéiere mir déi hoffentlech konsequent Ëmsetzung vun der Iwwerdaachung vun de Vëlosstänneren, dëst bréngt an eisen Ae vill u Confort fir de Vëlo als Transportmëttel ze notzen. Jo, et ass net ëmmer alles direkt zur 100%eger Zefriddenheet, wa mir iwwert d'Vëlosinfrastruktur diskutéieren. Et ass och net ëmmer evident, déi verschidde Besoine vun de verschiddenen

Transportmëttelen ënnert een Hutt ze kréien. Ma ech wollt et zumindest fir d'Joer 2024 mol bei engem positiven Ofschloss an deem Theema beloossen.

Fir 2025 géinge mir eis nawell wënschen, eis mam Theema Vëlosstroossen auserneenzesetzen. Et ginn eng jett Stroossen, déi an der Praxis scho Vëlosstroosse kéinte sinn, an et géing näischt änneren, ausser eebe puncto Sensibiliséierung a Sécherheetsgefill. Ech schwätzen hei vu Stroossen, déi souwisou net breet genuch sinn, fir am Respekt vun deenen am Code de la route virgeschriwwenen annerhallwe Meter e Vëlo dierfen ze iwwerhuelen. Mir brauchen nach Sujete fir dat neit Joer.
Nom Vëlo als Transportmëttel kënnt de Vëlo och d'nächst Joer mat der Organisatioun vun enger Etapp vun der Flèche du Sud erëm no der Etapp vum Tour Lëtzebuerg 2021 am Sportskalenner vir. Domat kritt Diddeleng 2025 hoffentlech nom Titel Sportstad a Kulturstad och den Titel Vëlostad. Ma och iwwert den Titel Kulturstad si mir ganz glécklech. De Bilan vun 2024 mat 335 Deeg, wou eis Kulturhaiser op ware fir Events, weist, dass hei eng ganz gutt Aarbecht geleescht gëtt, e Kompliment eisersäits heifir. Hei lafe ganz vill Beméiungen an déi richteg Richtung.

A frou ware mir iwwert den Dudelange on Wheels, dee mat 5.000 Euro am Budget virgesinn ass. A flott ass net just de Budgetsposten, ma och d'Iddi derhannert, unzefänken erëm eppes opzebauen, wat herno, wann de Skatepark an de Quartier NeiSchmelz geplënnert ass, wäert seng Friichten droen. Dat war deemools als jonken Diddelenger och ëmmer e wichtegt Event am Kalenner. D'selwecht wéi d'Fête de la musique mat beandrockende 25.000 Visiteuren an dem Bestriewen, och op d'Lëtzebuerger Musekszeen ze setzen. Ugeschwat ginn ass och d'Spagat fir Qualitéit, Quantitéit a Sécherheet ze garantéieren, wou mir esou lues un eis Limitte kommen.

Hei huet et eis stutzeg gemaach, dass bei villen Eventer Zuele geliwwert gi sinn, se awer net genannt gi si beim Usina. Dëse Festival, an dat war eis vu virera bewosst, hat en aussergewéinleche Kader, Line-up an Ambiance geschaf, wou mat de Subside vum Kulturjoer Esch 2022 ënner anerem Kings of Leon onvergiesslech Momenter geschaf hunn. Et ass natierlech ëmmer dënnt Äis, Partyen a Fester a Fro ze stellen. Ausser, Klammer op, beim Sweet Event vu 18.000 Euro, wou erëm zweemol stattfënnt, wou Dir eis Meenung awer mëttlerweil misst kennen, Klammer zou. Sou stelle mir eis d'Fro vun den 300.000 Euro fir den Usina. Wier hei net de Moment komm, nach emol d'Fro opzewerfe vum Rapport Qualitéit a Quantitéit? Mir sinn eis de Schwieregkeete bewosst, wou et mat sech bréngt an den Heeméint vun de Festivals, Artisten, d'Logistik, de Kalenner an d'Leit ze fannen, fir esou e Festival ze stemmen.

All Respekt un d'Servicer an d'Partner, déi et och d'lescht Joren esou gutt hikritt hunn, eis flott Momenter ze schafen. Ma d'Fro muss ee mol kënne gestallt ginn, ob de Rucksak mat deem, wat mir packen a wat nach gesond ass – oppassen, Wuertspill Sweet Event – net deels iwwerleeft? Mussen am Fréijoer a Summer op all Weekend zum Deel zwee, dräi Fester lafen? Muss all Stad aus dem Süden hire Festival mat aus dem Kulturjoer zéien? Ass an der Präiskategorie vum Usina net d'Konkurrenz mam noen Ausland an den Artisten, wou mir kréien, ze grouss? Ass et e verstännege Budgetsposten, e Festival fir 300.000 Euro op e Freideg an e Samschdeg an der Schoulvakanz ze leeën, wou de Main Act vill Sympathien eeben och bei Schüler a Studenten huet, déi de Voice of Germany kucken an eventuell guer net am Land sinn oder schaffen?

Sou, back to the future. D'Schäfferotserklärung. Well se d'lescht Woch oft genannt gouf an och ëmmer erëm bei Diskussiounen am Gemengerot Theema ass, sinn ech an de Verbatim vun hirer Presentatioun de 14. Juli 2023 kucke gaang an do ware mir frou iwwert d'Zitat vum Buergermeeschter: „... a mir bleiwen natierlech op fir all nei Iddi, déi hei en cours de route an de Gemengerot kënnt, egal ob se vu Säite vun der Majoritéit respektiv vun der Oppositioun kënnt, mee natierlech musse mer bei allen neien Iddie kucken, sinn se machbar, wéi ass et mat der Plus-value, déi se bréngt, respektiv wéi ass et um Niveau vun der Finanzéierbarkeet?". An deem Esprit hätten eiser Meenung no hei verschidden Diskussioune kënnen anescht lafen. Oft gëtt geschwat vu Politikverdrossenheet an eiser Gesellschaft, vu Mësstraue vis-à-vis vun der Politik an der Middegkeet vun de Leit par rapport zu deem „ganze politesche Gespills", wéi se soen. Abee, „politescht Gespills" kréie mir als Oppositioun am Gemengerot virgehäit, wa mir Gebrauch vun eisem Initiativrecht maachen an ee vun de wéinegen Outilen heifir notzen: d'Motiounen.

Am Mee krute mir op eis Motioun zur grousser Botz vun engem Majoritéitsconseiller gesot, mer sollten eis Motioun an enger konsultativer Kommissioun stellen an den zoustännege Schäffen huet gemengt, en hätt de Kapp geräselt wou en se gelies hätt. Léif Majoritéit, ech kann a wëll Iech net all an een Däppe geheien, mä den Ëmgang mat der Oppositioun ass an deenen dote Situatioune grenzwäerteg. Et ass staarken Tubak, esou mat eiser Aarbecht ëmzegoen. Eis Motioune komme gréisstendeels mat Quelleverzeechnes, Beispiller a konkreeten Äntwerten op Är méiglech Froen. Mir stellen se zum Debat a si frou iwwer all konstruktiven Ëmgang domat an et geet eis ëm e politescht Bekenntnis an der Saach.

E weideren Déifpunkt war an eisen Aen de rezenten Ëmgang mat eiser Fuerderung zu de Jardins éphémères fir 2025, wou als politescht Gespills ofgedoe gi sinn. Hei fanne mir konkret Iddien engersäits op enger ganzer Säit an eisem Walprogramm ze liesen, bei der LSAP waren et zwee Gedankestrécher, déi et och sollten an d'Schäfferotserklärung packen. Et gëtt behaapt, de Schäfferot géing et souwisou scho wëlle maachen. Quitte, dass keen ausserhalb vum Dunstkreis vun der LSAP bis ewell vun engem erwäänten Aarbechtsgrupp eppes héieren huet an et war och net d'Theema an der zoustänneger Kommissioun. Dann ass et einfach.

Mir sinn natierlech frou, dass d'Innenstadbegréngung, de Shared Space, d'Plaz Am Duerf, an de Quartieren, budgetär mat 100.000 Euro virgesinn ass. An dann

och d'Plazbegréngung beim CCRD mat 50.000 Euro fanne mir gutt. Hei ass mat eisen hausinterne Ressourcë scho villes machbar. Et bleift allerdéngs ze kucken ob et u Budget duergeet, wa mir eppes konkreet virgestallt kréien, wat genee heimat soll ëmgesat ginn. Och gouf d'lescht Woch gesot, dës Projet géingen der LUGA presentéiert ginn. Dat freet eis och, war et dach en elementare Bestanddeel vun eiser Motioun am Gemengerot den 11. November, wou zumindest bis zum Dépôt vun der Motioun kee bei der LUGA Diddeleng um Schierm hat.

Wann och d'Resultat erfëllt ass, dass Diddeleng begréngt gëtt, sou huet de Modus, wéi virgaange ginn ass, der politescher Glafwierdegkeet an eisen Ae kee Gefale gedoen. Eis Aarbecht als politescht Gespills ofzedoen an eis ze soen, wéi mir ze schaffen hunn, léisst déif bl̈écken iwwert e Selbstverständnis, wat sech opgebaut huet an et diskreditéiert eis demokratesch Aabecht. Vläicht ware mer och ze naiv un d'Saach erugaangen, wou de Buergermeeschter d'Schäfferotserklärung erkläert huet mat de Wierder: „Natierlech fënnt een do kloer d'Iddien erëm vum LSAP-Walprogramm, mee natierlech sinn och - an dat muss een hei soen - Iddie vun der Oppositioun mat agefloss. Do wäert deen een oder anere sech méi oder manner och dran erkennen an dëser Schäfferotserklärung, well et sinn Iddien dran, déi mer gutt fonnt hunn, fir Diddeleng, egal vu wou dass se komm sinn, well se Diddeleng effektiv weiderbréngen". Ganz éierlech. Dat huet eis gefreet. An et hat hei schonn d'Weiche gestallt fir eng gutt Zesummenaarbecht iwwert d'Parteien eraus.

Et sinn annerhalleft Joer vergaange säitdeem a mir wollten hei profitéieren, de Lien ze maache mat enger Kollaboratioun, déi mir net méi spéit wéi d'lescht Woch nach mat ënnerstëtzt hunn, an zwar d'Kollaboratioun mat der uni.Lëtzebuerg. Si huet de rezent gestëmmte Léierstull zur Migratioun oder d'Begleedung vum partizipative Biergerprozess. Aarbecht mat der Wëssenschaft ass ëmmer eng op engem qualitativ héijen Niveau an et ass dat, wat een eisen Ae brauch fir fundéiert an nohalteg Decisiounen ze treffen. Vun dëser Zesummenaarbecht mat der Uni erhoffe mir eis awer och e weidert Element, an zwar dass och hei am Gemengerot déi sougenannt „Proprieté intellectuelle" hir Roll kritt. Drop ze verweisen, vu wou een Inspiratioun, Gedanken, Iddien huet, huet nach ni dozou gefouert, dass ee keng Unerkennung kritt huet fir dat wat ee geschafft huet. Dëst gesi mer an der akademescher Welt, awer och gutt an eisem Zesummeschaffen hei.

Mir wëllen awer och hei net just kritiséieren. Dass ee parteiiwwergräifend och ka konstruktiv schaffen, weist d'Sports- a Loisirskommissioun, wou de Prix exceptionnel fir aussergewéinlech Leeschtungen dëst Joer geschaf ginn ass. Hei huet d'Kommissioun zesummen haart geduecht an all Memberen hunn an eisen Aen e Präis op d'Bee gestallt, deen dem breede Sport an dem Loisirsgedanke Rechnung dréit, eng sportsmännesch Approche, wa mer et herno dann och fäerdeg bréngen, dëse Präis och als solches ze promouvéieren a sech net aleng op de Fändel ze schreiwen. Hei hoffe mir nach insgeheim, dass eis Iddi, wou mir an déi Kommissioun bruecht hunn, zu de Pop-up-Pétanquespisten am Summer am Duerfzentrum, op de Plaze bei Caféen a Restauranten, zwar am Budget drasteet ma mir se just net fonnt hunn. Dass een d'Kommissiounen net an een Dëppe geheie kann, ënnersträicht och eis Fro zur Commission jointe am Kader vum Subside Interrail. Hei kréie mir jo vläicht nach am Laf vum Dag am Kader vun eise Froe Prezisiounen, wat drun ass.

Vu dass mir en Accord de principe unanime gestëmmt hunn, mir de Subsid selwer net am Budget initial 2025 fannen, wollte mir hei en Amendement op eng Budgetslinn erareechen, wou mir géingen 72.000 Euro asetzen. Dëst entsprécht 240 jonk Erwuessenen, wat d'Moyenne vun de Joergäng 2003 bis 2009 ass, multiplizéiert mat engem Subsid vun 300 Euro wéi zu Beetebuerg a Walfer an et entsprécht och eiser Propositioun vum Reglement, wou mir nach am Summer schrëftlech de Kommissiounen eragereecht hunn. Do ass elo en halleft Joer näischt geschitt an där Saach. D'Kommissioune sinn all an Ärer Hand. Vläicht ass jo intern kommunikativ eng schifgelaf, mir hëllefen heimadder gär.

Mir probéieren, bei sämtlechen Interventiounen heibanne fair ze bleiwen, dat gutt an dat manner gutt an eisen Aen ze benennen, a sinn eigentlech nach ni disproportional haart an d'Attack gaang. Am Retour gëtt eis Aarbecht zum Deel diskreditéiert a mir kréien aus dem Näischt eraus ënnerstallt keng Diskretioun zum Huis clos ze hunn. Et ass eigentlech schued, wann ee weess, dass wann een an anere Gemengeréit am Land kuckt, den Ëmgang muncheruerts och vun der Oppositioun aus a Richtung Majoritéit ee vill méi raue ka sinn. Et ass jo elo eng besënnlech Zäit, d'Neijoerschdag, d'Neijoerschvirsätz, vläicht klappt dat jo d'nächst Joer dann nees besser hei. Mir behalen et op jidde Fall emol am A. Mir wëllen hei och net alles a jiddereen an een Dëppe geheien, ma Mëssstänn wëlle mer awer ugoen. Alles an allem gekuckt ginn et ganz vill Usätz vu gudder Zesummenaarbecht. Sou bleift ze soen, dass mir mat der Ausféierung vum Budget 2024 keng gréisser Problemer haten. De Gros vun de Budget-remaniéen huet mir mat gestëmmt. Hei huet d'Transparenz bei den Devisen an d'Presentatioun am Gemengerot gestëmmt. Och wa mir den Initial net matgestëmmt hunn, sou wäerte mer eis beim Budget rectifié 2024 enthalen.

Nodeems ech e Fazit zu der Budgetssituatioun gezunn hunn a virgehuewen hunn, dass an eisen Ae villes gutt dobäi ass, awer och Verschiddenes eis manner gefält, ass et mir awer och haut drëms gaangen, e Fazit ze zéien vun eiser Vue op eenzel Elementer aus der Aarbecht vum Gemengerot, déi jo direkt mat der Ëmsetzung a Planung vun engem Budget ze dinn huet. An et ass mir och drëms gaangen, duerzestellen an ze begrënnen, wéisou mir dëse Budget net wäerte matstëmme kënnen, wann och mir net alles schlecht fannen an och net alles fundamental anescht gesinn. Dofir kucke mir zouversiichtlech op d'Joer 2025 a sinn och nees motivéiert mat bei deene Projeten aus dem Budget um Dësch ze setzen a se mat Iech ze diskutéieren an eis Iddie konstruktiv mat afléissen ze gesinn. Merci fir d'Nolauschteren.





DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Steffen, d'Madamm Spagnuolo huet d'Wuert.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. E schéine gudde Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, am Numm vun der ADR wëlle mir fir d'éischt dem Här Poull an alle Mataarbechter vun der Gemeng Diddeleng e grousse Merci soen, déi dëse komplexen an detailléierte Budget fir 2025 opgestallt hunn. E grousse Merci och un de Schäfferot fir d'Presentatioun vum Budget. Wat de Budget ugeet, begréisse mir, datt gréisser Investitiounen a schoulesch Infrastrukture geplangt sinn, wéi zum Beispill d'Balzenger Schoul, d'Brillschoul a Butschebuerger Maison Relais, d'Kommunalcrèche A Bëlleg souwéi d'Moderniséierung vun de Spillplazen. Mir fannen et wichteg, datt d'Schoulpersonal a Kanner an engem schéinen an agreabele Kader kënnen der Educatioun nogoen.

E ganz wichtege Punkt ass den abordabele Wunnraum. Do ënnerstëtze mir de Projet an der Rue Nic Bodry an och deen an der Rue des Champs. Des Weidere fanne mir et och ganz wichteg, datt d'Gemeng an d'Vergréisserung vum Déierenasyl souwéi och an d'Fleegestatioun fir wëll Déieren investéiert. Den Déiereschutz läit eis als ADR och um Häerz a mir begréissen et, datt d'Gemeng an dësem Domän aktiv gëtt. Am Kontext, datt Diddeleng eng lieweg Stad soll sinn, fanne mir et gutt, datt d'Gemeng an de Sport an a Manifestatiounen, wéi zum Beispill Diddelenger Kiermes, Fête de la musique, Usina, Butschebuerger Buergfest an eise schéine Chrëschtmaart investéiert. Dat féiert dozou, datt Diddeleng als Stad attraktiv bleift, datt ëmmer méi Leit de Wee op Diddeleng fannen an datt mir och e liewege Stadkär behalen. Och d'Presenz vu Pop-up-Storen hëlleft d'Frequentatioun vum Stadkär ze verbesseren.

Bei der viller Populatioun, déi zu Diddeleng zirkuléiert, wär et och wichteg eiser Meenung no, datt een op kritesche Plaze Kamerae géing installéieren, fir datt all Bierger sech zu Diddeleng och weiderhi kënne sécher fillen. An dësem Kontext wär et néideg, datt d'Gemeng Diddeleng zesumme mat der Police ee Sécherheetsplang géing ausschaffen a sech och déi néideg Moyene ginn, fir deen ëmzesetzen. Mir hu festgestallt, am Budget-dépenses vun der Gemeng Diddeleng si mol net 2% virgesinn, fir Sécherheet an Uerdnung, wat an eisen Aen net genuch ass fir Diddeleng als véiertgréisst Stad am Land. Mir als ADR géinge virschloen, datt d'Gemeng Diddeleng dann all sechs Méint zesumme mat der Police e Point de presse géing maachen iwwert d'Sécherheet hei zu Diddeleng. Domadder erwaarde mir eis méi Transparenz an dësem Dossier.
Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Spagnuolo, d'Madamm Dimmer huet d'Wuert.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, e grousse Merci un den Här Poull a seng ganz Ekipp fir d'Opstelle vum Budget. Mir sinn nach ëmmer an enger Kris a kee ka virausso-en, wéi laang. Kricher an onstabil Situatioun am Noen Osten, awer och eng EU, wou erëm Grenzen zitt. De Logement, d'Energie, Agrar, Klima a Waasser wäerten déi nächst Jore ganz wichteg Theeme sinn, déi e muss upaken, well se eis all betreffen. D'Budgetsdiskussiounen an der Politik sinn dacks eng Plaz, wou verschidde Parteien hir Prioritéiten an hir eege Visiounen duerstellen. An dat gesäit een och hei an den Diskussiounen. De Budget spillt eng zentral Roll, well en d'Prioritéiten an d'politesch Ausriichtung vun der lokaler Partei reflektéiert, huet awer dacks ënnerschiddlech Virstellungen doriwwer, wéi d'Mëttel am beschten agesat solle ginn, ofhängeg vun hire politesche Schwéierpunkten.
A genau dofir ass et wichteg, eng Kontinuitéit ze hunn. An déi hu mer!Well wat ech bis elo héieren, sou huet hei jiddweree seng eege Wënsch awer net wierklech e Gesamtbild.

Et ass e Budget, deen net stopp seet, e Budget, dee weist, wéi wichteg et ass, weiderhin an eis Stad ze investéieren. De Mobilitéitssecteur spillt eng zentral Roll, net nëmme fir d'Erreechbarkeet an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger, mee och fir d'Nohaltegkeet an d'Entwécklung vun eiser Gemeng. De Budget spigelt dës Prioritéiten erëm mat enger kloren Ausriichtung op Effizienz, Nohaltegkeet a Confort. Mir begréissen, datt beim Erneiere vun eisem Fuerpark weider op d'E-Mobilitéit gesat gëtt, fir den CO2 ze reduzéieren. Mir begréissen och déi nei a modern, confortabel Bus-Arrête mat enger Fotovoltaikanlag an engem gréngen Daach.

Mir begréissen, dass weider un eisem Vëlosreseau geschafft gëtt a stellen awer och fest, wéi laang verschidde Projete kënnen daueren. Méi wéi véier Joer, fir eng Autorisatioun vum Ëmweltministère ze kréien, fir duerch d'Le'h e Wee mat LED-Beweegungsmelder ze kreéieren. Grad wat eis Stroossen ugeet, gesi mer oft, wéi kompliZéiert et ass tëschent nationaler, kom-

munaler an den Interête vum eenzelne Bierger, wat viru senger Dier geschitt. Et ass e Spagat, deen et ze bewältege gëlt. D'Iwwergangsléisung fir den TICE begréisse mer a mir hoffen awer, dass mer fir 2025 eng definitiv Léisung hunn. Dësen Transportbudget ass e Schratt an d'Zukunft, e steet fir eng modern, nohalteg a mobil Gemeng, wou all Bierger sech einfach a sécher beweege kann.

Zum Theema Service Égalité des chances huet am Joer de SEga iwwer 50 Manifestatiounen organiséiert a realiséiert, dorënner Sensibilisatiounscampagnen inklusiv Workshops a Formatioune fir d'Gläichheet an d'Diversitéit ze förderen. Et ginn och spezifesch Initiative fir marginaliséiert Gruppen, awer och Konferenzen a Filmowender mat Debat. Eng Hellewull vun interessanten an diversifizéierten Aktivitéiten, an dat zu dräi, wou keen eng voll Tâche huet. Bei iwwer 50 Aktiounen, Interventiounen a Projeten ass et net vu Muttwëll, dass de Service seng 90-Stonne-Woch am CDI assuréiert kritt. Dee Service ass nach ausbaufäeg a grad an dësen Zäite gesi mer, wéi wichteg et ass. Richtung 120 Wochestonnen an Zukunft wär wënschenswäert, fir hir Missiounen an den Aarbechtsplaz gewëssenhaft erfëllen ze kënnen. D'Integratioun vun alle Mënschen aus alle soziale Schichten a verschidde Kulturen ass e Schlëssel fir e gemeinsaamt Diddeleng. Mir gesinn dëse Budget als Investitioun an d'Wäerter vun eiser Gemeinschaft an hoffen, datt dës Initiativen zu engem nohaltege Impakt an eiser Stad bäidroen. Domadder schléissen ech de Budget of a stëmmen dofir a fir d'Weiderféiere vun Diddeleng. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Da gi mer erëm eriwwer bei d'Riedner vun der Oppositioun, Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Merci u jiddereen, deen um Budget matgeschafft huet. A Merci un all d'Leit vum Gemengepersonal, déi dozou bäidroen, dass d'Servicer gutt fonctionéieren. Et ass meng aacht Budgetsdebatt, déi ech elo hei matmaachen. Jo, de Moment vun der Budgetspresentatioun ass ëmmer erëm e spannende Moment. De Schäfferot presentéiert dem Gemengerot de Budget mat den Investitioune fir dat follgend Joer. De Gemengerot hëlt dat kritesch an analytesch an de Bléck. D'Majoritéitsparteie gesi kee Problem, et ass alles flott. D'Oppositiounsparteie si méi objektiv, munchmol méi realistesch a gesinn dat méi kritesch.

D'Gemeng huet de Rôle, fir hir Stad liewenswäert ze halen an dofir ze suergen, dass d'Awunner sech gutt spieren a gären Zäit hei verbréngen. Dat ass och am grousse Ganzen de Fall an awer musse mir dofir suergen, dass och ons Kanner eppes vun Diddeleng hunn. Jo, ons Invester sinn zum Deel wichteg an héich. An awer musse mir de Schäfferot froen, wéi déi laangfristeg finanziell Situatioun zu Diddeleng wäert ausgesinn. Mam Projet NeiSchmelz komme vill nei Projeten an d'Fro stellt sech gerechterweis, wéi mir da finanziell an Zukunft stemme wäerten. Mir hu vill Schold gemaach an et sinn nach immens vill Erausfuerderungen, déi virun eis stinn. Jo, d'Schold ass ok. Wa mer awer d'Evolution kucke vun der Gemengeschold säit 2021, maache mer eis awer schonns Gedanken. Eng finanziell Visioun fir zukünfteg Projeten op länger Zäit ass an eisen Aen noutwendeg, fir ze wëssen, wou mer finanziell hi steieren. An och wéi mer zu deene verschiddene Projete kënne Positioun huelen. Jo, mat der Zäit ännert sech villes. Och d'Kafverhalen. Oder wéi eng Geschäfter een an engem Stadzentrum fënnt. Neen, et gëtt net alles online kaf an et kann een den Zentrum ganz wuel flott gestalte mat Geschäfter a Geschäftsiddien, déi den Demandë vun der Bevëlkerung entspriechen. Jo, mir fannen et gutt, dass Invester gemaach ginn, fir d'Geschäftswelt ze stäerken an dass weider vill Wäert op Pop-up-Storë geluecht gëtt, fir géint de Leerstand ze kämpfen. An awer hu mir vill roueg Momenter, wou et am lokalen Handel roueg ass.



Ons Propositioun, fir de Shared Space e ganzt Joer opzeloossen, déi gouf net gehéiert. Awer och maache mir ëmmer erëm den Appell, wéi och schonn déi leschte Joren, dass mir méi Aarbechtsplazen no beim Zentrum brauchen, fir de Stadzentrum ze beliewen. Do wou geschafft gëtt, gëtt och consomméiert. An et ass immens wichteg, dass mir an Zukunft méi Aarbechtsplaze méi no beim Zentrum kréien. Mir hätte schonns méi och d'Propos gemaach, fir zum Beispill en House-of-Start-ups ze schafen, wou mir vill Aarbechtsplazen no beim Zentrum kéinte kreéieren. Bei der Entwécklung vum Projet NeiSchmelz, dee bis op d'Fohrmannsplaz erofkënnt, ginn et do vill Méiglechkeeten, wou een e Projet kéint ausschaffen.

D'Oppositioun huet gefrot, fir sech och beim Sommet économique ze bedeelegen, fir dass och mir ons Aarbecht korrekt kënnen duerchféieren. A mir garantéieren absolut als vereedegt Conseilleren natierlech eng absolut Confidentialitéit an deem Dossier. Dat géing eis erlaben, fir konstruktiv matzeschaffen, konstruktiv Proposen ze ginn an zum positive Bild vum Stadzentrum och herno bäizedroen, wa mer Aarbechtsplazen do kënne kreéieren.

Wou mir am Zentrum sinn, hunn ech an der viregter Gemengerotssitzung gesot, dass mir ons Gedanke musse maachen, wéi d'Zukunft fir d'Gestalte vun den Elektrobornen, fir d'Opluede vun den Autoen ausgesinn. Mir sinn der Meenung, dass méi Elektrobornen am Zentrum de lokalen Handel ënnerstëtze kéinten. D'Leit kommen den Auto oplueden, ginn e puer Kommissioune maachen an da geet ee mat voller Batterie erëm heem. Eng Rei Grande-surfacë maachen dat schonns a mir denken, och hei kéinte mir méi schnell handelen a plangen. Net all Bewunner huet d'Méiglechkeet, fir den

Auto doheem opzelueden. An hei musse mir eng Strategie ausschaffen, wéi mir ons dës Zukunft virstellen a plange kënnen.

Mir hunn elo méi wéi eng Circulatiounskommissioun am Joer, wat mer absolut begréissen. An do sinn ech optimistesch, dass mir an Zukunft wéi och an der Vergaangenheet, wéi mam Projet SUMP zum Beispill, konstruktiv matschaffe wäerten. Am Shared Space musse warscheinlech och schonn e puer Polleren ersat ginn. An do hu mer am Fong d'Fro gestallt, ob déi op d'Garantie geholl ginn oder wisou, dass mer dat musse bezuelen. Jo, d'Entwécklung vun de Vëlosweeër an d'Infrastruktur geet weider. Mee et ass nach vill ze dinn. Ech plädéiere weider, fir Vëlosweeër a Richtung Schoule méi sécher ze maachen an d'Kanner ze motivéieren, mam Vëlo an d'Schoul ze fueren. An och hei fanne mer, wéi all Joer, dass eng Rentrée mam Vëlo zum Beispill e flotte Projet wier. Ass de Vël'OK nach OK? Dat ass op alle Fall wichteg dee bäizebehalen, well en dem Vëlo eng Visibilitéit gëtt. Mee mir denken, dass mir de Projet awer och mussen iwwerdenken. Mam Vël'OK gëtt e Projet ënnerstëtzt, dee virun allem e soziale Facteur huet, wéi dass en notzbar ass. D'Vëloe gi leider méi benotzt, fir ze spillen a si ginn des éfteren Opfer vu Vandalismus. Och dëse Sujet kënne mer awer ganz gäre mat an d'Verkéierskommissioun huelen a konstruktiv driwwer diskutéieren.

Och ass d'Infrastruktur vum Jugendhaus ugeschwat ginn an hei kommen an Zukunft och onëmgänglech Käschten op eis duer. Jo, ech sinn ee vun deenen, déi vun der éischter Minutt vum Jugendhaus un dobäi waren, wéi dat gegrënnt gouf. Ech hu vill Stonnen do verbruecht. An effektiv, d'Besoinen an d'Infrastruktur, déi ännere sech mat der Zäit an dat muss ugepasst ginn. An dat suivéiere mer da mat engem ganz optimisteschen A. Käschten, déi mir net zu 100% matgedroen hunn, waren déi fir de Bau vum Déierenasyl. Ech, als treien Hondsbesëtzer, hunn all Hond aus dem Déierenasyl adoptéiert. Ech weess awer och, wéi schwéier et ass fir eng Hondspensioun emol ze fannen, fir wann een den Hond emol eng Kéier net ka mat an d'Vakanz huelen oder wann een emol eng Kéier muss an d'Spidol goen. Dofir hu mir de Projet net matgestëmmt gehat. Net well mer géint den Déierenasyl sinn, mee mir hu fonnt, dass hei eng eemoleg Chance verpasst ginn ass, e Projet ze kréien, deen och Aarbechtsplaze geschaaft hätt an den Diddelenger Hondsbesëtzer zegutt komm wier.

Mam Projet vun der Renovatioun vum Stade Nosbaum gëtt ee Projet realiséiert, deen absolut noutwenneg ass. A mir hätten eis hei eng Analys awer gewënscht, wéi een eventuell eng Synergie hätt kënne schafen, fir Gebailechkeeten e Maximum kënnen auszelaaschten.
Säit laanger Zäit gëtt och no enger klenger Tribün, engem Iwwerdaach um Stade Aloyse Meyer gefrot, fir als Supporter net am Reen ze stoen. Ech hunn Äre kritesche Bléck gesi gehat, wou ech gesot hu vun der Synergie vum Stade Nosbaum, et ass dat wat mer mengen, dass een dat kann als Synergie mat der Schoul benotzen, fir d'Maison Relais, fir d'Kantin, fir dass déi Gebailechkeeten e Maximum kënnen ausgelaascht ginn. Vu, dass mer effektiv och virun der Tatsaach stinn, dass d'Saachen immens deier ginn a verschidde Gebailechkeeten, déi mer maachen, déi ginn net 200% ausgebaut, well et net ëmmer méiglech ass. Mee ech denken, dass dat awer eng Zukunftsvisioun ass, déi absolut muss ageschloe ginn.

Wat d'Sécherheet ugeet, gouf am neien Zenter Strutzbierg keen Defibrillator installéiert. Hei wëlle mer awer gäre wëssen, wéi d'Strategie ausgesäit a wou d'Prioritéite sinn, fir dës Defibrillatoren ze montéieren? Beim TICE, do geet de Budget erof. Wat och mat engem Comptabilitéitsfeeler vun 2003 ze doen hat. Ech léisse just eng Kéier deen deel vum Compte-rendu: „En comparant l'exercice 2023 à celui de 2024, en considérant les chiffres établis pour le budget rectifié 2024, le service responsable pour la gestion des traitements des salaires s'est rendu compte de son erreur administrative d'avoir malheureusement comptabilisé en double les frais du 13ème mois sur l'ensemble du personnel du syndicat ce qui correspond à une hausse non justifiée des estimations initiales de 2004 de  4,4 milliards d'euros." Voilà. Effektiv, do war e Feeler geschitt an dat gouf reportéiert an doduerch sinn d'Zuele vum Budget vum TICE e bëssen esou an d'Schwanke komm. Jiddweree kann e Feeler maachen, mir als Comité hunn dat och net gemierkt gehat. Mir hunn eng Hausse gesi gehat. Mir waren effektiv och der Meenung, dat wär duerch d'Indextranchen, déi dat Joer do ugefall sinn, dass dowéinst d'Personalkäschten deementspriechend géingen an d'Luucht goen. Bon, de Feeler hat sech duerno erausgestallt. Et ass kontrolléiert ginn. Et ass korrigéiert ginn. Mee ech mengen, et ass awer eng wichteg Explikatioun, déi ee muss ginn, wann een en Ënnerscheed vun enger Millioun Euro an deem Budget huet.

Beim TICE froe mer eis natierlech och, wat bei där Konventioun erauskënnt, déi grad ausgeschafft gëtt. Dës Konventioun ass enorm wichteg, fir d'Finanzéierung op déi nächst Jore kënnen ze plangen. Hei musse mer allerdéngs ofwaarden, wat dobäi erauskënnt, bis se fäerdeg ass. An onsem Budget steet de Late Night-Bus nach dran. Do wollte mer awer mol froen: Wéi vill gëtt deen hei zu Diddeleng benotzt? En Nuetsliewen an Erausgoen huet och mir nach ëmmer Spaass gemaach. An dat huet sech och zum Positiven awer zu Diddeleng entwéckelt. Et bleiwen ëmmer méi jonk Leit de Weekend zu Diddeleng selwer. Wou mer gefrot hate fir de City-Bus, wann ech mer net ieren, ob dee kéint bis an d'Nopeschgemengen an an de Supermarché fueren, do hate mer gesot: „Neen, nee, mir loossen dee léiwer an Diddeleng erëmfueren, fir dass d'Leit och zu Diddeleng consomméieren". An ech menge mëttlerweil, duerch d'Entwécklung vum Nuetsliewen och zu Diddeleng, ass et nach sënnvoll, fir d'Leit, déi Jugendlech ze incitéieren, fir erauszegoen oder soll een dann awer vläicht eis lokal Bistroen a Partien hei fërderen. De Busarrêt an der Rue de la Vallée, deen huet awer e grousse Succès a mir si frou, dass mir dës Propos ni opginn hunn, bis se ëmgesat gouf am Interessi vun den Awunner aus dësem Eck. Oppositioun mat Bëss huet hei awer seng Friichte gedroen.

Wärend der Pandemie waren och vill Senioren isoléiert. A mir haten d'Iddi eng Kéier ausgeschwat vun engem

Outreach fir Senioren. Mir bleiwen der Meenung, dass esou ee Service kéint Sënn erginn, fir der Isolatioun entgéintzewierken. Et si vill eeler Leit, déi awer eleng sinn, déi net erausginn. An et wär awer net schlecht, fir déi Leit vläicht awer iergendwéi op engem Unhaltspunkt kënnen unzegräifen. Mir schwätzen dee Punkt all Joers un. Ech weess och, wat d'Äntwert ass vum Här Manderscheid. Et ass eng konstruktiv Propos, déi mer maachen, fir d'Isolatioun vun eeler Leit ze bekämpfen. Déi sech net am Club Senior mellen, déi sech net no baussen äusseren. An, fréier, wou mer d'Quête fir d'Croix Rouge gemaach hunn, si mer bei d'Leit schelle gaangen an do waren ëmmer vill Leit frou, fir e bësse kënnen ze poteren, well mer bei se schelle gaange sinn, well se eleng waren. An dat ass genau déi Populatioun, wou ech mengen, déi hei mat engem Outreach misst cibléiert ginn. Ech weess, dass den Outreach am Jugendhaus en anere Rôle huet. Ech hunn dat ganz kloer verstanen an ech fannen den Numm Outreach awer gutt, well een erausgeet, fir d'Leit dobaussen ze erreechen.

Dann e wichtege Punkt, Här Buergermeeschteren, deen ech am Budget net erëmfonnt hunn, ass dee vum CET a vun den Iwwerstonne vum Gemengepersonal. An do hu mer eis Froe gestallt an der Fraktioun, wou sti mir do a wat mécht dee Punkt vu Käschten aus? Iwwerstonne kaschten och? An zwar dee soll beim Ausbezuelen oder wann d'Leit éischter an d'Pensioun ginn. Mee wann se éischter an d'Pensioun ginn, well se vill Iwwerstonne hunn, da musse se jo ersat ginn. Dat heescht, da misst dee Poste jo dann ee Moment no duebel bezuelt ginn. An ech géing am Fong ganz gäre Kloerheet eng Kéier schafen hei, wou mer do dru sinn a misst dat net souguer am Budget drastoen, wéi vill Iwwerstonnen opstinn a wat dat kascht? Am TICE, do hu mer et misse maachen.

An onser moderner Zäit, a wuelwëssend, dass eng Äntwert esou ausfale kann, wéi ee seng Fro stellt, a beim Analyséiere vum Budget, hunn ech do mol einfach gekuckt, wat d'ChatGPT zu eisem Budget vun Diddeleng géing soen. An ech hunn dat immens flott fonnt a witzeg fonnt a wuelwëssend, dass een eng Äntwert ëmmer kritt, esou wéi een eng Fro stellt. Ech hunn d'Fro gestallt: Hei ass e Budget vun enger Majoritéit an ech sinn an der Oppositioun, wat haalt Dir dovunner? Ech liesen Iech net déi ganz Analys vir, mee et war ee Punkt, wou ech mech futti gelaacht hunn. Ech seng Stant d'Äntwert vun de ChatGPT. "Manque de transparence. Nous appelons la majorité à réviser ses priorités et à proposer un plan financier plus rigoureux. " Dat sinn d'Wierder vun der Madamm Kayser, wou si all Joer hei seet. Ech hu mech gefrot, ob d'Madamm Kayser am ChatGPT steet.

Wéi Dir gesitt, mir si prett fir konstruktiv matzeschaffen, fir Diddeleng gutt no vir ze bréngen. Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg an op eng gutt Zesummenaarbecht am nächste Joer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Här Martini. Den Här Costa huet d'Wuert.



DIOGO COSTA (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert, léif Schäffen, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, als alleréischt wëll och ech e grousse Merci un d'Mataarbechter vun der Gemeng a virop dem Pascal Poull ausriichten. Hiert Engagement an hir Aarbecht hu nn entscheedend dozou bäigedroen, datt mir haut e Budget virleien hunn, deen eis Prioritéiten an Ziler kloer ervirsträicht. E Budget, dee weist, dass mir als Gemeng fest op d'sozial Kohäsioun, d'Nohaltegkeet an d'Resilienz setzen. Dëst sinn net just Schlagwierder, mee eise Guide, wann et drëms geet, d'Zukunft vun eiser Stad an hiren Awunner aktiv ze gestalten. Diddeleng ass eng Stad, déi sech bewosst ass, dass grouss Erausfuerderungen op eis waarden. De mënschegemaachte Klimawandel, och wann net all Partei hei am Raum dovunner iwwerzeegt ass, ass eng Realitéit, déi mir net ignoréiere kënnen. Ännerungen an eisem Klima sinn net abstrakt oder wäit ewech, mee ganz konkreet hei ze spieren. Dauerhaft Hëtzeperioden am Summer a Staarkreen-Episoden iwwert dat ganzt Joer an d'Konsequenze vun dëse Phenomeener sinn och hei zu Diddeleng eng Erausfuerderung. An et ass eis Flicht als Gemeng, deem aktiv entgéintzewierken an d'Zukunft proaktiv unzegoen.

D'Begrëffer Resilienz an Nohaltegkeet si fir eis keng abstrakt Konzepter. Mir setze si praktesch an Aktiounen ëm, dat duerch Initiativen, déi kloer aus eisem Budget ervirginn. Beispiller dozou sinn d'Innestadtbegrünung, an déi mir d'nächst Joer 150.000 Euro investéieren. Wéi schonn an eisem Walprogramm an an der Schäfferotserklärung kloer annoncéiert, Här Steffen, handelt et sech hei ëm e Projet mat engem weesentlechem Impakt op d'Liewensqualitéit vun eisen Awunner. Méi Gréngflächen an der Stad, dat bedeit net just e bessert Klima an eng verbessert Loftqualitéit, mee si schafen och Liewensraum fir kleng Déieren a verschidde Planzenaarten. Awer och an anere Beräicher, an deene mir d'Zukunft vun eiser Gemeng gestalten, ginn net vernoléissegt.

Den Ausbau vun den LED-Stroosseluuchten ass ugeschwat ginn. D'Upassung vun eise Gebaier un déi neisten Ëmweltstandarden an de potenziellen Ausbau vu SolarPannoen um Centre sportif René Hartmann si just e puer vun deene Projeten, un deene mir schaffen. Esou Projeten droen net just zur Energieeffizienz zou, mee weisen, dass mir konsequent a Richtung Klimaneutralitéit denken an handelen. Och konkreet a proaktiv Aktiounen, fir géint Staarkreen-Episode virzegoen, si virgesinn, sou beispillsweis Réckhaltebecken an och Etüden, wou esou Becke sënnvoll an néideg sinn.

Eist Cup-Konzept baue mir weider aus an investéiere weider doran. Jo, Här Gangler, dee System loosse mer eis eppes kaschten, well et fir eis alternativlos ass. Dëst fir am Joer 2025 endgülteg vu Single-use Becheren op de Manifestatiounen zu Diddeleng ewechzekommen. Och do ginn d'Veräiner ënnerstëtzt, fir net selwer an op eege Käschte mussen aktiv ze ginn. Dat ass fir eis eng Selbstverständlechkeet. Besonnesch houfreg si mir natierlech, dass mer als Gemeng am Klimapakt fir 2.0 déi héchsten Auszeechnung, de Goldstatus, erreecht hunn. Dëst mécht eis net nëmmen zu enger vun de féierende Goldgemengen am Klimapakt, mee bréngt eis all Joer och vill ëffentlech finanziell Ënnerstëtzung. Duerch dëse Succès konnten Initiative wéi dat neit entwéckelt Klimaanpassungskonzept, de Masterplang fir Nohaltegkeet an innovativ Projete wéi Solar-Bushaltestellen, de Klimadag a Mobilitéitsaktiounen ëmgesat ginn.

Dës Efforte weisen, dass mer konsequent op Nohaltegkeet a Biergerbedeelegung setzen. Et ass eis Missioun, dësen Niveau weider auszebauen an och déi nächst Auditen erfollegräich ze bestoen. Dëst wäert nëmmen duerch déi engagéiert Mataarbecht vun eise Bierger an eise Servicer sinn. Subventioune fir ënnert anerem Renovatiounen an eng Klimaberodung sti weider am Budget fir 2025. Wa mir eise Bierger net weisen, wou a wéi si selwer kleng awer effektiv Bäiträg maache kënnen, verléiere mer eng wichteg Chance, zesumme Verantwortung ze iwwerhuelen. Allerdéngs gesi mir, an d'Madamm Ahmedova huet et ugeschwat, dass hei nach e grousst Potenzial ass. Nëmmen aacht Stéit hunn am vergaangene Joer vun der Energieberodung profitéiert. Do musse mir d'Leit besser opklären a sensibiliséieren, fir dës Zuelen ze verbesseren.

E wichtege weidere Volet ass d'Bildung. Mir investéieren an eise Kanner hir Zukunft duerch Projete wéi Nachhaltigkeit macht Schule oder de Léiergaart. Dës Initiative fërderen net just dat ekologescht Bewosstsinn, mee gi scho fréi den Toun u fir zukünfteg Generatiounen, responsabel mat eiser Welt ëmzegoen. Wann eis Kanner duerch eng duerch Bildung gepräägt Approche fréi un d'Theema Nohaltegkeet erugefouert ginn, leet dat d'Fundament fir eng zukünfteg Gesellschaft, déi bewosst a verantwortungsvoll handelt. Eise Budget prioriséiert awer net nëmmen d'Ëmwelt. E weidere grousse Pilier ass d'Jugendfërderung. Jonk sinn zu Diddeleng bedeit an enger Stad opzewuessen, déi vill bitt. E gutt Beispill heifir ass eist Jugendhaus, dat an de leschte Jore wuessende Succès huet. Fir deem Succès gerecht ze ginn, plange mir 2025 d'Rekrutéierung vun engem weideren Educateur. Sou garantéiere mir, dass all Jonken eng Plaz huet, wou hie sech entfale kann a kreativ a produktiv ka sinn.

De Service Outreach ass eng weider Initiativ, déi mir fërderen. D'Zil hei ass et, Jugendlecher a prekäre Situatiounen eng professionell an nëtzlech Begleedung unzebidden. D'Diddeleng investéiert domadder an eng gerecht Chance fir all Jonken, onofhängeg vun hiren Ausgangsbedingungen. D'Jugend zu Diddeleng ass awer méi wéi nëmmen d'Jugendhaus. Als Jugendkommissioun wëlle mir alle Jugendlech mathuelen an hinnen eppes bidden. Aus der Initiativ vun der fréierer Presidentin vun der Jugendkommissioun ass d'Konzept vun enger Jugendparty gewuess. Eng Feier vu Jonker fir Jonk. Fir dass si eemol am Joer kënnen an engem sécheren Ëmfeld feieren an d'Jonksinn a vollen Zich genéissen. Eemol Party maache wéi déi grouss, dat zu engem fairen a soziale Präis a wéi gesot, an engem sécheren a kontrolléierte Kader. Eng Initiativ, déi déi ganz Jugendkommissioun begréisst an ënnerstëtzt huet.

Jonk si bedeit awer och iergendwa méi Responsabilitéiten, Rechter a Pflichten ze kréien. Mam uechtzéngte Liewensjoer ännert sech villes am Liewe vun engem Jonken. Do ass et de Wonsch, déi Jonk iwwert déi nei Rechter a Pflichten ze informéieren, hinne vir hir uechtzéng Joer ze gratuléieren a si esou an engem flotten informelle Kader iwwert eng sëlleg Ulafstellen ze informéieren, op déi si zeréckgräife kënnen. Eng kleng Receptioun fir Jonker, déi en neit Kapitel aschloen an en éischte Kontakt mat eiser Gemeng an hire Servicer kënnen hunn. Jonksinn ass awer méi wéi nëmme Party maachen. Jo, d'Schoul an och de Lycée gehéieren zum Jonksinn dozou. Gesond. Als Jugendkommissioun hu mir scho konnten an enger Zesummenaarbecht mam Lycée Nick Biver a senge BTS-Klassen zesummen ze schaffen. Dës Partnerschafte wëlle mir weider ausbauen, de Kontakt mam Lycée héich halen an esou als Jugendkommissioun d'Gemeng awer och de Lycée zesummen am Interêt vun eise Jonken schaffen.

Gemeinsam Projeten, déi praktesch an edukativ sinn, kënnen e Brécke schloen tëscht Theorie a Praxis a Jonker op hir Beruffswelt virbereeden. D'Gemeng Diddeleng spillt hei eng aktiv Roll, fir d'Zukunft vun deene Jonke matzegestalten.

Léif Kolleegen, Diddeleng beweist mat dësem Budget 2025, dass mir net just Géigewaart gestalten, mee bewosst an d'Zukunft kucken. Mir investéieren a sozial Kohäsioun, Nohaltegkeet an an enk Bindung un eis Jugend. An dat ass och gutt esou. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a freeë mech op weider konstruktiv Diskussiounen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Costa. An da gi mer nees zeréck bei d'Oppositioun. Madamm Kemp.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Léiwe Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, e grousse Merci dem Här Poull a senge Servicer fir Är Aarbecht. De Budget ass e fundamentaalt Instrument vun der kommunaler Verwaltung, dat d'Strategie, d'Prioritéiten an d'Zilsetzung vun enger Stad wéi Diddeleng kloer spigelt. De Budget ass méi wéi nëmmen eng Sammlung vun Zuelen. En ass e Mooss fir d'Zesummespill tëschent Recetten an Depensen. Dat déi sozial, ekologesch an ekonomesch Bedierfnisser vun der Bevëlkerung adresséiert. Meng Analys vum Budget konzentréiert sech dorop, wéi déi finanziell Mëttel agesat ginn. Besonnesch wäert ech d'Theeme Chancëgläichheet, Solidaritéit, Tourismus, Senioren, Logement, Kultur, Informatik an Ekonomie analyséieren.

D'Gläichstellung vun de Geschlechter ass ee vun de fundamentale Pilieren an der Entwécklung vun enger

gerechter a gläichberechtegter Gesellschaft. D'Ziler vu Gläichberechtegung, Gläichwürdegkeet an alle Liewensberäicher sinn ambitiéis a weesentlech fir eng nohalteg Entwécklung. Duerch den innovativen a breede Spektrum vun de Mesuren huet Diddeleng ee staarkt Fundament gesat. An dësem Kontext huet d'Stad Diddeleng e strategeschen an ëmfaassenden Aktiounsplang fir hir Gläichstellung entwéckelt, dee bis 2030 konkret Ziler verfollegt. Dëse Plang mat iwwer 111 Mesuren ass net nëmmen eng Ugeleeënheet fir eng méi gerecht sozial Struktur, mee och e Wee fir Stereotyppen ofzebauen an en integrative Wuesstem ze fërderen. Am kommunalen Aktiounsplang zur Gleichstellung der Geschlechter 2023 steet Follgendes dran: „Die Laufzeit des Aktionsplanes soll sechs Jahre betragen. Die Gleichstellungsarbeit und Erfüllung des Aktionsplanes wird künfteg jedes Jahr im Rahmen der Budgetanfragen und Programmplanung für das Folgejahr bilanziert." Ass et méiglech, dës Bilanz ze kréien? Wisou kréie mir keng Recetten 2025 fir de Mois du respect?

D'Stad Diddeleng setzt sech fir Solidaritéit an. An dësem Kontext ginn d'sozial Hëllefsallocatioune substanziell erhéicht. D'Gemeng gëtt bei den Allocation de vie chère a bei der Prime énergie eng zousätzlech Allocatioun an eng zousätzlech Prime énergie vum Staat bäi. Dat begréisse mir ausdrécklech. D'Mesurë weisen e kloert Engagement vun der Regierung. fir sozial Gerechtegkeet a Solidaritéit, besonnesch déi automatesch Ausbezuelung an Erhéijung vun den Zoulagen ze garantéieren. Datt méi Bierger effikass an ouni zousätzlech Administratiounshürden ënnerstëtzt ginn.

Den Tourismus zu Diddeleng spillt eng wichteg Roll an der lokalpolitescher Strategie fir d'Stad als Attraktiounspunkt fir Visiteuren an als Standuert mat historesch, kulturellen an natierleche Ressourcen ze etabléieren. Besonnesch d'Ënnerstëtzung vum Syndicat d'initiative, eng Schlësselorganisatioun fir d'Promotioun vum Tourismus an der Regioun, steet am Fokus. Wéisou ginn d'Frais de fonctionnement erof an de Syndicat d'initiative kritt méi Suen?

D'Recettë vum Hall polyvalent si just 5.000 Euro. Wéisou ass dat esou wéineg? Läit dat dorunner, datt nëmmen eng Veranstaltung de Weekend do stattfanne kann? Zum Beispill, wa freides owes eng d'Manifestatioun ass, firwat net och samschdes owes, respektiv sonndes mëttes nach eng Veranstaltung unhuelen? D'Conciegerie vum Centre Hild a vum Hall polyvalent ginn zesumme budgetiséiert a gi vu 57.100 Euro am Initial op 65.000 Euro am Rectifié a fir 2025 sinn 72.000 Euro ageschriwwen.

D'Seniore stellen eng wäertvoll Ressource fir eis Gesellschaft duer, mat hirem Wëssen, hirer Erfarung an hirem Drang och am Alter aktiv ze bleiwen. Fir dëst Engagement ze ënnerstëtzen, spille sozial a kulturell Initiativen eng entscheedend Roll. De Club Aktiv Plus, deen 2024 als Nofollger vun de Club Senioren agericht gi sinn, sinn ee Kärelement vun dëser Strategie. Si bidden eng Plaz fir Begéinung, Fräizäitaktivitéiten, liewegen Erfarungsaustausch tëschent de Generatiounen an interkulturellen Dialog. Et stellen sech awer



e puer berechtegt Froen. Wéi ass et méiglech, dass d'Loyeren an d'Charges locatives fir de Club Aktiv Plus vun 12.417 Euro am Joer 2023 op 25.000 Euro am Joer 2024 klamme kënnen? Zousätzlech waren d'Travaux d'entretien et de réparation des bâtiments 166 Euro 2023 2024 schonn op 2.000 Euro eropgaang a 2025 op 2.500 Euro eropgaang. Wéi kënnt et zu där Steigung a wat ass do genau ugeduecht? Mir fuerderen als CSV den intergenerationelle Service d'accompagnement scolaire Supersenioren anzeféieren. Dëse Projet feiert fënnef Joer an ass e gelongent Beispill vun der Kombinatioun vu sozialem Engagement, intergenerationellem Austausch an edukativer Ënnerstëtzung. Si droen aktiv dozou bäi, d'Schoulleeschtung vun de Kanner ze verbesseren an an eisem Fall Diddeleng kéint definitiv vun esou engem Service profitéieren, well et sozial a bildungspolitesch Bedierfnisser gläichzäiteg usprécht. Et ass eng flott Iddi, wou Diddeleng erëm Virreider kéint sinn.

Här Buergermeeschter, de Problem vum Zougang zu bezuelbarem Wunnraum ass eng vun deene gréisste Suerge vun de Lëtzebuerger. Mat 66% gouf dëst och rezent am Politmonitor ënnerstrach. Dëst spigelt sech an enger stänneg steigender Nofro u sozialen a bezuelbare Wunnenge kombinéiert mat héijen Immobilien- a Loyerspräisser, déi vill Mënschen ënner wirtschaftlechen Drock setzen. Dëst spigelt sech an enger stänneg steigender Nofro u sozialen a bezuelbare Wunnenge kombinéiert mat héijen Immobilien- a Loyerspräisser, déi vill Mënschen ënner wirtschaftlechen Drock setzen. Och dës Situatioun gëtt duerch eng limitéiert Disponibilitéit vu Wunnengen, déi de Bedierfnisser vu mëttel- an nidderegverdéngende Stéit entspriechen, nach verschäerft. Och wann d'Regierung an d'Gemenge wéi Diddeleng Programmer a Projeten entwéckelt fir sozialen a bezuelbare Logement ze fërderen, bleift d'Fro op, ob dës Moossnamen absolut der steigender Demande gerecht ginn. D'Analys vum Budget mat engem Fokus op de Beräich Logement ass dowéinst essenziell. An deem Kader froen ech mech: 1,64 Milliounen Euro goufen net agesat a reportéiert op 2025. 4,7 Milliounen Euro sinn op 26 reportéiert ginn, obwuel mir dréngend sozial Wunnenge brauchen. Vun deenen 11 Milliounen Euro déi mir 2024 geplangt haten, goufe just 5 Milliounen Euro ëmgesat. Dovunner ofgesinn hunn ech mer d'Fro gestallt ob mer net weider Virreider solle gesinn a Méigeneratiounenhaiser, déi mir scho laang fuerderen als CSV.

Bei der Etude Logement social wollt ech och genau froen, wat do virgesinn ass? Dann ass mer en plus opgefall, datt d'Maintenance d'installation technique vum

Logement social vun 2.500 op 7.700 Euro eropgaange sinn. Wéisou ass dat de Fall? Diddeleng ass bekannt fir seng kulturell a sozial Aktivitéiten, déi fest am kollektive Bewosstsinn vun der Bevëlkerung verankert sinn. Evenementer wéi Kiermes, Museksfester an esou weider sinn e wichtege Bestanddeel vum kulturelle Liewe vun der Stad, mee spillen och eng zentral Roll am Zesummeliewe vun der Gemeinschaft. Si stäerken eisen Zesummenhalt an d'Verbindung. D'Kiermes, déi bis elo näischt kascht huet, op mannst laut dem Budget, krut op dëst Joer 25.000 Euro agedroen. Wat ass d'Begrënnung dofir?
En plus hu mir am Budget gesinn, datt en neit Summerfest wäert stattfannen, mam Titel „Wéi am Süden". Wat ass d'Konzept vun dësem Fest?

Wéi schonn d'lescht Woch erwäänt, d'Migratioun stellt net nëmme mobil Bevëlkerungsbeweegungen duer, mee eng komplex Integratioun tëschent sozialen, wirtschaftlechen a kulturelle Faktoren. Wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, gehéiert d'Migratioun zur DNA vu Lëtzebuerg an Diddeleng. Trotzdeem si mer nach ëmmer der Meenung, dass d'Migratiounsfuerschung zu Lëtzebuerg weesentlech fir de soziale Fortschrëtt ass, mee de Suivi absolut eng national Responsabilitéit ass an en nationale Sujet ass an deementspriechend keng Aufgab vun enger Gemeng.

Am digitale Kontext reflektéiert d'Notzung vu Plattforme wéi Hopler an der Dudelange App d'Bedierfnisser an d'Gewunnechte vun de Bierger. Ech hu mech amuséiert a mol gekuckt, wéi oft déi jeeweileg Appen erofgeluede sinn. 752 Mol gouf d'App Hopler erofgelueden. Am Ganzen, e bësse méi wéi 1000 Mol, laut dem App Store, gouf d'Dudelange App erofgelueden. Do froen ech mech, wisou mer elo eng drëtt App schafen, well mer awer gesinn, dass déi Appen net esou oft erofgeluede gi sinn a firwat net probéiert gëtt, déi drëtt App an déi aner zwou Appen ze integréieren? Dann hunn ech och gesinn, dass Hot City CCRD sollt 15 Antennen installéiert ginn, dës awer leider op 2025 reportéiert gi sinn. Wéisou ass dat de Fall? Ech hu mat Erstaunen och festgestallt, dass et zu enger Präishausse um Poste vu Location de logiciels non publics komm ass. Wat ass ausser deem Zouwues vun de Lizenzen an de Präisser d'Begrënnung vun dëser Hausse?

Ee Punkt zur Ekonomie. Den Innovation Hub Diddeleng accompagnéiert Start-ups am Green Tech Beräich. Dëst ass eng formidabel Initiativ, déi d'Bedeitung vum grénge Wuesstem an innovativen Technologien ervirhierft. Et ass bedauernswäert, datt am Joer 2024 keng Publicitéit op mannst budgetär oder keng méi grouss Promotioun gemaach gouf, fir dësen aussergewéinleche Projet an de Fokus vun der Ëffentlechkeet ze setzen. Gott sei Dank steet d'Publicitéit fir 2025 dran.

D'Analys vum Budget weist e kloert Bild. Déi aktuell Finanzpolitik setzt op héich Ausgabe mat enger alarméierender Scholdendynamik. Wärend d'Investitiounen dacks als néideg presentéiert ginn, bleift d'Fro, wéi laang dës Strategie nach tragbar ass. Scholden, déi haut gemaach sinn, si Belaaschtunge fir muer, fir eis an, méi schlëmm nach fir déi nächst Generatiounen. Dofir appelléiere mir un d'Verantwortung vun der Majoritéit. Et ass net ze spéit, eng méi nohalteg a programmatesch Finanzstrategie unzestriewen. Fir Diddeleng, fir eis Kanner a fir eis Zukunft. Domat wënschen ech Iech schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch a Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Madamm Kemp, fir Är Interventioun. An dann déi lescht Riednerin, d'Madamm Kohn.

MARTINE KOHN (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Och ech wëll meng Interventioun ufänke mat engem décke Merci un de Pascal Poull a seng ganz Equipe fir eis alt erëm eng Kéier eng super Dokumentatioun hei zoukommen ze loossen, déi ganz explizitt ass a komplett an déi et eis natierlech eréischt erméiglecht, fir sech duerch déi Hellewull un Informatiounen an Zuelen duerchzeschaffen. A Villes ass och schonn hei gesot elo vu menge Virriedner. Wann een als leschte schwätzt, dann ass scho vill gemaach an och meng Virriedner aus menger eegener Fraktioun si schonn an hiren Domänen op ganz, ganz vill Detailer agaang.

Ech wëll dann och ufänke mat engem klengen Iwwerbléck an duerno vläicht un e puer Punkten, déi meng Schwéierpunkte sinn a menger Aarbecht am Gemengerot. En Iwwerbléck iwwert déi finanziell Situatioun de Moment vun eiser Gemeng. Et sinn elo keng nei Zuelen, si si schonn e puermol gefall. Mee op där enger Säit ass dann elo mam Budget rectifjéRectifié 2024 e geneet Bild entstanen, wéi a wat mer am leschte Joer geschafft hunn. Op där anerer Säit setze mer mam Budget 2025 d'Weiche fir Projete vum nächste Joer. Hate mer am Budget initial 2024 am Ordinären nach, mat Recettë vun 106 Milliounen Euro gerechent, sou weist den definitiven Ofschloss awer 147 Milliounen Euro aus, wat sech da positiv op d'Endresultat auswierkt.

Wa mer dat elo zesummen ziele mam Boni vun 2023 vun 11 Milliounen Euro, esou ergëtt sech dann e Boni général oder consolidé vu genee ausgedréckt 26.513.378 Euro. Wat d'Depensen 2024 ubelaangt, sou kann ee soen, datt se quasi um selwechte Stand bliwwe sinn. Am Ordinären hate mer mat 135 Milliounen Euro gerechent an et waren der herno 132. Am extraordinären si mer och liicht zeréckgaang vun 64,5 op 63,8 Milliounen Euro. Dat heescht, mir konnten eenegermoossen am Equiliber bleiwen, wat d'Prospektioun an d'Exekutioun ubelaangt, an dat trotz enger wirtschaftlech ugespaanter Situatioun. Dee sougenannte Schéiereffekt, vun deem de Finanzminister gäre schwätzt, huet also beim Budget rectifié 2024 zu diddeleng gespillt. D'Einnamen hu sech méi staark erhéicht wéi d'Ausgaben, déi souguer liicht ofgeholl hu géintiwwer dem initiale Budget.

Kucke mer elo op de Budget initial 2025. Et ass och vläicht interessant fir d'Bierger an d'Biergerinnen dobaussen, ze wëssen, wéi de Gemengebudget opgestallt ass, ugefaange mat engem Budget initial, wou eng Prospektioun gemaach gëtt, wat ee ka mat deem Budget, deen engem zur Verfügung steet, verwierk-

lechen. Hei sinn awer natierlech eng Partie Inconnuen dran. Wéi entwéckelt sech déi allgemeng wirtschaftlech Situatioun dobaussen? An domat déi Contributioun vum Staat, vun deenen d'Gemenge ofhängeg sinn. Dee Fonds de dotation globale communale, dat ass schonn e puermol hei erwäänt ginn, gëtt zum Beispill fir 2025 estiméiert op 96,7 Milliounen. Iwwert den Impôt commercial kréie mer viraussiichtlech e Montant vun 1,76 Milliounen Euro eran, wat et awer virsiichtshalwer just e Montant vun 1,66 Milliounen Euro am Budget agesat ginn. All dës Zommen, déi sougenannte Recettes non-affectées, well se kengem spezifesche Projet mussen zougeuerdent ginn, erreechen am Initial 2025 en Total vun 99,5 Milliounen Euro a maachen esou ganzer 65,64% aus vun der Recette ordinaire.

E grousse Bestanddeel vun deenen Depensen am ordinäre Budget initial 2025 maachen, wéi och déi Jore virdrun, d'Masse salariale aus, dat heescht d'Paie vun eisem Personal. Esouwuel d'Karriereentwécklung gëtt berücksichtegt, dat heescht d'Bienallen, eng viraussiichtlech Indextranche an d'Erhéijung vum Punktwäert ëm 1,95%, wéi och nei Posten, déi geschaf musse ginn. Hei wëll ech och nach emol kloer maachen, datt et e Choix war vun dëser Majoritéit, fir net op de Wee ze goen, fir verschidde Gemengeservicer, wéi dat an anere Gemengen ass emol passéiert, ze privatiséieren. Botzekipp, Jardinage, Poubellen, etc., dat gëtt an anere Gemengen net méi vum Gemengepersonal gemaach. Dat ass fir eis ni a Fro komm. Mir wollten, dass esou vill wéi méiglech Leit vun engem gudden Aarbechtskontrakt profitéieren, mat gudden Aarbechtskonditiounen. Och wat d'Ausbildung oder d'Stagen ubelaangt, iwwerhëlt d'Gemeng Diddeleng Verantwortung.

Ënnert den ordinäre Budget falen och all Zorte vun Taxen. An hei sief och nach emol bekräftegt, dass dës Majoritéit net gedenkt, d'Taxe fir d'Bierger wéi Offallwaasser an Ofwaasser an d'Luucht ze setzen. No der Covidkris an dem Krich an der Ukrain koum domat eng dramatesch Energiekris hannendrun. Dës Kris ass nach net eriwwer. A mir héiere jo elo och an den Noriichten, datt mëttlerweil och d'Wirtschaft an d'Struewele kënnt, haaptsächlech a Secteuren, déi vill Energie brauchen. An der Industrie oder an der Metallveraarbechtung. Ma d'Energiekris trëfft jiddereen. Mir mierken et all. Hëtzen, Stroum ass deier ginn an et kann een och net onendlech spueren. Famillje mat niddregem Akommes si besonnesch betraff. Schonn a sougenannten normalen Zäiten ass et eng Erausfuerderung d'Enner beieneen ze kréien an esou an dëse Konditioune quasi onméiglech.

E wichtegt Instrument war an ass d'Allocation de vie chère. Mir haten et schonn héieren am Detail. Mir sinn dofir immens frou, datt ab 2025 alleguerten d'Beneficiairë vum Revis dës Allocation de vie chère automatesch kréien. Wat nëmme méi richteg ass an och vill Bürokratie ofbaut. An déi Prozedur vereinfacht. Dozou kënnt och nach, datt d'Energiehëllefen net méi plafonéiert ginn. Dat heescht, datt sech dës Hëllefe vum Staat wäerte verdräifachen. D'LSAP hat scho viru Joren d'Initiativ ergraff fir zousätzlech 50% vun der Allocation de vie chère a 25% vun der Prime énergétique dropzeleeën. A mir stinn natierlech zu dësem En-



gagement an hunn deementspriechend eng méi héich Depense am ordinäre Budget 2025 virgesinn. Et freet mech och, heibannen ze gesinn, datt mir do parteiiwwergräifend - mengen ech - déi selwecht Meenung hunn.

Vergläiche mer elo d'Recettes ordinaires an deenen zwee Joren, sou kann ee feststellen, dass dat, wat mer eranhuelen am Kader vum Fonds de dotation globale communale, den ICC an den IEF mat 66,23% am Budget Rectifié 2024 a 66,80% am Budget initial 2025 déi gréisste Recette ass an hiren Undeel quasi stabil bleift. Schlussendlech stinn dann am Budget initial 2025 op der ordinärer Säit e Montant vun 151,649 Milliounen Euro, géintiwwer 147,738 Milliounen Euro bei den Depensen, dat mécht also ee Boni vu 7,452 Milliounen Euro.

Komme mer elo nach bei de Budget extraordinaire, dat heescht d'Investissementer, Projeten an Initiativen. Hei si virgesinn Depensen an Héicht vu 56,871 Milliounen Euro ze tätegen, dovunner 8,426 Milliounen Euro fir nei Projeten. Dat allermeescht awer fléisst a besteeënd Projeten. Projeten, déi sech wéi meeschtens iwwert e puer Joren zéien. Wichteg grouss Projete sinn dann och den Neibau vun der Sportshal mat Schwämm op Strutzbierg, den Neibau vun de Gemengenatelieren, den neien Déierenasyl an de Bau vun neie Sozialwunnengen an der Rue Nic Bodry, an der Rue de la Paix an der Rue des Champs. Mir hunn et déi lescht Woch scho gesinn an explizéiert kritt. Besonnesch Projeten, déi sech vun der Planung bis zur Fäerdegstellung iwwer e puer Joren zéien, leie meeschtens, bedéngt duerch déi global ekonomesch schwiereg Situatioun, bis zu 30% iwwert dem Devis. Sou wéi de Privatleit ergeet et och der Gemeng. Mir sinn net gefeit viru béisen Iwwerraschungen. Wat ee ka maachen awer ass, an dat gëtt gemaach, zesumme mat den Architektebüroe konsequent kontrolléieren an handelen, fir dat bescht Resultat fir eis all erauszeschloen. Beispiller hu mer am leschte Gemengerot gewise kritt, an nach eemol geet e Merci un eis Partner an deene verschiddene Projete fir hir Responsabilitéit an hire Professionalismus.

Aner wichteg Projeten, déi mer eis fir 2025 virgeholl hunn, sinn den Ufank vum Neibau vun der Schoul Balzeng mat Maison Relais a Sportshal. Wéi gesot, et ass just den Ufank mam Raccordement vum Site un de Reseau am Quartier. Ausserdeem e Bau vun enger Crèche am neie Quartier A Bëlleg, eppes wat onbedéngt gebraucht gëtt. Et ginn ëmmer méi ëffentlech Crècheplaze gebraucht. Mir hunn et schonn héieren, si hunn en anert Konzept, si hunn en anere Präis. An dat

och ze realiséieren direkt an engem neie Quartier ass absolut sënnvoll.
Dann eng weider Etapp vum Raccordement vum Quartier NeiSchmelz un d'Kläranlag zu Biereng. Net vill elo grad, vläicht war eng Kéier ugedeit, mir vermëssen de Quartier NeiSchmelz elo an deem ganze Budget. Ech mengen ech steet schonn dran hei, mat deem Raccordement. All dës Aarbechte mussen ofgeschloss sinn, ier et lassgeet mam Bau vun deenen éischten Haiser, bezéiungsweis Gebaier. Des Weidere gëtt investéiert an d'Tribüne vum Stade Nosbaum. Mir hunn dat schonn héieren.

Verschidde Renovatiounsaarbechte vun eiser Kierch sinn och virgesinn. An obwuel mir do ganz derbäi sinn, wann d'Madamm Thoma seet, mir si fir d'Trennung vu Kierch a Staten, dat si mir och, si mer awer no eemol Proprietär vun deem Gebai. An et ass och net esou, datt mir quasi guer net vun deem Gebai profitéieren, well et ass e feste Bestanddeel vun eiser Musekschoul. Do ginn och Coursen ofgehale vun Uergel. Also do gi Stonnen ofgehalen, do gi Concerte gemaach an och Festivallen organiséiert. A mir hunn eis eebe verflicht, dat a senger Entitéit, a sengem Konschtwierk, soen ech elo mol, méi ze erhalen, wéi datt dat elo ee Culte ass, dee mer do elo um Schierm hunn.

Ausserdeem musse mer eis Gemeng kontinuéierlech Investéieren, zum Beispill, och moderniséieren, wat eise Fuerpark ubelaangt. Ma et ass kee Luxus, wann hei Camionen ersat ginn, déi bal 20 Joer hunn, zum Beispill en neie Camion mat Kran, dee besonnesch am Wanterdéngscht agesat gëtt. A mir wëlle jo net eng Kéier an déi Situatioun kommen, datt mer musse Stroosse botzen a kee Camion hunn. An dofir muss ee mat Zäit och deem virgräifen. An net onweesentlech sinn och d'Renovéieren a wéi et schonn esou schéin heescht d'Mise en conformité vun eise Schoulen, wou mir gesetzlech och derzou verflicht sinn, ob dat elo nei Sécherheetsnorme sinn. Norme vun Accessibilitéit, Hygiène etc. Dëse Schäfferot moderniséiert a renovéiert kontinuéierlech, fir datt eis Kanner vu modernen an hinnen adaptéierte Schoule profitéiere kënnen. Ausserdeem gi säit Joren eis Schoulhäff op de Leescht geholl. De Moment entsteet zum Beispill e ganz neie Campus Strutzbierg. An déi, déi net oft dolaanscht komme, gitt a kuckt Iech dat emol un, dat ass super flott ginn. An d'Kanner fannen do alles, wat hiert Häerz begiert.

Wéi gëtt dat also elo alles bezuelt? Wéi aus den Dokumenter, déi eis hei virleien, erausgeet, hu mer, wéi gesot, e Boni consolidé, dat heescht e Boni vun 2023 deelt sech op 10.991 Milliounen Euro bechiffert, plus de Boni vun 2024 vun 15,521 Milliounen, maachen also en Total vun 26,513 Milliounen Euro. Projete gi finanzéiert duerch de Fonds de réserve spéciale Pacte Climat, wou 1,826 Milliounen Euro ze fanne sinn, op den 31.12.2024. Fir dat kommend Joer sinn deementspriechend dräi Projete virgesinn: eng Fotovoltaiksanlag fir de Centre Hartmann, d'Begréngung vum Stadzentrum fir 100.000 Euro dräi Joer laang, an dann och d'Plazbegréngung fir weider 50.000 Euro. Per Gesetz sinn d'Gemenge gehalen e Budget am Equiliber ze halen. Dat ass, do sinn d'Gemengen anescht wéi de Staat. A scho fir 2024 hate mer 43 Milliounen Euro Emprunt virgesinn am Budget initial. Eng Tranche vu 20 Milliounen Euro war nëmme gebraucht ginn, fir de Budget deemools am Equiliber ze halen.

An eng zweet Tranche vu 15 Milliounen Euro gouf am leschte Gemengerot gestëmmt, wat dann en Total vun 35 Milliounen Euro ausmécht. Ganzer 8 Milliounen Euro manner, wéi mer virgesinn haten. Eng gutt Saach, well dëst Resultat eis dëst Joer hëlleft. Mir mussen op en Emprunt zeréckgräifen, och net zulescht, well am Laf vum Joer et kann zu Liquiditéitsproblemer féieren. Dat huet awer näischt mat der Gestioun vun eis als Gemeng oder Schäfferot ze dinn. Well et muss ee wëssen, datt bei deenen allermeeschte Projete mir eis Gemeng och Subsiden zegutt hunn, déi an d'Millioune ginn, a fir déi mer awer méintelaang mussen op d'Ausbezuele waarden. De Buergermeeschter hat et d'leschte Kéier schonn ugedeit, verschidde Ministèrë sinn do méi kulant an déi maachen dat an Etappen, wat de Gemengen immens entgéint kënnt. An anerer, déi waarden da bis d'Joer eriwwer ass. An an der Tëschenzäit mussen awer eis Facturë bezuelt ginn. An esou ass et eebe besser mat engem Emprunt deem Ganzen entgéintzewierken. Wat net muss gezu ginn, dat hu mer schonn e puermol gemaach, dat gëtt net gezunn. Dat heescht, wéi schonn d'lescht Joer gëtt gekuckt, fir esou mann wéi méiglech Schold um Enn vum Joer ze hunn a responsabel mat eisem Budget ëmzegoen.

Säit 2022 sinn d'Zënse kontinuéierlech an d'Luucht gaangen. A well d'Zënspolitik och en Impakt op déi Zommen huet, déi mer mussen als Gemeng zeréckbezuelen, ass dat natierlech och eng gutt Saach. Also wann d'Zënse géingen an Zukunft erofgoen, wär dat eng gutt Saach fir eis, well mir direkt dat ze spiere kréien. Kucke mer eis d'Zuelen elo nach emol am Service extraordinaire un, da fält eis eppes op. 2024 konnt d'Gemeng Diddeleng mat 8.384.762 Euro rechnen, vun den Subside vum Staat. Fir d'Joer 2025 wieren dat da schonn elo 17.573.487 Euro. De Buergermeeschter hat et schonn déi lescht Woch ugedeit. Mir wäre frou, wann nach méi Ministèren déi géingen an Tranchë bezuelen, well dat géing eis als Gemeng weesentlech entgéintkommen.

An dann, ech hat et och schonn ugedeit, ouni dass mir elo responsabel si fir déi Präisdeierecht am Bausecteur, si mer awer gezwongen, herno d'Rechnungen ze bezuelen. Elo muss een awer wëssen, datt d'Subsiden oft gedeckelt sinn. Dat heescht, wann herno e Projet méi deier gëtt, heescht dat net, datt de Staat seng Subsiden deemno upasst. Ma iergendwann seet en: Voilà, Plaffong erreecht. Mir halen hei op. Dat bedeit dann, datt eigentlech de Staat d'Gemenge mat der Präisentwécklung am Bausecteur eleng léisst an domat d'Gemengen dem Risiko aussetzt, sech nach méi ze verschëlden. Op där enger Säit si mer gehalen eis dem Gesetz an den Normen an Direktive vu Säite vum Staat unzepassen an ze investéieren. Op där anerer Säit gi mer beim Finanzéieren zimmlech an Ree stoe gelooss. Duerch Emprunten, déi mussen opgeholl ginn an anescht wéi beim Staat, och mussen zeréckbezuelt ginn, well mer eeben och de Subsiden hannendru lafen, erhéicht sech d'Schold a verschlechtert sech d'Resul-

tat vum Budget. Mir si keng Gemeng wéi zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg, déi am Geld schwëmmt, wou am Budget ronn 790 Milliounen Euro Reserve stinn an déi net wëssen, wat se sollen domadder maachen.

Wat dee finanzielle Spillraum vun de Gemengen ugeet, laang een hei zu Lëtzebuerg vill Ongläichheeten. Eng Haaptstad, wéi 16 aner Gemengen och hei am Land, mat null Euro Schold, an aner Gemengen, och regional Entwécklungszenteren, oder Gemenge wéi Iechternach, Wolz oder Mamer, déi dann op eemol eng Pro-Kapp-Verschëldung hu vu 7.500 Euro pro Kapp. Diddeleng war bis elo ënnerduerchschnëttlech verschëlt. Mee duerch Rekordinvestissementer an de Joren 2024 an 2025 klëmmt déi Diddelenger Gesamtschold staark, ouni awer erdréckend ze ginn. All eis Investissementer sinn zukunftsorientéiert, wichteg an och alternativlos. Et sinn Investissementer net nëmme fir haut, ma och fir déi Generatioune vu muar. Den Invest bedeit awer och, datt an de nächste Joren de Rhythmus vun den Investissementer natierlech an ëffentlech Infrastrukture muss schrëttweis reduzéiert ginn. Anescht riskéiert de Budget mëttelfristeg an e strukturellen Desequiliber ze kommen. Hei ass, wéi ech et schonn ugedeit hunn, awer och déi national Politik gefuerdert an de Verdeelungsschlëssel, wéi en elo besteet, onbedéngt ze iwwerdenken.

Ech kommen dann elo nach op e puer vu menge Beräicher ze schwätzen, wou ech eeben och mech engagéieren hei an dëser Gemeng. Ech fänken do u mat Kultur. Mir hunn et schonn e puermol hei héieren, scho ronn 10% vum ordinäre Budget investéiere mir a Kultur. Diddeleng ass iwwert seng Grenzen eraus bekannt a beléift. Mat eisem regionale Kulturzentrum, eise Galerien a Muséeë bidde mir praktesch dat ganzt Joer eppes un. De Poste Centre Culturel et Salle de Fêtes steet am Budget 2025 mat 3.808.115 Euro. Eis Muséeë mat 257.024 Euro. Viru kuerzem krute mer e ganz detailléierte Budget an d'Organisatioun och vun eiser regionaler Musekschoul virgestallt. An och hei sinn dann 8.289.000 Euro am Budget ze verzeechnen. Eis Bibliothéik ass opgefouert mat 740.041 Euro. E grousse Posten, an et ass schonn hei ugeklong, ass weiderhi Fêtes publiques. Mir hunn e gutt gefëllte Manifestatiounskalenner hei zu Diddeleng. An do ass ëmmer fir jiddwereen eppes dobäi. Et sinn natierlech och Leit, déi ginn iwwerall hin. Mee et ass awer och esou opgestallt, datt fir Jonk an Al, fir déi eng a fir déi aner ëmmer eppes hei ugebuede gëtt. Den Zeltik, Fête de la Musique, Summer Stage, Hobbymaart, Marché du Monde, Fête des Cultures, déi neierdéngs zesummegeschloe gi sinn. Nationalfeierdag, Mëttelalterfest, Summer, Spill a Spaass, Nopeschfest an natierlech eise Chrëschtmaart.

Dann eng nei Oplag vun Dudelange on Wheels, déi mir och ganz begréissen, ass och fir 2025 geplangt Nuit des sports, Familljendag, Sweet Event, Summer Event Wéi am Süden, Eat Beat & Culture, Journée Prévention Incendie, Alternative Maart, Kleeschenëmzuch, Jugendfest, Usina, Like a Jazz Machine an net ze vergiessen och eis Kiermessen. An ech erlabe mer dann dee ganz klitzeklenge Poesie am Park och nach ze erwänen, dee vun der Kulturkommissioun organiséiert gëtt an dofir och net am Budget opgefouert gëtt, well mir dee selwer stemmen. All dat muss geplangt an organiséiert ginn an am Total steet eis hei e Budget vun 2.387.198 Euro zur Verfügung. Et war der Majoritéit awer och wichteg, där ganzer Offer am Kulturberäich eng Struktur ze ginn, well et ass schéin, wann een déi Saachen huet, mee och hei war et eis wichteg, déi Meenung vu baussen ze kréien, vun engem onofhängege Gremium, dee mol eng Kéier eeben de Status Quo analyséiert an eis och Suggestioune mat op de Wee gëtt, wéi mer eis kënne weiderentwéckelen, fir datt mer dee Budget an och déi Offer, déi mer do ubidden, deementspriechend och am beschten asetzen. Déi ronn 100 Interviewen, déi do gemaach gi si mat Associatiounen, Künstler a Künstlerinnen am Hibléck op dee Kulturentwécklungsplang, fir da Virschléi fir d'Zukunft ze ginn an do si mer eeben och ganz geschwat op hire Rapport, deen, denken ech, net méi laang op sech waarde léisst.

De Beräich Integration oder Vivre ensemble, wéi dat elo méi genannt gëtt, gëtt hei zu Diddeleng groussgeschriwwen. Zesumme mam Service Ensemble gëtt onheemlech vill um Terrain geschafft an dat dréit natierlech Friichten. Iwwer 110 Nationalitéiten, dat variéiert ëmmer e bëssen, gëtt et hei zu Diddeleng. An et ass d'Aufgab vun der Politik se ze encadréieren a ze guidéieren. Ech ginn elo net op déi eenzel Posten am Budget an, well dat ass transversal e bëssen Integratiounspolitik. Dat ass net nëmmen ënnert engem Budgetsposten Integratioun ze fannen, mee et ass op ganz, ganz villen eenzelne Budgetsposten erëmzefannen. Ma de Service Ensemble mat senge villen Aktivitéiten ass opgefouert. Awer ech ginn do just als Beispill de Café des Langues, deen onheemlech vill Succès huet, eis Sproochecoursen déi organiséiert ginn. D'Fait de culture, wéi gesot, mam Marché du monde ass wichteg. Och d'Ënnerstëtze vun de Quartiersinteresseveräiner, déi mat agebonne ginn, net nëmmen zesumme mam Service Ensemble, mee och an deem neie COPIL, dat heescht, dat neit Gremium, wat am Kader vum Gemengepakt gegrënnt ginn ass an do sinn och Quartiersinteresseveräiner invitéiert, fir matzemaachen.

Dann doriwwer eraus, mengen ech dat ass och immens wichteg am Kader vun der Integratioun, sinn souguer Servicer wéi den Office social, de Service emploi, och dat alles si Bausteng fir eng gutt Integratiounspolitik. Ma mir ginn eis awer net gären domadder zefridden. D'Gemeng Diddeleng huet och viru Kuerzem, wéi gesot, dee Gemengepakt ënnerschriwwe mam Familljeministère. Villes vun den Aktivitéiten a Projeten hu mer schonn hei zu Diddeleng virdru scho gehat, well Diddeleng war schonn ëmmer Virreider op deem Gebitt. An déi Aktivitéiten, déi mir hei scho säit Jore maachen, déi si mëttlerweil Best Practices gi fir vill aner Gemengen a ginn och gären als Beispill geholl, wéi een eng gelongen Integratiounspolitik mécht um Terrain. Mir sinn och ganz frou, datt duerch déi Zesummenaarbecht mam Ministère och elo d'Gemeng Diddeleng finanziell méi ënnerstëtzt gëtt. Mir kruten dann och zwee Coordinateuren, déi ganz wäertvoll Aarbecht kënne leeschten a mir wäerten och ënnerstëtzt gi mat deem Pakt, deen an Zukunft kann ënnerschriwwe ginn. Do wäerte mer och nach weider ënnerstëtzt ginn, wat dee méi

e grousse Succès huet a wat mir dann dee méi wäit erandroen an d'Gesellschaft, wat et besser ass.

Et läit eis um Häerz, datt all d'Leit, déi hei zu Diddeleng liewen, och mündeg Bierger a Biergerinne ginn, wëssen, wéi d'Gemeng fonctionéiert, d'Prozeduren an d'Servicer kennen, datt méi matenee kommunizéiert gëtt, fir datt mer eis besser verstinn. Net nëmmen an eng Richtung, mee och an déi aner. Schonn ëmmer war Diddeleng eng Plaz, wou Leit bäigezu sinn a fortgezu sinn. Net nëmmen hei, ma Diddeleng war schonn eleng duerch seng Schmelz eng Plaz, wou ëmmer scho vill verschidden Nationalitéite matenee gelieft a geschafft hunn. Leider ass all déi Zäit wéineg erfuerscht an eise Centre de migration humaine huet hei säit Joerzéngte Grousses geleescht. Et muss een och hei mol eng Kéier soen, déi hunn onheemlech wäertvoll Viraarbecht geleescht. Ma elo duerch déi Konventioun mat der Universitéit Lëtzebuerg wäerte mer iwwert déi nächst fënnef Joer e Léierstull mat 200.000 Euro pro Joer cofinanzéieren, deen eis déi néideg Puzzlestécker zu eiser DNA liwwert, déi eis nach feelen.

Ech si frou, dass ech bei deene meeschten heibannen och hei eng Zoustëmmung mierken. Sécher sinn hei déi eng oder aner nostalgesch Momenter domat verbonnen, mee et geet hei virun allem och drëm, ze verstoen, fir ze gestalten. Ech hätt ni geduecht, datt ech hei mol eng Kéier den Helmut Kohl géing zitéieren. Ma vläicht versti verschidde Leit heibannen dann dat besser, wann ech dat mam Helmut Kohl erklären. Ech weess net. „Wer die Vergangenheit nicht kennt, kann die Gegenwart nicht verstehen und die Zukunft nicht gestalten." Dës Fuerschungsaarbecht wäert eis hëllefen, d'Weiche fir d'Zukunft ze stellen. Integratioun ass per se net lokal. Integratioun ass international, ass global. Dofir ass de Bléck iwwert eis Grenzen eraus hei elementar. Wou komme mer hier? Wie si mer? Wou wëlle mer hin?

Da si mer och direkt bei der Biergerbedeelegung. Déi Froe stelle mer eis och an der Biergerbedeelegung. Kannergemengerot, Jugendgemengerot, Biergerrot, Biergerpanel, Budget participatif, mir hunn et virdrun héieren, 60 Projete sinn do agereecht ginn. Et ass also eppes, wat de Besoine vun de Leit entsprécht, fir sech ze bedeelegen un deene politesche Prozesser an der Gemeng, wat mir ganz, ganz positiv fannen. Dat politescht Matsproocherecht méi opzemaachen, de Leit nozelauschteren a se deelhuelen ze loossen, ass e grousst Uleies vun der Majoritéit. Ma mir mussen och kucken, wéi mer d'Leit an Zukunft besser erreechen, besser motivéieren, fir sech ze engagéieren. Vill Sue ginn an d'Kommunikatioun gestach. Mir gesinn dat och am Budget vill Efforte gemaach ginn, fir d'Bierger an d'Biergerin ze informéieren an ze forméieren an anzelueden, fir matzemaachen oder un Ëmfroen deelzehuelen. An trotzdeem erreeche mer net all eis Awunner.

Hei musse mer weiderhin um Ball bleiwen. Fir eis, a fir mech perséinlech war dat ëmmer e ganz wichtegt Thema an en Uleies, well wat mer onbedéngt musse vermeiden, dat ass, datt eng gewësse Schicht, soen ech, vun der Gesellschaft, déi gutt informéiert ass, déi sech vill selwer autodidaktesch eeben abréngt, einfach Virdeeler huet an anerer, déi einfach mat de Problemer vun hirem Alldag beschäftegt sinn an dowéinst deem net esou vill bäimoossen, e bëssen op der Streck bleiwen. An dofir ass dat mir nach ëmmer e wichtegt Uleies.

Da kommen ech nach kuerz bei de Jumelage-Tourismus. Am Budget si Visite-guidéeë virgesinn, eisen Tourismusbüro ass e bëssen opgemotzt ginn. Mam ORT zesummen ass neie Panno entworf ginn, och fir d'Wanderweeër besser ze unzeweisen, fir datt den Tourist, deen sech hei an eiser schéiner Géigend beweegt, datt ee sech besser erëmfënnt, dat sinn déi Posten, wéi gesot, déi am Budget sech erëmspigelen. Ma am Beräich Tourismus gëtt vill méi geschafft, wat een net direkt esou gesäit. Duerch eis Vernetzung am Süde vum Land, duerch den ORT ass Diddeleng en décke Punkt op der Landkaart, Minett Trail, Red Rock Trail fir Mountainbikes, eis Wanderweeër, wéi gesot, déi hunn nei Pannoen a Beschëlderunge kritt. Mee awer och d'Kabaisercher wëll ech nach eng Kéier ernimmen, wou mir duerch eisen immens flotte Floater ee vun den Highlighte sinn. Tourismus lieft vun deem, wat een ze bidden huet. Eis Naturreservater ronderëm Diddeleng, kulturell an architektonesch wichteg Plazen. Ech denken hei och un eis verschidde Festivallen, déi mer ubidden, de Waassertuerm, a virun allem awer och, wat kulturell esou gebuede gëtt, vun de Museksevенter, eis Open-Air-Concerten an esou weider. Net ze vergiessen e grousse Klassiker mëttlerweil, dat ass eist Mëttelalterfest, eist Buergfest, wat net eppes ass, wat elo direkt vun der Gemeng organiséiert gëtt. mee wat sech awer trotzdeem gemausert huet zu engem Publikumsmagnéit mat ëmmerhi quasi 20.000 Visiteuren d'lescht Joer.

An och am Beräich Jumelage läit et eis um Häerz, fir eis Bezéiunge mat eise Partnerstied an Europa ze fleegen, jo erëm ze intensifiéieren an ze redynamiséieren. Well et muss ee wëssen, dee Jumelage ass en andauernden Effort, well do op béid Säiten heiansdo d'Kontaktpersounen änneren, datt een do net esou e permanente Kontakt huet iwwer eng länger Zäit, mee dat ëmmer erëm muss opfrëschen. Mee Frëndschaft an der Diversitéit och iwwert d'Grenzen eraus ass en Zeeche fir Toleranz, Solidaritéit an och en Austausch.
An an dësen onsécheren an oft polemeschen, populisteschen Zäiten ass et esou wichteg. A wann een emol eng Kéier un esou Jumelage-Projeten deelgeholl huet, da gesäit ee wéi flott dat ass, woubäi ee sech besser kenne léiert an et esou flott ka sinn. An do kann ech och nëmmen nach en Opruff maachen, och un eis Veräiner dobaussen, fir sech proaktiv einfach un eis ze wenden an do deen een oder anere Projet eventuell ze proposéieren, fir mat eise Partnerstied deen een oder anere Projeten ze realiséieren. Voilà.

Ech wëll elo nach just eng kleng Remark maachen. Ee Moment war de Syndikat ugeklongen. An ech mengen, ech kann do just eng Kéier eppes soen. De Syndikat, jo, ass e feste Partner, mengen ech, mat der Gemeng Diddeleng an iwwerhëlt och eng Partie Aufgaben a verstäerkt och zum Deel bei verschiddenen Eventer, Fêtes et Manifestations. Dat sinn esou Eventer wéi de Kleeschenëmzuch. Mir bedeelegen eis och mat kräf-

teg, ganz kräfteg, finanziell beim Chrëschtmaart soss wär dat nach vill méi schwiereg ze stemmen. An och de Kleeschenëmzuch. Mee mir sinn och, also de Syndikat, ech soen elo mir, well ech zoufälleg do am Kommitee sinn, do si mer och ëmmer present, wann Nout um Mann ass, fir verschidde Presenzen ze assuréieren.
Op der Nuit des Sports, um Familljendag, Summer, Spill a Spaass, do gëtt einfach um Terrain gehollef. A mir hunn och en neie Verdeelungsschlëssel, fir dann och verschidde Patronagen ze verginn u Veräiner. Soudatt mir do och, wéi gesot, keen onwichtege Partner sinn an deem Ganzen. Voilà.

Da wëll ech nach just als Bilan nach zwou kleng Remarken soen, eng Kéier an eegener Saach an dann eng Kéier am Allgemengen. Jo, an eegener Saach - an d'Madamm Thoma hat et ugedeit virdrun - datt déi leschte Kéier e laangen Dag war an d'Madamm Thoma midd war. An och déi vun der Majoritéit, déi waren och midd. An dofir, trotz allem, obwuel een da gutt oppasst, kann engem dann emol eng Kéier e Wuert esou erausrutschen. An dat verstäerkt awer just dann eeben - an ech sinn dat beschte Beispill elo - datt esou gutt wéi een oppasst, an esou gutt wéi een da wëllt diskreet bleiwen an aus Respekt virun de Prozeduren, da wëllt alles richteg maachen, et da ka passéieren, datt engem e Wuert erausrutscht, wat nach hätt solle vläicht e puer Stonnen dobanne bleiwen, bis an de Huis clos. Voilà. Also, et war net béis gemengt, et war sécher och keng Absicht. Mee et beweist mer just, datt wann een net ganz oppasst, datt dat séier passéiert ass. Dat war dat, wat ech och wollt eeben domadder undeiten a menger Remarque virdrun.

Am Allgemengen awer wëll ech just soen, datt eis hei e puer Saachen opgefall sinn. Mir hu ganz, ganz vill Iwwerschneidungen an et deet mer ëmmer leed, datt dann awer herno aus taktesche Grënn e Budget net matgestëmmt gëtt. A wat ech nach méi bedenklech fannen, dat ass dann och, wann een sech am Vott vum Budget enthält. Also, entweeder huet een eng Meenung oder et huet ee keng. Mee egal, mir loossen dat elo mol esou do stoen. Mee mir begréisse schonn déi eng oder aner Iwwerschneidung. An dat ass jo och esou richteg. Ech mengen, et gëtt net nëmme schwaarzwäiss, et gëtt ganz vill Punkten, wou mer eis eens sinn. Mol op deem engen Dossier, mol op deem aneren. Mir kucken natierlech d'Saach jiddwereen duerch säi Bräll, mee wat ech am Allgemengen e bësse vermëssen, dat ass, wa mol sou Saachen ugedeit ginn, wou een da kéint spueren, a wou hei oder do, da gëtt et esou ni ganz konkreet. Also, wat jo flott wär, da bleift et ëmmer ganz flou. Wou kann een da Personal ewechloossen? Wou kann ee Personalkäschten drécken? Wat fir eng Projete kann een da stoppen? Wat fir eng ewechloossen? Wat fir eng net realiséieren? Also, do bleiwe mer dann e bësse méi flou.

Als Bilan zu dësem Budget kann een einfach soen, mir als Majoritéit, mir sti weider zu deem antizyklesche Virgoen, zu deene konsequenten Investissementer a generatiounsiwwergräifend Projeten, wéi mer eis dat och schonn an eis Schäfferotserklärung geschriwwen hunn. Eng Stad, wou et ëm héichwäerteg Schoule geet, eng kulturell Offer fir jiddwereen, eng sozial Attitüd



transversal duerch alleguer d'Servicer. An dat läit eis um Häerz. Op alle Fall kann ech dem Schäfferot feliciteiere fir seng responsabel Handhabung mam Budget. Et ass net einfach. Mir géingen eis och, wéi gesot, méi Ënnerstëtzung och vun nationaler Säit wënschen. Mee esou wéi d'Konditiounen eebe sinn, sou schwéier och d'Ëmfeld ass, fanne mir, datt dat hei e gudde Budget ass, deen alt erëm en Equiliber fënnt tëschent sozialer Politik, Investissementer, Liewensqualitéit. An dofir stëmme mir natierlech dëse Budget mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):
Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech géif da proposéieren, dass mer elo hei als Membere vum Schäfferot no där Diskussioun, respektiv no Äre Stellungname als Gemengeconseilleren dann och Positioun huele par rapport zu deene verschiddenen Aschätzungen hei zum Budget vun der Majoritéit, respektiv der Oppositioun. Ech géif dann ufänken, an da géifen sécherlech och nach Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfferot op hir Ressorten agoen. Ech géif vläicht mat e bësse méi generelle Consideratiounen ufänken. Virun allemol Merci fir Ären Apport an och fir Är Appreciatioun, wat dëse Budget ugeet. An ech mengen, et huet sech hei erausgeschielt an der Presentatioun de Mueren, respektiv an där Aschätzung de Mueren, dass mer alleguerte fir eng virsiichteg Finanzpolitik stinn, parteiiwwergräifend, dass dat eng Suerg ass, déi mer alleguerten deelen, d'Majoritéit wéi och d'Oppositioun.

An et ass och an där Approche an an deene Prioritéiten an der Ausriichtung, déi mer eis an der kommunaler Finanzpolitik ginn, dass et do natierlech och wichteg ass, dass mer d'Verschëldung am A behalen. Ech mengen, dass dat eng generell Suerg ass, déi mer deelen an awer mierken ech eraus an den Appreciatiounen hei, dass do mol méi, mol manner nuancéiert effektiv an där Approche d'Duerstellung och ass. Ech mengen, d'Suerg, an et ass och e bëssen de Spigel vun dësem Budget, dat ass engersäits besteeënd Projeten, déi mer hunn, dass mer déi wëlle fäerdegstellen, et ass natierlech aner Projeten, déi mer hei hunn, wou och mat historesche Gebailechkeeten ze dinn hunn, dass mer do bei den Infrastrukturprojeten eng Mise en conformité, respektiv och eng Modernisatioun musse virhuelen, grad eeben an de Schoulinfrastrukturen, fir och do d'Gefäll tëschent historeschen Infrastrukturbauten an neie Bauten, fir dat Gefäll ganz kloer ze reduzéieren, respektiv awer och fir dann nei Infrastrukturprojeten ze plangen.

Wann ech elo kucken, wéi déi verschidde Parteie sech hei positionéieren, dat huet ee bei der CSV erausheie-

ren, alles wat esou e bësse méi positiv a gutt ass, ass Dank dann och der neier Regierung, dat huet se natierlech ni virdru vun der Regierung, wou déi dräi Parteien zesumme waren, gesot. Elo wou déi nei Regierung säit engem Joer an Amt ass, ass alles besser oder alles wat gutt ass, dat kënnt duerch Ustéiss vun der Diddelenger CSV, dat heescht, dat ass d'Appreciatioun, déi si huet. Bon, op där anerer Säit seet se awer och, mir mussen engersäits op d'Depensen oppassen, mir musse spuersam sinn, op där anerer Säit seet se awer och, mir mussen elo weider plangen, mir mussen elo weider Projeten ëmsetzen. Dat ass e bëssen awer och e kontradiktoresche Message, deen Dir hei gitt. Dir musst schonn transparenterweis soen, an Dir haalt jo ëmmer d'Monstranz vun der Transparenz sou virun Iech, wou Dir dann duerch Diddeleng pilgert mat der Monstranz vun der Transparenz, och den Diddelenger Wielerinnen a Wieler, Biergerinnen a Bierger soen, wat Dir da gäre wëllt. Entweeder akribesch oppassen an esou mann wéi méiglech Depensen tätegen oder weider plangen an deementspriechend och ëmsetzen.

Engersäits sot Dir och, oppassen, dass mer Projeten net no hanne verschiben, an anerersäits sot Dir och, jo, komm mir verschibe Projeten no hanne, falls néideg. Also, Dir musst eis scho soen, wat e bëssen d'Ausriichtung ass als Diddelenger CSV, wat d'Weiderentwécklung vun Diddeleng och ass. An an där gesamter Appreciatioun, déi Dir hutt, an d'Madamm Kohn ass och drop agaang, musst Dir eis scho soen, dass mer iergendwou Akzenter solle setzen oder Saache sollen zeréckstellen oder, Dir hat och gesot, dee Moment aner Projete plangen. Dir musst eis scho konkreet soen, wat Dir wëllt. Am Vage bleiwen ass ni konkreet an et gëtt ni eng Ausriichtung hier an ass absolut net transparent. Transparent sinn, och fir d'Diddelenger CSV, an ech kommen nach eng Kéier mat der Monstranz vun der Transparenz zeréck, ass ganz kloer soen, wou Dir hi wëllt an och ganz kloer soen, wéi eng Projeten een da sollen no hanne setzen, wéi eng Projeten ee soll realiséieren a wéi eng Projeten, dass een et net soll realiséieren.

An der ganzer Erklärung hei ronderëm de Budget 2025 hutt Dir dat absolut guer net gesot an et ass alles wéi net transparent. Par rapport zu der Ausriichtung vun der Grénger Partei, ech mengen, och do eng nuancéiert Approche, an ech mengen, och déi Lénk huet dat gesot, antizyklesch handelen. Ech mengen, dass dat och wichteg Invester héichhalen. Bon, déi Gréng soen, et wär net schlecht, wa mer nach méi géife maachen. Jo, et kann ee sécherlech ëmmer méi maachen, mee et ass ëmmer e bëssen d'Appreciatioun, déi och, mengen ech, hei d'Oppositiounsparteie bréngen. Déi eng soen, d'CSV seet: Passt op. Déi Gréng soen: Maacht nach méi. Also, och do ass dann d'Oppositioun sech ënner sech net schlësseg. Mee do gesäit een och, wéi d'Oppositiounsparteien d'Appreciatioun vun dësem Budget maachen. Déi Appreciatioun, déi mir als Majoritéit hei och abréngen ass op alle Fall Diddeleng weiderzebréngen am Kader vun enger virsiichteger Finanzpolitik an ech kommen herno nach drop zeréck.

Mee wat awer och wichteg ass, wann een insgesamt seet, dass een nach méi soll maachen. Ech mengen déi Responsabilitéit, déi dës Majoritéit och huet, ass par rapport zu de Finanzen, engersäits wou jo, mengen ech, méi wéi eng Kéier hei monéiert ginn ass, fir eng virsiichteg Finanzpolitik, ass awer och ze kucken, wa mer Projeten ëmsetzen, wat eis Servicer packen. Well wa mer méi Projete maachen, dat ass ugeklongen, da musse mer och méi Leit astellen, wat natierlech och méi en Impakt huet op de Budget an dann natierlech och dann hei d'Oppositiounsparteie soen: Ma jo, packt Dir dat dann nach alles, fir an deem Finanzvolummen, dee mer hunn, alles dat ëmzesetzen?

A wann och gesot gëtt vun de Kolleege vun deene Gréngen, nach méi ze maachen, och do ass et zimmlech vag bliwwen, wéi gesot, wat een nach méi kéint maachen. Ech kommen awer do nach eng Kéier drop zeréck, wat déi Ressorte betreffen, déi mech da betreffen an d'Kolleegen hei aus dem Schäfferot wäerten och op nach aner Punkten agoen. Ech mengen, déi generell Appreciatioun, déi och hei war vun de Lénken, och vun der DP, dat ass, dass mer d'Verschëldung sollen am A behalen. Mee ech deelen och déi Appreciatioun hei vun deene Lénken, dass mer grad eeben d'Invester elo héichhalen, d'Depensen elo tätegen an net d'Depensen tätegen. An dat ass e bëssen en Ënnerscheed, deen Dir hutt par rapport zu der CSV mat generatiounsiwwergräifende Projeten oder déi zukünfteg Generatiounen net weider belaaschten. Et ass besser, mir maachen déi Invester elo, wéi wa mer se an zéng, fofzéng oder zwanzeg Joer maachen, well da ginn effektiv eis déi Investor vill méi deier, wéi et elo de Fall ass. A mir sinn hei zu Diddeleng confrontéiert eebe generell mat där Situatioun, dass mer jo Gebailechkeeten hunn.

An dat kënnt och vläicht och doduerch, dass mer iwwert d'Joerzéngten och déi Prinzippien héichhalen, wann ech kucken am Schoulberäich, vun de Quartiersschoulen. Aner Gemenge ginn éischter hin a maachen ee grousse Schoulcampus. Bon, et ass natierlech méi einfach, deen ze ënnerhalen an och do déi Frais de fonctionnement am A ze behalen, wéi wann een dezentraliséiert Quartiersschoulen huet, wou een engersäits muss weider dra renovéieren, moderniséieren, nieft dem Neibau, deen ee plangt. Dat sinn natierlech ëmmer rekurrent Fraisen, déi een och ze droen huet.

Manner d'accord sinn ech mat deene Lénken, mat der Madamm Thoma, wann se seet, insgesamt feelt eng Strategie. Ech mengen, mir hu ganz kloer eng Strategie, mee et ass vläicht net déi selwecht, déi Dir géingt deem Ganze ginn.

Ech mengen, dass ech par rapport zur Appreciatioun zur Budgetsausriichtung, wéi gesot, awer och eraushéieren hunn, och wann Dir schonn e bëssen Är Votten annoncéiert hutt, awer an der prinzipieller Ausriichtung, an och mat deene Remarken, déi Dir gemaach hutt, mir mat deene Prioritéiten, déi mer gesat hunn, net onbedéngt ganz falsch leien. Nuancë sinn do dertëschent. Wéi gesot, fir déi eng geet et net wäit genuch, fir déi aner vläicht dann ze wäit oder, wéi gesot, och net.

Mee ech mengen, dass mer hei awer probéieren, e Budget ze presentéieren an och probéieren ëmzeset-

zen, dee mer engersäits am Kader vun eiser Finanzkapazitéit, déi mer hunn, awer probéieren ze packen um Niveau vun der Ëmsetzung mat eisem Personal awer an och vun de Finanzen. An awer, wéi ech och virdru gesot hunn, probéieren, deem gesetzleche Kader, deen eis och ginn ass, ganz kloer hei Rechnung ze droen.

A wann et net den ëffentleche Secteur ass, deen antizyklesch probéiert Projeten ëmzesetzen, wien ass et, wéi gesot, soss?

Voilà, dat par rapport e bëssen zu deene generellen Ausriichtungen. An ech wollt nach op ee Punkt agoen, well dat awer méi wéi eng Kéier och méi vun der CSV wéi vun anere gesot gouf, dass et wichteg wär, déi nächst Generatiounen net ze hypothekéieren. Ma ech mengen, wa mer elo, grad elo, eng Rei Invester net tätegen, dann hypothekéiere mer ganz kloer eis zukünfteg Generatiounen, well mer hinnen dann Infrastrukturen iwwerginn, déi effektiv rotzefaul sinn, fir dat Wuert nach eng Kéier ze nennen, dat mer am Kader vun der Eligius-Kapell hei genannt hunn. An dat ass net déi volontaristesch politesch Approche vun dëser Majoritéit. Mir wëlle gären, dass déi Diddelenger Biergerinnen a Bierger, egal vu wéi enger Alterskategorie, egal vu wéi enger Generatioun, dass se sinn, mengen ech gutt modern Infrastrukturen zur Verfügung hunn, an deene se hir Aktivitéite kënnen ëmsetzen, ob dat elo d'Léierpersonal ass, ob dat eis edukatiivt Personal ass, ob dat eis Veräiner sinn am Kader vun de Kanner- oder Schoulinfrastrukturen, Kannerbetreiungsinfrastrukturen, Sportsinfrastrukturen. Ech mengen, dass dat jo och déi Infrastrukture sinn, déi, mir e bëssen och d'Häerz vun enger Gemeng duerstellen, fir och zur Dynamik vun der Gemeng bäizedroen. Dat ass deen een Deel.

An deen aneren Deel, wou och e puermol hei ugeschwat gouf, dat ass par rapport zu de Projeten insgesamt, zum abordabele Wunnraum. Ech mengen, dass grad elo dëse Moment d'Stad Diddeleng nach ni esou vill wéi bis elo an de Logement investéiert huet. An och do soe verschiddener, et ass vläicht e bëssen ze vill, anerer, mir mussen nach méi maachen, mee ech mengen, dass dat heite wierklech eng Année charnière ass, wou mer ganz kloer an de Logement investéieren, fir och abordabele Wunnraum kënnen ze schafen. An natierlech mierke mer och do an dat ass insgesamt par rapport zu alleguerten de Projeten, ass et natierlech en Ënnerscheed, wann ee Projeten op de politeschen Agenda setzt, wann ee se och gäre wëllt ëmsetzen. Dann huet een natierlech eng ganz Rei Prozeduren, déi ee begleeden am Kader vum Soumissiounsgesetz, déi maachen, dass natierlech d'Ëmsetzung méi laang dauert. A wann een esou Projeten huet, dat beschte Beispill am Kader vum abordabele Wunnraum, wa mer iwwert d'WEFA-Projete fueren, bon, do mierke mer, dass mer eng aner Dynamik erakréien, well natierlech och do méi schnell kann ëmgesat ginn, ee Projet en tant que tel méi schnell och virukomme kann.

An dat gesäit ee jo och bei deene Projeten, déi de Moment amgaang sinn, dass d'Prozeduren do och anerer sinn. Dat e bësse par rapport iwwergeuerdent zu der genereller Appreciatioun, déi mer hei hunn. Dat heescht, dat heiten ass am Fong insgesamt kee Budget, wou mer eis eegene Luxus erlaben. Dat heiten ass e Budget, wou mer d'Nëtzlechkeet ganz kloer am Vierdergrond hunn, de Méiwäert och vun deene Projeten am Vierdergrond hunn an natierlech och eng virsiichteg Finanzpolitik dat Ganzt natierlech och begleet. Voilà.

Da kommen ech zu den Ausféierungen, déi hei verschidde Conseillere gemaach hunn. Ech fänke bei der Madamm Kayser un, well si déi éischt Riednerin war, well si huet hei gesot, mir komme mat engem bloen Aen dovun. Déi Appreciatioun deelen ech esou en tant que telle net, well si dat virun allem an de Vierdergrond gesat huet, dass souwuel de Budget rectifié wéi och de Budget initial da wat d'ordinär Recetten ugeet, besser ausfält, well déi staatlech Dotatiounen och méi sinn. Dat ass net falsch, dat hat ech och an der Budgetspresentatioun gesot, dat ass jo och e bëssen duerch den nationale Kontext, deen dat mat sech bréngt.

Bon, si huet awer net ënnerstrach, dofir maachen ech dat hei an der Stellungnam, dass mer am Budget initial par rapport zum Budget rectifié, wat d'Dépenses ordinaires ugeet, ronn 2,9 Milliounen Euro manner Ausgaben hunn. Dat heescht, engersäits zwar Recettë méi, op där anerer Säit awer och Depensen am ordinäre Beräich manner, mengen ech wat och en Impakt huet op déi Schéier tëschent de Recetten an den Depensen, wat eis jo och e bëssen dann erëm e gewëssene Raum gëtt, e bësse Loft gëtt fir de Budget 2025. Ech mengen, och dat weist déi ganz kloer virsiichteg Finanzpolitik am ordinäre Beräich, déi dës Majoritéit gemaach huet. A mir wësse klassescherweis, an et ass och keen nei Moment, d'Madamm Kayser huet et e bëssen hei esou virgefouert, e bësse schoulmeeschterhaft, et ass keen neie Moment, dass et Ënnerscheeder ginn tëschent engem Budget rectifié an engem Budget initial an dann och herno an engem Kont. Ech mengen, dass dat hei zu Diddeleng net aneschters ass wéi och an aner Gemengen.

D'Madamm Kayser sot och, dass eng ganz Rei Projeten no hanne verréckelt goufen. Bon, „à ma connaissance", an der Presentatioun, déi mer haten, gëtt et just ee Projet, dee mer no hanne verréckelt hunn, an et ass dee vun der Phas 4 vum Shared Space. An dat, well mer dat an Ofstëmmung gemaach hu mat de staatlechen Acteuren. Den Här Steffen sot, dat géif eis vläicht finanziell arrangéieren. Op där anerer Säit, muss ech soen, et wär a Fro gewiescht, wa mer och deen heite Projet hätte kéinten an der Kontinuitéit ëmsetzen, well dann hätte mer, mengen ech, dee ganze Volet Shared Space fäerdeg gehat, statt en elo ze rapportéieren. Also och eng Aschätzung, déi mer esou en tant que telle net deelen. An dofir och net déi Appreciatioun vun der Madamm Kayser, wann se hei seet, mir sinn an enger finanzieller Schiflag. Mir haten déi Chance, all déi Jore keen Emprunt brauchen ze tätegen, wärend fënnef Joer. An elo kommen eeben eng Rei Joren, wou mer déi Emprunten eeben halt mussen tätegen. Dofir ass awer keng finanziell Schiflag, well mer eeben an déi zukünfteg Generatiounen investéieren a well mer eeben och duerch eng Rei gesetzlech Mise-en-conformitéen eebe gezwonge sinn, och dat ze maachen.

Nach bedauere mer, dass de Staat insgesamt oder déi verschidde Ministèren an deene Projeten, déi mer hunn, hir Subside par rapport zu der Präisdeierecht net adaptéiert hunn. Mir sinn zwar ëmmer hei befaasst mat Projeten, wou d'Präisdeierecht spillt a mir haten d'lescht Woch jo Diskussiounen hei ronderëm de Strutzbierg, wou eng Rei Elementer dobäi komm sinn. Bon, de Staat dréit deem net Rechnung. Do sinn Diskussiounen, déi am Moment lafen. An ech hoffen, dass och do insgesamt d'Subsidepolitik vum Staat vis-à-vis vun de Gemengen och an deem Sënn zum Positiven evoluéiert, dass mer och do ganz kloer ënnerstëtzt ginn. Well awer Diddeleng eng Gemeng ass, wou, an dat hat ech och d'lescht Woch am Kader vun der Diskussioun ronderëm de Strutzbierg gesot, dass Diddeleng eng vun deene rare Gemengen ass, wou de Staat eis Infrastrukturen zur Verfügung stellt. Dat ass éischter de Contraire. Hei sinn Infrastrukturen, déi d'Gemeng mécht, wou d'Gemeng Responsabilitéit iwwerhëlt, d'Gemeng och finanziell Responsabilitéit iwwerhëlt an dem Staat effektiv dann zur Verfügung stellt am Kader vu verschiddenen Aspekter.

Dofir mengen ech schonn, dass mer an där Gesamtapproche déi néideg Rigueur a Kontroll hei halen an déi och ganz kloer an eis Soumissiounen afléisse loossen. Mee mir sinn net an deem Sënn responsabel, wat herno vun Offere komme vun deene verschiddenen Entreprisen, am Kader och vun deene Contrainten, wou si evoluéieren. An ech mengen, dass déi Situatioun hei zu Diddeleng sécherlech keng aner ass, wéi och an anere Gemengen, well d'Diskussioun, déi ech féiere mat anere politesche Responsabelen, toutes couleurs politiques confondues, och déi mierke jo un hire Budgeten, dass Depassementer eeben duerch eng Rei Präisser, déi unzéien, stattfannen.

Bon, hei war dann och ugemahnt ginn, och e bësse méi schoulmeeschterhaft, dass mer den Diddelenger solle soen, wat am Fong de Käschtepunkt vun de Projeten ass. Bon, ech mengen, en Diddelenger, dee sech wierklech fir Projeten interesséiert, dee kann am Analytesche Rapport liesen, dee kann hei erakucken, nolauschteren an et gëtt näischt méi Transparentes wéi d'Diskussiounen, déi mer hei am Gemengerot féieren, wou mer ganz kloer soen, wat d'Projete kaschten, zu wat déi Projeten, déi mer hei stëmmen, och déngen. Also, mengen ech, hei och a voller Transparenz dann agéieren.

Dir hat och gesot, Madamm Kayser, aner Projete wäre flott, wa mer déi géifen ëmsetzen. Bon, Dir sidd bei der Denominatioun „aner Projete" bliwwen, mee Dir hutt eis net gesot, wéi eng dass dat wieren, wéi vill dass déi géife kaschten, wéi mer déi géife finanzéieren. Dir musst awer eis schonn transparenterweis soen, wou Dir do och hi wëllt, wann Dir scho mat der Monstranz vun der Transparenz duerch Diddeleng gitt. Wou mer ganz bei Iech sinn, dat ass, an dat sinn Diskussiounen, déi mer féieren, an déi sinn, jo, déi si schwéierfälleg, als Syvicol ware mer bei esou Diskussiounen dobäi. Dat ass wa mer Diskussioune féiere ronderëm d'Subsiden. Ech mengen, mir hunn elo eng Ouverture um Niveau vum Inneministère fonnt, dass dee bereet ass, méi Subsiden de Gemengen ze ginn, fir déi Subsiden, wou hie responsabel ass, wou den Inneministère responsabel ass. Mee bon, mir wëssen awer och heibannen, et gëtt eng ganz Rei aner Ministèren, déi och Subsiden un d'Gemengen ausbezuelen, sief dat de Sportsministère, sief dat den Educatiounsministère, den Ëmweltministère.

Mir hoffen natierlech, dass déi positiv Approche vun engem Inneministère och déi aner Ministèren an der Regierung dann ustécht an Dir sidd jo dann do ganz no dobäi, fir dass och dann déi aner Ministèren nozéien, fir deem dann och kënne Rechnung ze droen. Dofir mengen ech och, dass mer, dat steet an der Schäfferotserklärung, wat mer hei och gesot hunn, dass mer am Fong den Endettement, dass mer deem fir déi aktuell Generatiounen, déi zukünfteg Generatiounen, ganz kloer hei och Rechnung droen an där virsiichteger Finanzpolitik, déi mer hei maachen. Mee ech mengen, Diddeleng ass awer och e Paradebeispill, wou een engersäits gesäit, dass mam ordinäre Beräich historesch och déi Weeër gaange sinn, fir de Service public an Eegeregie ze halen an net outzesourcen. Do si Gemengen, déi konsequent en anere Wee gaange sinn an dat spigelt sech natierlech och an hirem ordinäre Beräich eriwwer, a wann een och gesäit, firwat verschiddene Gemengen hiren ordinäre Boni méi héich ass. Mee dat huet och domadder ze dinn, dass eng ganz Rei Gemengeservicer oder Prestatiounen outgesourced goufen. Dir konnt Iech erënneren, wéi mer hei Diskussioune gefouert hunn um deen neie Südaarbechter-Kollektivvertrag. Dee kascht eis all Joer iwwer eng Millioun Euro. Mee dat ass eng Responsabilitéit, déi mer ganz kloer hei huelen. Wann een natierlech verschidden Déngschtleeschtungen am Gemengeberäich outsourct, och u Privatbetriber, dann huet een natierlech och manner Fraisen. An et kann een sech natierlech och do méi Loft degagéieren.

Mee mir sinn och hei en anere Wee gaangen an dat Ganzt - an ech mengen, et ass ee Riedner drop agaangen - wa mer natierlech hei och nach Acquisitioune maachen um Niveau vum Fuerpark ronderëm den Offall, dat sinn natierlech Invester, déi een als Gemeng tätegt. Mir hu keng Comptabilité commerciale. Dat heescht, wa mer esou Invester maachen, kënne mer och keen Amortissement ofschreiwen. Also, Ofschreiwunge kënne mer an deem Sënn net maachen. Dat ass eng Comptabilité, wéi gesot, camérale. An och um Niveau vum Fuerpark, dat schléit voll zu Buch, wougéint, wann een natierlech en Outsourcing mécht, natierlech déi Fraise ganz aneschters budgetär un eng Gemeng verrechent ginn, wéi wann se en eegenen Invest mécht. Also, et sinn eng ganz Rei Parameteren, déi déi néideg Erklärunge ginn, firwat, dass och eis Depensen am ordinäre Beräich an deem Kader sech beweegen.

Par rapport zum Organigramm, dat hat Dir eng Kéier och ugeschwat, do sti mer am Wuert, dass mer am Laf vum Joer 2025 do eng Kéier eng Reunioun maachen, wou mer och dat wäerte presentéieren.

Par rapport zu den Ausféierungen zum CGDIS. Ech mengen, dass mer elo manner bezuelen, dat ass sécherlech positiv. Bon, Dir hutt gesot, wéi gesot, Dir sidd jo dann do elo méi no bäi, dass do den Inneminister an de Finanzminister och mol Buergermeeschtere

waren. Ech mengen, dass dat en Deel Lektür ass. Ech mengen, déi aner Lektür, an dat muss een awer hei ganz kloer zu Feld féieren, dat ass de Fait natierlech, dass de Staat par rapport zum CNIS, wat de Remboursement ugeet - ech mengen, dat ass eng gemeinsam Decisioun vum CGDIS - mee et ass awer och e Fait, dass déi zwee Prozent vun der TVA, déi systematesch an de CGDIS gaange sinn, dozou gefouert huet, dass de CGDIS awer elo eng ganz Rei Reserven huet, deen him erméiglecht, eng ganz Rei Projeten kënnen ze finanzéieren. Notamment de gemeinsamen Zenter Diddeleng-Beetebuerg hinnen och d'Méiglechkeet gëtt natierlech, a mir sinn en Deel dovunner, och d'Locatioun ze bezuele fir d'Infrastrukturen, déi mir zur Verfügung stellen. Dat heescht, mir sinn haut, wat de CGDIS ubelaangt, an engem ganz aneren Zenario, wéi do wou de CGDIS 2018 gegrënnt gouf. Do sinn elo eng Rei Reserven do. Do si Recetten do, déi et dem CGDIS erméiglechen, och Kasären ze bauen, déi eis natierlech och alleguerten insgesamt hei am Land zegutt kommen an déi och zegutt kommen am Kader vun der Ëmsetzung vum FNOS, wou jo mengen ech d'Direktiv ass, innerhalb vu 15 Minutten an den Asaz kënnen ze goen. Also, et huet net nëmme mam Finanz- a mam Innenminister ze dinn, och wann Dir dat natierlech erëm gären hätt, well, wéi ech ugangs gesot, erëm alles besser ass, elo wou eng nei CSV-DP-Regierung, wéi gesot, do ass.

Dann, par rapport zu der Etüd 2035, par rapport zu de Kannerbetreiungsinfrastrukturen a Sport. Ech mengen, d'CSV féiert dat hei vir, wéi wa si maassgeebend dorunner bedeelegt gewiescht wier, fir dass mer dat ëmsetzen, also ech mengen, dass mer hei alleguerten un engem Strang zéien. An esou wéi mer eis déi Strategie fir 2025 ginn hunn, gi mer eis déi och fir 2035. An dat ass e bëssen eng aner Appreciatioun, wéi wa mer eis do géifen e Kader vun 20 oder 25 Joer géife ginn. Ech mengen, e Kader vun 10 Joer gëtt eis ëmmer eng gutt Ausriichtung fir mëttelfristeg, respektiv längerfristeg awer och schonn eng Rei Projeten ëmzesetzen. An och do kënne mer, wann déi Strategie bis steet, dat hu mer och d'lescht Kéier jo gemaach bei der Strategie 2025, dass mer hei an de Gemengerot kommen an och dat presentéieren, wéi do d'Chronologie ka si vun deene Projeten, déi mer ëmsetzen. An do kann natierlech och d'Oppositioun sech mat abréngen, well d'lescht Kéier hate mer dat och gemaach. An ech gesinn net an, dass dat dës Kéier soll aneschters stattfannen.

Dann hat Dir Detailfroe gestallt par rapport zum City Manager, wat deem seng Indemnitéit ugeet. Dir wësst, dass deen agestallt gouf deemools ënner dem Statut vun engem Chômeur longue durée. Esou mengen ech, dass dat ënner déi Dispositiounen och fält. Dir hat déi Fro gestallt, par rapport zum Service Informatique. Dat war am Budget 2022 dran. Do hate mer och hei am Gemengerot en Devis an och e Kredit gestëmmt.
Dann hat Dir d'Fro gestallt par rapport zu de Subventions d'intérêt fir d'Gemengepersonal. Dat ass am Fong virgesinn am Gehältergesetz vun de Gemengebeamten an -employéen, respektiv och d'Ëmsetzung vun engem Règlement grand-ducal vum Joer 2001. Dat heescht, dat sinn am Fong legal Kaderen, an deene mer eis beweegen. An de Supplément pour ouvrier retraité, dat war och eng konkreet Fro. Bon, dat ass am Fong am Kader vum Südaarbechter-Kollektivvertrag vun Aarbechter, déi no 1999 engagéiert goufen, wou déi Dispositiounen och spillen. Och hei e kloer reglementéierte Kader, an deem mer eis beweegen.

An da kommen ech natierlech net derlaanscht zu den Ausféierung par rapport zu der Uni Lëtzebuerg a par rapport zum Léierstull ronderëm d'Migratioun. Ech mengen, ech brauch Iech et net ze soen, natierlech, wann een eppes politesch a moralesch ënnerstëtzt, da muss een et och finanziell ënnerstëtzen, well dat soss net seriö ass, wann ee just seng Ënnerstëtzung fir dat politescht an dat moralescht gëtt an net finanziell, dat ass net konsequent. An, Dir hat et gesot oder d'Madamm Kemp, wann dat eng national Envergure soll hunn, dann hätt Dir et jo kéinten - do sidd Dir jo och ganz dobäi - an den nationale Koalitiounsprogramm schreiwen, wann do d'Migratioun dee Stellewäert soll hunn, deen Dir hei zu Diddeleng der Migratioun gitt. Fazit ass, Dir hutt et net gemaach an dofir huele mir hei als Stad Diddeleng eng ganz kloer Virreiderroll an ech hunn och schonn héieren, dass duerch déi Diskussiounen, déi mer hei haten an och déi Initiativ, déi mer souwisou wollten huelen, fir de Kulturministère ze kontaktéieren am Kader vun dësem Projet, dat ass awer schonn d'Initiativ, déi mer hei geholl hunn, de Kulturministère ganz hellhöreg gouf an och interesséiert ass, eis deemnächst ze gesinn. Also, ech deiten dat als ganz positiv, dass mer hei iwwert lokal Initiativen och lokal Impulser kënne ginn um nationale Plang. Ech freeë mech also, dann an deem Kontext am Laf vum Joer 2025 mam Kulturminister déi doten Diskussioune kënne weiderzeféieren, mee och mat all anere Minister, deen sech der Migratiounsfuerschung wëll verschreiwen.

Dann, par rapport zu den Ausféierungen zum Centre de documentation, par rapport zu där Aide exceptionnelle. Do hate mer am Budget rectifié 2023 e Montant dragesat. Do hate mer och d'leschte Joer heiriwwer diskutéiert, wou mer ganz gutt gesot hunn, dass mer iwwert deen dote Volet jo och d'Personal wéilte punktuell ënnerstëtzen, well si am mannste fir déi Situatioun kënnen.

Dann, wat d'Ausféierunge ugeet par rapport zu de Baux à long terme. Dat ass richteg, du war effektiv en, ech wëll net soen e klenge Feeler, mee eng Erreur materielle dran. Am Fong sinn et siwe Commercen op der Recettësäit, siwe Commercen op der Depensësäit. Et ginn der awer ëm sechs, well mer am leschte Gemengerot jo d'Decisioun geholl hunn, dass den Album ewechfält. Dat ass also eng kleng Erreur um Niveau vun der Écriture, sou dass dat awer an deem Sënn propper iwwert d'Bün geet.

Bon, ech si verwonnert, dass d'CSV verwonnert ass, dass näischt iwwert de CHEM, iwwert d'Spidol an eisem Budget steet. Also, ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier hei gesot, déi Zäiten, wou an dësem Gemengebudget eppes iwwert d'Spidol dra stoung, dat war nach déi Zäit, wéi et nach e Gemengespidol war a wou mer och nach d'Finanze berengegt hunn. Ech mengen, Dir wësst awer, dass de CHEM Exploitant

ass vum Spidol, dass de CHEM, wann eng Exploitatioun stattfënnt insgesamt zu Esch, zu Nidderkuer an zu Diddeleng, dat an Diskussioune féiert, an Dir sidd jo Gesondheetsberuffler, dass dat iwwert d'CNS ofleeft, mat deem Volet, wou opposabel ass a mat deem Volet, wou net opposabel ass. Dat sinn déi normal Spillreegele bei de Spidolsinfrastrukturen. Dat misst Dir am Fong wëssen. Dofir sinn ech erstaunt, iwwert Är Erstaunen, dass mer hei näischt am Budget drastoen hunn. Well dat sinn déi ganz normal Prozeduren am Kader vun der Exploitatioun vun engem Spidol. Dofir fannt Dir och hei näischt erëm.

A wéi gesot, den Här Goergen ass jo schonn drop agaangen, et lafen de Moment Diskussioune ronderëm eng Opwäertung vum Diddelenger Sëtz. A wann déi sprochräif sinn, well mir si jo do net eleng als Diddelenger Vertrieder, dat ass eng Diskussioun, déi mer am Verwaltungsrot och hunn, komme mer ganz gäreb hei an de Gemengerot zeréck, fir och deen ze informéieren, wat déi Opwäertung ka sinn. Dat ass en ongoing process. Mir sinn elo am Ufank dovun, dat wäert säi Verlaf kréien. Mee wéi gesot, och nach Är Demande, dat hat ech Iech och scho méi wéi eng Kéier gesot, d'Rapporten ze kréie vum CHEM, dat ass net méiglech, well de CHEM ass kee Gemengesyndikat, dat ass eng Fondatioun an do sinn och nach eng ganz Rei aner Acteuren dran, wéi nëmmen d'Gemengen, wéi dat bei engem Gemengesyndikat och de Fall ass. Dat heescht, et ass awer e bësse méi, an deem Sënn, delikat. Ech ginn elo net op d'Diskussioun ronderëm d'Südspidol an, wat och eng Planung ass, wéi gesot, vum CHEM, a wou jo d'Zilrichtung déi ass fir dat 2032 opzemaachen an dass nach ëmmer am Raum ganz kloer steet, dat Engagement och hei zu Diddeleng, sief dat um Site selwer, sief dat als Alternativ um Site NeiSchmelz eng weider Poliklinik ze hunn.

Par rapport zu Ären Diskussioune mam Service Gaz et eau, wat Är Abonnementer ugeet mat den Zeitungen, bon, Dir hutt dat e bëssen esou ironesch gemengt, wat dann do alles gelies gëtt. Ech gesinn dat e bësse manner ironesch, well mer hei zu Diddeleng eng Realitéit hunn, déi aner Gemengen net hunn. D'Diddelenger Gemeng ass Proprietär vum Gasreseau. An an deem Kontext, wann ee Proprietär ass vum Gasreseau, da muss deen och natierlech eng Rei Obligatiounen erfëllen. A mir hunn hei zu Lëtzebuerg, respektiv, mir inspiréieren eis och un deenen däitschen Normen. Do kommen och reegelméisseg Publikatiounen eraus, Reegelwierker, däitsch Reegelwierker, un deene mer eis inspiréieren, un deene Lëtzebuerg sech inspiréiert. Dat heescht, d'Abonnementer lafen och doriwwer, well mer hei d'Norme mussen erfëllen an déi variéieren och ëmmer. An dofir déi Erklärung, firwat dat esou héich och ass.

Eng gemeinsam Suerg, déi mer awer och deelen, par rapport zu der Madamm Kayser, jo, NeiSchmelz kënnt op eis duer an do si mer och amgaangen, eis opzestellen an där doter Planung, wann ee gesäit wéi de Fonds du logement amgaangen ass, sech opzestellen, sou wäerte mir eis och opstellen. Mir hunn eis och déi néideg Kreditter ginn an dësem Budget, fir eis och opzestellen, fir hei am Kader vum Projet NeiSchmelz och fit ze sinn, am Kader vun där gesamter Evolutioun respektiv vum Developpement vum Projet. Voilà, ech mengen, dann hätt ech par rapport zu der Madamm Kayser alles duerchgeholl.

Da kommen ech eriwwer op d'Madamm Ahmedova. Bon, si huet gesot, dass mer méi an de Logement nach sollten investéieren. Ech sinn der Meenung, wéi gesot, duerfir hat ech ugangs gesot, dass mer nach ni esou vill wéi elo hei zu Diddeleng an de Logement investéiert hunn, dass dat schonn eng Prioritéit fir eis ass. An ech mengen schonn, dass et einfach wichteg ass, dass eis Servicer déi Projeten, déi mer elo an der Maach hunn, och ëmsetzen. Mir hunn zwee Projeten, déi méi schnell virukommen, well se am Kader vun enger Vefa-Approche ëmgesat gi sinn, an der Rue Nic Bodry an an der Rue des Champs. Mee all déi aner Projeten, dat hat ech och schonn eng Kéier hei am Gemengerot gesot, do si mer natierlech gebonnen un déi ganz Soumissiounsgesetzer an och duerch déi ganz Bestandsanalyse vu Gebaier, déi mer hunn.

Dat brauch alles méi Zäit an dat brauch och e gewëssenen Invest an Zäit an och Diskussiounen an Analyse vun eise Servicer. Et ass elo eng Prioritéit, dass mer déi Projeten, déi mer elo an der Vitrinn hunn, dass mer déi wierklech och konsequent ëmsetzen an och do eis Servicer, net nach mat weidere Projeten zoutesselen. Wann natierlech eng Opportunitéit sech bitt, schléisse mer sécherlech net aus, hei an de Gemengerot ze kommen, fir Iech domadder ze befaassen, wann et e flotten abordabele Wunnengsbauprojet gëtt. Mee den Här Manderscheid ass d'lescht Woch op eng Rei Projeten agaang, déi an der Maach sinn. Dat sinn der, wéi gesot, eng ganz Rei. An ech mengen, Dir sot, am PAL, am Plan d'action logement, wär keng Visioun. Bon, eebe grad déi Projeten, déi mer ëmsetzen, déi si Bestanddeel vum Plan d'action logement.

Also, et ass eng ganz kloer Visioun vun dëser Majoritéit, wou mer am Kader vum abordabele Wunnraum wëllen higoen. Mir setzen eis natierlech och ëmmer eng Reserv vun enger hallwer Millioun Euro ronderëm d'Acquisitioun vun Terrain. Dat ass e Montant, dee mer drasetzen. An och do, dee kënne mer natierlech och elo opbauschen. Mir kënnen och elo soen, Madamm Ahmedova, mir setzen elo eng Millioun Euro dran. Mir setzen eng hallef Millioun Euro dran. Mir setzen zwou Milliounen Euro dran. Da bausche mer natierlech de Budget och op. Ech hu léiwer, mir setzen eng hallef Millioun Euro an. Mir wëssen aus Erfarung, dass dat e Montant ass, an deem mer eis ëmmer beweegen.

A wann Opportunitéite sech bidden, komme mer hei an de Gemengerot, stëmmen en zousätzleche Kredit, presentéieren Iech de Projet a stëmmen en zousätzleche Kredit. Mee da komme mer och mat engem konkreete Projet heihinner. Well herno sot Dir eis, jo, Dir setzt esou vill Milliounen dran? Hutt Dir konkreet Projeten? An da musse mer Iech soen, Neen, mir hunn dat einfach elo mol dragesat, fir e puer dranzesetzen, fir dann ze kucke, wou et higeet ouni e konkrete Projet ze hunn. Also, ech komme léiwer dann heihinner a mir hunn hei e Montant dran, deen awer e bësse méi orientéiert ass un der Realitéit. An da komme mer mat

konkrete Projeten erëm, wann d'Opportunitéite sech och bidden. Par rapport zu Ärer Fro zu der Etüd ronderëm d'Stäerkung vum lokale Commerce. Ech mengen, do kann ee ganz gären och eng Kéier mat eisem City Manager hei an de Gemengerot kommen an Iech dat och presentéieren.

Da kommen ech eriwwer zu der Ausféierunge vun der Madamm Thoma. Ech mengen, mir leie ganz op enger Linn, wa mer soen, dass mer hei antizyklesch mussen handelen, mir si ganz mat där Approche do och averstanen, dass mer och den ëffentlechen Investvolumen héich halen an och absolut keng „nice to have" Projeten hei ëmsetzen. A jo, per se ass en Emprunt net schlecht a Scholden och net schlecht. Bon, mir sinn natierlech ëmmer esou gepolt, dass Scholdenophuelen eppes Negatives ass. Mee wann et eppes ass, wou een en Invest mécht an déi zukünfteg Generatiounen, ass et per se, wéi gesot, net schlecht.

Dann Är Doleance fir e grousse Projet d'envergure an d'Finanzkommissioun och ze huelen. Et muss een natierlech kucken, wéi een dat dann och ugeet. Well fir mech ass et nach ëmmer wichteg, dass de Projet d'envergure, dass do hei awer de Gemengerot d'Primautéit huet iwwert de Projet d'envergure. Et kommen ëmmer déi selwecht Diskussiounen, wann een der Finanzkommissioun do Prioritéit gëtt. Da sinn natierlech hei d'Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, déi da soen, eng Finanzkommissioun, wou net déi Gewielten dra sinn, déi huet eng Prioritéit par rapport zu Projeten an net de Gemengerot. Dat heescht, et muss een do den Dréi fannen, d'Ouverture ass do, mee et muss een dann den Dréi fannen, wéi ee vläicht Finanzkommissioun a Gemengerot zesummebréngt, fir dat ze presentéieren. Mee 2024 hate mer elo keng gréisser Projet-d'envergurен, déi an de Gemengerot komm sinn. Et kommen der sécherlech nach 2025, wou mer elo presentéiert hunn. An da misst een nach eng Astuce fannen, wou een dann déi zwee zesummebréngt, wou mer och dat kënne virstellen. Ech mengen, dat ass u sech kee Problem, fir dat ze maachen.

Dann huet Dir monéiert - an déi Aschätzung deelen ech net - par rapport zum Personalbestand, Employéen a Fonctionnairen. Et ass richteg, dass mer national dee Problem hu mat der Caisse de prévoyance, wou mat sech bréngt, dass effektiv méi Employéen insgesamt national agestallt goufe wéi Fonctionnairen. An dass Fonctionnairen astellen d'Reegel ass, an ech muss Iech awer soen, bei deene meeschte Posten, déi mer hei schafen, à quelques exceptions près, si Fonctionnairen d'Reegel. Wou natierlech an deene leschte Joren an dëser Gemeng vill Employéen agestallt goufen, mee och dat huet domadder ze dinn, dass mer als Stad Diddeleng och dat net outgesourced hunn un ASBLen, dat si ganz Maison-Relaisen, déi e ganze wichtege Bestanddeel sinn, a mir hunn all Gemengerot, wou mer Leit astellen, am Kader vun de Maison Relaisen, dat sinn Employé-communallen.

Dat si keng Fonctionnairen. Et ass jo wierklech e wichtege Service entre-temps ginn op verschidde Sitten, do kann ee keng Fonctionnairen astellen. An der klassescher Administratioun, do stelle mer Fonctionnairen an, ausser, wéi gesot, mir schreiwen d'Posten aus an et melle keng sech oder si packen d'Examen net, da gi mer eriwwer op d'Employéen, à quelques exceptions près, wéi gesot. Mee de Gros awer vun den Employéen, déi agestallt ginn, ass am Service Éducation et Accueil, wou effektiv sief et elo diploméiert Educateuren oder Graduéen, déi vun enger Gemeng op déi aner kommen oder déi aus dem ASBL-Secteur, dem konventionéierte Secteur eriwwerkommen, jo déi maachen net de Fonctionnairesexamen, respektiv och net de Stage. Déi Leit, déi brauche mer direkt, déi mussen operationell sinn. An dofir mengen ech, dat weist sech och iwwer déi lescht Joren, dass dee Stand vun Employéë méi grouss ass wéi dee vun de Fonctionnairen.

Dann, par rapport zum abordabele Wunnraum. Bon, Dir monéiert, dass mer 2025, wéi gesot, keen neie Projet budgetiséiert hunn. Ech mengen, do gëllt déi selwecht Äntwert Iech wéi och der Madamm Ahmedova. D'Prioritéit ass, dass mer déi Projeten, déi mer elo ganz kloer an der Maach hunn, dass mer déi ëmsetzen, déi beschäftegen eis Servicer méi wéi jee. A wéi gesot, wann eng Opportunitéit sech bitt, da kënne mer ganz gären och zougräifen.

Par rapport zu der Iwwersetzung vun den Informatiounsversammlung, déi mer maachen, also effektiv war mer opgefall, jo, bei den Tiny Haiser hate mer elo keng Iwwersetzung mä 95% vun de Versammlungen, déi mer maachen, do ass eng Iwwersetzung virgesinn. Et kann een natierlech ëmmer an d'Feld féieren dat wat een net mécht, an ausblenden dat wat een an iwwert 90% vun de Fäll gemaach huet. Ech weess jo, wéi d'Oppositioun an deem Sënn fonctionéiert, also verstinn ech dann och Är Approche. Mee bon, fir de Gros gëtt awer ganz kloer eng Iwwersetzung gemaach. Dir féiert natierlech och an d'Feld, dass een eng lokal Mobiliséierungssteier soll aféieren. Wann ech scho gesinn, wéi schwéier et ass, um nationale Plang Krittären ze definéiere fir eng national Mobiliséierungssteier, da wëll ech d'Diskussioun net féieren um lokale Plang. Ech mengen, dass awer deen nationalen Usaz dee richtegen ass, fir dat dote weiderzeféieren.

Bon, ech weess, dass Dir keng gréisser Sympathien hutt fir de Patrimoine religieux respektiv, Dir hutt vläicht Consideratioune fir de Patrimoine religieux mee manner Considératiounen, dass d'ëffentlech Hand Proprietär ass vum Patrimoine religieux. Ech drécken et emol éischter esou aus. Mee ech mengen, hei stieche mer awer 150.000 Euro an d'Renovatioun vun der Porkierch. An ech mengen, dass dat awer e wichtegen Invest ass, well wann ee Proprietär ass, muss een och Responsabilitéit iwwerhuelen, fir effektiv deen dote Patrimoine, deen awer e Monument national ass, fir deen duerno och weider a Stand ze halen.

Dann hat Dir och gesot, par rapport zu der Presentatioun vum Budget, dass dat ze laang gedauert huet, dass Dir Iech do informéiert hutt, wéi och aner Gemengen dat maachen. Ech féieren och säit Joren Diskussioune mat anere Gemengen, wéi si et maachen. An effektiv, do ass et just de Buergermeeschter, deen et mécht. Mee ech kann Iech awer soen, och tous partis politiques confondus, déi an enger Koalitioun sinn,

do herrscht natierlech bei de Schäffen an deene Koalitiounen, egal wéi eng Couleur se sinn, eng Frustratioun, dass grad eeben de Buergermeeschter et mécht an d'Schäffen net kënnen hir Ressorte presentéieren.

Et ass zu Esch net anescht wéi an anere Gemengen. An déi soen, ma et ass awer flott, dass zu Diddeleng de ganze Schäfferot d'Presentatioun vum Budget mécht. Dat ass eng aner Aart a Weis, et och duerzestellen, wéi Dir dat hei effektiv bruecht hutt. Also, wéi gesot, ech mengen net, dass mer dat wäerten änneren. Wat mer awer kënne ganz kloer maachen, an dat verstinn ech, dass mer et méi kuerz a knackeg presentéieren an d'Engagement dann eebe fir d'Presentatioun vum Budget 2026 méi kuerz a knackeg ze maachen. Mee dat heite Format, wou awer nieft dem Buergermeeschter och d'Memberen aus dem Schäfferot hir Ressorte solle kënne presentéieren, dat hale mer och bäi.

Bon, hei d'Demande an der Chamber respektiv d'Finanzminister, wann deen de Budget presentéiert. Déi hunn natierlech och eng Armada vu Fonctionnairen, déi dat maachen. Dat ass eng ganz aner Realitéit wéi de Gemengesecteur. Dat kann een awer net eent zu eent vergläichen. Dofir mengen ech awer, wa mer dat hei an engem kuerzen a knackege Format presentéieren, dat ass sécherlech och insgesamt fir de Gemengerot méi einfach ze suivéieren. Op alle Fall ass dat en Engagement, dat mer ganz kloer gäre fir d'nächst Joer matzehuelen.

Dann, par rapport zu den Ausféierunge vum Här Meyer par rapport zu de Subsiden. Bon, et ass eng Realitéit, déi mer insgesamt hei hunn, dass mer Subsiden hunn, déi gedeckelt sinn a leider net adaptéiert si par rapport zu der Realitéit. Mir hunn zum Beispill, wat d'Maison Relaisen ugeet, wat den Educatiounsministère ugeet, Subsiden, déi iwwer zéng Joer net adaptéiert goufen a mir hu virdru geschwat iwwert de Syvicol, dee méi wéi eng Kéier bei de jeeweilege Ministèren intervenéiert huet, dass d'Ministèren am Kader vun hire Subsiden, déi se un d'Gemenge ginn, och där Präisdeierecht solle Rechnung droen. Well alles dat, wat net gemaach gëtt, mussen natierlech dann d'Gemengen aus hiren eegenen Täsche bezuelen. Wat natierlech zu enger Méibelaaschtung vum Budget bäidréit.

Dir hutt eng Fro gestallt par rapport zum Gas. Ech mengen, dat huet och Dir Madamm Kayser gesot, vu dass mir Proprietär si vum Gas an dat Ganzt och geréieren, sinn natierlech och déi Tauxen an och déi Taxen, déi mer hei applizéieren, déi vum Gas, déi gi vum Institut Luxembourgeois de Régulation, vum ILR, fixéiert an déi musse mer dann och applizéieren. Mir kréien do eng Decisioun. Deen huet eng Decisiounsgewalt, den ILR, an duerfir fannt Dir déi och hei am Budget an där doter Form erëm. Dat sinn net d'Präisser, déi mir definéieren, dat si Präisser, déi den ILR eis ganz kloer souzesoen imposéiert a mir applizéiere se als ebe Proprietär an och Bedreiwer vum Gasreseau. An den ILR mécht dat och mat deenen anere Reseauen, déi net a Gemengenhand sinn. An dann hat Dir gesot, par rapport zu der Publicitéit, dass een do kéint aspueren. Bon, ech mengen, mir hunn hei 15% manner, wou mer tätegen, Dir hutt vun 30% geschwat. Mee mir hunn hei 15%, wou mer manner tätegen. Also ass hei ganz kloer en Effort gemaach ginn.
Dir hutt geschwat och par rapport zum Fuerpark, par rapport zu de Camionen. Ech mengen, un deem wou mir eis hei orientéieren, dat sinn déi Referenzpräisser. Ech huet virdru gesot, wa mer dat heite géifen outsourcen, da bräichte mer sécherlech déi Montanten hei net ze bezuelen. Mee mir hunn hei Referenzpräisser, mir maachen hei eng klassesch Ausschreiwung am Kader vum Marché-public-Gesetz. Hei si mer net an där Situatioun, wou mer e Marché-négocié hunn, wou mer dräi Offeren hunn. Dat heite si Montanten, wou mer ausschreiwe mussen. An da wäerten eng Rei Bidder sech mellen a mir kucken dann deen, wou am bëllegsten ass, fir deem dann och d'Soumissioun zouzeschreiwen.

Dann hunn ech eraushéieren, ob et nëtzlech ass, wann ech richteg verstanen hunn, bei der DP, dass mer e Moratoire solle maache par rapport zum Personal, wou mer weider sollen astellen. Är Ausféierung war, musse mer nach weider Personal astellen. Bon, ech soen, wann et esou einfach wier, da wier et wierklech einfach. Mee d'Realitéit um Terrain ass eng ganz aner. Mir hunn, an ech mengen Dir wësst et, knapps 0,6 Milliounen Euro virgesi fir neit Personal, wat ganz wéineg ass. A mir bleiwen do an der Linn par rapport zu deene leschte Joren. Wann ech Iech déi Zuel géif an de Raum setze vun deem, wat d'Personal géif froe fir méi ze kréien, da si mer op engem ganz anere Montant, bal dat drëtt- oder véierfacht. Mee natierlech kann een net einfach esou soen, mir maachen e Moratoire um Personal oder ass et néideg, weidert Personal anzestellen. Dir musst jo och wëssen, Diddeleng ass eng Stad, déi weider wiisst. A wann ee weider wiisst, da muss een natierlech och kucken, dass een den néidegen Ënnerhalt vun deenen néidegen Infrastrukture maachen. Wa mir de Strutzbierg aweien, an dee gëtt hei gestëmmt, ma da brauche mer neit Personal, neit Botzpersonal, nei Conciergen, déi mer do mussen astellen, nei Schwammmeeschteren. Dat heescht, all nei Infrastruktur, déi mer hunn, bréngt dat och mat sech. Och vum Dimensionnement hier brauche mer neit Personal. Wa mer nei Schoule plangen, da bréngt dat dat mat sech. Wa mer nei Maison Relaisë bauen, da brauche mer neit Personal. Dat heescht, och dat Personal, dat mer hei astellen, dat ass net Personal, dat herno am loftleere Raum sech beweegt, mee Personal, wéi gesot, dat och néideg ass.

Dann, par rapport nach zu Ärer Demande, ob mer e puer Reserve kéinten uleeën. Ma ganz gären, Här Meyer, wa mer Reserve kéinten uleeën a keen Emprunt bräichten ze huelen, ech sinn direkt partant, mee d'Finanzrealitéit vun der Stad Diddeleng ass eng aner. An, jo, ech wär och frou, wann ech - ech hunn dat an der Zeitung gelies, iwwert 700 Milliounen Euro Reserven huet eng Stad Lëtzebuerg a kann en Defizit maache vun 150 Milliounen Euro. Dat hunn ech an der Zeitung gelies am Kader vun der Budgetspresentatioun. Ech wär frou, wa mer an där Situatioun wären. Ech si frou mat deenen 9 Milliounen Euro Reserven, déi mer hunn an dass mer awer probéieren, duerch de Bësch ze kommen an och mat deenen Empruntent. Also weider

nach e puer Reserven uleeën, wéi gesot, ech mengen, dass dat awer net esou evident wäert ginn. Mee d'Iddi ass mer ganz sympathesch.
Da kommen ech eriwwer zum Här Gangler, par rapport zu Ären Ausféierungen zu der Finanzsituatioun, déi mer deelen, dass mer eng virsiichteg Finanzpolitik sollen och weider behalen. Par rapport zum Plan local de santé, ech mengen, do ass ganz kloer awer nieft deenen Aarbechten, déi bis elo gemaach goufen, och d'Bestriewung, dass dat och Gesond Diddeleng soll presentéiert ginn. Dass déi och do solle mat agebonne ginn. An ech mengen, dass deemnächst och eng Reunioun geplangt ass, wou dat soll effektiv gemaach ginn a wou och do dann den Aarbechtsgrupp sech ka mat abréngen. An do ass jo och d'Gesondheetspersonal vun der Stad Diddeleng dru bedeelegt, fir deenen ze hëllefen auszeschaffen.

Da war do Är Demande par rapport zu der Saint-Martins-Kierch. Do hu mer jo e Budget agesat fir eng Rei Infiltratiounen, déi mer an der Fassad hunn, déi schonn en Impakt hunn op Wandmolereien. Dat hu mer ofgeschwat och mat der lokaler Ekipp, dass mer och do fir déi Infiltratiounen déi néideg Reparatioune maachen, fir dass dat och ënnerbonne gëtt. Et ass kee grouss Moment, mee et sinn awer wichteg Interventiounen, déi mer maachen, fir effektiv och déi Molereien ze erhalen, respektiv, wou mer och eng Rei Fënstere wäerte flécke beim Daachstull, well och do Infiltratioune sinn. Dat sinn am Fong d'Aarbechten, déi mer wäerte maachen.
Da kommen ech par rapport zum Här Steffen. Wéi gesot, Dir sot d'Phas 4 vum Shared Space wier eng Sortie de secours. Bon, mir gesinn dat e bëssen anescht. Ech mengen, dat heiten ass awer ganz kloer Bestanddeel ass vun den Diskussiounen, déi mer hate mat Ponts et Chaussées. Si hätten de Projet gären ofgeschloss, och d'Phas 4, well da wäre mer fäerdeg gewiescht. Mee, wéi gesot, da maache mer do elo hei e Report, deelen awer och do Är Aschätzung par rapport zu enger antizyklescher Politik an och Annuitéiten, déi awer nach drobar sinn, mee natierlech muss een dat och alles am Aen och behalen.

Eng Ausriichtung fir eng Planung virzehuelen, fir 25 Joer, bon, dat ass e Véirelsjoerhonnert. Ech mengen, dass dat e bëssen schwiereg ass, well och um nationale Plang innerhalb vun 20 a 25 Joer ganz vill geschitt. Wann ee scho gesäit, wat innerhalb vun engem Joer kann alles esou geschéien, da wëll ech net wëssen, wat innerhalb vun 20 Joer alles ka geschéien. Duerfir mengen ech, déi Strategie, déi mer eis ginn, einfach fir eng Planung vun 10 Joer eis ze ginn, mat engem Strategiepabeier 2035, dat ass net schlecht. An dat schléisst jo net aus, dass een och an deem Strategiepabeier, en cours de route, déi eng oder déi aner Adaptatioun och mécht. Natierlech sinn ech och bei Iech, an Dir hutt et e puermol erwäänt, dass mer als Majoritéit op si fir all nei Iddi, déi machbar ass a punkto Plus-value a Finanzéierbarkeet.

Dir schwätzt och vu politeschem Gespills, wa Motioune kommen. Ech weess, dass Motiounen en Outil si vun der Oppositioun, fir verschidde Punkten, déi hinne wichteg sinn, op de politeschen Agenda ze bréngen, wann effektiv de politeschen Agenda vun der Majoritéit am Fong definéiert gëtt. An dat ass och ganz legitim.
Mäi och hei, d'Oppositioun féiert an d'Feld déi Motiounen, déi net zeréckbehale ginn a schwätzt ganz wéineg iwwert déi Motiounen, déi awer hei och e breede Konsens fannen an déi deementspriechend och ëmgesat ginn. An ech vergläichen et, wann ee kuckt um nationale Plang, wou och heiansdo Motioune bruecht ginn. Dat ass esou. Et huet ee Motiounen, déi ginn zeréckbehalen. Et huet ee Motiounen, déi ginn net zeréckbehalen. Dat ass awer och elo kee Lèse-majesté, wann emol eng Oppositioun eng Motioun erabréngt an si gëtt net zeréckbehalen an et huet een eng kontrovers Diskussioun driwwer. Ech mengen, dass dat net dramatesch ass. Ech mengen, dat gehéiert zu engem natierleche Reflex, dass en als Oppositioun dat mécht. An dat ass och ganz Okay. An et ass och gutt, dass een deen Outil notzt an dass een och herno eng Diskussioun um Fong huet, ob een déi Motioun unhëlt oder net unhëlt oder eng Rei Modifikatiounen och bréngt. Dofir, voilà, deelen ech déi Aschätzung, dass et politescht Gespills ass, net well awer Consideratiounen och ronderëm si vun der Machbarkeet, vun der Plus-value a vun der Finanzéierbarkeet.

An ech mengen, dass awer hei eng ganz Rei Motioune vun der Oppositioun zeréckbehale goufen insgesamt. Mee och do kann een ëmmer net op dat kucken, wat zeréckbehale gouf an och éischter de Fokus setzen op dat wat net zeréckbehale gouf, well och dat, mengen ech, ass dann e bëssen de Point de vue, deen een de part et d'autre dann erabréngt. Mee, ech mengen, dat gehéiert dann zum politesche Spill. Ech mengen, wat insgesamt wichteg ass, dat ass, dass an deenen Diskussiounen, och wann den Toun engagéiert ass, dass en awer sachlech och beift. Et ass dat, wat awer schlussendlech wichteg war. Ech mengen, et ass och dat, wat jo och schlussendlech an deene Positiounen, déi de Mueren haut hei waren, ganz wichteg war. Well wat eis awer – ech weess net, wien et ugefouert hat - ënnerscheet par rapport zu anere Gemengeréit, well och wann een do Diskussioune jo och emol matkritt oder emol nofreet, do sinn d'Diskussiounen säitens vun der Oppositioun, awer och säitens vun der Majoritéit vill, vill, vill méi hefteg an och deelweis ënnert dem Rimm, wat awer hei zu Diddeleng bis dato ni de Fall war. An ech mengen och net, dass dat esou wäert goen. Vläicht effektiv emol déi eng oder déi aner Approche, jo, déi vläicht e bësse méi e populisteschen Toun huet, awer insgesamt awer sachlech bleift.

Par rapport zu den Ausféierunge vun der Madamm Spagnuolo, par rapport zu der Sécherheetspolitik. Boah, ech mengen, Sécherheetspolitik ass awer méi komplex a méi vast a méi villschichteg wéi Dir se hei gesot hutt. Ech mengen, et geet net duer, Sécherheet ze kréie mat Kameraen. A wann een dat hei seet, ech mengen, Dir wësst jo awer, ech hoffen, dass et e Gesetz gëtt, dat ganz kloer seet, wéini Kameraen installéiert ginn. An do ass och de Prinzip vun der Necessitéit, vun der Proportionalitéit, wou d'Gesetz ganz kloer an de Vierdergrond setzt, ob Kameraen agesat ginn. A Kameraen, duerch déi national Gesetzgeebung, ginn ëmmer agesat, wann d'Police eng Analys mécht a wa probéiert gëtt, all aner Mesure ze huelen, déi eng aner Envergure huet wéi Kameraen. An dofir si mer jo

amgaangen e Plan local de sécurité auszeschaffen. An ech sinn net bei lech, wann et drëms geet, hei permanent e Point de presse ze maachen tëschent der Police an der Gemeng. Mir sinn hei net an engem Law and Order-Scheema, mee mir maachen hei e Plan local de sécurité, wou souwuel preventiv wéi och repressiv Mesuren dra sinn. An ech mengen och, le moment venu, wéi gesot, wäerte mer och dat hei virstellen. Mee Sécherheetspolitik um lokale Plang an um nationale Plang ass vill méi komplex, vill méi vast an och vill méi villschichteg, wéi dat hei virgefouert gouf.

Dann, nach par rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini par rapport zu der Evolutioun vun NeiSchmelz, wéi mer eis do opstellen, och finanziell. Jo, do wäerten, an d'Diskussioune si mer amgaangen och ze féieren, do wäerten natierlech och eng Rei Ausgaben op eis duerkommen. Mir hunn d'lescht Woch déi Diskussioun gefouert mam Patrimoine industriel, deen als Denkmalschutz respektiv deen um Inventaire supplémentaire ass, wann et gëlt, deen ze finanzéieren. Eis Erfarung hu mer jo gemaach, souwuel mam VEWA wéi och mam Lokomotivatelier. Mee wa mer do eng Schoul plangen, eng Maison Relais plangen, natierlech wäert dat eis och eppes kaschten. Ma op där anerer Säit, NeiSchmelz bréngt nei Awunner, bréngt natierlech och méi Dotatiounen. Mee de Fonds de dotation globale des communes, dee wäert natierlech och domadder an d'Luucht goen. Dat heescht, mir kréien och do méi Recetten, nieft de Subsiden, déi mer kréie vum Staat, par rapport zu den Infrastrukturprojeten. Dann hat Dir gesot, par rapport zum Strutzbierg, dass do am Complexe sportif keen Defibrillator war. Also, et ass geplangt, dass do ee portabelen hikënnt, kee fixen, mee ee portabelen, deen ee ka mathuelen. Et ass op alle Fall virgesinn an et ass geplangt, dass een dohi soll kommen. Ech mengen, dass dat absolut kee Problem ass. Dann, par rapport zum CETA, zum Gemengepersonal, par rapport zu den Iwwerstonnen, mir si kee Gemengesyndikat, déi éischter eng Comptabilité commerciale huet, mee eng Comptabilité camérale. An do ass dat an deem Sënn net virgesinn.

Da ginn ech eriwwer zu den Ausféierunge vun der Madamm Kemp. Bon, ech mengen, Dir hutt geschwat iwwert d'Migratiounsfuerschung. Ech mengen, Dir hat do ganz kloer gesot, wann dat wierklech en nationalen, wichtege Sujet ass, dann hätt et jo och kéinten Nidderschrëft fannen am Koalitiounsaccord nieft dem Fait, dass en Nidderschrëft fonnt huet an der Schäfferotserklärung vun der Stad Diddeleng.Par rapport zu den Ausféierungen zum Innovation Hub. Bon, ech mengen, dee gëtt awer nach weiderhi vill sollicitéiert, do sinn nach ganz vill Ufroen. Mir maachen do natierlech elo keng weider grouss héichtrabend Promotioun, well en an deem klenge Spektrum, am Mikrokosmos vun de Start-uppen, déi am Ekotechnologiesberäich sinn, bekannt ass, reegelméisseg ufroen, kommen a mer natierlech do, wou de Moment ass, wéi gesot, net méi allze vill Plaz hunn, mee awer op där anerer Säit awer och Acteuren hunn, an dat ass jo zu eisem Virdeel, mat Luxinnovation an och mam Technoport, déi och natierlech an deene néidege Reseaue sinn, fir och weider Reklamm ze maache ronderëm den Innovation Hub. A mir plange jo och net, ech mengen, d'lescht Joer hate mer eng gréisser Porte ouverte geplangt mam Innovation Hub, déi plangt ee jo och net all Joer. Mee, wéi gesot, mir hunn hei awer eng Pépinière vun Ekotechnologieë vu Startuppen an deem Beräich, dee ganz, ganz gutt ass.

Voilà, da kommen ech op dee Punkt vun der Madamm Kohn, déi hir Aschätzung vun der Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng ganz kloer ginn huet, wou et hei och drëms geet den Investvolumen héichzehalen an awer och déi néideg Projeten hei ëmzesetzen, déi zu der Liewensqualitéit vun der Stad Diddeleng bäidroen. An dass mer effektiv och hei kee Luxus hunn, mee Projeten hei hunn déi, voilà, batter néideg si fir d'Stad Diddeleng, fir hir Awunnerinnen an Awunner, fir hir Liewensqualitéit, fir déi zukünfteg Generatiounen. Ech mengen et ass och deem, wou mer eis politesch verschriwwen hunn a wou mer och konsequent ëmsetzen, mat natierlech engem virsiichtegen An op eis Finanzpolitik. Dat heiten ass natierlech e Budget, wéi gesot, wou mer en Investvolumen ëmsetzen, dee weider héich ass, mee wou virun allem och d'Prioritéit gesat gouf, fir besteeënd Projeten ëmzesetzen. An duerfir och de Choix, nei Projete méi an d'Luucht effektiv ze halen, fir Prioritéit op deem ze ginn, wat de Moment an der Ëmsetzung ass. Voilà, dat zu menge Voleten, zur genereller Aschätzung an zu de Voleten, déi mech concernéieren, par rapport zu menge Ressorten. An da ginn ech elo hei d'Wuert weider un den éischte Schäffen, de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, léif alleguerten, fir d'éischt emol vu menger Säit e grousse Merci fir dee kriteschen an direkten Austausch, bezéiungsweis Feedback vun Ärer Säit op d'Presentatioun vum Schäfferot. Dat weist, dass déi allermeescht heibannen hiert Mandat ganz eescht huelen. An ech mengen dat mécht och déi heite Ronn esou interessant an esou spannend. Ech probéieren dann elo, op déi jeeweileg Bemierkungen a Froen anzegoen, déi da meng Beräicher betreffen. Et ass ugeschwat ginn, dass am Kader vum Kannergemengerot d'Indemnitéite verduebelt goufen. Et ass esou, dass mer eis do e bësse Loft wollte ginn, well mer hate schonn an der Vergaangenheet d'Situatioun, dass d'Dekonten net zum richtege Moment erakomm sinn, dass mer dat Joer net genuch Budget virgesinn haten, dofir wollte mer eis elo e bësse Wach ginn. Ausserdeem hutt Dir jo matkritt, dass mer eis soen, ech elo mol just zwee Encadrante fonnt hunn, déi dee Kannergemengerot dëst Joer op sech huelen. A mir kucke fir eng Formule ze fannen, wou een dann temporär a punktuell kann dee Kannergemengerot, bezéiungsweis d'Encadrante verstäerken. An dann hu mer eeben och hei nach e bësse Budget op der Säit, fir dat dann och ze indemniséieren.

Jo, Biergerbedeelegung am Allgemengen. D'Madamm Thoma huet gesot, mir géife probéieren, dat ganz eescht ze huelen. Ech behaapten esouguer, mir huelen et ganz eescht. A wann een déi verschidde Methodologien a Prozesser kuckt, déi mer hei zu Diddeleng hunn, dann ass dat Beweis genuch, dass mer et ganz eescht huelen. An et ass e bësse wéi den Här Costa et gesot huet, et ass ganz vill Potenzial hei bei deene Biergerin-

nen a Bierger. A mat dëse Formulle wëlle mer dat Potenzial dann och notzen an si eescht huelen. Ech géing dann direkt eriwwersprange bei d'Amendement, dat mer de Moien hei kritt hunn, vun eise Kolleege vun der grénger Fraktioun. Fir d'éischt emol weist dat, dass se de Budget participatif als Methodologie an als Prozess am Fong geholl gutt fannen an ënnerstëtzen. Dir hutt dat ausgedeelt kritt. A si verlaangen, si proposéieren, dass mer do de Budget verduebelen. Mir sinn elo net ganz an deem Sënn domadder averstanen. Engersäits, et waren 29 Projeten, déi dëst Joer erakomm sinn, keng 60. Vun deenen 29 waren der 14 net recevabel.



Dir wësst, mir hunn e gewëssene Kader. Mir mussen eis jo eng Reglementatioun ginn. Déi waren net recevabel, well se engersäits entweeder e But lucratif en tant que tel haten. Dat wëlle mer jo net. A bezéiungsweis generéiere se ze vill Frais de fonctionnement oder Frais courants. An dofir konnten eng 14 Projeten net zeréckbehale ginn. 9 vun deene Projeten, déi proposéiert goufen, konnte mer net ëmsetzen, well se net ëmsetzbar sinn. Engersäits war et net d'Gemengekompetenz. Anerwäerts hate mer keng Gebailechkeeten oder Terrainen, déi mer konnte fir dëse Projet zur Verfügung stellen. Soudass mer en fin de compte sechs Projete konnten an d'Course schécken, fir votéiert ze ginn. Dovunner goufen der véier am Kader vun deenen 100.000 zeréckbehalen, bezéiungsweis sinn déi votéiert ginn. A mat deene meeschte Stëmme waren et eeben déi véier.

Ech verstinn awer d'Iddi dohannert, oder mir verstinn d'Iddi dohannert, dass ee seet, mir probéieren esou vill wéi méiglech Projeten ëmzesetzen. Mir haten och déi Diskussioun, anerwäerts hu mer natierlech déi Enveloppe vun 100.000, da wollte mer och net soen, mir setzen alleguerten d'Projeten ëm, well da fënnt de Vott jo net statt, dann ass déi jo net méi legitim an dat ass jo awer och ee wichtegen Outil vun deem ganze Prozess. Dofir géif ech elo hei proposéieren, kommt mer setzen et 10% erop vun deenen 100.000 Euro an da kéinte mer nämlech nach e weideren, dee fënnefte Projet, mat ëmsetzen. Deen ass esou just driwwer iwwert déi 100.000, wa mer deen huelen. A wa mer dann aus deenen 100.000, 110.000 Euro géife maachen, da kéinte mer dee fënnefte Projet och realiséieren. Dat wär elo d'Propos, déi mer hei géife maachen. An ech mengen, dann herno géife mer dann och am Kader vun de Votten och iwwert deen doten Abonnement ofstëmmen. 110.000. also 10% an d'Luucht.

Voilà, an dann zur Kultur. An der Kultur, do ass engersäits ugeschwat ginn déi 105.000 Euro, déi mer fir Entretien a Maintenance-Onkäschte virgesinn hunn. Bon, do ass et esou, dass mer am Kader vun der Prudence budgétaire dëst Joer probéiert hunn eng Rei vu Maintenanceaarbechten oder Entretiensaarbechten, déi net direkt, direkt, direkt néideg waren, mat eriwwerzehuelen op d'nächst Joer. An zesumme mat der externe Entreprise, déi fir d'ganz Gebai zoustänneg ass, hu mer e puer Projete mat eriwwergeholl, soudass dee Budget fir 2025 e bësse méi héich ass wéi dat, wou mer ursprénglech 2024 virgesinn hätten. Mee dat ass, well mer eng Rei vu Projeten, déi mer wollten dëst Joer maachen, nach mat eriwwer zéien aus deenen erkläerten Ursaachen. Den Här Meyer huet och gesot, dass mer gären nach vill feieren hei zu Diddeleng. Dat kënne mer mengen ech alleguerte mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Dat heescht awer och, dass mer d'Erausfuerderung hunn, déi Budgeten ze respektéieren an anzehalen. D'Erausfuerderung, dat hu mer schonn de Moien e puermol héieren, déi gëtt net méi kleng. A virun allem an der Kultur wëlle mer e qualitativ héije Programm weiderhin usetzen. Deementspriechend ass d'Balance do net ëmmer einfach ze fannen. A ganz wichteg ass et, dat Ganzt mat Moderatioun ze genéissen.

Den Här Steffen, dee war net esou frou, oder ass net esou frou mam Usina, bezéiungsweis mengt en dat wäre vill Suen, déi mer do ausginn, fir deen dote Projet an och den Timing vun der Schoulvakanz, dat wonnert mech net, dass e Schoulmeeschter dat seet, géif ech elo mol soen. Jo, voilà, et ass awer esou, dass och vill Leit net an d'Vakanz ginn, wëlle kënne goen, bezéiungsweis ass et eis awer och wichteg, iwwert d'ganz Joer eng Rei vu Saachen unzebidden. A jo, den Timing vun deem Festival, deen hänkt jo u villem drun. Do gëtt engersäits natierlech, kucke mer eis lokal Programmatioun, mir kucken déi national Museks- a Festivalsprogrammatioun, awer och, well mer en Acteur an der Groussregioun sinn, musse mer dat och kucken. An natierlech, och wann dat elo vill Geld ass, och am Kader vun eisem Budget, wien ass iwwerhaapt ze kréie fir déi Suen, wien ass attraktiv genuch? A wéi gesäit dem Kënschtler oder der Kënschtlerin hiren Agenda aus? A wéi sinn d'Disponibilitéiten? Also, et ass ganz vill, wou een do muss consideréieren, éier een esou en Datum sicht.

Ech muss awer och soen, dass de Kulturministère eis ugekënnegt huet, eis do awer och finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen, well se awer frou sinn, dass eng Gemeng mat hire Partner an deem heite Fall sech erëm traut, e Festival ze organiséieren, well de Succès ass awer do. Et muss een awer soen, dass mer mëttlerweil an där Formule, déi mer elo fonnt hunn, déi zwee Deeg, awer ganz vill Leit op deem wonnerprächtege Site haten, soudass mer awer weider un dee Succès vum Festival Usina gleewen. An deementspriechend menge mer, dass déi Suen do awer gutt investéiert sinn. Am grousse Ganzen - kann ech soen - huet d'Madamm Kohn dat flott illustréiert. Si huet den Iwwerschlag e bësse gemaach, wat mer hei zu Diddeleng an der Kulturlandschaft ze bidden hunn. An dat war schonn e flott impressionnant Bild, wou se do gezeechent huet. A si huet et och gesot, dass mer alleguerte gespaant sinn op e Kulturentwécklungsplang, no-

deems d'Interviewen elo ofgeschloss ginn ass, komme mer zu den éischte Conclusiounen an dat wäert och hei zu bestëmmt nach flotten Diskussioune féieren.

Jo, Sport gëtt ëmmer nach groussgeschriwwen, och 2025. D'Madamm Kayser hat do, ech mengen, d'Zuelen e bësse verwiesselt am Kader vun dem Nettoyage ronderëm de Strutzbierg. 15.000 Euro hate mer dëst Joer virgesinn, an zwar hate mer jo domadder gerechent, dass d'Schoul, bezéiungsweis de Campus am September géif opgoen, dat huet sech jo e bësse verzögert. An d'nächst Joer hu mer 25.000 Euro do virgesinn, mir hunn also do e bëssen un dat referéiert, wat mer am Centre sportif Hartmann vun Erfarungswäerter gesammelt hunn, ma da muss ee lo kucken dat éischt Joer, ob dee Montant do stëmmt oder richteg ass oder net. A richteg, wéi Dir gesot hutt, d'Conciergerie, déi Leit, déi dobäi komm sinn, déi sinn am Kader vun der Ekipp, sinn déi unzesidelen an no Besoin gi se dann affektéiert op déi verschidde Sitten.
De Bewäertungssystem vun eise Subsiden, deen ass bekannt, dat ass och ëmmer dee selwechten, dee Kader hutt Dir och verdeelt kritt. Dat wat elo nei ass, dat ass wat mer gesot hunn, mir géife kucken ob mer do nei Incentivë kënne siche goen am Dialog mat deene concernéierte Veräiner. An haaptsächlech wëlle mer eis do um Ministère inspiréiere loossen, am Kader vun der Qualité Plus-Diskussioun, déi si eeben och dëst Joer nach wëllen un d'Leit verschécken.

Den Här Meyer huet och gesot, Sport ass wichteg fir eng Gesellschaft, deem kënne mer nëmmen zoustëmmen. Ech mengen, et hält d'Gesellschaft fit, gesond an awer och zesummen. Ech mengen, de Solidaritéitscharakter, dee mer duerch de Sport hei zu Diddeleng liewen, deen ass eis ganz, ganz wichteg. An och do ass et erëm schwiereg, déi verschidde Budgeten esou ze investéieren, dass d'Infrastrukturen op engem héije Level bleiwen. Well och do musse mer eis der Realitéit um Terrain fügen. Änlech wéi den Här Goergen, sinn ech och gespaant, éischtens wien den/déi nei.e Sportskoordinator/in wäert ginn. Ech sinn och frou, dass mer do an de Gespréicher, fir dee Kader ze setzen, mam Ministère am Austausch konnte sinn. An ech mengen, dass mer och do nach neie Wand an neie Schwong kënne fir eis ganz Sportpolitik hei zu Diddeleng erwaarden.

Jo, den Här Steffen huet e bësse monéiert, dass dat sou laang gedauert huet, mat deem Invest um Stade Kennedy. Dat huet mech och e bëssen iwwerrascht. En huet et ausgeholl bis an d'Nonzeger Joren, wéi wa mer säit deem ni eppes um Stade Kennedy investéiert hätten. Ech mengen, dat ass net richteg. Déi Tartananlag, déi a Stand gesat ginn ass, de Kugelstoussendeel, d'Vestiären, de Fitnessraum, dee mer do hunn, d'Büroen, an déi mer investéiert hunn. Also et ass vill investéiert ginn. Ech verstinn elo net genau, firwat en deen Historique do wollt opgräifen. An da wäre mer nach ëmmer ganz, ganz innovativ, ausser um INS weess ech net, wou nach eng Indoor-Liichathletikshal hei zu Lëtzebuerg steet. Also, et ass schonn e ganz flotten, innovative Projet. En plus setze mer nach Tennishalen do drop. Also ech mengen, do brauche mer eis net ze schumme mat deem dote Projet, wat mer och vu Säite vum Ministère do felicitéiert goufen. An och, mengen ech, d'Federatioun, dee Kongress, wou mer viru Kuerzem haten, déi huet eis och do nach eng Kéier felicitéiert.

Awer ganz sweet, bei der Sportskommissioun si mer eis erëm eens, do gëtt ganz flott geschafft an diskutéiert. An ech menge mir probéieren do, egal wéi eng politesch Kaap mer hunn, do am Sënn vum Diddelenger Sport a Loisir, dat Bescht do erauszezéien. An ech mengen, dat ass eis och bis do ganz gutt gelongen. Den Här Martini huet gefrot, ob mer do Synergië géife sichen, wa mer um Stade Nosbaum géifen do deen neie Projet ugoen. Dat hu mer och gemaach. Mir an de Sportsservice sinn am Dialog mat eisem internen Service hei, vun der Architektur intern bei eis, awer och mat der Schoul a mat de Maison Relaisen, mat deen anere Veräiner, déi do an- an ausginn. Also do probéiere mer schonn, déi Plaz, déi mer hunn, optimal ze notze mat deene verschiddene Fonctionnalitéiten. An ech sinn och gespaant, wat dann do herno d'Reaktioun vun Ärer Säit wäert sinn, wa mer de Projet dann hei diskutéieren. Op jidde Fall ass dat en Awand, dee mer natierlech och eescht geholl hunn.

Den Här Buergermeeschter huet et scho gesot, de Strutzbierg Defibrillator, jo, Dir hutt schonn d'Diskussioun vun der Sportskommissioun direkt aktuell mat heihinner bruecht. An ech kann dat confirméieren. Nach dëst Joer soll deen Defilibrator fir d'Schwämm, deen ass da mobil, deen ass scho bestallt gewiescht, dee kënnt dann do un. An d'Distanz zur Gemengeplaz, wou och ee steet, ass jo net esou grouss wéi dee Baussendeel ass am Fong jo dat, wat am Moment eise Santé-Service, eise Service médico do als Plang uginn huet.

Dann nach e puer Wuert zu eise Festivitéiten. Jo, de Prix citoyen d'honneur ass e puermol ugeschwat ginn. Et ass effektiv esou, dass mer déi 20.000 Euro, déi schénge relativ héich gegraff ze sinn. Nach wollte mer eis do eng gewësse Flexibilitéit ginn. Mir mussen nach un deem Konzept schaffen. Wéi gëtt de Präis verdeelt? Wie diskutéiert mat, wien däerf do zu Éiere kommen? Wéi en Event soll et ginn. Do gëtt sécherlech och e bëssen deen een, deen anere kulturellen Akt wäert domat virgesinn. Et gëtt och eng gewësse Publicitéit do ronderëm gemaach. Mee där kënnt sécher sinn, wa mer déi 20.000 Euro net brauchen, da wäerte mer se och net notzen. Mee mir wollten eis awer do déi Loft eeben nach ginn, ier mer honnertprozenteg wëssen, wéi déi Formule do wäert ausgesinn.

Den Här Goergen huet de Familljendag als flott Beispill ervirgehuewen. An ech fannen dat effektiv e ganz gutt Beispill, wat weist, dass mer intern, mat all eisen Servicer, zesumme mat der Familljekommissioun, an am heite Fall och mat de Commerçanten, mam Geschäftsverband an eiser Veräinswelt e flotten Dag do fir d'Familien a fir d'Kanner konnten organiséieren. An dat weist och eng vun eise Stäerkten, dass mer dat eeben zesummen hei op d'Tapéit bréngen, am Sënn vun eisen Diddelengerinnen an Diddelenger.

D'Madamm Kemp hat nach eng Kéier kuerz Réckfro geholl zu deene Budgeten, déi mer fir d'Kiermes virgesinn

hunn. Ech hat dat d'lescht Woch gesot, et ass engersäits d'Botzen, wou mer mussen do vun enger externer Firma maache loossen, d'Sécherheet, dat heescht engersäits de Gardiennage an eis Spiller loosse mer och elo vu Luxcontrôle ofhuelen, éier mer d'Dieren, souzesoen, opmaachen. An deementspriechend wollte mer déi Budgeten hei awer och en toute transparence eeben och do uweisen.

Den Hall polyvalent, jo, effektiv, et ass net esou ganz gënschteg, dass e just eemol de Weekend genotzt gëtt. Dat huet awer domadder ze sinn, dass mer dat Personal hunn, dat mer hunn. Wann ee freides zum Beispill eng Notzung do huet, da muss een där Associatioun an deem Veräin - iwwer 50% vun de Locatioune sinn Diddelenger Veräiner gewiescht, dofir ass och op der Recettësäit net esou vill erëmzefannen, well déi jo gratis sinn. Mir hu jo d'Taxereglement hei zesumme gestëmmt - wann déi dat da freides notzen, da mussen déi dat jo och iergendwann erëm raumen a botzen. Meeschtens geschitt dat am Laf vum Samschden an da misst jo theoreetesch erëm eng gemeinsam Visitt gemaach ginn. Da misst nach vläicht richteg, soen ech emol, geraumt a gebotzt gi vun eise Leit nach eng Kéier an deementspriechend nach eng Kéier d'Remise des clés un déi nächst Associatioun.

A mat deem aktuelle Personal, wou mer hunn, packe mer dat net fir dat besser ze maachen. Mir wëssen awer, dass dat do elo net optimal ass. A mir si jo amgaangen, nach Wäerter vun deem Ganzen, vun der Mise à disposition vun deem Hall polyvalent ze sammelen. A vläicht fanne mer an Zukunft eng besser Léisung. Mee am Moment, mat deem Personal, wat mer hunn, wéi gesot, mat deem Botze, wou do nach muss ronderëm gemaach ginn, mat dem Op- an Ofriichten, Ofhuele vun deem engen Schlëssel, deenen nächsten de Schlëssel ginn, ass dat alles net esou einfach, well mer eeben do verschidde Contrainten hunn an och d'Veräiner net ëmmer sou disponibel sinn, wéi dann eis Leit. An do muss een dat ëmmer fannen, wat, oder bezéiungsweis de Moment, wat net ëmmer sou einfach ass. Ech ginn Iech awer Recht, dass dat net optimal, optimal, optimal ass.

Nach vläicht e Wuert zum Här Gangler, deen hat e puer Froe gestallt zum Cup-System, bezéiungsweis zu de Becheren. Bon, engersäits hu mer déi 30.000 Euro fir eisen eegene Stock erëm à jour ze setzen, eeben do nozekafen. Dofir sinn déi Sue virgesinn. A mir mussen awer fir eis grouss Manifestatiounen, da si mer erëm beim Usina oder d'Fête de la musique, musse mer fir e Cup-System vu baussen eng Locatioun maachen. An Dir wësst et, d'nächst Joer ass jo och dat neit Gesetz, wat säit 2025 spillt, wou de Single use net méi erlaabt ass. Dat heescht, mir mussen och do an d'Locatioun goe vun Telleren, Schosselen, Besteck an änlechem Material. An do hu mer emol déi 120.000 Euro virgesi fir eis Festivitéiten ofzedecken. Voilà. Ech mengen, dass ech elo den Tour gemaach hätt.

Nach eng Kéier Merci fir déi grouss Zoustëmmung awer am grousse Ganzen. An ech géif dann d'Wuert weiderginn. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina, an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt dann op déi eenzel Remarken agoe vun de Conseilleren. Ech géif ufänke mat der Madamm Kayser, well si och als éischt jo dann dozou geschwat hutt. Dir sot eigentlech, zemools bei der Schoul Balzeng, dass mer d'Projete besser misste kontrolléieren, méi akribesch auserneenhuelen, well dat alles vill ze vill deier géif ginn.

Éischtens muss ech dozou soen, also et sinn e puer Saachen, wou ech dozou wëll soen. Mir hunn all Woch eng Reunioun mat der Firma, wou all Posten, dee kënnt an all Material, dat verwennt gëtt, éischtens vun eisen Techniker kontrolléiert gëtt. Ech selwer sinn och wéinstens eemol am Mount an de Reuniounen derbäi. Also ech mengen, datt mer do ganz, ganz kloer gutt kontrolléieren. An ech hunn och do vollt, vollt Vertrauen an eis Techniker, awer och natierlech an eis Architektin. An et ass net souwisou, wéi wann do Sue géifen einfach zur Fënster erausgehäit ginn.

Ech wollt awer e Beispill ginn. Firwat gëtt dat méi deier? Ech mengen, et ass e groussen Invest, dat wësse mer alleguer. D'Lenkeschléi, Dir hutt dat e bësse verglach, wat dat kascht huet. D'Lenkeschléi sinn éischtens 180 Kanner, dat war 2021. An ech wëll soen, d'Lenkeschléi, dat si 4.665 Meterkaree a Balzeng si 6.220 Meterkaree. An dann, wann ech kucken, de Ribeschpont, dat war dann am Fong dat lescht, wat mer och gemaach hunn, d'Maison Relais mat 180 Kanner, och dat war 2021. An 2021 war awer nun emol de Meterkibbspräis, de Bauvolumen, wou de Präis drop gerechent gëtt, bei 640 Euro. Mir leien awer mëttlerweil bei zwëschent 850 an 880 Euro. Dat ass e Risenënnerscheed. Dat kascht dann natierlech ganz, ganz vill méi Suen. Mee ech mengen awer, datt mer wierklech richteg gutt oppassen, wat eis Gebaier kaschten an och oppassen, datt do net driwwer geschloe gëtt.

Da vläicht zur Mise en conformité am Brill. Ech wëll dorobber agoen, ech wëll awer net esou laang dorobber agoen, wéi Dir, Madamm Kayser, dorobber agaange sidd. Et kann een e Projet och schlecht rieden, éier dee mol iwwerhaapt fäerdeg ass. Also, ech selwer war do ëmmer erëm mat Leit zesummen, déi dat zesummen ausgeschafft hu vun der Schoul. An do si mer op vill Doleancen agaangen. Datt dee Projet vun der Toilette bis zu der leschter Schoulbänk net gutt ass, dat ass elo dat éischt, wat ech héieren. An ech sinn do e bës-

sen iwwerrascht, datt eenzegt, wat ech gesot krut, an ech ginn dat och zou, dat wären d'Schoulbänken, do géif drënner eng Oflag feelen. Dat kann ech absolut verstoen, datt dat net gutt ass. Mee ech muss awer soen, soss ass de Projet wierklech schéin. Mir wäerten d'nächst Joer nach eng riseg Bibliothéik do maachen, wou d'Kanner kënnen dervu profitéieren. Mir hunn alles an de Gäng, et ass alles do, et si Vestiären do. Et ass just nach net fäerdeg, mir schwätzen hei nach ëmmer vun enger Situatioun, wou nach net fäerdeg ass.

Bon, Rëss am Plaffong, jo, Rëss am Plaffong, wësst Dir firwat déi entdeckt gi sinn? Déi sinn entdeckt gi, well mer falsch Plaffongen erofgeholl hunn, déi mer eigentlech net hätte missten erofhuelen. Mir hunn se erofgeholl a mir hunn dee Rass entdeckt. Ob mir elo méi Subsiden dofir kréien, well do e Rass am Plaffong ass, ech mengen dat kann ech hei net behaapten. Mir kënnen ëmmer nëmme froen, mee ech mengen, mir kréien do net ganz vill. Dat zitt awer och de Projet net an d'Längt. Dat heescht, et dauert doduerjer net méi laang. Mee ech kann Iech awer soen, d'Statik vum Gebai, dat kascht eis awer e bësse méi Suen, wéi mer virgesinn hunn.

Dann zum Container Brill. Do hat Dir gefrot: Wie geet herno dohinner? Et gëtt ëmmer vun 80 Plazen Agrement geschwat, déi mer do hunn. Am Prinzip hu mer dat duebelt, well mer den Agrement direkt op dat Ganzt Gebai gefrot hunn. Vu datt awer elo d'Schoul do ass, wäerte mer och nëmmen d'Hallschent dovunner kënnen notzen. Gëschter hat ech eng Reunioun mat der Direktioun vun eisem SEA. Wat warscheinlech do virgesinn ass, dat ass natierlech d'Balzenger Schoul, déi eriwwer kënnt, mee mir wäerten d'Maison Relais dann eis C-Kanner dohinner huelen, well et wierklech wichteg ass, datt d'Kanner net mussen Trajete maachen an hin- an hierwanderen. Dat ass awer elo eng éischt Reunioun gewiescht. Mir wäerten do fréizäiteg informéieren, wéi dat da geet. Natierlech, de Mobilier wäert dann och dem C1 ugepasst sinn an do kréie mer souwisou Subsides de premier équipement vum Ministère.

D'Transporter, jo, déi wäerte weiderhi gemaach ginn. Ech mengen, dat ass e Budget, deen net erofgeet. Firwat maache mer d'Transporter? Da seet een, jo, mir hu jo awer iwwerall eng Maison Relais. Mee ech muss awer soen, dass mer verschidde Ressorten hunn, wou mer méi Kanner an der Maison Relais hunn a verschidde Ressorten, wou mer der manner hunn.

Wann ech Lenkeschléi kucken, muss ech ganz éierlech soen, do si relativ wéineg Kanner an der Maison Relais. Duerfir bleift eis do ëmmer Plaz. Wa mer da wëlle Kanner eriwwerhuelen, da musse mer natierlech en Transport organiséieren. Och dat ass eppes, wat net wäert erofgoen. Et ass entweeder en Transport, mir féieren d'Kanner an der Mëttegstonn hin an hier, well mer do dee meeschten Drock hunn, oder mir refuséiere carrement, se ze huelen. An ech mengen, da wär kee frou heibannen. Duerfir transportéiere mer d'Kanner dann e bëssen hin an hier.

Dann zum Iessen an der Maison Relais. Jo, do kann ee ganz vill driwwer diskutéieren, ob dee Prestataire virdru besser war wéi deen elo. Mir gi reegelméisseg dohinner kucken. Mir hunn eis jo och berode gelooss vun där Consultance, déi mer do hunn. Déi geet iwweregens an d'Luucht, well mer d'lescht Joer nëmme véier Méint dran haten an elo e ganzt Joer awer si mat derbäi hunn, fir ze kucken.

Reklamatiounen iwwert d'Iesse wäerten et ëmmer ginn. Deem enge schmaacht et, deem aneren net, d'Kanner iessen näischt. Jo, ech hunn dat selwer materlieft, ech war do. Mee et muss een awer och soen, datt et och bei eis un eisem Personal ass, de Kanner mol ze soen, „Da schmaach emol" oder dat anescht ze presentéieren oder „Huel de Champignon eraus", wann e Champignon dran ass. Dat sinn alles Saachen, déi musse geléiert ginn. Ob dofir elo deen neie besser ass wéi deen alen, dat kann ech net soen. Ech kann Iech just soen, mir hunn eng europäesch Soumissioun gemaach, do hu sech Firmen gemellt. An, jo, dee wou mer elo hunn, war eng hallef Millioun Euro méi bëlleg. Also ech hätt net onbedéngt wéilten an de Krich zéien an deem soen „Pardon, du bass zwar méi bëlleg, mee mir huelen awer deen, dee mer bis elo haten". Mir mussen eis Erfarunge sammelen, mir mussen se natierlech och gutt am Grëff halen. Déi waren nach net bei eis. Mir wäerten och am Januar do eng Reunioun hunn, fir ze kucken, dass dat klappt.

Dann hat Dir gefrot, de Pédagogue curatif. Bon, dat ass am Fong e Pädagog, deen eng spezifesch Formatioun huet am Kader vu Kanner mat engem Handicap oder mat spezifesche Besoinen. Ech fannen dat ganz wichteg. Ech mengen, Dir wësst et selwer, Madamm Kayser, d'Fäll an de Schoulen an an de Maison Relaise ginn net manner an et kommen ëmmer méi Kanner derbäi, déi eeben e spezifeschen Encadrement brauchen. An hei ass am Fong déi Persoun, déi soll souwuel eist Personal wéi awer och d'Kanner begleeden, wa Problemer sinn.

D'Santé scolaire, déi maachen extreem vill Aarbecht am Alldag um Terrain. Ech wëll dat wierklech iwwerhaapt net a Fro stellen. Mir wäerten Iech dat, ech hat dat jo gesot, och an der Schoulkommissioun, am Januar presentéieren. Jo, mir schaffe ganz vill mat hinnen zesummen. Dat ass och eng gutt Zesummenaarbecht a mir wëllen déi natierlech och mat deem neien Team, dat mer en place setzen, nach verbesseren.

Pedibus, also ech muss soen, ech schwätze schonn zéng Joer iwwer Pedibus. Ech erfannen all Joer eng Kéier d'Rad nei, fir dann ze probéieren, fir et dann ze maachen. Ech wëll awer do soen, mir sinn trotzdeem amgaangen, mir sinn net fäerdeg. Ech kann dat och ganz kloer soen. Mir waren och op Kayl kucken, wéi si et maachen, mee si hunn nëmmen een Trajet. Si hunn ee Gebai, si hunn een Trajet, si hunn Encadranten, déi hu se 16 Stonnen agestallt. Dat ass ganz flott, dat fonctionéiert ganz gutt. Mir haten elo mol am Virfeld Reuniounen, wou mer eng Schoul en place wollte setzen, wou mer een Trajet sollte maachen, mat eeben den néidegen Encadranten. An do ware mer sage und schreibe bal bei 100.000 Euro. Vu datt mer alleguer

heibanne wësse wéi vill Schoulgebaier mer hunn, wéi vill Maison Relaise mer hunn, probéieren ech elo mol nach aner Weeër ze fannen oder weider ze kucken. Et ass net, datt mer et net wëlle maachen. Mee, wéi gesot, et ass net einfach. An ech mengen 100.000 Euro, bei esou vill Schoulen, wéi mir hunn, da si mer iwwert der Millioun an da sot Dir mer, ech géif ze vill Suen ausginn.

Service Jeunesse et Famille, dat war gefall. Dee Service mécht weiderhin d'Betreiung vun de Familljen, këmmert sech ëm de Frigo solidaire, mécht de Babysitting, Eltereschoul, mam Eltereforum hat en och Kontakt, d'Internetstuff. D'Leit kommen nach ëmmer bei hien, wann se eng Berodung brauchen, wann se ee brauchen, dee Nohëllef gëtt an an an. Ganz oft ass et awer esou, datt se Froen iwwer Wunnengen hunn. Am Laf vun de Gespréicher kënnt dat dann ëmmer derbäi. Dee Service mécht awer och relativ vill Aarbecht.

D'Indemnitéit, de Sekretär, d'Commissioun scolaire, Dir sidd frou, datt mer se ofgeschaft hunn. Ech muss Iech awer soen, mir mussen awer trotzdeem, mir hunn e Sekretär, mir mussen awer kucken, wéi mer dat dann elo maachen. Ech mengen, dee muss jo weider d'Aarbecht maachen, dat wäerte mer dann och kucken.

Dann huet d'Madamm Thoma vun der Crèche A Bëlleg geschwat. Jo, natierlech ass et wichteg, datt mer Crèchë bauen. Et ass natierlech ëmmer en extreem héijen Invest. Ech hunn e bësse ronderëm gekuckt, wéi aner Gemengen ënnerwee sinn. D'Stad Lëtzebuerg huet fënnef Crèchen, d'Stad Esch huet der zwou op hirem Site stoen. Et ass wierklech e grousse Problem. Bei de Gebuerten, déi mir hunn, vun 200 Kanner all Joer, ass et e grousse Problem, fir nozekommen an deem dote Beräich. An den Drock gëtt ganz héich, well d'Leit effektiv a private Crèchen enorm vill Geld bezuelen. An dat ass bei eis net de Fall. Bon, ech sinn elo frou, datt mer erëm eng drastoen hunn. A mir wäerten och weider an deem Sënn schaffen.

Den Här Meyer an d'Vakanzenaktivitéiten, Dir sot, well esou vill Ofmeldunge sinn, misste mir dann eng Participatioun bei den Eltere froen, wann se d'Kanner umellen an déi dann net kommen. Jo, dat ass eng gutt Iddi, ech fannen dat am Fong eng gutt Iddi, mee ech muss Iech awer soen, den Opwand, fir dat ze maachen, do musst Dir jo dann emol fir d'éischt e Reglement stëmmen, fir datt Dir de Leit iwwerhaapt däerft Sue froen. Wann dann d'Leit keng Suen hunn, da fänkt et un „Jo, wéi, ech kann déi 50 Euro net bezuelen", da fänke mer un an e Beräich eranzegoen, wou se da missten iwwert den Office social fueren. Ech fannen d'Iddi am Fong gutt, awer praktesch um Terrain maache mer eis enorm vill Aarbecht, da stelle mer erëm Leit an, fir déi Aarbecht ze maachen, fir déi ganz Dossieren op d'Been ze stellen. Duerfir, jo, mir hoffe jo, datt d'Leit iergendwa méi responsabel ginn. Oder vläicht misst ee mol eng Kéier engem Nee soen. „Du kënns elo net, du waars elo dräi Jore ugemellt, du bass net opgetaucht, da kënns de lo mol eng Kéier net". Dat ass allerdéngs de Moyen, dee mer hunn. Jo, ob mer dat da maachen, dat kann een eng Kéier diskutéieren.

D'Informatik, Dir hat et ugeschwat. Jo, effektiv, et kann net sinn, datt fir d'éischt d'Informatik an de Schoulen, déi Suen, déi do investéiert ginn. Mir hu säit 2017 2018 iPade kaaft. Ech muss soen, déi vun deene Jore mussen ersat ginn an dat si ronn 200 Stéck. Dat sinn der ganz vill. Dir wësst, wat esou en iPad kascht. An duerfir ass och deen héije Montant an de Schoulen. Mir maachen dat konsequent, fir ëmmer e bëssen à jour ze bleiwen.

Zu de Locations de logiciels, dat hat d'Madamm Kemp gesot, jo, dat kann net nëmme Lizenze sinn. Also ech hunn et och ganz am Detail, ech kann Iech et och elo ganz am Detail virliesen, wann Dir wëllt. Dat ass effektiv net nëmmen d'Lizenz, mee mir kafe jo och nei Programmer. Fir d'éischt, also dat Deierst vun deem, wat elo an d'Luucht geet, ass den Antivirus. Ech mengen, dee kascht 100.000 Euro méi, dat war d'lescht Joer net dran. Mir hu Cyberwatch, dat kascht 10.000 Euro. Den Office 365 zum Beispill, dee geet 40.000 Euro an d'Luucht. Dat si ganz vill Suen.
De Parcours citoyen, dat ass eppes, wat mer jo en place setzen, fir dem Citoyen ze hëllefen, wann en en Acte de naissance oder soss eppes brauch, dat sinn alles Saachen, déi kaschten 90.000 Euro. Dann ass ee relativ séier op där Augmentatioun. Et sinn 42 verschidde Produiten - ech hunn d'Lëscht hei leien, wann Dir se wëllt gesinn, ganz gär – also, 42 verschidde Lizenzeproduiten, nei Saachen, déi mer en place setzen. Et ass scho ganz vill. Dann, d'Acquisitiounen, do hat Dir gesot, do wären 2023 nëmmen 159.000 Euro gewiescht. Dir hutt 2024 net ernimmt. Mir hu schonn am Joer 2024 fir 570.000 Euro gehat. An dat hei ass nach déi weider Acquisitiounen, fir datt mer iwwerall mat de Maschinnen à jour sinn. Voilà.

Madamm Kemp, ech wollt just ganz kuerz dorobber agoen, Dir hutt iwwert d'CityApp geschwat. An do ass et esou, datt 5.521 Persounen do ugemellt sinn. Ech weess elo net, wou Dir un déi Chiffere koumt, mee mir hunn d'Chiffere kritt vun hinnen. Ech mengen och dat ass eppes, wou iwwer 5.000, also et si scho ganz vill Leit, déi deen Outil benotzen, virun allem de Report-it. Et ass eppes, wat ganz vill genotzt gëtt. Dann, Leasingantennen, do hat Dir och gefrot, ech hunn net genau verstanen, dat ass just iwwerdroe ginn. Dat ass fir d'Place Thierry van Werveke, do sinn se net fäerdeg gi mat den Elektreschaarbechten. Déi wäerten dann am Joer 2025 realiséiert ginn.

An da kéim ech nach just zum Amendement vum Här Steffen, dee jo en Amendement eragereecht huet fir d'Subventioun Interrail vun 72.000 Euro. Ech wäert herno am Detail natierlech dorobber agoen. Ech wär just ganz frou, wann Dir deen Amendement elo géingt zeréckzéien, well ech wëll herno d'Erklärung ginn, firwat mer dat net maachen. Wa mer wëllen e Budget asetzen, da kënne mer dat nach ëmmer am Oktober beim Budget rectifié maachen, da kënne mer e Budget asetzen. Mee hei 72.000 Euro, Dir gitt dovun aus, datt 300 Euro an den Avise vun de Kommissiounen drastinn. Dat ass net de Fall. Dir hutt d'Avise gesinn. Mee ech wäert herno méi am Detail drop agoen. Ech wëll elo net eng Navigation à vue maachen oder an eng Glaskugel kucken a soen, mir stëmmen hei 72.000



Euro no. Duerfir géif ech mengen, mir zéien en zeréck oder Dir zitt en zeréck oder mir stëmmen en net an dann am Budget rectifié kéinte mer dat maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries, d'Wuert geet weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hu mer de leschte Freideg soe gelooss vu menge Kolleegen, datt ech als Schäffen hei fir meng Interventioun bal véierzeg Minutte gebraucht hunn, op jidde Fall, fir d'Äntwerten op déi Froen, déi hei erakoumen haut de Mueren, geet et op jidde Fall net ëm véierzeg Minutten. An déi Begrëffer kuerz a knackeg si scho gefall. Ech wäert och meng Äntwerten haut wierklech kuerz a knackeg maachen, awer net well ech keng Loscht hunn, op alles ze äntweren, sondern, an da kommen ech zum Punkt, well ech festgestallt hunn, dass awer hei vun Säite vun der Oppositioun, egal wat fir ee Bord et ass, awer bei menge Ressorte plus minus eng grouss Iwwerteneestëmmung ass. Bon, deem enge geet et net séier genuch, deem anere geet et net wäit genuch, et kéint een den Akzent bësse méi dorop leeën, do sinn ech d'accord. An et ass och esou, dass ech d'Gewunnecht hunn, no deene Budgetsdiskussiounen de Rapport analytique vun deenen Diskussiounen hei eng Kéier och doheem a Rou ze liesen an dann och all déi Meenungen an Iddien a wat weess ech net alles vun der Oppositioun, mer awer nach eng Kéier a Rou zu Gemitt zéien an dann och dorobber hi wäert reagéieren. A wéi gesot, elo op verschidde Froe wäert ech dann awer trotzdeem méi prezis agoen.

Hei ass gefrot gi vun der Fotovoltaikanlag um Centre René Hartmann, Kooperativ, ganz kloer nee, well mir sinn der Meenung, dass mer solle vun deem Stroum, dee mer do produzéieren, fir den Eegeverbrauch vum Centre sportif René Hartmann, profitéieren, fir deen ze decken, well deen ass relativ héich. A wéi gesot, dee Stroum, dee mer do produzéieren, kënne mir selwer gebrauchen an net iwwert eng Kooperativ oder wat weess ech.

D'Green Events,. dat ass och e puermol gesot ginn. Mir als Gemeng hunn 2024 zwee Eventer gemaach, dat ass de Floumaart an dat ass eis Faires Frühstück. A wann ech da kucken, et ass och geschwat gi vun deenen 10.000 Euro, déi mer awer nach dëst Joer, respektiv 2025 am Budget virgesinn hunn, dann ass dat einfach dee Montant, dee mer an der Reegel haten, deen hu mer bäibehalen, well mer der Meenung sinn, dass jo d'nationaalt Gesetz den 1. Januar geännert ginn ass a mer mussen eis Veräiner nach eng Kéier zesummentrommelen, fir mat hinnen driwwer ze schwätzen. An ech weess, dass just ee Veräin dee Label dëst Joer ugefrot huet, dat waren d'Scouten. Dat heescht, do ass nach ganz, ganz vill Loft no uewen. Mir mussen, sinn ech der Meenung, als Service Ecologique an als Gemeng, eis Veräiner nach besser informéieren. Et muss een awer och soen, dass d'Hürde fir esou ee Green Label net kleng sinn. Deen administrativen Opwand, muss ech soen, ass fir Benevoller vu Veräiner relativ héich, fir net ze soen, deen ass Monster. An et ass dat warscheinlech déi Barrière, wou d'Veräiner soen, okay, dat doten doen ech mer net un. Duerfir bleift de Montant héich, well - wéi gesot - mir probéieren dann d'Veräiner awer nach eng Kéier op déi Schinn ze kréien.

Ech fuere weider mat mengem Ëmweltberäich. Et ass geschwat ginn, d'Projete Klimapaktfong, wat gëtt do finanzéiert. Jo, 2025, ech hunn et gesot, gëtt d'Fotovoltaikanlag vum Centre René Hartmann, mat 1.400.000 Euro aus deem Fong finanzéiert. An och eist Stadbegréngungskonzept gëtt 2025 aus deem Fong mat 100.000 Euro bezuschusst. Ech wëll awer och soen, dass mer scho an de leschte Joren ëmmer aus deem Klimapaktfong, dee mer awer jo vum Stad kréien, dass mer do awer scho munches finanzéiert hunn. Ech erënneren un den Nohaltegkeetsmasterplang, dee mer an de Joren 2019 bis 2022 mat ronn 410.000 Euro bezuschusst hunn. 2023 eis Energieplanung mat bal 85.000 Euro. An net zulescht eise Klimawandelupassungskonzept an eis Upassungsplanung vun 2023 bis 2024 hu mer mat bal 60.000 Euro aus deem Fong matfinanzéiert.

De Klimawandelupassungsplang ass och genannt ginn hei, an ech widderhuelen ech nach eng Kéier, dat ass Enn dëst Joer dann ofgeschloss. Déi Mesurë bezéien sech, wéi gesot, haaptsächlech op den Ëmgang mat Staarkreen an Hëtzt an éischt konkreet Moossname sinn och scho virgesinn. Mir hunn dat och am Klima-Team thematiséiert, respektiv et war d'Haapttheema vum Klimapaktdag a eng vun deene konkrete Moossnamen ass - a mir hunn et schonn e puermol hei erwäänt - d'nächst Joer ënner anerem eist Stadbegréngungskonzept.

D'Klimapakt-Leitbild ass och hei ugeschwat ginn. Wéi gesot, am Kader vun deem Klimapakt ass d'Aktualiséierung vum Leitbild an d'Ausschaffe vun engem Guide vu PAPe virgesinn. Zousätzlech sinn ënner anerem och Projeten, déi am Klima-Team gebuer gi sinn, virgesinn. Dat heescht, virun allem den Zougang zu de staatlechen a kommunalen Aiden ze vereinfachen, zesumme mat eisem Service Architecture et Domaines, dat heescht am Kloertext, do wann d'Leit eng Baugeneemegung froe ginn, kréien se schonn au départ déi Informatiounen, respektiv kënnen se och an d'Gréngt Haus goen. Do ginn se informéiert. An ech gesinn elo net onbedéngt , datt et néidegt wier, nach vläicht en extra Flyer ze maachen oder aner Informatiounen am Virfeld auszeginn. D'Leit, déi baue wëllen, wësse schonn, wou se wat froe ginn. An hei kréien se déi néideg Informatiounen. Et ass och geschwat gi vum Resilienzplang vum

Energiespuerplang, effektiv dee soll agefouert ginn, dat steet an eiser Schäfferotserklärung dran. Mir wäerten dat natierlech och esou wéi virgesi maachen.

Ech wëll awer betounen, dass eist Gréngt Haus am Moment e bëssen op der Felsch fiert. Dir wësst, dass den Daniel Hurt haut säi leschte Schaffdag huet, zum Beispill. Dann ass dee Posten da vakant. Mir hunn dee schonn eng Kéier ausgeschriwwen, mir hunn awer kee fonnt. Mir hunn en erëm eng Kéier ausgeschriwwen, soudass déi grouss Laascht vun deem ganze Service am Moment just um Lis Kloos senge Schëllere läit. Dat heescht, soulaang mer net Leit fannen, fir dee Service dann ze verstäerken, fuere mer do e bësse méi roueg, méi lues. Dat wëll awer net heeschen, dass mer eis Hausaufgaben net wäerte maachen. Mee, wéi gesot, ech hunn et schonn éischter gesot, et geet heiansdo net esou net esou séier wéi mer e wëllen, mee mir bleiwen drun.

Dann ass nach geschwat gi vum Logement abordable, d'Etude globale, déi 50.000 Euro. Logement abordable, Etude globale, oder op Däitsch, dat ass eng Bedarfsanalys. Dat maache mer zesumme mat eisem Logementsberoder, mam Bureau Zeyen + Baumann. Et ass och esou, dass mer dat 2023 am Budget mat 50.000 Euro virgesinn hätten, awer de Bureau Zeyen + Baumann konnt déi Stonnen, déi dofir geholl gi sinn, iwwert de Pacte Logement ofrechnen, soudass mir déi Suen net gebraucht hunn.

An deem Pacte Logement ass och de LISER dran, deen eis do ënnerstëtzt fir déi Bedarfsanalys ze maachen. A wéi gesot, d'Etüd ass esou gutt wéi fäerdeg a mat deem Montant, wou mer fir d'nächst Joer dran hunn, déi 50.000 Euro fir 2025, kann een dann déi Bedarfsanalys verfeineren, respektiv aktualiséieren. Wat ass déi Bedarfsanalys, fir et op lëtzebuergesch ze soen? Mee, et ass fir ze kucken, déi eidel Bauparzellen, déi eidelstoend Wunnengen, dass mer kucke mat de Proprietären, fir dat Potenzial, wat do net genotzt gëtt, fir dat kënnen ze benotzen, fir dass mer dann do effektiv do mam Logement e bësse virukommen.

De Minettkompost ass genannt ginn, do ass Follgendes, effektiv ass dat e Montant, deen ass op dräi Joer. Dat ass ganz nei, firwat ass dat ganz nei, ma am Fong geholl ass eist Presswaasser an de SIVEC gelaf, an d'Kläranlag vum SIVEC, an dat hu mer ni facturéiert kritt. Bis op eemol awer do ee wakereg ginn ass, an deen huet da gesinn, dass mir als Minettkompost, wat net illegal war, keen Theema, mee si hunn eis deemools ni eppes gefrot, well nämlech déi Gemengen, déi dem SIVEC ugehéieren, sinn och Member am Minettkompost. Ergo stells du dir - ënner Gänseféisercher - net onbedéngt direkt eng eege Facture aus. Trotzdeem hu mer elo, vu dass mer jo um Minettkompost dohi gaange sinn, eis Anlag ze erweideren, ze moderniséieren, hu mer elo Tanke virgesinn, fir dat Presswaasser selwer opzefänken. Dat dauert awer dräi Joer, bis dat alles fäerdeg ass, an an deenen dräi Joer wäerte mer dann dem SIVEC dann déi Fraise bezuelen, wou mer eist Presswaasser dann elo ofleeden, dat ass dann op all déi Gemenge vum Minettkompost ofgewälzt ginn, do gëtt et och e Verdeelungsschlëssel an d'Gemeng Diddeleng bezilt dann déi nächst dräi Joer 113.000 Euro, fir kënnen déi Fraisen un de SIVEC dann ze bezuelen. A wéi gesot, 2028 ass dat nëmmen de Fall, dann ass eis Anlag ganz fäerdeg an och déi Tanke sinn da fäerdeg, soudass mer dann do wäerten déi Suen net méi brauche virzegesinn.

Dann ass och geschwat ginn hei vun der Gestion des déchets, Kollekt Alpabeier a Glas, do hu mer am Budget 80.000 Euro virgesinn. Dat ass ëmmer eng Mëllechmeedcherechnung, mir wësse ni wou mer erauskommen, well all déi Saachen do, Alpabeier a Glas, dat gëtt op enger Bourse gehandelt, do falen d'Präisser permanent rop oder raf, meeschtens falen se awer erop, duerfir setze mer dee Montant dann emol an. Wou mer erauskommen, dat gesi mer eréischt Enn des Joers, dat ass e Wäert, wou mer opgrond vun de Berechnunge vun de leschten zwee Joer geholl hunn. Den Nic Krumlovsky, eise Mann um Terrain, deen hëlt dann d'Berechnung vun de leschten zwee Joer an hëlt dann e Mëttelwäert an dat sinn déi 8.000 Euro. Warscheinlech ass et ze vill, mee bon, wann et net gebraucht gëtt, da komme se jo an de Staatssäckel zeréck.

Projet MASIPAG, Klimabündnis, et ass och geschwat gi vun deene 5.000 Euro, mee déi si virgesinn am Kader vum Klimabündnis selwer, do hu mer jo en Artikel vun 20.000 Euro am Budget virgesinn, a vun deenen 20.000 Euro gi 5.000 Euro geholl, fir kënnen dee Projet MASIPAG ze finanzéieren. Et muss ee wëssen, d'Klimabündnis huet zwee, dräi esou Projeten an d'Gemeng Diddeleng hat sech deemools fir deen heite Projet entscheet. Dat ass eng Saach vu Solidaritéit mat deenen anere Leit.

D'Zigarettestëmp, vum Projet „Zéro mégot" ass och geschwat ginn, vun deem Budget vun 30.000 Euro. Et hat ee mer mol d'Fro gestallt: „Wat bréngt dat? Wat kënnt dobäi eraus bei där ganzer Geschicht ausser effektiv 30.000 Euro am Budget.?" Mee da kann ech Iech soen, dass mer e Kontrakt hu mat enger Firma, déi sech dorëms bekëmmert. Dat heescht, déi 30.0000 Euro, dat bedeit kafe vu festen Äschebecheren, vun deene mobillen Äschebechere fir op d'Fester. Et ass de Vidange an d'Botze vun deenen Äschebecheren a virun allem ass et de Recyclage, dat heescht d'Asammele vun deene Stëmp an se an d'Ausland féieren, fir ze recycléieren. An dozou wëll ech soen, mir hu bis elo 403.560 Megoten agesammelt. A vum Januar bis Oktober dëst Joer hu mer am Ganze schonn 147.000 Megoten agesammelt. Dat sinn 36,7 Kilo.

Dann ass nach geschwat gi vum Club Senior, vum Loyer a Charge-locative mat 25.000 Euro. Och dat ass e Montant, dee mer erasetzen, well mer och net wëssen, wou mer do erauskommen. Mir sinn an deem Gebai Proprietär, wéi nach ganz vill aner Leit Proprietär an deem Gebai sinn an dat ass eng Saach vum Dekont vum Syndic. An do kënne Saachen och eis duerkommen, wann zum Beispill, ech soen elo als Beispill, wann d'Chaudière muss ersat ginn, da muss jiddweree vun deene Proprietären opgrond vu senge Milliemmen dann do mat finanzéieren. A mir hunn dee Montant 2025 agesat. Ob mer dee ganz brauchen, weess och haut nach keen. Op jidde Fall d'Sue sinn do, wann eppes sollt



sinn. An duerfir ass dann déi Augmentatioun virgesinn. Ech géif proposéieren, dass dat elo alles war, wat ech hat, à première vue a géif ech soen, Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid. An dann ass et um Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP-SCHÄFFIN): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech géif vir ufänken, d'Madamm Kayser hat eng Fro zu der Musekschoul an den Abandone gestallt. Also, et ass esou, am Décompte final hu mer u sech 200.000 Euro manner kritt wéi an der Estimatioun. Dat wären ongeféier 8%, wat deen Abandon eis kascht. Dat ass allerdéngs esou, sot eisen Direkter, déi Abandonen, déi sinn nach ni iwwerholl ginn. Och net mam ale Gesetz, dat misst vun 1998 gewiescht sinn, dat Gesetz virdrun. Déi sinn nach ni iwwerholl ginn. An et ass awer eréischt zënter deem neie Programm, Dir kënnt Iech erënneren, d'lescht Kéier hate mer esou laang iwwert deen Informatikprogramm rieds, wou een dat eigentlech eréischt gesäit wéi vill dat ausmécht. An de Budget vun 2025, deen ass dann op dee reellen Dekont natierlech opgesat ginn. Et ass allerdéngs esou, dat Ganzt ass relativ technesch a mir erklären dat dann och ëmmer an der Museksschoulkommissioun unhand vun den Zuelen.

Ech hat d'lescht Kéier och gesot, datt net nëmme mir betraff sinn, mee eigentlech d'ganzt Land. Jiddereen, dee Museksunterricht huet, ass dovunner betraff. Dat eenzegt, wat geännert huet, dat ass, datt een elo déi Leit, wou zwëschent dem 15. September an dem 15. November ophalen, kann ersetzen duerch Leit, déi op enger Waardeléscht sinn, déi gëllen dann och net méi als Abandon. Wann ech soen, d'ganzt Land ass betraff, da kënnt Dir Iech virstellen, datt do nach aner Gemengevertrieder hannendru sinn, fir datt déi Abandone solle rembourséiert ginn, well ee jo och net weess, mir wësse jo elo nach net, wien hält de 15. Februar op, wien hält de 15. Abrëll op. Dat ass jo eng Glaskugel, mir wëssen dat net.

An net méi spéit wéi d'leschte Méinden hat och d'AEM, also d'Association des Écoles de Musique, schonn och eng Entrevue mam Syvicol. An ech weess, wéi gesot, ech krut dat geflüstert, datt an héijere Sphären dat doten och en Theema ass, parteiiwwergräifend, soudatt mer hoffen, datt do vläicht en neie Moment kënnt. Mee wéi gesot, ech wëll mech do net aus der Fënster leeën, well ech kann dat net decidéieren.

D'Madamm Ahmedova hat vun der Le'h geschwat, vum Couloir fir d'Mobilité douce an dass se sech géif wënschen, datt mer méi esou Projete géife maachen. Bon, ech mengen d'Madamm Dimmer sot et, wa mer véier Joer brauchen, fir eng Autorisatioun vun engem Environnement ze kréien, wa mer dann nach wëssen, datt mer mussen en Devis och nach stëmmen, datt mer d'Liwwerung vun deene Saache mussen erbäikréien an datt mer dat Ganzt och nach mussen installéieren, da wësst Dir wéi laang esou e Projet brauch. Also, ech soen Iech, ech hunn net wëlles nach 25 Joer hei sëtzen ze bleiwen, fir all déi Projeten duerchzekréien.

Mee Geck an den Eck, ech mengen, wa mer, wa mer där Plazen nach fannen, wou dat dote Sënn mécht, da kënne mer dat gäre maachen. Awer mam Hannergedanken, wéi laang et dauert fir esou e Projet kënnen ze realiséieren.

Dann hat Dir och vum Mois du respect geschwat. D'Madamm Kemp hat déi nämmlecht Fro gestallt. Wéisou mer do kee Subsid méi kréien? Also, et ass eigentlech esou, vu datt mer de Pakt ënnerschriwwen hunn, gi si dovunner aus, de Pacte à l'intégration, datt dat do mat dran ass. Mir hunn awer do nach eng Kéier nogehaakt bei der Famille an déi mengen da, mir kéinten awer eventuell ee Subsid kréien. Mee vu datt dat net sécher ass, hu mer dat net an de Budget mat drageschriwwen. Wéi gesot, mir wësse weeder gëtt et een, a wa jo wéi vill. Si hunn eis just gesot, datt se géife mengen, dee Mois du respect, deen hätt eng Envergure nationale, sou hu se dat genannt, an datt mer dofir awer vläicht kéinte mat eppes rechnen. Wéi gesot, dat steet nach an de Stären.

Dann zu der Madamm Thoma. Jo, ob et nach ëmmer néideg ass e Bändche fir eng Elektroborn duerchzeschneiden? Jo, eigentlech schonn. Ech mengen, et si Leit, déi hunn hei driwwer geschwat, datt ee misst d'Populatioun, de Bierger an d'Biergerin dozou incitéieren, sech en Elektroauto ze kafen, da musse mer hinnen och eigentlech weisen, datt se mëttlerweil eng Méiglechkeet hunn, hiren Elektroauto ze lueden, wa se keng Méiglechkeet doheem hunn. Ech mengen, den Här Martini hat dat och kuerz ugeschnidden. An dat ass nun emol eeben de Fall. Op d'Iwwersetzung ass de Buergermeeschter agaangen. Jo, Dir begréisst genau sou wéi mir, datt eise Parking mëttlerweil e ganz grousse Succès huet. Gëschter Owend war en um hallwer siwe voll. Dat huet warscheinlech domadder ze dinn, datt de Schäfferot op der Plaz am Duerf fir e gudden Zweck zerwéiert huet. Mee, wéi gesot, mir begréissen natierlech, datt deen elo gutt genotzt gëtt.

Zum TICE, zum Citybus, jo, dat ass effektiv esou, ech hat jo virdru mam Kapp gewénkt, wou Dir d'Fro gestallt hutt, datt 2025 dee Citybus nach ëmmer esou soll fueren, wéi e bis elo fiert. Et ass allerdéngs esou, mir hu jo déi Iwwergangskonventioun a mir wësse jo elo nach net, déi nächst Diskussiounsronn ass - ech hat d'lescht fälschlecherweis gesot, de 17. Dezember, ech hat mech am Datum geiert – den 19. Dezember ass déi nächst Diskussiounsronn mam Staat. Mir wësse jo elo nach net, wéini mer fäerdeg sinn. Ob mer nach eng Kéier vläicht mussen eng Iwwergangs-

konventioun maachen, fir d'Joer drop. Oder ob mer eng definitiv Konventioun kréien, fir eng ganz Partie Joren. De Staat, deen ännert ëmmer, an dat hutt Dir vläicht och elo matkritt, ëm Mëtt Dezember, ännert deen ëmmer säi Farplang. Soudatt mer elo net wëssen, wa mer scho fir d'Joer 2026 eng nei Konventioun hunn, ob dann och muss fir Enn Dezember schonn eise Citybus geännert ginn oder net.

Wéi gesot, dat ass eng Glaskugel, dat kann ech Iech elo nach net soen. Mee ech hunn d'lescht Kéier jo gesot, wa mer méi wëssen, da komme mer nach eng Kéier zeréck. Ech soen och nach eng Kéier dat, wat ech hei gesot hu virun e puer Méint wou och d'Responsabel vum TICE hei war. Also, et ass fir eis keng Optioun, datt et de Citybus net méi soll ginn. Dat eenzegt ass, kann den TICE iwwerhaapt weider fueren, nonobstant vun deem wat et eis u Budget géif kaschten. Mee et ass fir eis keng Optioun, datt et dee Citybus eng Kéier net méi soll ginn. Wéi gesot, et ass eebe just ze kucken, wien en herno fiert. An dorop, wéi gesot, setze mer dann eeben e Präis.

Den Här Meyer hat iwwert de Vël'OK geschwat, firwat do d'Käschten an d'Luucht gaange sinn? Bon, ausser der normaler Präisdeierecht, ech mengen, do brauch ech Iech elo kee Bild ze molen. De ganze Moien an de ganze Mëtten ass et iwwert déi normal Präisdeierecht hiergaangen. Do ass d'Informatik erneiert ginn. D'Kontabilitéit ass ugepasst ginn. Alles dat, dat kascht natierlech Geld. Dann hat ech d'lescht Kéier gesot, datt déi Vëloen, déi mer bestallt hunn, an dat sinn natierlech neier, an déi sinn natierlech och méi robust, déi waren d'lescht Woch nach net ukomm. Se sinn awer elo ukomm. A se sollen am Januar a Betrib gesat ginn. A wéi gesot, wa mer elo fir d'Joer drop der erëm bestellen, da sinn dat natierlech nach eng Kéier méi nei Modeller. An déi sinn natierlech ëmmer besser. Dat ass wéi wann Dir Iech en Handy virun zéng Joer kaf hutt, fir einfach e klengt Beispill ze ginn. Oder Dir kaaft Iech elo een. Da kann dee vun haut natierlech och méi wéi deen alen. An en ass waasserdicht a wat weess ech nach alles. An sou ass et och mat Vëloen, déi schonn eng ganz Partie Joren a Betrib sinn. Wat mir méi neier kréien, wat se manner ufälleg si fir Problemer.

Dir hutt gefrot, Abonnementer. Jo, do hate mer ronn 14% méi dëst Joer wéi d'lescht Joer a mir hu 708 Abonnementer. Dat ass ëmmer u sech op de leschte Mount, Enn November u sech. Dat sinn ëmmer déi aktuellst Zifferen, wou mer hunn. Wat gëtt esou vu Schued gemaach u Vëloen? Hei zu Diddeleng ginn u sech 30 Reparature pro Mount gemaach. Wann ech awer elo soen, Reparaturen, dat kann alles sinn. Dat kann eng Aachtche sinn, dat kann de Kierfche sinn, wou lass ass., dat kann d'Schell sinn. Dat ass queesch duerch de Gaart, wat dat esou ass. A queesch duerch de Süde hu mer eng 1620 Benotzer pro Dag. Ech menge schonn, datt dee Vël'OK och nach ëmmer net nëmmen eng solidaresch Aufgab huet, nämlech Leit auszebilden a vum Aarbechtsministère ënnerstëtzt gëtt, mee datt en och Sënn mécht, well e gutt benotzt gëtt.

Dann hutt Dir gefrot, d'Zon 30 an der Gaffelt. Dat hat ech, mengen ech, awer schonn eng Kéier hei gesot. Et ass esou, et ass net, datt mir dee Projet net maachen, mee mir kënnen en net maachen, well elo mol fir d'éischt d'Butschebuerger Strooss gemaach gëtt. A mir kënnen net déi zwou Stroossen zoumaachen. Dat ass einfach verkéierstechnesch net méiglech. Dat heescht, fréistens wann d'Butschebuerger Strooss fäerdeg ass, kënne mer deen dote Projet iwwerhaapt mol ugoen, soss geet guer näischt.

Dir sot och, eis Agents municipaux, am Volleksmond d'Pecherten, déi stinn ëmmer bei der Gaffelter Schoul. Bon, déi sti bei all Schoulen, moies a mëttes, an duerno maache se dann ëmmer hiren Tour duerch dee Quartier, wou se grad stinn. An da sinn déi Leit, déi esou frou sinn, wa se bei der Schoul stinn, net méi grad esou frou, well dat sinn dann déi, wou eventuell ee gepecht kréien, well se hir Vignette net hunn oder well se net ageheit hunn oder well se falsch stinn. Mee wéi gesot, si sinn um Terrain a si sinn och moies a mëttes bei den Schoulen.

Den Yves Steffen, jo, ech mengen hien huet sech selwer alleguerten d'Äntwerten zum Vëlo ginn. Ech begréissen, datt hie begréisst, wat mir maachen, an ech soen och Merci, datt hien deen Asaz ze schätze weess. Hien ass op d'Vëlosstroossen agaangen. Bon, do muss een natierlech kucken, wat Sënn mécht a wat ze realiséieren ass. An och wéi déi Leit an deene Stroossen dat gesinn. Also, mir wësse jo, datt eigentlech all déi Stroossen, wou et zwanzeg oder drësseg Kilometer an der Stonn ass, datt déi sech eigentlech eegene fir e Vëlo ze fueren. Wéi gesot, wann et enzwousch Sënn mécht, da kucke mir dat. An de Service Circulation ass och schonn domadder amgaang.

De Claude Martini ass nach eng Kéier op de Shared Space agaangen. Ob een deen net kéint d'ganzt Joer oploossen, dat war ëmmer u sech d'Propositioun vun der CSV. Bon, mir sinn eigentlech der Meenung, an dat widderhuelen ech allkéiers, d'nächst Kéier warscheinlech och erëm, wa mer e Verkéiersreglement dozou musse stëmmen, datt mer hei eng gesond Mëschung fonnt hunn, déi jidderengem Satisfaktioun gëtt. An de gudde Méint, wou d'Leit gäre flanéieren, eng Foussgängerzon an an deene méi schlechte Méint, wou d'Wieder net grad esou gutt ass, dass de, wann s de dann eng Parkplaz kriss, bis bei de Buttek bäikënns.

Zu den Elektrobornen, mir sollen der méi opstellen am Zentrum, sot hien. Mir sinn éischter der Meenung, datt een da soll uechter ganz Diddeleng maachen, well ech virdru scho gesot hunn op d'Interventioun vun der Madamm Thoma, datt jidderee muss dovunner kënne profitéieren. Virun allem déi Leit, an ech nennen do Leit, déi wierklech a klengen, enken, ale Stroossen, wunnen, um Deich, am Quartier Italien, déi vläicht net d'Méiglechkeet hunn, sech eng Born doheem ze maachen, datt déi awer no bei sech doheem kënnen hiren Auto lueden.

D'Polleren am Shared Space, wéi déi ersat ginn? Bon, dat hänkt natierlech ëmmer dovunner of, wat se hunn. Wann eppes futti ass um Poller, soen ech elo mol, kann dat natierlech op d'Garantie goen. Wann Dir natierlech mam Auto dra rennt, dann hoffen ech emol - a mir

erwëschen Iech - datt Är Assurance dofir opkënnt. An dat hänkt, wéi gesot, ëmmer dovunner of, wat um Poller dro drun ass, wien dat muss bezuelen. A wéi gesot, wann een dra rennt, ob mer erausfannen, wien et war, oder heiansdo, d'Leit melle sech och, gell, d'Leit ginn an de Büro a soen hei, ech sinn dra gerannt an dann iwwerhëlt och deem seng Assurance dat, dat war bis elo op alle Fall nach ni e Problem.

Op de Vël'OK, mengen ech, do sinn ech agaangen. Do hunn ech alles gesot. Nach eng Kéier, wéi gesot, déi Vëloe ginn ëmmer besser an ëmmer méi robust.

Dann, jo, de Late Night Bus an d'Stad, also mir si schonn der Meenung, datt dee weiderhi Sënn mécht, well mir hunn zwëschent 200 an 250 Jonker, manner Jonker, mir froe se net d'Carte d'identité, wa se do eraklammen, déi dee Bus pro Mount nach ëmmer huelen. An et sinn och nach, wat ech elo aktuell vun d'Zifferen hunn, eng ronn véierandrësseg aner Gemengen, déi dee Service och nach ëmmer weider ubidden. Soudatt mer eigentlech net gesinn, firwat mer deen net méi solle maachen. Ech mengen, dann hätt ech u sech alles gesot, wann ech eppes vergiess hunn, erënnert mech drun. Soss soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, och fir déi Punkten. Ech mengen, mir hätte probéiert, elo esou komplett wéi méiglech op déi verschiddene Punkten anzegoen. An, jo, och hei ware mer gutt zwou Stonnen ënnerwee. Mee bon, ech mengen, et goufe vill Froe gestallt, déi hu mer probéiert, zu Ärer Satisfaktioun ze beäntweren. Et ass eis och wichteg dann op Är Punkten anzegoen, déi Dir hei effektiv am Kader vun Ärer Presentatioun, respektiv vun de Froen, déi Dir stellt, eeben anzegoen.

Elo géif ech awer nach proposéieren, éier mer zum Vott iwwerginn, mir hunn nach zwee Amendementen zur Diskussioun. Engersäits par rapport zum Budget participatif, wou Dir effektiv en Amendement erabruecht hutt, datt vun 100.000 op 200.000. Euro, wou hei Propos läit, effektiv éischter 10% drop ze setzen. Also amplaz 100.000 op 110.000 Euro. Do wär et vläicht net schlecht, dass awer d'Auteure vum Amendement och Positioun dozou huelen. Respektiv par rapport zum Amendement vum Interrail Jeunes, wou effektiv hei d'Josiane Ries drop agaangen ass, fir deen an där Form net ze stëmmen oder d'Suggestioun vun engem Retrait vum Amendement en vue vun. Dir sollt elo d'Méiglechkeet kréien als gréng Fraktioun awer kënnen drop ze reagéieren. Dofir, ech weess net wie vun Iech wëllt drop agoen. Dir gitt Iech eens. Kuerz Concertatioun.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Also, et ass méi einfach, sech zu zwee ze concertéieren ewéi zu vill. Ech géif elo soen, ech géing déi zwee Amendementen dann hei kuerz virstellen. Deen éischten, dee géing ugepasst ginn, do ass Är Propos, dass mer deen op 110.000 Euro erofsetzen, amplaz vun dee gefuerderten 200.000 Euro, mat der Erklärung, déi mer kritt hunn, fanne mer dat gutt. Also dat liicht an. Bei deem anere Stoung am Raum, se zeréckzezéien, do géife mer dann einfach soen, vu dass mer den Amendement eragereecht hunn, behale mer de Vott einfach bäi, wëssend, dass dat doten Är Reaktioun wäert sinn. An, voilà, da brauche mer net vill driwwer ze diskutéieren, mir maachen elo de Vott einfach driwwer an da si mer gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Okay, gutt. Dat ass jo mengen ech wichteg, well da stëmme mer als éischt d'Amendementen of an dann herno gi mer op den de Budget rectifié an op de Budget initial.

Gutt, da vläicht dann d'Propos hei mam modifizéierten Amendement, deen eeben ass, dass mer de ***Budget participatif*** 110.000 Euro aschreiwen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech villmools Merci. Dann droe mer deem och an där doter Form am Initial 2025 Rechnung.

Da komme mer zum ***Amendement Interrail***. ***Wien ass mam Amendement averstanen? Dat si Stëmme vu Gréng, vun der CSV, vun déi Lénk, vun ADR a vun der DP. Wien ass net mat averstanen? Dat ass dann d'LSAP.*** Mee wéi gesot, d'Äntwert kënnt jo herno nach, par rapport eeben och zu der Fro, déi Dir gestallt hutt. Voilà. Dann hu mer dat gemeet.

Da géif ech awer dann zum Vott iwwergoen an ech géif mam ***Budget rectifié 2024*** ufänken. ***Wien ass mat deem, sou wien hei presentéiert gouf, averstanen? Dat si Stëmme vun der LSAP. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an den ADR. Wien ass dogéint? Dat ass dann d'DP, déi Lénk an d'CSV.*** Voilà.

Da géife mer op de ***Budget initial*** iwwergoen. ***Wien ass domadder, wéi den hei presentéiert gëtt, averstanen? Dat ass d'LSAP. Wien enthält sech? Keen. Wien ass dergéint? Dat ass dann de Rescht. Dat sinn déi Gréng, CSV, Lénk, ADR an d'DP.*** Villmools Merci.

# 8. URBANISMUS

**Approbatioun vum punktuellen Ännerungsprojet vum Plan d'Aménagement Général (PAG) vun der Stad Diddeleng, schrëftlechen a grafeschen Deel, betreffend zwee Sitten: de Logistikzenter vun der CFL an national wirtschaftlech Aktivitéitszon (Wolser H) [DOSSIER 5] a vum punktuellen Ännerungsprojet vum Plan d'Aménagement Particulier „quartier existant" (PAP QE) – schrëftlechen Deel an Ortungsplang, betreffend de Logistikzenter vun der [DOSSIER 5] begräifend :**

**1. PAG – Decisioun iwwer de schrëftlechen an de grafeschen Deel**

**2. PAP QE - Decisioun iwwer de schrëftlechen Deel an den Ortungsplang**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënnert dem Punkt Urbanismus geet et ëm d'Approbatioun vum punktuellen Ännerungsprojet vum PAG, par rapport zum Logistik-Zenter vun der CFL an der Zone d'activité économique nationale Wolser, an awer och de PAP Quartier existant, Partie écrite. Ech begréissen dofir och hei an eiser Ronn vun eisem Service Architecture et Domaines d'Eva Gottschalk. Bon, ech erspueren lech elo d'Presentatioun vum Projet, well mir haten dee jo schonn hei am Gemengerot. Et geet ëm den nationale Logistikzenter vun der CFL, wou och e Formatiounszenter hi kënnt, wou alles fréschgemeet och gëtt. Mir haten hei am Gemengerot dee Projet, wéi gesot, presentéiert. Dat war am Juni 2024, wou mer dat hei haten. Do hu mer de Projet an d'Prozedur geschéckt. Mir haten effektiv en Aushang, mir haten och eng Informatiounsversammlung geplangt am Kader vun der Modifikatioun vum PAG, awer si ganzer null Bierger komm.

Dann och weider keng schrëftlech Observatiounen, déi am Kader vun der Prozedur erakomm sinn. Parallel, an dat muss ee soen, och de Ministère de l'Intérieur de Projet favorabel aviséiert huet, weider keng Remarke gemaach huet zu der Partie écrite a graphique vum PAG. Dann hate mer och de PAP-Quartier existant an d'Prozedur geschéckt, sou wéi och d'Gesetz dat virgesäit an och do krute mer e positiven Avis vun der Cellule d'évaluation vum Interieursministère. Do goufen et och weider keng Reklamatioune vun de Bierger. Dir hutt alleguerten d'Dokumenter virleien, esou dass am Fong mat alleguerten deene positiven Avisen a keng Reklamatiounen, déi virleien, de Wee fräi ass, fir a priori hei deem Projet gréng Luucht ze ginn, fir dass dann d'CFL déi néideg Aarbechte kann an Ugrëff huelen, fir dee Logistikzenter hei um Territoire vun der Stad Diddeleng ze maachen. Sinn nach Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deene Modifikatiounen averstanen? ***Dat ass unanime***, da soe mer lech villmools Merci, an och dem Eva Gottschalk fir seng kuerz Presenz hei am Gemengerot. An da komme mer weider op de Punkt 9 vun eisem Ordre du jour.



# 9. KONSULTATIV KOMMISSIOUNEN

**Approbatioun vu Modifikatiounen an der Zesummesetzung vu konsultative Kommissiounen**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Domat gi mer iwwer zu de konsultative Kommissiounen. Dat ass hei de Groupe de travail Promotion du centre commercial, deen ëmmer zesummegesat ass, klassesch, aus Vertrieder vum Schäfferot, vum Geschäftsverband a vu Mataarbechter vun der Gemeng, an do si just Changementer, déi stattfonnt hunn um Niveau vum Geschäftsverband. Nei dobäi wier hei dann nieft dem Member vum Schäfferot, de President vum Geschäftsverband, den Här Gledis Kryeziu, an och den Här Alphonse Wirtz, dee géif dobäi kommen, sou dass am Fong fënnef Vertrieder vum Geschäftsverband dobäi wieren. Déi hunn och bis elo net changéiert. An dann d'Madamm Mambourg, den Här Leners an den Här Steichen, vum Gemengepersonal. Dat zu der Presentatioun vun dësem Groupe de travail, wou am Fong just zwee Membere vum Geschäftsverband ausgewiesselt ginn.

Si Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall, kënne mer dann doriwwer ofstëmmen, ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer lech villmools Merci an da komme mer op d'Personal.



# 10. PERSONALWIESEN

**10.1. Kreatioun vun enger Gemengeemployésplaz mat vollem Aufgabeberäich, Indemnitéitsgrupp B1, Ënnergrupp Educatioun a psychosozial Betreiung (Jugendhaus).**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Kreatioun vun engem Poste vum Employé communal am Jugendhaus an do géif ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci fir d'Wuert, ech hat dat scho beim Budget ugedeit. Dir wësst, datt d'Jugendhaus ëmmer méi Jugendlecher kritt, déi dohinner kommen, sief dat um Terrain vun der Stad Diddeleng, wou mer ganz vill och Aktivitéiten dobausse maachen, oder am Jugendhaus. Mir hate schonn d'lescht Joer iwwert d'Konventioun mam Ministère eigentlech de Posten zougesprach kritt. Mir hunn awer elo déi Ekipp esou gelooss, wéi se war, an elo wär et flott, wa mer awer ee géife fir d'nächst Joer bäikréien, an duerfir maache mer hei eng Création de poste, déi natierlech zu fofzeg Prozent vum Ministère iwwerholl gëtt an zu fofzeg Prozent vun der Gemeng Diddeleng.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir déi gutt Presentatioun. Si Remarken oder Froen dozou? Ass de Gemengerot domadder averstanen? Jo? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

**10.2. Kreatioun vun enger Gemengenemployésplaz mat vollem Aufgabeberäich, Indemnitéitsgrupp A2, Verwaltung, a Sträiche vun enger Gemengenemployésplaz mat vollem Aufgabeberäich, Indemnitéitsgrupp A3, Verwaltung a Sträiche vun enger Gemengenemployésplaz mat vollem Aufgabeberäich, Indemnitéitsgrupp A4, Verwaltung., Vollzäit, Indemnitéitsgrupp B1, Verwaltung (Kommunikatioun a Presseaarbecht)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, wat d'Personal ugeet an der Séance publique, an dass d'Kreatioun vun engem Employé-communalsposten, Groupe d'indemnité A2 an eisem Service Communication et Relations Presse, dat ass och e Punkt, dee mer herno am Huis clos hunn, ma fir dat awer hei ze soen, hei geet et ëm eng Mataarbechterin, déi schonn am Service ass, déi schonn eelef Joer am Service ass, déi am Employé-communalsposten un enger B1-Karriär ugegliddert ass, déi awer, wéi gesot, e Bachelor huet, also A2, an déi hei no eelef Joer gefrot huet, ob se kéint an den A2-Poste kommen, also Bac plus dräi, dass mer hir dat, wéi gesot, urechnen. Bon, vu dass se och d'Konditiounen erfëllt an no eelef Joer, wou se och an der Karriär awer ass, an och awer ganz kloer gewisen huet am Service, wat se bréngt, wär dann och hei d'Propos, deementspriechend déi Création de poste ze maachen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Dat ass jo eppes, wat mir eeben net esou gären hunn, wann een am Fong e Poste sur mesure och mécht. Mir hunn absolut guer näischt géint déi Persoun, déi eng valoréis Aarbecht mécht. Ech mengen, mir schaffe jo och mat hir zesummen. Et geet guer net, guer net dorëm, mee et ass dat, wat mir ëmmer soen, wann ech mech op en Infirmièresposte mellen an no e puer Joer soen, ma ech sinn awer Dokter, dann hätt ech awer och elo gär d'Pai vum Dokter, dat geet net an dat ass an eisen Aen net ganz korrekt. Quitte dass dat virgesinn ass am Gesetz vun de Gemengen, fanne mer dat bëssen onglécklech. Eng zweet Fro, déi och an der Diskussioun mat eisem Kommitee dunn opgetaucht ass, wa mer lo déi Création de poste maachen, misst een dann net dee Posten och ausschreiwen, fir dass och aner Leit sech da kënne legitimmerweis op déi Poste mellen? Ass dat geschitt oder hu mer wierklech hei esou e ficeléierte Poste sur mesure gemaach, dass wierklech just een a Fro kënnt? Mee, wéi gesot, virun allem nach eng Kéier, ass et ausgeschriwwe ginn, konnten sech och aner Leit mellen, hunn sech aner Leit gemellt, wéi ass dat virgaangen?An, wéi gesot, mir hu kee gutt Gefill dobäi, well mir fannen dat net glécklech. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Sinn nach weider Froen? Gutt, also, wéi gesot, hei ass eng Création de poste, dee Poste gouf intern ausgeschriwwen. Déi Madamm erfëllt d'Konditiounen, déi huet sech dee Moment effektiv op de Poste gemellt, wéi en ausgeschriwwe war virun eelef Joer. Do war et awer de Posten als Primaner. Si huet iwwert déi lescht eelef Joer gewisen, dass se am Service gutt Aarbecht geleescht huet, dass se och zouverlässeg war an dat heiten ass deementspriechend och Rechnung ze droe par rapport zu hirer Formatioun. Ech mengen, mir hunn dat schonn déi eng oder déi aner Kéier och gemeet, eebe grad och bei Leit, déi iwwert Joren op engem aneren Niveau rekrutéiert goufen an awer hiert deementspriechend am Service geleescht hunn. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, datt ech nach eng Kéier nohaken: Dee Posten, dee gouf jo ganz nei kreéiert. Geet dat dann, dass een dee just intern ausschreift, ass dat dann net eppes, well dat jo awer schliisslech A2 ass, dass een deen och ëffentlech muss ausschreiwen? Also, wéi gesot, nach eng Kéier, et geet absolut guer net géint di Persoun, déi hei a Consideratioun gezu gëtt. Mir wëssen, wéi hir Zouverlässegkeet ass, mee et geet ëm de Prinzip, dass mer dat eeben e bëssen onglécklech fannen, wa mer dat esou maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Also, wéi gesot, dat heiten ass jo eng besteeënd Persoun, déi ass intern consideréiert an dofir kënnt se op deen heite Posten, mir hunn hei net e Recrutement externe gemeet, dass aner Leit sech drop mellen. Et geet jo ëm déi heite Persoun, déi no eelef Joer dat ufreet. Et ass jo net, dass mer eng zousätzlech nei Persoun hei rekrutéieren, wou op de Service zousätzlech Personal dobäi kënnt, dat ass jo net d'Ausriichtung vun deem heite Posten, well hei kënnt jo déi Persoun an déi nei Karriär an hiren aktuelle Poste gëtt ofgeschaaft. Et ass net, dass mer en neie Posten an de Service setzen, mee et ass eng Réévaluatioun vum Posten, wou déi Persoun drop sëtzt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt nach eng Kéier, datt ech nohaken: Dir sot, hire Poste gëtt dann ofgeschaaft, dann ass et jo keng Kreatioun vun engem Posten, dann ass et jo en - wéi seet een dat - en Amendement oder eng Conversion de poste?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Nee, nee, nee, dat ass jo eng Kreatioun vun engem neie Posten an enger anerer neier Karriär. An de Poste gëtt jo ofgeschaaft, an der Evaluatioun gëtt de Poste jo ofgeschaaft, also do, wou se aktuell dran ass, dee gëtt jo dann ofgeschaaft.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn dat awer elo hei net fonnt, dass dee géif ofgeschaaft ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dach. Do steet „Supprimer un poste", do steet "de créer un poste d'employé communal à raison de 40 heures, groupe d'indemnité A2, de supprimer un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1".

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah jo, dat hat ech net gesinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà. Da géif ech zum Vott iwwergoen. ***Wien ass mat där Kreatioun averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun déi Gréng. LSAP, DP, ADR, Lénk. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV.*** Villmools Merci, da géinge mer op deen nächste Punkt iwwergoen.



# 11. DAGESUERDNUNGSPUNKT VUN DER FRAKTIOUN DÉI LÉNK: „VIRWËRF VUN ENGER GEWERKSCHAFT ZUR PERSONALPOLITIK VUN DER GEMENG DIDDELENG"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëst ass e Point à l'ordre du jour vun der Fraktioun vun deene Lénken. Dat ass effektiv d'Positioun vun der Gewerkschaft. Par rapport zu der Personalpolitik vun der Gemeng Diddeleng. An da géif ech dann der Madamm Thoma d'Wuert ginn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci, Här Buergermeeschter. Als déi Lénk si mer eis bewosst, dass et net immens glécklech ass, esou e Sujet no stonnelaange Budgetsdiskussiounen a kuerz virun Enn des Joers elo nach mussen hei ze diskutéieren. Genau esou si mer eis bewosst, dass et hei ëm d'Personalfroe geet, an dat selbstverständlech e ganz sensibele Sujet ass. An dowéinst wëllt ech mat engem positiven Akzent ufänken. Als Gemengeréit si mir virun zwee Méint an engem Huis clos iwwert d'Decisioun vum Conseil de discipline informéiert ginn. A wéi de Buergermeeschter dat och op enger Pressekonferenz gesot hat, gouf et doropshin eng laang an oppen Diskussioun. E Huis clos ass e Huis clos an deen ass vun eis alleguerten ze respektéieren. Dowéinst ass et nu mol esou, dass eis Partei, an ech ginn dovun aus och all déi aner Parteien, déi hei vertruede sinn, eréischt e Méinden duerch d'Press gewuer gi sinn, wat eng Gewerkschaft hei dem Schäfferot virwërft.

A fir déi Lénk war et kloer, dass wann esou schwéier Virwërf géint d'Gemeng am Raum stinn, se och eng Kéier mussen hei thematiséiert ginn. Et ass och wouer, dass dat net ganz einfach ass, grad och fir de Schäfferot, well wärend d'Gewerkschaft ka relativ oppe kommunizéieren, sidd Dir, sou wéi mir alleguerten och, un de Huis clos gebonnen a kënnt net onbedéngt alles soen, wat Dir vläicht gäre wéilt soen. De Kader gëtt gesat vun enger Affaire disciplinaire géint d'Beamten, déi viru e puer Joer suspendéiert goufen. Ob déi Suspensioun gerechtfertegt war, ob déi Beamte Feeler gemaach hunn a wa jo, wéi grav déi waren, dat alles kënne mer haut hei net debattéieren. Dat ass eng lafend juristesch Prozedur an an déi kënnen a wëlle mer eis hei och net amëschen.

Am Raum sti jo ënner anerem Virwërf vu Rassismus a Belästegung. A wann déi Virwërf sech sollte bestätegen, dann ass dat op alle Fall e Verhalen, dat net ze rechtfäerdegen ass an dat mer nëmme kënne verurteelen. Dëst gesot, stinn awer aner Virwërf géint de Schäfferot an domat géint d'Gemeng am Raum, déi och grav sinn an déi mussen debattéiert ginn. Et gëtt behaapt, dass e ganze Service ënner Generalverdacht gestallt gouf. Dass de Mataarbechter hir Büroen duerchsicht goufen, Schief an Tiräng duerchwullt goufen, ouni dass si selwer dobäi waren. Handyen a Laptoppe solle confisquéiert an zum Deel privat Donnéeën analyséiert gi sinn. A finalement sollen d'Mataarbechter stonnelaang verhéiert gi sinn, ouni dass se konnten e rechtlechen oder gewerkschaftleche Bäistand dobäi huelen. Wann déi Virwërf stëmmen, an ech wéisst net firwat eng Gewerkschaft dat sollt erfannen. Wann déi Virwërf also sollte stëmmen, da wier dat ganz grav. An da musse mer doriwwer hei schwätzen. Egal wat déi Mataarbechter sech sollen zu Schold komme gelooss hunn, esou kann an däerf e Patron net mat sengem Personal ëmgoen. Mir liewen hei an engem Rechtsstaat, an do gëtt et nun emol Reegelen, déi anzehale sinn an den Zweck heiligt net all Mëttel. A wa mer dem Communiqué vun der Gewerkschaft kënne gleewen, da gesäit de Conseil de discipline dat d'selwecht. Deemno wieren déi Mesuren onverhältnesméisseg gewiescht.

Et gëtt Iech och virgehäit, géint d'Dateschutz an d'Aarbechtsrecht, a souguer déi europäesch Mënscherechtskonventioun verstouss ze hunn. Wann esou Virwërf net géint eng Gemeng, mee géint e private Betrib erhuewe gi wieren, da stengen d'Gewerkschafte scho mat de Fändele virun der Dier. An ech wëll Iech net ze no trieden, mee Här Buergermeeschter, vläicht géingt Dir zesumme mat mir an der éischter Rei do stoen. Et si grav Virwërf, an ech verstinn, dass Dir musst oppassen, wat Dir sot, grad well eng Prozedur am Lafen ass. Mee wann näischt un deene Virwërf drun ass, wann Dir sécher sidd, d'Rechter vun de Mataarbechter a vun hire Personaldelegéierte respektéiert ze hunn, da musst Dir zumindest dat kloer soen, an Dir kënnt net déi Virwërf am Raum stoe loosse bis Mokuchsdag. Well am Moment gëtt d'Diddelenger Gemeng dobaussen am selwechten Otemzuch genannt wéi aner Gemengen, an deenen d'Lompe sténken. Ech nennen elo hei just Konter. Eis bleift elo näischt aneres iwwereg, wéi ofzewaarde bis d'Prozedur mam Verwaltungsgeriicht ofgeschloss ass. Spéitstens da musse mer ee Bilan zéien.

E politesche Bilan, falls sech sollt erausstellen, dass déi Virwërf vun der Gewerkschaft wouer sinn an de Schäfferot géint d'geltend Recht verstouss huet. An egal wéi e finanzielle Bilan. Laut Budget hate mer am Joer 2022 ronn 400.000 Euro méi Frais d'expertise fir en Audit informatique wéi déi aner Joren. Ech gi mol dovun aus, dass dat keen Zoufall ass. Wa mer d'Affekotekäschten an d'Paie vun de Mataarbechter dobäi rechnen, déi säit zwee Joer suspendéiert sinn, komme mer warscheinlech no un eng Millioun Euro. Kënnt Dir eis vläicht och ongeféier déi Gréisstenuerdnung do confirméieren, wannechgelift oder och net? Dobäi kommen déi zousätzlech Käschte fir de Recours. À propos, dozou hat ech nach eng Fro: Ass dee Recours suspensif? Also, gëllt d'Suspensioun vun de Mataarbechter weider wärend der ganzer Dauer vun der Prozedur vum Recours? Hei wiere mer och frou eng eendeiteg Äntwert ze kréien.

Här Buergermeeschter, ech hunn dëse Punkt am Numm vun déi Lénk op den Ordre du jour setze gelooss, mee net fir domat Parteipolitik ze maachen. Dofir hate mer an deene leschte Stonne wärend de Budgetsdiskussiounen elo méi wéi genuch Zäit. Eis war wichteg, heiriwwer ze diskutéieren, net fir de Schäfferot hei iergendwéi ze kritiséieren, mee fir ze weisen, dass d'Personalpolitik an d'Wuelbefanne vun de Mataarbechter eis all eppes ugeet. Dir hutt et d'lescht Woch an der Presentatioun an och haut nees gesot: „D'Gemeng Diddeleng setzt op eng staark Fonction publique, fir d'Gemeng schaffen am Moment 785 Leit ouni d'Enseignantë matzezielen a mir kënnen op engagéiert, motivéiert a gutt ausgebilte Personal setzen", dee mer jo hei och reegelméisseg felicitéieren, fir de gudde Service um Bierger a fir eis Gemeng.

An deem Kontext kënne mer och net déi Kommentarer stoe loossen, déi virun allem elo op de Soziale Medien als Reaktioun zu de Virwërf vun der Gewerkschaft opkomm sinn. „Huet elo mol een deene lidderege Fonctionnairë gesot, se missten eppes schaffen?" Wien huet net scho mol e schlechte Witz iwwer Fonctionnairë gemaach? Ech mengen awer, dass mer eis heibannen eigentlech alleguerten eens sinn, an dat och mussen awer kloer esou kommunizéieren, dass d'Personal vun der Gemeng, d'Fonctionnairen, d'Employéen an d'Salariéen eng gutt a wäertvoll Aarbecht leeschten an net bezuelt ginn, fir de ganzen Dag an der Hängematt ze leien. Mir mussen awer och, mengen ech, nach op e leschte Virworf agoen, dee vun der Gewerkschaft géint d'Gemeng formuléiert gouf. An zwar, dass net nëmmen e punktuelle Problem am Informatiksservice opkomm ass, mee dass et och an anere Servicer Mëssstänn gëtt an e schlecht Aarbechtsklima herrscht. Dat ass natierlech elo ganz vag. An elo kann een dat einfach als net fondéiert ofdoen. Mee dat wier awer net éierlech.

Wann ee mat Leit schwätzt, Leit, déi hei geschafft hunn, Leit, déi ee kennen, deen hei schafft, Leit, déi haut hei schaffen, da kritt een ëmmer nees ze héieren, dass d'Stëmmung beim Personal net gutt ass. Grad an de leschten Deeg gouf ech vu ganz ville verschiddene Leit ugeschwat. A wann ech misst eng Lëscht opstellen, da wier et éischter vun deene Servicer, wou ech net gesot krut, dass d'Leit onzefridde wieren, well dat géing da méi séier goen. Viru Méint ass emol e Politiker aus enger Nopeschgemeng bei mech komm an huet mer am Witz gesot, si misste geschwënn e spezielle Service opmaachen, fir all déi Leit opzehuelen, déi vun Diddeleng wëlle fort. Ech weess, dat kléngt elo dramatesch, dat kléngt elo opgebauscht. Mee ech soen dat definitiv net fir Polemik hei ze maachen. Ech soen et, well et iergendwann eng Kéier muss ugeschwat ginn an déi äusser Ëmstänn hunn dozou gefouert, dass dat elo leider haut an hei ass. Well et ass net schéin, wann d'Stëmmung op der Aarbecht net gutt ass. Wann d'Leit iwwerlaascht sinn, d'Gefill hunn, dass hinnen net nogelauschtert gëtt, hir Virschléi ignoréiert ginn oder se keng serië Äntwert op Ufroe kréien.

Mee nach vill méi schlëmm ass, wann d'Hierarchie déi schlecht Stëmmung net unerkennt. Wann ëmmer, an op Dauer, esou gemaach gëtt, wéi wann dat net esou schlëmm wier a wéi wann dach alles an der Rei wier. Dir wësst, dass ech selwer Personaldelegéiert sinn an ech hat net méi spéit wéi dës Woch duerch Zoufall eng Formatioun, wou et genau doriwwer gaangen ass.

Toxesch Positivitéit féiert dozou, dass d'Mataarbechter d'Vertrauen an d'Hierarchie verléieren, d'Motivatioun ofhëlt an dass d'Mataarbechter souguer kënne krank ginn. An do huelen ech elo eis alleguerten, déi nonzéng, wéi mer hei sëtzen, an d'Verantwortung. Well zumindest wat d'Fonctionnairen an d'Employéen ugeet - fir d'Salariéen ass jo laut Gesetz just de Schäfferot zoustänneg. - fir d'Fonctionnairen an d'Employéë si mir, all d'Gemengerotsmemberen, de Patron. An domat si mir och alleguer verantwortlech fir déi Leit, déi hei schaffen. Et ass eis vläicht net ëmmer bewosst, mir stellen d'Leit an, heiansdo promouvéiere mer se, an iergendwann accordéiere mer hiren Départ en retraite oder hir Kënnegung. An da war et dat. Dat läit e bëssen an der Natur vun der Saach. Mir kënne schlecht Abléck hunn an dat alldeeglecht Geschäft. Et ass scho e puermol hei gesot ginn, de Gemengerot ass net de Schäfferot an dat soll och esou bleiwen. Zu Diddeleng gëtt et awer zwou Schwieregkeeten oder Komplexitéiten. Zum engen ass et eng Realitéit, dass säit iwwer 70 Joer eng eenzeg Partei hei d'Soen huet. Dofir ka keen heibannen, mol net d'LSAP selwer. Dat ass eleng dem Wieler säi Choix an doru gëtt et och näischt ze änneren. Et ass awer kaum ze vermeiden, dass esou eng Alleinherrschaft vun egal wéi enger Partei mat der Zäit zu ganz speziellen Dynamike féiert. An deem musse mer eis einfach bewosst sinn.

Déi zweet Schwieregkeet besteet doran, dass dee fir d'Personalpolitik zoustännege Schäffe gläichzäiteg Deputé-Maire ass an doduerch momentan um Pabeier theoreetesch fir 60 a geschwënn esouguer 80 Stonnen all Woch Aarbecht usammelt. D'Minettsdepp si Schafferten, mee ob bei esou enger Charge de travail nach déi néideg Zäit fir d'Personal bleift, kann ee sech awer froen. Och dat läit allerdéngs net an der Hand vum Gemengerot, mee et ass dem Schäfferot iwwerlooss, wéi e sech wëll organiséieren. Als Gemengerot musse mir allerdéngs eis eegen Hausaufgabe maachen. An dozou gehéiert d'Kontrollfunktioun par rapport zum Schäfferot. A verschiddene Beräicher maache mer dat scho ganz motivéiert. Mee hei brauche mer vläicht déi néideg Instrumenter, fir eiser Responsabilitéit och kënne gerecht ze ginn. Als alleréischt bréichte mer mol en aktuellen Organigramm fir dass mer zumindest wëssen, wéi d'Servicer opgebaut si mat hiren transparenten Hierarchien: Wie wou schafft?

Da froen déi Lénk scho säit Joren d'Schafung vun engem Conseil de recrutement, an deem all Fraktioun vertrueden ass an déi kann aktiv an transparent um Astellungsprozess bedeelegt ginn. Eng interessant Iddi wier awer och d'Schafe vun enger Personalkommissioun, an där och all Fraktioun vertruede wier. An déi - am Huis clos natierlech - kéint gemeinsam de Besoin u Personal evaluéieren a vum Personal oder senger Delegatioun kéint kontaktéiert ginn, am Fall vu Reklamatiounen, Divergenzen oder anere Problemer vis-à-vis vun der Hierarchie oder hire Virgesetzten.

Esou kéint garantéiert ginn, dass d'Mataarbechter sech kéinte vertrauensvoll un hir Hierarchie, an zwar hir Hierarchie an hirer ganzer Diversitéit, wenden, soudass mer all kéinten a missten eis Responsabilitéit als Patron iwwerhuelen, ouni dass doraus géif e Politikum entstoen. Et gëtt schonn an anere Gemenge Beispiller fir esou Instrumenter, un deene mer eis kéinten inspiréieren, fir eisen eegenen transparenten Diddelenger Modell opzestellen. Ausser den Organigramm, deen hätte mer gär, ech mengen do kënne mer eis eens sinn. Mir stelle bewosst haut keng konkreet Fuerderung, well et eis wichteg ass, zesummen ze iwwerleeën, wéi de Gemengerot ka seng Responsabilitéit assuméieren, ouni weider nei Problemer ze schafen. Well am Endeffekt ass et eis jo warscheinlech alleguerte wichteg, dass jiddereen, dee fir d'Gemeng Diddeleng schafft, dat ënner anstännege Konditiounen, mat vill Loscht a Motivatioun an am Respekt vu senge Rechter ka maachen. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Virmools Merci, Madamm Thoma. Et ass, wéi gesot, e Point à l'ordre du jour. Do kënnen och aner Parteien hei am Gemengerot natierlech Stellung dozou oder hir Meenung äusseren, wann se dat wëllen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Genau wéi déi Lénk war effektiv eis Reaktioun och, wéi mer déi verschidden Artikelen aus der Press gelies hunn, fir dëse wichtege Punkt op den Ordre du jour ze setzen. D'Madamm Thoma huet schonn ausgefouert ëm wat et geet. Mir halen awer och fest, dass d'Feelverhale vun de Mataarbechter duerch dat Urteel awer och notéiert ass an attestéiert gouf. A mir kruten divers Infoe bei deene verschiddene Huis clos Sitzunge vum Schäfferot. A laut deenen Infoen, déi de Gemengerot vum Schäfferot kritt huet, waren d'Reprochë ganz grav. D'Beweislaascht wär kloer gewiescht an d'Urteel net approприéiert. An dofir hu mir als CSV och dem Schäfferot gegleeft a sinn och mat op de Wee gaangen, fir e Recours anzeleeën. Mir waren awer zu kengem Moment eis bewosst, dass mer net iwwert déi integral Prozedure vum Audit a vun der Enquête informéiert gi sinn.
Mir als CSV sinn opgewullt, dass de Schäfferot esou vill grav prozedural Feeler sollt gemaach hunn. D'Madamm Thoma ass drop agaang: Violatioun vun den Droits garantis par la Convention européenne des droits de l'homme, eng Violatioun vun de Konditioune vum Code de travail, eng Violatioun vum Droit à l'information vun der Personne concernée, eng Violatioun vun der Obligation d'informer l'organisme de représenter du personnel stinn am Raum. D'Legalitéit vum duebelen Audit ass a Fro gestallt.

Wat eis virun allem beweegt, dat ass: Wéi konnt et zu dëse Feeler kommen? Ech mengen e Bléck op de Site gouvernement.lu, dat weist ganz genau wéi en Deroulement vun enger Prozedur muss sinn. A mir hunn eis gefrot, wéi et méiglech ass als laangjärege Gemengeresponsabel, wéi esou Feeler konnte geschéien, dass

ee sech eeben net un déi virgeschriwwe Prozedure gehalen huet. Zu kengem Moment hätte mir als CSV gemengt, dass de Schäfferot esou vill prozedural grav Feeler konnt wärend enger Enquête maachen, wéi elo hei am Raum stinn. Mir hunn awer och eis gefrot, wéi korrekt de Schäfferot bei aner presuméierte Feelverhale vu Mataarbechter ëmgaangen ass. Dat huet och d'Madamm Thoma och an hirem Exkurs erwäänt. Mir hunn och e Malaise dobäi, well mer awer an der Vergaangenheet och vu Litigen tëscht Mataarbechter a Schäfferot héieren hunn, och emol an engem Huis clos iwwer Enquêten forméiert goufen, awer och just vum Schäfferot informéiert goufen. Ass bei deenen anere Fäll d'Prozedur agehale ginn? Wéi solle mer dem Schäfferot nach vertrauen, dass en als gudde Patron seng Mataarbechter korrekt behandelt?

D'Fro stellt sech elo: Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Mataarbechter, déi an der Gemeng schaffen, wa se sech ongerecht behandelt fillen, sief et vu Mataarbechter, sief et vu Virgesetzen, sief et vum Schäfferot, wou fanne se en neutraalt offent Ouer? D'Madamm Thoma huet och e puer Pisten opgezielt, wéi een dat kéint nach hei am Gemengerot, an der Diddelenger Gemeng vläicht och verbesseren. An dann natierlech: Ass eise Schäfferot sech deene grave Feeler, deen hie wärend der Prozedur gemaach huet, och bewosst? Maacht Dir e Mea Culpa? Wéi erkläert Dir Iech, dass Dir esou grav Feeler konnt maachen, déi Iech virgeworf ginn? Et gouf en Audit gemaach vun enger renomméierter Consultingfirma, hutt do keen Iech op d'Prozeduren higewisen? Oder ass d'Consultingfirma eréischt no deene Virwërf, déi hei erwäänt ginn, eréischt da mat an d'Boot geholl ginn? Iwwert d'Fraise vum Audit huet d'Madamm Thoma och schonn nogehaakt, a mir wollten dat och kucken. Mir hunn am Budget elo näischt Konkreetes fonnt, och wann an der Press geheescht huet, dat stéing ganz kloer an de Budgeten. Mir hunn 2022, 2023 an 2024 duerchgekuckt, awer ganz konkreet hu mer dee Posten awer net fonnt.

D'Fro stellt sech och, mat wéi engen Opträg gouf déi Audit-Firma genau beoptraagt? Wat war de But vum Audit. Als Conclusioun: De Schued ass grouss, d'Vertrauen ass fort, riskéiert de Schäfferot wéinst dëse prozedurale Feeler eng Sanktioun? Den FGFC wënscht sech eng onofhängeg komplett Analys vun de Faiten. Ma mir wënschen eis dat och. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Voilà, et ass eng kokass Situatioun. Ech mengen et ass en Deel Huis clos, wou mer drënner leien an dofir ginn ech och elo einfach vir, ouni op déi Riede virdrun anzegoen, einfach mäi preparéierten Text hei virzedroen. Mir hunn eis am Huis clos un enger Diskussioun bedeelegt an ausgetosch, do kann ee keng Detailer dozou ginn. Et ass engersäits e Huis clos, anerersäits eng lafend Affär, wou et elo gëllt ofzewaarde wat dobäi erauskomm ass. D'Oppositioun huet hei déi confortabel Situatioun, ofzewaarden, wat dobäi erauskënnt an dann, le moment venu, am Wësse vun allem, hirem Rôle als Kontroll vum Schäfferot nozegoen an déi néideg Froen ze stellen. Mir kruten et jo och vun der Majoritéit am Kader vun der Diskussioun ëm de Sommet économique gesot. De Gemengerot ass net de Schäfferot, dont acte an dësem Fall. Bis zum Moment, wou esou en Dossier am Gemengerot lant, huet e Schäfferot jo eng Partie Decisioune getraff, wou mir aussen vor sinn a wou et och elo ofzewaarden an ze kucke bleift, ob a wat do eventuell net gerechtfertegt war an ass. Do hunn ech - mengen ech - all eventuell Formen drabruecht, déi d'Sprooch esou hiergëtt.

An eisen Aen ass et ëmmer ze kucken, wat d'Faktelag ass, am Fall wou Leit op hirer Aarbechtsplaz sech net un dat hale wat se gesot kréien ze maachen, do stinn hei elo d'Reprochen an der Zeitung vu Mobbing, Rassismus an d'Benotze vu Schaffmaterial fir privat Zwecker, fanne mir et wichteg, dass där Saach nogaange gëtt an de Schäfferot kloer kuckt, dass keen Abus gemaach gëtt vun enger Aarbechtsplaz op der Gemeng, déi vun ëffentleche Gelder finanzéiert gëtt. Dat soll an dierf een net vergiessen. D'Aarbechtsgesetz gëllt an eisen Aen op béide Säiten an ass ze respektéieren esouwuel bei de concernéierten Ugestallte wéi och bei der Gemeng als Employeur.

Hei musse mir awer d'Urteel vum Verwaltungsgeriicht ofwaarden éier och mir kënne méi dozou soen. Eis interesséiert virun allem, wéi et elo an dëser Affär nom Urteel virugeet mat de Reprochen, déi am Raum stinn. Wa mir elo Gewëssheet hunn, denke mir, dann emol de Moment ze kucken, wéi eng Léieren an oder Konsequenzen de Schäfferot gedenkt, dorauser ze zéien. Eis ass et wichteg, dass „le moment venu", déi néideg Transparenz och an dës Affär kënnt an dass och en eventuellt Feelverhale bei den Enquêtë kann opgedeckt ginn. Mee bis elo gëllt et zum Urteel nach ëmmer d'Onscholdsvermutung. De Schäfferot huet an eisen Aen op der Pressekonferenz de Méindeg net vill soe konnten, a mir fannen et och gutt, dass hei prinzipiell net virun de Won gespronge gëtt, an dofir wäerte mir dat haut och net maachen.

Mir begréissen awer och, dass déi Lénk et haut op den Ordre du jour gesat hunn, well mir mengen, dass et wichteg ass, dass all Fraktioun heibannen d'Geleeënheet kritt, zu Wuert ze kommen. Also si mir och, an da ginn ech awer e bëssen op dat an, wat d'Madamm Thoma gesot huet, si mir och der Meenung, dass dem allgemengen Aarbechtsklima op der Gemeng misst an Zukunft nogaange ginn, onopgereegt, mee éierlech mat eis selwer heibannen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech wëll mech och nach eng Kéier ganz kuerz dozou äusseren. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, dass mir dat heiten, déi ganz Affär am Huis clos beschwat haten an dass mer decidéiert haten, dass mer an de Recours ginn. D'Affär ass also nach net ganz ofgeschloss an esou gëllt et ofzewaarden, wat dobäi erauskënnt. An ech mengen, et gouf geschwat, dass bei den Ënnersichunge Feeler passéiert sinn, souguer eventuell géint d'Mënscherechter ge-

handelt gouf. Och hei géif ech soen, dass dat muss examinéiert ginn, dass et muss gekuckt ginn, ob deem effektiv esou war. An dann och eréischt duerno ass et dann, fir dat do weider ze beschwätzen. Nichtsdestotrotz sinn ech awer frou, dass d'Theema hei ass. An ech sinn op alle Fall ganz gespaant, wat den Här Buergermeeschter respektiv de Schäfferot elo heizou ze soen huet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer, sinn nach soss Stellungnamen?

MARTINE KOHN (LSAP): Jo, just zwee Sätz vu menger Säit oder vun eiser Säit. Jo, also ech mengen et ass schonns gutt, datt d'Madamm Thoma dat elo hei esou explizéiert huet an dass et och op den Ordre du jour gesat ginn ass. An ech mengen, mir si jo och net esou, datt mir der Meenung sinn, datt mir d'Gesetz net brauchen anzehalen. Ech mengen, hei muss een einfach kucken, wat elo bei där ganzer Prozedur erauskënnt. Nach mengen ech awer, mir haten e ganz oppene, ganz éierlechen, ganz responsabelen Ëmgang mat all deenen Informatiounen am Huis clos d'leschte Kéier. An ech weess, datt dat elo dobausse vläicht sech e bëssen héichschaukelt. Mee nach fannen ech, datt mir elo och weider kéinten am Huis clos deen Dossier hei weider diskutéieren, innerhalb vun de Fraktiounen. Dat heescht, mir kéinten eis do weider ganz oppen austauschen. Ech mengen, do hätt och keen heibannen eppes dergéint. Et ass eng Gratwanderung de Moment.

Den Dossier ass schwiereg. An et ass och net, mengen ech, jo hei a Fro gestallt, datt virdrun eppes, also datt den Ausgangspunkt eng Verfeelung war vu Leit an engem Service. An do si mer emol ausgaang dovun. Datt dat och vläicht kee Service ass wéi en aneren. Dat hu mer och festgehal d'leschte Kéier am Huis clos. Nach muss een elo eebe kucken. An et ass och net elo un engem, fir elo hei beim Mikro, elo mat Detailer ze kommen. Mee ech fannen, wann hei elo, wann et ëm Austausch geet, wann et ëm Detailer geet, wann et ëm Froe geet, och elo un de Schäfferot an esou. D'lescht Kéier hate mir e ganz konstruktiivt Gespréich am Huis clos. An ech fannen, datt mer dat hätte sollen och elo haut do weiderféieren. Dofir fannen ech et elo e bësse schued, datt awer, och wann dat elo gesot gëtt, huet keen elo, ech wëll net hei an ech  wëll net do, dobaussen, ech hu keen Interêt. An hei do, ech menge schonn, datt elo hei vläicht awer deen een oder een aneren Interêt war, fir hei d'Initiativ ze ergräifen a sech ze positionéieren, dobaussen.

Ech mengen, datt an de soziale Medien elo geschwat gëtt a Commentairë gemaach ginn, dat läit an der Natur vun der Saach. Ech nennen se och heiansdo, also et ass net dat beschte Medium, fir komplex Problemer ze léisen, mee nach mengen ech muss een och net op jiddwereen, deen eppes op Facebook schreift, sech elo dreiwe loossen do dovun. Ech mengen, mir sinn hei an enger ganz schwiereger Situatioun. Ech mengen et ass och keen, deen dat elo bestreit. An, also ech perséinlech, ech weess net wéi elo déi aner Membere vu menger Fraktioun elo doriwwer denken, mee ech hätt et besser fonnt, wa mer elo hei déi Diskussioun am Huis clos weidergefouert hätten, dann hätte mer nämlech kéinten e ganz oppene konstruktiven Austausch an eis déi Informatioune weiderginn, déi eis zur Verfügung stinn. Dat ass meng Meenung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, Merci fir Är Appreciatiounen, respektiv, déi Aart a Weis, wéi Dir Iech elo an dësen Dossier abruecht hutt. Merci och der Madamm Thoma, fir de Punkt op den Ordre du jour gesat ze hunn. Bon, dat heiten ass e bëssen eng Gratwanderung, well mer jo hei e bëssen an enger Situatioun sinn, wou mer an engem lafende Verfare sinn, wou mer eng Prozedur entaméiert hunn iwwert de Recours virum Verwaltungsgeriicht. An dee Recours baséiert jo op d'Diskussiounen, déi mer hei am Huis clos haten a wou hei déi 19 Membere vum Gemengerot am Huis clos eng ganz Rei Dokumenter zur Verfügung haten. Et ass net, dass elo hei de Schäfferot jo einfach den Dossier esou virgestallt huet. Dir hat eng Rei offiziell Dokumenter, op déi de Gemengerot sech baséiert huet an där laanger Diskussioun, déi mer hei am Huis clos dann och haten a wou Dir dem Schäfferot den Optrag ginn hutt, e Recours ze exercéieren. Dat heescht, ech mengen, all d'Pièce hat Dir deementspriechend och zur Verfügung. Ech soen, dat ass eng Gratwanderung. An engem lafende Verfare kann een net kommunizéieren, well et geet och net drëm déi verschidde Meenungen, déi am Dossier sinn, och an enger Decisioun vun engem Conseil de discipline, déi féiere mer net, déi verschidde Meenungen hei am Gemengerot oder op der Place publique.

Esou si verschidde Meenungen, déi am Raum sinn, wou mer net, absolut net deelen. An et ass jo och net esou, wéi wa mer elo am loftleeere Raum agéiert hätten. Mir hunn eis jo och als Schäfferot an der ganzer Prozedur vun engem juristesche Bäistand och begleede gelooss. Mir hu jo en Affekot, deen eis och an deem beroden huet, punkto Prozedur, wéi mer och deementspriechend sollte virgoen, wou mer dat och ofgeschwat hunn, esou wéi mer och elo de Rechnung vun de Prozeduren effektiv och ofgeschwat hunn an och dat elo weider wäerte maachen. Ech kann also och elo net, an dat hat ech och an der Pressekonferenz e Méinde gesot, déi mer aberuff hunn, net op d'Detailer agoe vun Elementer, déi Partie intégrante vum Recours vis-à-vis vum Verwaltungsgeriicht sinn. Natierlech, vu dass mer am lafende Verfare sinn, kënne mer net esou kommunizéiere wéi eng Gewerkschaft kommunizéiere kann, déi natierlech verschidden Elementer kann äusseren, wou mir eis net äussere kënnen an deem Ausmooss, well mer an engem lafende Verfare sinn a well vläicht awer och eng Rei Punkten, wéi gesot, do sinn.

An dofir hu mer jo och de Recours gemaach, Dir hutt eis och als Gemengerot de Réck gestäipt, well effektiv verschidde Meenungen um Dësch sinn a mer och verschidde Meenungen net deelen, par rapport zu deene verschidde Faiten, déi geschitt sinn, respektiv och prozedural. Dat heescht, et ass och e bëssen eng aner Situatioun, et ass vun anere Gemenge geschwat ginn, bon, déi sinn net am Kader vun engem Recours administratif, déi sinn an engem ganz aneren Zenario, dofir ass dat e bëssen nach eng aner Situatioun an et

kann een och net eent zu eent dat vergläichen. Wat eis och wichteg ass, wat och nieft der Kommunikatioun déi d'Gewerkschaft gemeet huet, dass mer virdrun och am Dialog ware mat der Gewerkschaft, dass och do verschidde Meenunge waren, dass mer och weider am Dialog mat der Gewerkschaft sinn am Kader vun deem heiten Dossier, dee ganz komplex ass, dee ganz schwiereg ass. Wou mer eis och ganz, ganz vill Gedanke gemaach hunn, och engersäits als Schäfferot, mee mengen ech awer och als Gemengerot, well mer eng laang Diskussioun hei och am Huis clos haten.

Dofir si mer hei an enger Situatioun, wou verschidden Appreciatiounen um Dësch leien an dass, mengen ech, déi Lecture, wou mir maache vun deenen Appreciatiounen, déi um Dësch leien, net déi selwecht sinn. An dofir ass jo och dann dee Recours, wéi gesot, exercéiert ginn. A mir hunn natierlech hei och agéiert, dat hat ech och ulässlech der Pressekonferenz gesot, och, wéi gesot, am Interêt vum Personal, mee awer och, wéi gesot, am Interêt vun der Stad Diddeleng. Dat sinn einfach emol déi generell Considératiounen, déi ech hei ka maachen. Bon, et si Saachen am Raum, bon, e bëssen esou, wann dra steet, et ass e Verhéier gemaach ginn, dat huet ëmmer e bësse méi eng penal Konnotatioun . E Verhéier mécht eng Police, den Untersuchungsriichter, ech mengen dat ass esou e Wording, deen, voilà, et ass kee verhéiert ginn, mir si keng Police, mir si keng Untersuchungsriichter, hei d'Gemeng als administrativ Verwaltung mécht éischter Gespréicher wéi e Verhéier. Mee bon, wéi gesot, dat ass eng Ausleeung, déi een dann huet, mee zu där ee schwéier ka reagéieren, well, wéi gesot, eng Gewerkschaft méi Raum huet fir ze kommunizéieren, wéi mir dat elo hei hunn.

Wat eis jo och déi ganzen Zäit wichteg war, dass mer jo och hei keen ëffentlech un de Pranger och stellen, well mer och an engem lafende Verfaren och sinn. Bon, natierlech, fir dann ze soen, et ass en e generelle Malaise. Bon, ech mengen, mir si bal bei 800 Leit, déi hei op der Gemeng och schaffen. Do bleift et natierlech och net aus, dass et a Servicer bei grad esou vill Leit och mol mënschelt. An dass och tëschent Professioneller mol Situatiounen opkommen, déi net evident sinn, dat effektiv, dat bleift net aus. An do muss ee soen, e generell Malaise. Dofir mengen ech, war awer d'Fro och gutt, dass se opgeworf ginn ass, well een och emol e bësse kuckt. Et ass vläicht en Deel, op deen ee kann agoen, deen elo net Deel ass vun der ganzer Prozedur. Et huet ee vläicht net esou déi Kultur, mengen ech, oder d'Gemengen hunn net déi Kultur an dann och net d'Gemeng Diddeleng, mee och an de private Boîten ze kommunizéieren, wat awer alles intern vun Initiativen awer gemaach gouf, par rapport och zum Aarbechtsklima.

Dir wësst, dass mer eng Kéier eng Bestandsanalys gemaach hunn. Dat war virun der Covidkris. Mir waren 2019 eng vun den éischte Gemengen, wou och eng Aarbechtspsychologin agestallt hunn, eebe well ee mierkt, dass et tëschent Mënschen heiansdo Situatioune ginn, déi net esou evident sinn, wou och Servicer si opsichen. An e bësse méi indépendant eeben och fonctionéiert, well mer wëssen, dass wann e Betrib oder eng Gemeng wiisst, dass een och muss Personal forméieren oder méi spezifesch Formatioune maachen, och fir d'Personal dat eng Fonction dirigeante huet, wou Chef de service sinn. Also et ass eng ganz Rei Parametere, mengen ech, déi mer awer an d'Weeër geleet hunn, beim Personal respektiv bei de Chef-de-servicer, awer och esou Journées sécurité, santé, santé mentale au travail, mat eiser Aarbechtpsychologin, mat eiser Gesondheetsbeoptraagten, mat eisem Gesondheetspersonal. Also, et sinn eng Rei Initiativen, wéi gesot, Plan-de-formationen, a wou mer och de Mataarbechter d'Méiglechkeet ginn hunn, bei deene matzemaachen. Wéi gesot, dass dat Initiative sinn, déi an deene Servicer selwer och kënnen hëllefen, eng Kohäsioun och ze bréngen a wou eng ganz Rei Mataarbechterinnen a Mataarbechter op déi Servicer oder déi Initiativen, déi Aktiounen, déi ugebuede ginn, zeréckgräifen, niewent och enger ganz Rei vu punktuellen Aktiounen a Mesuren, déi geholl ginn, an Diskussioun mat de Servicer, och an Diskussioun mat den Delegatiounen, dofir och esou e Generalverdacht vun engem generelle Malaise, och dat ass ëmmer ganz einfach am Raum. Dat stoung och am Communiqué.

Hei gëtt ganz, ganz vill gemaach. Et gëtt vläicht net vill oder net genuch driwwer kommunizéiert iwwert all d'Initiativen, déi in house och lafen. Mee ech mengen, dass dat schonns an eng ganzer Rei Joren ass, wou mer eis och engagéieren, fir dass och déi Mataarbechterinnen a Mataarbechter och gestäerkt ginn, well mer eebe grad, ech weess net wien et gesot hat, ech mengen et waart Dir, Madamm Thoma, eng staark Fonction publique eeben hei hunn an eeben historesch net op de Wee gaange sinn, fir d'Servicer och auszelageren, mee, wéi gesot, am Bestand hei dat Néidegt ze maachen an och ze ënnerstëtzen, ze wierken do wou et néideg ass. Well och wann eppes un eis erugedroe gëtt, do probéiert een natierlech och léisungsorientéiert ze schaffen. Dat geléngt engem mol sécherlech méi oder manner. An do huet een natierlech och Verschiddener, déi zefridde sinn a Verschiddener, déi net zefridde sinn. Et ass an engem grousse Betrib an och an anere Betriber net aneschters wéi hei.

Mee fir ze soen, generell bei 800 Leit ass insgesamt e Generalverdacht, et ass de grousse Malaise, ech mengen, dat stëmmt net. Et ass tëschemënschlech, mee struktural sécherlech net, mee tëschemënschlech, ech mengen, et muss Situatioune ginn, déi musse méi schwiereg sinn. Jo, ech mengen, an all grousse Betrib ass dat absolut de Fall. An dofir ass Diddeleng, mengen ech, och an deem Sënn keng Insel an och keng Exceptioun. Mee dofir hunn ech probéiert ze soen, wat mer alles vu Mesuren en place gesat hunn, fir dat esou gutt wéi méiglech opzefänken. Dat nach eng Kéier e bëssen awer zu deem doten Deel, par rapport zu - an den Här Steffen ass och nach eng Kéier drop agaangen - par rapport zu anere Saachen, déi am Raum sinn an déi Bestanddeel si vun der Prozedur.

Do kann a wëll ech mech net äusseren, well ech och einfach do aner Decisiounen, déi op anere Plaze geholl ginn, net wëll prejudiciéieren an och net an engem Raum wëll féieren, wou net dee richteg ass. Ech verstinn natierlech hei och d'Ufro, dass déi gemaach gëtt, dass een dat hei diskutéiert. Mee, wéi gesot, de

Raum, an deem ee sech beweegt, ass natierlech limitéiert, well mer an engem lafende Verfare sinn.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Da soen ech all de Fraktiounen, déi sech geäussert hunn, villmools Merci. Ech wollt just nach eng Kéier der Madamm Kohn äntweren. Also ech hunn dat jo och kloer gesot, mir haten e ganz konstruktiven an oppenen Debat am Huis clos, dat muss een effektiv soen. Mir hunn awer, wann awer dann dee Punkt an d'Ëffentlechkeet kënnt, ech mengen da musse mer dat och eng Kéier ëffentlech thematiséieren an eis dozou positionéieren. Ech mengen et gëtt jo keen neie Moment, deen een elo kéint och an engem Huis clos diskutéieren. Ech mengen do si mer nach ëmmer do, wou mer virun zwee Méint waren. An ech mengen et huet jo och elo jiddereen et awer fäerdeg bruecht, ganz konstruktiv eng Kéier sech hei ze positionéieren, esou wäit wéi dat eebe méiglech war. Dowéinst soen ech Iech villmools Merci.

Den Här Buergermeeschter ass och op déi Fro vum generelle Malaise agaangen. Voilà, dat ass okay. Mee wier et awer vläicht méiglech, ech mengen elo, do sinn d'Feierdeeg an et ass e bësse Vakanz a wa mer eis vläicht nach eng Kéier kéinten Ufank d'nächst Joer zesummesetzen an engem, ech weess net, en technesche Gemengerot oder esou, fir eng Kéier ze kucken awéifern mir vläicht als Gemengerot kéinten e bësse méi impliéiert ginn? Also, ech mengen en Organigramm, dat dierft jo effektiv kee gréissere Problem sinn, mee och vläicht zumindest diskutéieren, ob et nach aner Instrumenter ginn, déi mer kënnen en place setzen, fir dass mir eeben och all eis Verantwortung droen, ouni dass mir elo de Rôle vum Schäfferot iwwerhuelen, mee awer dass mir och responsabiliséiert ginn, wat d'Personal ugeet an dass déi och vläicht eng Plaz hunn, wou se sech kënne mellen. Do gëtt et ganz ënnerschiddlech Instrumenter an dowéinst maache mir keng konkreet Propos, mee mir géifen einfach ganz gären eng Kéier zesummen driwwer schwätzen, wat et do fir Méiglechkeete gëtt. Ass dat méiglech? Gëtt et do eng Ouverture?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, am Kader vun eisen Äntwerte par rapport zum Budget war jo d'Fro opkomm, kéint een den Organigramm dem Gemengerot presentéieren. Do hat ech jo gesot, dass mer dat maachen, well mer dat jo plus minus a reegelméissegen Ofstänn maachen, wann een adaptéiert gëtt, dass mer deen an engem informellen oder engem technesche Gemengerot presentéieren. An ech verschléisse mech net enger Diskussioun an deem Kontext, wou een dann eng Ronn zesummen dréit. Ech mengen, dat kann ee ganz gäre maachen. Ech mengen, eng Diskussioun soll een ëmmer kënne vu béide Säite féieren. Absolut, dat ass jo kee Problem. Voilà., gutt, villmools Merci fir déi sachlech Diskussioun. An da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn.



# 12. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER- A GEMENGEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An dat si Froen, déi gestallt goufen un de Schäfferot. Da ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech wéilt am Fong d'Fro, déi un de Schäfferot gestallt ginn ass vun deene Gréngen, déi nach eng Kéier op hir Motioun ze schwätze kommen, iwwert déi mer jo eigentlech schonn eng Decisioun geholl haten, also nach eng Kéier nei froen. Ech wëll awer och do ganz kloer drop agoen. Ech géif Iech awer virliesen:

"Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen, Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froe Stellung ze huelen. De Gemengerot huet a senger Deliberatioun vum 14. Juni 2024 d'Motioun vun "déi Gréng" mam Objet "Schafe vun engem Subside fir de Pass Interrail Jeune fir den 18. Gebuertsdag" an ofgeännerter Form unanime gestëmmt. Bei dësem Konsens kruten d'Jugendkommissioun an d'Kommissioun vun den Actions sociales vum Schäfferot den Optrag d'Modalitéiten an de Montant vun der kommunaler Ënnerstëtzung fir de Pass Interrail Jeunes auszeschaffen an dem Gemengerot ze ënnerbreeden. Den 18. Juni 2024 krut d'Jugendkommissioun an de 25. Juni 2024 d'Kommissioun vun den Actions sociales d'Motioun virgestallt. Am Rapport vun däser Kommissioun vun den Actions sociales gouf festgehalen: "D'Motioun gouf an der Reunioun virgestallt. Déi definitiv Motioun ass de Membere per E-Mail zougeschéckt ginn. D'Memberen sollen des Motioun an hire Gremie bzw. Parteien diskutéieren. Déi nächst Kommissiounssëtzung wäert als „Commission jointe" zesumme mat der Jugend-Kommissioun ofgehale gi fir d'Modalitéiten auszeschaffen."

Weider ass dann am Kontext vun der Fixatioun vun der nächster Reunioun ze liesen: "Well déi nächst Sitzung zesumme mat der Kommissioun vun der Jugend wäert stattfannen, ass dat nach mat der anerer Kommissioun ofzeklären. Den Datum, Auerzäit an d'Plaz ginn da vun der Presidentin decidéiert a vum Sekretär un d'Membere kommunizéiert." De 24. September 2024 war an der Jugendkommissioun e Retour vun de Parteie gefrot. Obschonns d'Majoritéit vun de Memberen e Retour ginn hunn, stelle mir fest, dass d'Opträg a béide Kommissioune variéiert hunn. Eise Vertrieder an

der Kommissioun vun den Actions sociales, de Georges Lemmer, huet dëst bei der Approbatioun vum Rapport de 17. Oktober 2024 mat Bezuch op d'Commission jointe zum Sujet ugemierkt. Am Rapport ze liesen: "Den Här LEMMER huet ugemierkt, dass de Rapport, entspriechend der Diskussioun an der leschter Reunioun vum 25. Juni 2024, als nächst Reunioun eng „Commission jointe" mat der Jugendkommissioun virgesinn huet. D'Presidentin huet erkläert, dass et aus organisatoresche Grënn nach net zu dëser gemeinsamer Sitzung komm ass."Wëssend, dass d'Presidence a béide Kommissiounen tëscht dem 14. Juni an dem 4. Oktober 2024 déi selwecht war, an de Remplacement vun der Presidence an der Jugendkommissioun vun engem aktive Member aus der Kommissioun, och Member vun der LSAP, iwwerholl ginn ass wollte mir wëssen:..." An da ginn ech op déi eenzel Froen an.

*Wéi eng "organisatoresch Grënn" zéien dëse Prozess esou an d'Längt?* Ech wëll dat einfach erklären. Ech mengen dat ass relativ einfach. Dir hutt et selwer schonn an deene Sätz virdru gesot, esou e Changement an enger Presidence ass natierlech ëmmer eppes, wou een da mol sech ofschwätzt an och erëm gesäit. Bon, dann da wëll ech awer soen, Dir hutt dat Enn Juni eraginn, Dir wësst selwer, datt mer virun enger Summervakanz stoungen. A wann net, also ech mierken et jo selwer och als Schäffin, wann ech Iech an der Vakanz géif ruffen, da géift Dir soen: Nee, mir kommen net. Soudatt et am Fong bis no der Summervakanz gedauert huet. An dann ass natierlech, et waren zwou Kommissioune betraff, et war net nëmmen eng Kommissioun betraff. Soudatt dat dann e bësse méi laang dauert.

Da koum d'Fro: *Betruechtend, dass ënnerschiddlech Opträg a béide Kommissiounen un d'Parteie gaange sinn, wéi eng Consignen huet de Schäfferot der Presidence vun de jeeweilege Kommissioune ginn?* Bon, ech mengen d'Consigne vum Schäfferot, déi ass relativ kloer, an déi hu mer och hei zesummen de 14. Juni festgehalen, an ech wëll dat awer eng Kéier virliesen, well mir gi keng aner Consigne eraus wéi dat, wat mer dann hei festhalen. No der Diskussioun am Gemengerot ass gesot ginn: Invitéiert de Schäfferot, d'Jugendkommissioun an d'Commission des Actions Sociales, d'Modalitéiten an de Montant vun der kommunaler finanzieller Ënnerstëtzung auszeschaffen a fir de Pass Interrail, awer och fir aner Mesuren auszeschaffen. Ech mengen do ware mer eis jo eens ginn, mir hunn dat och esou da gestëmmt.

*Wéi eng Delaien huet de Schäfferot béide Kommissioune ginn, fir hirem Optrag vun der Deliberatioun vum 14. Juni Rechnung ze droen a Modalitéits- a Montantsproposen ze erschaffen?* Bon, vläicht dozou e Wuert. Ech mengen, Dir hutt déi Motioun eraginn, mir hunn do Ännerunge gemaach. A wéi ech et scho gesot hunn, mir hunn dat jo och unanime ugeholl. D'Kommissioune maachen am Prinzip hir Aarbecht. A well et zwou Kommissioune waren, hunn déi natierlech och eng gewëssen Zäit gebraucht. Dir wësst et selwer, dass mer den Avis vun där enger Kommissioun, vun de Kommissioune gefrot hunn. An do ass och en Avis erakomm. Mee dat huet natierlech gedauert. Dee leschten ass virun där Woch, also d'lescht Woch erakomm vun den Actions sociales. Ech mengen, Dir hutt dee selwer alleguerte kritt. Duerfir dauert dat natierlech e bësse méi laang. Ech muss awer och soen, dass et net dem Schäfferot seng Aufgab ass, de Kommissiounen - ausser et ass eng Urgence - en Zäitraum virzeginn. Déi brauchen déi Zäit, déi se brauchen. A wa se nach dräimol zesumme kommen, wär et net u mir gewiescht ze soen: „Elo musst Dir Gas ginn". Ech mengen et war eng flott Propos, et war keng Urgence, dofir huet dat dann och e bësse méi laang gedauert.

Dann: De Règlement d'Ordre interne vum Gemengerot vun der Gemeng Diddeleng gesäit beim Kapitel 2, Artikel 26 zu de konsultative Kommissiounen vir, dass de Buergermeeschter conjointe Reuniounen aberuffe kann.

*War de Buergermeeschter agebonnen, dass esou eng Commission jointe sollt stattfannen?* Ech muss ganz éierlech soen, d'Madamm Dimmer huet eng Propos do gemaach, fir esou eng Commission jointe ze maachen. Dat gëtt alt emol gemaach. Mir ass awer scho bewosst, datt mer e Règlement interne hunn an am Artikel 26 - Dir zitéiert dee jo och - do steet awer da ganz kloer dran, datt wann esou eng Commission jointe zesumme soll kommen, dass et de Buergermeeschter ass, deen déi convoquéiert. Also dat hutt Dir jo och selwer da gelies.

Dann: *Wéi gesäit d'Koordinatioun tëscht den eenzele Kommissiounen aus? Wëssend, dass an dësem Beispill méi Schäffen implizéiert sinn.* Also, fir mech ass et emol esou, datt d'Kommissioun jiddwereng hir Aufgab huet. Et gi Kommissiounen, déi zesummeschaffen. Mir haten dat alt schonn, dat war beim Environnement, do hate mer schonn emol Kommissiounen, déi do zesummekomm sinn. Mee am Prinzip huet jo all Kommissioun en Aufgabeberäich a wa se sech soll consultéieren, wéi hei mat der Action sociale, mat deenen, mat der Jugendkommissioun, dann ass dat an der Rei, mee prinzipiell mécht all Kommissioun hir Aufgab.

*A wéi engem Zäitraum gesäit de Schäfferot vir, dass der Deliberatioun vum Gemengerot vum 14.6.2024 Rechnung gedroe gëtt?* An ech hunn et elo grad scho gesot, et ass net un eis, um Schäfferot, hier Drock op eng Kommissioun ze maachen an ze soen, Dir musst dat elo bannent där doten Zäit ausschaffen. Ech mengen, ech hat et gesot, mir waren eis eens. Ech wëll awer, an da sinn ech beim leschten Déngen, wat ech Iech wëll matdeelen. Natierlech wëlle mer dat doten ëmsetzen. Mir hunn dat jo och hei unanime all zesumme festgehalen. Dat bedeit awer, datt mer dat doten elo mol an de Schäfferot huelen an och do eng Kéier eng Ronn diskutéieren. Mir hunn Avise kritt, mir mussen déi kucken, mir mussen déi analyséieren. Do si verschiddener. Ech mengen, Dir hutt d'Avise kritt, Dir wësst wat dra steet. Do ass de Montant, sou wéi Dir e virdrun am Amendement festgehalen hutt, dat steet esou am Avis net dran. Da muss natierlech e Reglement ausgeschafft ginn. Mir kënnen net einfach esou Suen ausbezuelen. Ech mengen, do musse mer och e Reglement maachen. An da musse mer natierlech och e Budget stëmmen. An dofir hat ech am Fong virdru

gesot, Dir kommt einfach a sot, maacht elo 72.000 Euro. Dat ass esou e bëssen, ah, mir soen Iech elo genau wéi et soll lafen. Dofir war ech am Fong éischter der Meenung, kommt, mir maachen déi Aarbecht, mir maachen déi seriö, mir schaffen e Reglement aus. A selbstverständlech, et ass eng flott Iddi, mir wäerten dat ëmsetzen, awer jo, wéi gesot, et huet eeben alles e bësse méi laang gedauert, well hei méi Leit impliziéiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir d'Stellungnam. Dann ass deen nächsten.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech hu mech gefrot gehat, wann deen Avis aus deene jeeweilege Kommissiounen, do hunn ech elo just Rapporte kritt, wou dra steet, déi Partei seet dat, déi Partei seet dat, déi Partei seet dat. Do ass awer keen Avis diskutéiert ginn a kenger vu béide Kommissiounen, wou e Konsens an där jeeweileger Kommissioun da stattfonnt huet. Do stinn einfach d'Parteipositiounen, eng vis-à-vis vun där anerer. Dat ass a menger Liesaart elo net eng Meenung gewiescht, also sou e Konsens gewiescht vun där Kommissioun, deen u sech gefrot war. Mee dat sinn am Fong just déi eenzel Parteipositiounen, déi zum Deel net, wann déi lescht déi lescht Woch erakomm ass, jo nach net ganz kloer war zum Zäitpunkt, wou d'Kommissioun, ech soen elo, hiren Avis deliberéiert huet. Do wier mer eng Fro, ob et deen Avis gëtt, ob mir deen nach kréien oder wéi dat ausgesäit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech géif Iech bieden, wann Dir eng zousätzlech Fro stellt, dass se kuerz ass. Och do am Reglement steet kuerz, dass Dir kuerz preziséiert, wat d'Fro ass.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, also ganz kuerz, deen Avis, ech hunn näischt anescht wéi Dir. Ech mengen, d'Rapporte vun der Kommissioun huet Dir kritt, ganz kloer sollt do nach e schrëftlechen Avis erakomme vun zwou Parteien, deen ass net komm, do waarde mer nach haut drop, an den Avis vun der Actions sociales, deen hutt Dir kritt vum Här Flammang, dat war d'lescht Woch, an do steet ganz kloer den Avis vun der Kommissioun hannen an deem leschte Libelé. Also ech liesen elo eppes, wat Dir net do stoen hutt, mee et steet schonn dran, wat d'Meenung vun der Kommissioun wär. Wann Dir awer nach eng Kéier wëllt doriwwer diskutéieren, muss een dat natierlech mat de Presidenten ofschwätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Affaire à suivre, wat deen dote Volet ugeet. Da komme mer op den nächste Punkt, déi zweet Fro vun der grénger Fraktioun, an do huet d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert,

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, da komme mer op de Buedem, well déi Gréng hu Froen zu de Breete vun den Trottoire gestallt. Si schreiwen, dass op verschiddene Plazen zu Diddeleng Trottoire wéinst ënnerschiddleche Grënn ze schmuel sinn an esou keng sécher Weeféierung ze garantéieren ass. En plus gëtt et deelweis keng grouss Trennung zwëschent Strooss an Trottoir, wat zu geféierleche Situatiounen am Alldag féiere kann, fir eeler Matbierger a Leit mat Kutschen. An dowéinst wëlle se Follgendes wëssen. Ech äntwere direkt hannert all Fro, fir datt näischt duerchernee herno geheit gëtt.

Éischt Fro: *Wéi eng Reglementer sinn a Kraaft betreffend d'Accessibilitéit an déi minimal Breet vun den Trottoire laanscht Gemengen- a Staatsstroossen? Ginn dës Norme respektéiert op deem ganzen Territoire vun der Gemeng?* Also, zu Lëtzebuerg, do ginn et keng richteg Norme betreffend d'Minimalbreet vun den Trottoiren. Hei gëtt sech ëmmer un der däitscher Norm RAST, wat souvill heescht wéi „Richtlinien für die Anlage vun Staatsstrassen", baséiert. An dës Norm, déi schreift eeben eng Mindestbreet vun 1,5 Meter fir den Trottoir vir. Also souwäit elo mol zu deem Reglement, dat et jo fir Lëtzebuerg eigentlech net gëtt, mee un dat däitscht Reglement, wou sech dru gehale gëtt. Elo awer zur Praxis. Ech mengen, Dir wësst et selwer, Diddeleng huet sech an de leschten 100 bis 150 Joer enorm entwéckelt an och verännert a woubäi d'Stroosseninfrastruktur net ëmmer nogezunn huet oder net konnt nozéien.

Ech nennen alt erëm eng Kéier vläicht de Quartier Schmelz oder och Italien, net nëmmen déi natierlech, do ginn et ganz vill där schmuel Trottoiren, well et an där Zäit, wou et do gebaut gouf, och net erfuerderlech war, déi Breeten ze bauen, déi mir haut als néideg oder als sécher empfannen. Et ass och méi dicht gebaut ginn, wéi dat haut de Fall ass. An natierlech, et war vill, vill manner Trafick, wou déi Stroosse gebaut goufen. Dobäi kënnt och, dass déi eng oder aner Strooss da fräschgemaach gouf an den Niveau vun den Entrêten huet, musse geännert ginn, zum Beispill eeben och, datt Trapen op den Trottoir erofgebaut hu misste ginn an dat dann och en Deel vun deem Trottoir ewechgeholl huet, also d'Breet vum Trottoir. A bon, duerch déi bestoend Gabariten hei an Diddeleng, déi Dir dann och kennt, ass et haut onméiglech, och iwwerall déi däitsch Norm dann ëmzesetzen. En plus, falls et machbar wär, wär dat natierlech mat enorme Käschten a virun allem awer och mat engem enormen Opwand verbonnen.

Zweet Fro: *Ass de Schäfferot sech bewosst iwwert d'Existenz vun ze schmuelen oder geféierlechen Trottoiren, déi vu Poussetten oder vu Mënsche mat ageschränkter Mobilitéit genotzt ginn?* Jo, natierlech. Mee wéi ech eeben scho bei der Äntwert op déi éischt Fro gesot hunn, ass villes historesch bedéngt, soudatt verschidden Trottoiren eeben esou schmuel sinn, wéi se haut sinn. Eis läit et natierlech um Häerz, Diddeleng esou foussgängerfrëndlech an och esou PMR-frëndlech a konform ze maache wéi nëmme méiglech.

Déi drëtt Fro war: *Wéi eng Mesurë plangt de Schäfferot ze ënnerhuelen, fir d'Accessibilitéit an d'Sécherheet vun ze schmuelen a geféierlechen Trottoiren ze verbesseren, fir datt ee se eebe mat enger Poussette, engem Rollstull oder vu jidderengem kënne benotzt ginn?* Bon, all Projet, wou eng Strooss ëmgebaut oder neigebaut gëtt, do gëtt versicht, déi däitsch Normen ze respektéieren a Minimum en Trottoir vun 1,5 Meter

ze bauen, respektiv en Trottoire mixte vu Minimum dräi Meter, well ech wëll hei d'Vëlosfuerer net vergiessen, soss kréien ech dat déi nächst Kéier hei ëm d'Ouere geschloen. Jee nodeems natierlech, wat de Gabarit vun där jeeweileger Strooss hier gëtt. Dat ass, wéi gesot, awer net bei all Reamenagement méiglech, soudatt do da gekuckt gëtt, de Status quo, deen et bis dohinner gouf, zeréckzebauen an eeben esou sécher wéi méiglech ze maachen.

Véiert Fro: *Fir de Fall, dass keen Inventaire vun den Trottoire laanscht Gemengen a Staatsstroossen existéiert, ass et net sënnvoll, esou ee systematesche Relevé ze realiséieren, fir d'Hindernisser ze identifizéieren an d'Aktiounen ze prioriséieren an Adaptléisunge fir d'Accèsproblemer ze proposéieren?* Bei eise Servicer ass natierlech bekannt, wou et Enkpäss ginn a se versichen, wéi ech virdru scho sot, d'Situatioun no an no ze verbesseren, wann d'Situatioun et natierlech erlaabt. A wéi gesot ass et eeben net iwwerall méiglech. D'Prioritéit läit natierlech och hei op den Haaptachsen. A well dat Ganzt och natierlech e finanzielle Faktor ass an dacks och nach staatlech Acteuren hei matspillen, kënne verschidde Projeten natierlech och ëmmer an der Zäit sech zéien. Voilà, dat war et vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, dem Claudia Dall'Agnol, och fir déi Äntwerten. A wann do keng Fro méi ass, da komme mer zu der drëtter Fro vun der grénger Fraktioun an do huet de René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Här Buergermeeschter, déi Gréng hunn dann déi follgend Fro gestallt gehat am Kader vum zweete Solar Challenge, dee vun der Klimaagence lancéiert gëtt, fir d'Gemengen an d'Bierger an d'Entreprisen ze encouragéieren, sech mat der Produktioun vun Energie solaire ze beschäftegen. D'Zil dovunner ass ënner anerem fir d'Installatioun vun esou Pannoe méi liicht ze maachen. An an deem Kader ginn et jo véier Kategorien, woubäi fir déi lescht dann och eng Recompense fir d'Gemenge virgesinn ass, wann se esou konkreet Projete realiséieren, respektiv kann och dee Präis nieft enger Gemeng och eng Regioun kréien.

Si stelle follgend Froen:

*Wat fir eng konkreet Aktiounen hunn d'Gemeng envisagéiert, fir ënner anerem och déi lokal Acteuren ze mobiliséieren, fir bei deem Enjeu vun den Énergies solaires matzemaachen?*

*Wat fir ee spezifesche Projet huet d'Gemeng wëlles, an d'Liewen ze ruffen, fir ënner anerem och déi lokal Acteuren ze sensibiliséieren an deem Kader?*

*Firwat ass net ënner anerem och d'Ëmweltkommissioun mat an d'Boot geholl ginn a firwat och net nach d'Bierger?*

Et muss ee wëssen: De Solar Challenge ass eng Aart Concours, dee vun der Klimaagence fir d'Gemengen duerchgefouert gëtt, fir den Ausbau vun de Fotovoltaiksanlagen ze promouvéieren. Et gëtt insgesamt véier Kategorien. Déi éischt ass d'Hausse vun der Unzuel vun de Fotovoltaiksanlage mat enger Leeschtung ënner 30 Kilowatt tëschent dem 1. Dezember 2024 an dem 28. Februar 2026. Déi zweet Kategorie ass d'Dokumentatioun vun der installéierter Leeschtung um Gemengegebitt tëschent dem 1. Dezember 2024 bis den 28. Februar 2026. Déi drëtt Kategorie ass d'Erhéijung vun der installéierter Leeschtung am Verglach zum Potenzial, deen am Kader vum Klimapakt erneiert ginn ass. An déi véiert KAtegorie ass de Projet fir d'Sensibiliséierung vun de lokalen Acteuren zum Theema Solarenergie.

D'Gemeng Diddeleng ass an de Kategorie 1 bis 3 als Gemeng ugemellt. A bei der Kategorie 4 mécht Diddeleng am Kader vum Gemengesyndikat PRO-SUD mat.
D'Stad Diddeleng huet an der Vergaangenheet ëmmer erëm a verschidde Formen an ënnerschiddleche Programmen, zum Beispill beim Klimapakt, bei de Klimapakt Assisen 2022, beim Material vun der Klimaagence an och bei de STEP Aktiounswochen iwwert d'Fotovoltaik kommunizéiert. Am Kader vun der Aktualiséierung vum Subventiounsreglement, dat 2025 virgesinn ass, gëtt ënner anerem och iwwert d'Fotovoltaik sensibiliséiert. An der Aktiounswoch 2025 vum STEP steet Energiespueren a Kombinatioun mat Fotovoltaikanlagen um Programm.

Um Centre sportif René Hartmann, et ass scho gesot ginn haut, ass eng PV-Anlag vun iwwer 600 Kilowatt geplangt. Doriwwer eraus ass op all Neibau vun der Stad Diddeleng eng Anlag virgesinn. Fir d'Bierger sinn zwou Aktiounen am Klimateam ausgeschafft ginn, déi och iwwer Fotovoltaik kommunizéieren, et ass dat éischtens Best Practices, Events a Quartieren, fir d'Leit an der Noperschaft iwwer e gelongene Renovatiounsprojet, respektiv eng nei technesch Installatioun ze informéieren. Hei steet den Austausch tëschent Bauhär, Experten an interesséierte Bierger am Viergrond.

An deen zweete Projet ass kuerz Videoe mat ëmmer erëm deem selwechte Personnage, dee sech Froen zu verschiddenen Theeme stellt an déi och am Video wäerte beäntwert ginn. Och hei steet d'Fotovoltaik op der Lëscht vun den Theemen. Dës zwou Aktioune stinn 2025 um Programm a si gi weider vum Klimateam begleet. De Solar Challenge leeft nach bis Enn Februar 2026. Dowéinst ass et nach ëmmer méiglech, d'Theema Fotovoltaik nach eng Kéier am Klimateam, respektiv an enger nächster Ëmweltkommissioun ze thematiséieren. An och an der PRO-SUD Reunioun vum 25. November ass de Solar Challenge nach eng Kéier thematiséiert ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och dem René Manderscheid fir all déi Prezisioune par rapport zu der Fro, déi Dir gestallt hutt. Domat wiere mer mat der Séance publique fäerdeg an da komme mer an de Huis Clos. •




Co-funded by the European Union
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

BEE SECURE
BEE-SECURE.LU